

Présidence: M. Lucien Weiler, Président  
Mme Colette Flesch, Vice-Président • M. Laurent Mosar, Vice-Président

## Sommaire

1. Dépôt d'une proposition de loi
  - M. Aly Jaerling
2. 5981 - Projet de loi portant approbation de la Convention sur les armes à sous-munitions, ouverte à la signature à Oslo, le 3 décembre 2008
  - Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration: M. Ben Fayot
  - Discussion générale: M. Laurent Mosar, M. Charles Goerens, M. Félix Braz, M. Jacques-Yves Henckes, M. Aly Jaerling
  - M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration
  - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
3. 5273 - Projet de loi ayant pour objet de modifier:
  - 1) la loi modifiée du 31 janvier 1948 relative à la réglementation de la navigation aérienne;
  - 2) la loi modifiée du 19 mai 1999 ayant pour objet a) de réglementer l'accès au marché de l'assistance en escale à l'aéroport de Luxembourg, b) de créer un cadre réglementaire dans le domaine de la sûreté de l'aviation civile, et c) d'instituer une Direction de l'Aviation Civile;
  - 3) la loi du 26 juillet 2002 sur la police et sur l'exploitation de l'aéroport de Luxembourg ainsi que sur la construction d'une nouvelle aérogare (suite)
    - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
4. 5905 - Projet de loi relatif à la qualification initiale et à la formation continue des conducteurs de certains véhicules routiers affectés aux transports de marchandises ou de voyageurs et modifiant la loi modifiée du 27 juillet 1993 ayant pour objet
  1. le développement et la diversification économiques, et
  2. l'amélioration de la structure générale et de l'équilibre régional de l'économie (suite)
    - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
5. 5906 - Projet de loi modifiant
  - la loi modifiée du 14 février 1955 concernant la réglementation de la circulation sur toutes les voies publiques,
  - l'article 179 du Code d'instruction criminelle et
  - l'article 40 de la loi du 22 décembre 2006 promouvant le maintien dans l'emploi et définissant des mesures spéciales en matière de sécurité sociale et de politique de l'environnement (suite)
  - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
6. 5968 - Projet de loi autorisant la reconstruction du passage supérieur situé au point kilométrique 0,858 de la ligne de Luxembourg à Kleinbettingen et amendant la loi modifiée du 10 mai 1995 relative à la gestion de l'infrastructure ferroviaire (suite)
  - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
7. 5934 - Projet de loi portant
  - a) création de l'administration de la Nature et des Forêts
  - b) modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État
  - c) abrogation de la loi modifiée du 4 juillet 1973 portant réorganisation de l'administration des Eaux et Forêts (suite)
    - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
8. 5970 - Projet de loi portant approbation
  - du Traité portant révision du Traité instituant l'Union économique Benelux, signé le 3 février 1958
  - du Protocole relatif aux privilèges et immunités de l'Union Benelux
  - de la Déclaration signés à La Haye, le 17 juin 2008
  - Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration: M. Marc Angel
  - Discussion générale: M. Marcel Oberweis, M. Charles Goerens, M. Ben Fayot, M. Félix Braz
  - M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration
  - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
9. 5830 - Projet de loi organisant l'aide sociale
  - Rapport de la Commission de la Famille, de l'Égalité des chances et de la Jeunesse: Mme Sylvie Andrich-Duval
  - Discussion générale: M. Jean-Paul Schaaf, Mme Colette Flesch, Mme Vera Spautz, Mme Viviane Loschetter, M. Gast Gibéryen, M. Jean-Pierre Klein
  - Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean Asselborn, Vice-Premier Ministre; Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre.

(Début de la séance publique à 8.59 heures)

» M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber iergendwellech Matdeelungen ze maachen?

» M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration.*- Neen, Här President.

» M. le Président.- Da komme mer direkt zu eisem Ordre du jour vun haut de Moien. Fir d'éischt hu mer de Projet de loi 5981 iwwert d'Streebommen. Et sief dorop higewisen, dass laut Artikel 114 vun der Verfassung eng qualifizéiert Majoritéit vun zwee Drëttel vun de Stëmme erfuerdert ass an dass de Vote par procuration net erlaabt ass bei dësem Projet.

D'Wuert huet elo de Rapporteur, den honorabelen Här...

(Interruption)

Oh, pardon, Här Fayot, den Här Jaerling huet d'Wuert nach gefrot fir den Dépôt vun enger Proposition de loi.

### 1. Dépôt d'une proposition de loi

» M. Aly Jaerling (*Indépendant*).- Merci, Här President. Et gëtt vun eise Salariéen ëmmer méi Qualifikatioun verlaangt, ëmmer méi Qualifikatioun fir eng Aarbecht.

» M. le Président.- Entschëllegt, et geet em den Dépôt, net em den Exposé.

(Hilarité)

» M. Aly Jaerling (*Indépendant*).- Ech muss jo awer erklären, em wat et geet.

» M. le Président.- Jo, mä da maacht et kuerz!

» M. Aly Jaerling (*Indépendant*).- Ech wollt et jo kuerz maachen.

» M. le Président.- Jo, mä Dépôt ass Dépôt, an net...

Mä Dir hutt awer d'Recht, fir dat elo ze maachen, mä maacht et, wann ech gelift, kuerz.

» M. Aly Jaerling (*Indépendant*).- Maja, da passt elo emol op, wéi séier dass dat geet.

Här President, ech maachen hei den Dépôt vun enger Proposition de loi, fir e Mindestloun anzeféieren och fir déi qualifizéiert Diplomer, déi iwwert dem Secondaire technique leien. Dat heescht, fir Diplomer vun héijere Studien, wéi zum Beispill Technikum oder Meeschterprüfung an och Unistudien.

Well d'Qualifikatioun hei am Land ëmmer méi gefrot gëtt a well duerch de Loundumping ëmmer méi Qualifikatioun zu manner Loun ugebuede gëtt a mer Loundumping kréien, wëll ech dat verhënnere mat dem Dépôt vun dëser Loi, fir dass gesetzlech Mindestloun agefouert ginn och fir méi héich Diplomer. Voilà.

6041 - Proposition de loi visant à réviser les articles 4. (1) et 4. (2) de la loi du 12 mars 1973 portant réforme du salaire social minimum

» M. le Président.- Merci, Här Jaerling, dat war kuerz a prezis.

» M. Aly Jaerling (*Indépendant*).- Do sidd Der paff, hein!

» M. le Président.- Déi Proposition de loi hei geet an déi legislativ Prozedur.

De Projet de loi iwwert d'Streebommen. Den honorabelen Här Ben Fayot huet d'Wuert als Rapporteur.

(Interruption et brouhaha)

### 2. 5981 - Projet de loi portant approbation de la Convention sur les armes à sous-munitions, ouverte à la signature à Oslo, le 3 décembre 2008

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

» M. Ben Fayot (*LSAP*), *rapporteur.*- Här President, virun e puer Woche war e Mann bei mir um Büro, Apdikter vu Beruff, Familjepapp mat Kanner. Hie war iergendwann am Fréijoer 2008 sonndes mat senger Fra a senger Kanner op e Picknick. D'Kanner hu ronderëm op der Wiss gespillt, wéi op eemol e fierchterleche Knall lassgaangen ass. Ee vun de Bouwe louch do a sengem Blut - dout!

Dat war natierlech net zu Lëtzebuerg, dat war am Libanon. Fir déi libanesesch Familljen ass eng Welt zesummegebrach. Dee Klänge war op eng kleng Bomme getratt, déi dorëmmer louch. Dat heescht, op eng vun deene Streebommen, déi am Krich vun 2007 zwëschen Israel an der Hizbollah aus dem Libanon vun Israel agesat goufen. Mat deene Streebommen hat Israel deemools grouss Streecher vun Südlibanon iwwerdeckt an op Jore geféierlech gemaach, well eng ganz Partie vun Elementer vun deene Bomben net explodéieren, fir Joren dorëmmer leien, an déi

kleng Bomben explodéieren dann, wann een dorop trëppelt.

Dir wësst och, dass vill Lëtzebuerger Démineuren am Kader vun der FINUL och am Libanon tätég waren.

Här President, Streebomme gëtt et säit dem Zweete Weltkrich. Si si säithier perfektionéiert ginn. Et gëtt Milliounen där Waffen uechtert d'ganz Welt. Den éischte Produzent, mä natierlech net deen eenzegen, sinn d'USA. Et gëtt gesot, si hätten zwëschen 700 an 800 Milliounen där Streebommen. Et kënnen der bis zu enger Milliard sinn. An nëmme 0,00004% enthalten e System d'autodestruction. D'USA hunn déi Waffen do massiv agesat 1991 am Irak an och 2003 am Irak, an och op anere Krichsschauplätz, gradesou gutt wéi aner Natiounen.

Ech ginn hei als Rapporteur net elo am Detail op déi sougenannte Qualitéit vun deene Streebommen an. Ech wëll mech an der Haaptsaach op déi humanitär Risqué konzentréieren, déi doranner leien.

De Gebrauch vun deene Waffen enthält e grouse Risqué fir d'Zivilbevölkerung an d'zivil Infrastruktur wéi och ganz einfach d'Bëscher, d'Felder, d'Wisen an alles, wat et an engem Land gëtt, well d'Bomben à sous-munitions, sougenannt Streebommen also, explodéieren, wa se gepucht ginn op haart Ziler, mä net esou oft op méi mëllen, dat heescht op Wisen, op Waasser, op Bëscher. Do kënnen se also leie bleiwen, ouni ze explodéieren, ausser, wa just een dorop trëppelt oder wann eppes Haardes dogéint kënnt, wéi ech scho gesot hunn. Déi

Streebomme kënnen och net désamorciéiert ginn, dat heescht, den Zünder kann net erausgeholl ginn. Si mussen also zur Explosioun bruecht ginn.

Et gëtt also Länner, wou déi agesat ginn, an déi Länner leide laang ënnert deene Folgen. Et ass ganz schwéier, ze soen, wéi vill Victimé bis elo vun deene Streebomme concernéiert waren. Handicap International, eng ONG, déi sech ganz intensiv mat deene Streebommen ofginn huet, seet, dass déi Streebommen do Regione polluere mat ongeféier 400 Milliounen Awunner. Sait 1973 goufen em 14.000 Affer gezielt. D'Donkelziffer ass héchstwahrscheinlech vill méi héich. Et gëtt geschätzt em 56.000. 98% vun den Affer dobäi sinn Zivilpersounen, a 40% dovunner si Jugendliche, dat heescht Kanner. Dat sinn also Kanner, déi iergendwou anzwousch spillen an dann ënnert deene Streebomme stierwen oder staark mutiléiert ginn.

Et gëtt sécher, Här President, vill gefeierlech Iwwerreschter aus Kricher, mä d'Streebommen hunn e ganz héijen humanitäre Risque. Si sinn och en plus onprezis, hunn eng geréng Fiabilitéit. Besonnesch, wa se laang stockéiert sinn, verléiere se un Explosionskraaft, bleiwen awer trotzdem ëmmer gefeierlech. D'Aktioun vun den ONGe war also nëmme berechteeft.

Ech wollt dorun erënneren, dass mer och hei an der Chamber eng parlamentaresch Vergaangenheet op deem Punkt hunn. D'Belsch war dat éischt Land, wat e Gesetz gemaach huet, fir déi Streebommen ze verbidden - bei sech natierlech. Et ass e Gesetz, wat nom belsche Sénateur Philippe Mahoux benannt gëtt, vum 18. Mee 2006. A Frankräich ass am Joer 2008, de 24. Mee 2008, deklaréiert ginn, dass se géifen d'Roquettes M-26 zrëckzéien, déi mat esou Streebommemunitioun fonctionnéiert hunn.

Hei zu Lëtzebuerg hat ech am August 2006 eng Question parlementaire un d'Regierung iwwert déi Fro gestallt. Den 12. Oktober 2006 huet de Charles Goerens eng Motioun déposéiert, déi och à l'unanimité vun der Chamber ugeholl ginn ass. De 13. Dezember 2007 huet d'Regierung e Projet de loi 5821 déposéiert, fir alles, wat mat Streebommen, all Aktivitéiten, déi mat Streebommen ze dinn hunn, zu Lëtzebuerg ze verbidden.

Ech wëll soen, dass et selbstverständlech zu Lëtzebuerg keng Stocke vu Streebomme gëtt. Et gëtt allerdéngs e puer Exemplären, déi kënnst Der zu Dikrech an de Kasäre kucken. Déi gi gebraucht, fir d'Démoneuren ze forméieren. Dat si verschidden Zorten Exemplären, déi also zu reng friddlechen Zwecker gebraucht ginn.

An der Zwëschenzäit sinn awer, also 2007, 2008, Aarbechten am Kader vum Oslo-Prozess ugaangen. Et muss ee soen, dass de Problem vun de Streebommen och am Kader vum Protokoll 5, dee mat de Reschter vu Krichsexplosionen ze dinn huet, traitéiert ginn ass. Et huet sech awer erweisen, dass dee Protokoll 5 net elo duergaangen ass, fir sech mat de Streebommen ofzeginn.

Duerfir hunn dann am Februar 2007 40 Länner, ënnert deenen och Lëtzebuerg, sech zesummegeesat, fir 2008 en Traité auszeschaffen, deen d'Streebomme géif ënnersoen. Den 29. Mee 2008 hunn 111 Länner zu Dublin en Text ugeholl, fir d'Streebommen ze verbidden. Ënnert deene Länner waren allerdéngs weder d'Veereenegt Staaten nach Russland nach China nach Indien, Israel, Pakistan, Nordkorea an den Iran. Dir gesitt do eng schéi Brochette vun interessante Länner. Den Traité oder déi Konventioun ass den 3. Dezember 2008 zu Oslo ënnerschriwwen gi vun 106 Länner, dovunner och Lëtzebuerg.

Ech wëll och soen, dass d'Konventioun u sech an onsem Projet de loi, dee mer de Moie fir d'Ratifikatioun virleien hunn, natierlech enthalen ass. An d'Regierung huet nach dräi Artikelen derbäigefügt, déi méi spezifesch och fir Lëtzebuerg interessant sinn, insbesondere d'Fro vum Finanzement, déi och schon am Projet de loi vun der Regierung selwer dra war, dass also och zu Lëtzebuerg als Finanzplaz keng Streebomme solle finanziéiert ginn, besonnesch och net Elementer, déi zu der Fabrikatioun vu Streebomme kënnen féieren.

Selbstverständlech soll dat Verbuert - an dat gëtt express am Gesetz ënnerstrach - och

Stécker concernéieren, déi fir Streebomme kënnen gebraucht ginn. Also alles, wat Elementer, Piëcen, Transformatiounen an esou weider ugeet, déi an déi Streebommen eraginn, sinn natierlech och verbueden. Et gëtt och Sanktiounen dergéint.

Här President, mir sinn dat siwent Land, wat dës Konventioun ratifizéiert, no Eisträich, dem Vatikan, Irland, Laos, Norwegen a Sierra Leone. Ons Ambitioun war - dat hat den Här Ausseminister gesot -, eent vun den éischte Länner ze sinn, déi déi Konventioun do géife ratifizéieren. Dat Zil hu mer, mengen ech, erreecht. Dat siwent vun 106 ass kee schlechte Score. Et wär besser gewiescht, wa mer dat éischt gewiescht wären. Dat war awer net dran.

Vläicht nach ee Problem, deen ech wollt hei ënnersträchen, deen och vill diskutéiert ginn ass: Et ass kloer, dass mer hei an dëser Konventioun vill Länner hunn, mä awer eng Partie Länner net dra sinn, mat deene mer Bündnisser hunn. Et sinn eng Partie Länner, déi zum Beispill an der NATO sinn, déi dës Konventioun net bis elo ënnerschriwwen hunn. Do stelle sech natierlech eng Partie Froen iwwert d'Relatiounen zwëschen deene Länner, déi dee Vertrag hei ënnerschreien, an deene Länner, déi en net ënnerschriwwen hunn, wat de Gebrauch vun de Streebommen ugeet.

Et gëtt ganz besonnesch den Artikel 21 ervirziewen, an deem ganz kloer gesot gëtt, dass dat Verbuert, wat am Artikel 1 vun der Konventioun niddergeschriwwen ass, universal ass. Mä den Artikel 21-3 erlaabt awer eng militäresch Zesummenaarbecht vu Vertragsstate mat Netvertragsstates, zum Beispill fir ons, déi jo an der NATO sinn.

Den Artikel 21-4 seet, wat verbuede Verhaltensweisen nom Vertrag sinn, et gëtt eng Partie vun deene verbuedeene Verhaltensweisen un. D'Interpretatioun vun deem Artikel 21-4 kann een dohinner maachen, dass ee seet: Dee Katalog do ass keen definitive Katalog.

Dat heescht, Tätigkeiten, déi net ausdrécklech erwähnt sinn an der Konventioun an domat also net explizit verbuede sinn; si se erlaabt oder net? D'Interpretatioun, fir ze soen, dass dee Katalog do keen ofschléissende Katalog ass, mä nëmmen e beispillhafte Katalog, léisst also och Spillraum op, fir weider Verbueder ze gesinn.

Ech wëll och dobäi soen, dass Island bei der Ratifizéierung eng Erklärung ofginn huet, fir ze soen, dass déi Opzielung vun den Interdictiounen, déi am Artikel 21-4 vun der Konventioun dra sinn, beispillhaft ass an net ofschléissend. Dat heescht, dass dee Katalog jee no der Natur vun den Aktivitéiten kann ausgedehnt ginn.

Dann, ofschléissend, Här President, huet de Conseil d'État festgehalen, dass an der Konventioun gesot gëtt, dass Amendementen zu där Konventioun kënnen mat enger Majoritéit vun zwee Drëttel vun de Staaten, déi déi Konventioun ënnerschriwwen hunn, elo ugeholl ginn, a well dat also eng Dévolution de pouvoirs souverains ass, huet de Statsrot festgehalen, dass dës Konventioun misst mat enger konstitutioneller Majoritéit ugeholl ginn.

Dat waren, Här President, déi puer Remarques, déi ech zu dësem wichtige Projet wëll maachen. Et ass eng wichteg international Konventioun, wou Lëtzebuerg jo och mat deelgeholl huet un där Prise de conscience. Ech erënneren dorun, dass all Joer och Handicap International op der Place d'Armes eng grouss Aktioun start, fir d'Leit dobaussen ze sensibiliséieren fir déi Problemer, déi eben déi Waffen do enthalen.

Ech fannen et also encourageant, dass d'international Communautéit esou eng Konventioun fäerdeg bruecht huet, mat där enger oder anerer Imperfectioun selbstverständlech nach. Mä et ass trotzdem awer nach e grouse Schrëtt weider am Verbuert vun de Streebommen.

Et ass ze hoffen, dass zum Beispill e Land wéi d'USA, wat jo elo en neie Kurs féiert an der internationaler Politik, enges Daags och déi Konventioun akzeptéiert an akzeptéiert, fir sech vun deem risege Stock vun déidleche Waffen do ze trennen, déi wéi gesot an der Haaptsaach d'Zivilbevölkerung elo touchéieren.

Dat gesot, Här President, wollt ech selbstverständlech och den Accord vun der LSAP-Fraktioun ginn.

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeit.

**►►► Plusieurs voix.** - Très bien!

**►►► M. le Président.** - Merci, Här Fayot. Den honorabelen Här Mosar huet elo d'Wuert.

### Discussion générale

**►►► M. Laurent Mosar (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dee Gesetzesprojekt iwwert d'Approbatoungen vun der Konventioun vun Oslo zum Verbuert vu Streebommen ass ee vun deene Projeten, déi mir och perséinlech noginn an deenen ech eng ganz besonnesch Bedeitong zoumoossen.

Well ech mech an de leschte Joren e bësselche méi intensiv mat der Problematik vu Streebommen an ähnleche Waffesystemer befaasst hunn, weess ech, wat fir e Leed ganz besonnesch fir d'Zivilbevölkerung vun dëser Zort vu Waffen ausgeet.

Ufänke wëll ech awer meng Interventioun, andeem ech fir d'Alleréischts dem Rapporteur Ben Fayot fir seng exzellente schreftlech a mündlech Rapporten Merci soen, deem seng perséinlech Sensibilitéit fir dës Problematik ech och an deene leschte Jore kennen a schätze geléiert hunn.

Ech sinn dann och zesumme mam Rapporteur frou, dass mer dësse Projet, dee sécherlech an den heitegen Zäiten net wäert eng absolut Prioritéit an de Medien hunn, awer nach vum Enn vun der Legislaturperiod kënnen unhuelen an domadder bäidroen, fir vläicht an Zukunft manner Leed duerch dës Zort vu Waffen op d'Zivilbevölkerungen ze bréngen.

De Rapporteur huet et schon ënnerstrach: Et geet hei em eng Zort vu Waffen, deenen hir Particularitéit dora besteet, dass se net nëmme besonnesch gefeierlech sinn, mä och net einfach ze neutraliséieren sinn, well déi eenzeg Manéier, fir se ze entsuergen, ass iwwer eng Explosioun, déi da provoziert gëtt. A well d'est eng ganz gefeierlech Aart a Weis ass, fir se entsuergen, hunn dann och an der Vergaangenheet schon eng Rei vun Démineuren vun de Vereenegten Natiounen hiert d'Liewen dobäi gelooss.

Wat den Impakt vun den Accidenter, déi duerch dës Zort vu Waffe provoziert ginn, ugeet, hunn ech scho virun ënnerstrach, dass dës haaptsächlech d'Zivilbevölkerungen touchéieren. Dat esou Accidenter eng ganz Rei vun tragesche Konsequenzen hunn, läit op der Hand. Dës gi vum soziale Käschtepunkt vun der Prise en charge vun den Affer iwwert d'Onméiglechkeet vun deene concernéierte Bevëlkerungen, erëm an hir Regione zrëckzéieren, a schlussendlech si se och eng Brems fir den Erëmopbau vun den Infrastrukturen an iwwerhaapt de wirtschaftleche Wuesstum an deene betrouffene Regione.

D'Diskussioun iwwert dës Streebommen ass dann och während laanger Zäit e kontroversel Thema gewiescht op der internationaler Zee, well eng ganz Rei vu Länner net bereet waren - an iwwregens och nach net bereet -, e Schrëtt a Richtung vun engem komplette Verbuert vun där Zort vu Waffen ze goen.

Och haut ass et esou, dass dës Konventioun vun Oslo, déi mer duerch dësse Gesetzesprojekt sollen approvieren, nach ëmmer vun enger Rei vu Länner net ënnerschriwwen ginn ass. Et pas des moindres, wann ech kucken, dass déi gréisste Länner vun der Welt - d'Veereenegt Staaten, Russland, China, Indien, Iran, Israel a Pakistan, fir nëmmen déi ze nennen - bis elo nach ëmmer leider Gottes net bereet waren, hir Ënnerschrëft ënnert dës Konventioun ze setzen.

Ech setzen allerdéngs eng grouse Hoffnung an d'Obama-Administratioun, dass, wéi an enger Rei vun anere kriddelechen Dossieren, och hei wäert an Zukunft eng Bereitschaft bestoen, a Richtung vun engem Verbuert vun esou Waffen ze goen, well soulaang déi gréisste Länner vun eisem Planéit net mat ënnerschreien, ass dach déi praktesch Wierkung vun esou enger Konventioun relativ begrenzt.

Här President, ech wëll hei net op den Historique vun dësem Projet respektiv vun der Konventioun vun Oslo agoen. De Rapporteur huet dat op eng ganz detailléiert an akribesch Manéier gemaach.

Ech wëll just nach eng Kéier ënnersträchen, dass d'Lëtzebuergesch Regierung eigentlech net dorop gewaart huet, bis et zur Ënnerschrëft vun der Osloer Konventioun komm ass, mä scho virun e Gesetzesprojekt deponéiert huet an eigentlech eréischts duerno decidéiert huet, dës eréischts ofstëmmen ze loossen, nodeem d'Konventioun ënnerschriwwen wier. D'est beweist dann och d'Sensibilitéit, déi d'Regierung dësem Dossier iwwer Joren accordéiert huet, an ech géif och duerfir am Numm vu menger Fraktioun hir eis Unerkennung dofir soen.

Här President, erlaabt mer awer, zu dëser gesamter Problematik nach zwou Bemierkungen ze maachen: Éischtens, fir ganz besonnesch deenen Associatiounen, déi sech säit Jore fir de Verbuert vun esou Streebommen asetzen, vun dëser Plaz aus e

grouse Merci auszedrécken. Do denken ech natierlech haaptsächlech an éischter Linn un Handicap International, déi eng formidabel Lobbyarbeit am Interesse vun der Saach mécht, och ganz besonnesch hei zu Lëtzebuerg, an déi sécherlech e grouse Mérite um Zustandekommen vun der Konventioun vun Oslo huet.

Eng zweet Bemierkung géllt dem Verbuert vun der Finanzéierung vun esou Streebommen, dat formell an d'Gesetz ageschriwwen ginn ass. Ech sinn dann och ganz besonnesch frou, dass hei de Statsrot dës Dispositioun positiv aviséiert huet, well ech ka mech nach dorun erënneren, dass virun nach net esou laanger Zäit am Kontext vun der Reform vum Waffegesetz den deemolege Statsrot sech a sengem Avis kategoresch géint all Verbuert vun Finanzement vum Waffenhandel ausgeschwat huet.

Ech géif och hei de Wonsch widerhuelen, fir dass déi nächst Regierung an déi nächst Chamber am Kontext vun der Iwwerschaffung vum Waffegesetz a Richtung vun engem méi generaliséierte Verbuert vun Finanzement vum Handel vun enger Rei vu ganz besonnesch eeklege Waffe géif goen.

Ech sinn nämlech iwwerzeegt, Här President, dass et eiser Finanz- a Bankeplatz gutt géif zu Gesiicht stoen, ganz besonnesch an deenen turbulenten Zäiten, an deene mer liewen, wa mer eng Gesetzgebung hätten, déi kloer géif soen, dass de Finanzement vu verschiddene Waffen oder Waffesystemer net kéint iwwer lëtzebuergesch Finanzinstituter finanziéiert ginn.

Ech sinn iwwerzeegt, dass de Gros d'ailleurs vun dësen Transaktiounen iwwert déi Bankeplazen ofgewéckelt gëtt, deenen hir Regierunge Lëtzebuerg an aner Länner op eng gro Lëscht gesat hunn.

Et wär emol interessant, Dir Dammen an Dir Hären, wa vläicht d'OCDE géif eng gro Lëscht vun deene Länner maachen, deenen hir Bankeplazen hiert Geld haaptsächlech mat Waffentransaktiounen géife verdéngen. Do géif sécherlech en aner Resultat erauskommen wéi bei där groer Lëscht, déi elo iwwert d'Paradis fiscaux opgestallt ginn ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zum Ofschloss wëll ech am Numm vu menger Fraktioun dann nach eng Kéier ënnersträchen, dass d'Approbatoungen vun der Konventioun vun Oslo en éischten, awer eminent wichtige Schrëtt a Richtung Verbuert vu Streebommen ass.

Allerdéngs, an ech hunn et virun schon ënnerstrach, geet et mat dësem Schrëtt net duer. Mä mir mussen alles ënnerhuelen, fir dass mer op déi Konventioun och nach d'Ënnerschrëft vun deene ganz grouse Länner wéi de Vereenegte Staaten, Russland a China kriegen. Well nëmmen da wäert mer eis definitiv a Richtung vun enger Welt bewegen, wou et keng esou Waffesystemer wéi Streebomme méi wäert ginn.

Ech géif schléisse mat engem Zitat vum Plutarch, dee gesot huet: «Le temps des armes n'est pas celui des lois.» Mat deem Gesetz, wat mer haut stëmmen, drécken ech d'Hoffnung aus, dass mer e bësse manner Waffen an domat e bësse méi Friden an eis Welt kriegen.

An deem Sënn géif ech dann elo d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun zu dësem Projet bréngen.

Merci.

**►►► Une voix.** - Très bien!

**►►► M. le Président.** - Merci, Här Mosar. Den honorabelen Här Goerens huet d'Wuert.

**►►► M. Charles Goerens (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wäert tentéiert, fir unzefänke mam Saz: „Was lange währt, wird endlich gut.“ Dee Saz wier awer e bëssen ongerecht, well et ass méi séier gaangen, wéi mer gemengt haten. Et ass méi séier gaangen, wéi mer gemengt haten, wéi mer déi Motioun hei an der Chamber gestëmmt hu virun e puer Joer, well an der Zwëschenzäit den Oslo-Prozess komm ass.

Ech froe mech, ob mer haut awer esou wäit wieren, wéi mer sinn, wann deen Oslo-Prozess net komm wier. Duerfir wollt ech a mengen éischte Bemierkungen deene Merci soen, déi Pionéierarbeit an dësem Domän gemaach hunn. Dat ass ouni Zweifel d'Société civile, an un der Spëtzt Handicap International.

Zweetens, mengen ech, muss een awer och déi Pionéierroll vum belsche Stat ervirsträchen. Et sinn nämlech d'Belsch, déi à l'origine si vun deem ganze Prozess vum Verbuert vun de Streebommen, well d'Belsch et fäerdeg bruecht hunn, op enger Toile de fond, déi awer wierkelech méi schwierig ass wéi eis, e Gesetz ze stëmmen, wat

Jeudi,  
7 mai 2009

d'Produktioun an de Verkat vu Streebomme verbitt. Ech soen, et ass schwieereg gewiescht bei hinnen, well si selwer Produktionsanlagen hunn, fir esou Waffenen ze maachen. Doduerch hu se dann och e Kräiz gemaach iwwert deen doten Deel vun hirer Industrie, an dat ass natierlech deem Land ganz héich unzerechnen.

Mir stënnen deem selbstverständlech zou, well mer jo och mat à l'origine si vun deem ganze Prozess hei am Land. Ech mengen, datt dee Geste, dee mer deemoools gemaach hunn, andeems mer d'Regierung opgefuerdert hunn, fir op de Wee ze goe vum Verbuert vun de Streebommen hei am Land, an der deemoleger Intentioun dee war, fir d'Belsch net eleng dostooren ze loossen a fir progressiv nei Alliéierter ze fannen an deem dote Prozess.

Den Osloer Prozess huet natierlech elo en Advantage, datt mer zu méi sinn, fir et ze maachen, mä et bleift awer nach enorm vill ze maachen. Et ass enorm vill ze maachen, well d'Veereenegt Staten, China a Russland an och nach anerer net bereet sinn, fir mat op dee Wee ze goen. Dat ass net gutt. D'Loft muss méi dénn gemaach gi ronderëm déi, natierlech duerch politesch Iwwerzeugungsarbecht, awer och duerch Drock, dee vun enne kënnt. Ech mengen, do solle mer och deenen, déi Drock vun enne maachen, all Ennerstëtzung ginn, fir esou wäit ze kommen.

Dat, wat een natierlech stéiert, sinn déi Klauselen, déi mer hu misse mat an d'Gesetz ophuelen, fir iwwerhaapt kënne der Lëtzeburger Regierung ze erlaben, op dee Wee ze goen. Mir wëssen, datt mer an deene militäreschen Aufgaben, déi mer gemeinsam maache mat deenen aneren Alliéierten, Partenären hunn, déi dat net esou gesi wéi mir. Enner anerem d'Amerikaner. An Afghanistan si Streebommen agesat ginn. Mir si mat den Amerikaner zesummen do.

Nodeem d'ISAF an déi militäresch Aktioun vun den Amerikaner matenee verschmolt gi sinn, si mer nach méi no mat hinnen do militäresch op engem Niveau erëmzefannen. Sou datt awer nach esou e Brin d'ambivalence an deem ganze Gebare vu Lëtzebuerg drableift, a vun deenen, déi am Oslo-Prozess matmaachen.

Déi Ambivalenz besteet doranner, datt een engersäits sech eng Veste blanche certifiere léisst duerch d'est Gesetz, an op där anerer Säit, datt een awer Alliéierter toleréiert a gemeinsame militäreschen Aktiounen, déi nach ëmmer sech dem Prinzip vum Verbuert vun der Produktioun an dem Asaz vu Streebewaffen net verschriwwen hunn. Dat ass a bleibt soulaang gënant, bis et eriwuer ass domadder. Mir hoffen, datt ënnert dem Impuls vun nei gewielte President an de Vereenegte Staten dat do definitiv der Vergaangenheet wäert ugehieren an nächster Zukunft.

Ech wollt natierlech dem Rapporteur Merci soen, dee fidèlement erëmbruecht huet, wat mer an der Kommissioun gemaach hunn, an och fir säin Asaz an deem doten Domän.

Ech wollt ofschléissend eng Remarque maachen iwwert déi allgemeng Situatioun, déi jo bekanntlech eis all Dag erëm léiert op en Neits, datt déi meescht Konflikt net mat militäresche Mëttelen ze léise sinn. Woubäi mer och net sollen esou blauäugeg sinn a mengen, mir kéinten ouni militäreschen Asaz auskommen.

An do wollt ech och de Realitéssënn an de Pragmatismus vun de Leit vun Handicap International ervirsträichen, mat deene mer doriwwer geschwat hunn, déi sech och bewusst sinn, datt et leider Situatiounen gëtt an der Welt, wou een net ouni militäresch Asätz auskënnt. Ech denken, do, wou Génociden amgaange sinn, do, wou intern Konflikt esou staark sinn, wou eventuell aner Arméien zur Hëllef geruff gi mam Accord vun de Regierungen op der Plaz. Dat si scho penibel genuch Geschichten. A besonnesch schlëmm ass et do, wou

Génociden oder gréisser Mënscherechtsverletzunge passéieren an engem Land mat der Complicitéit vun der Regierung.

Do hu mer de Choix tëschent dem Droit an der Compassion. Wann et nëmme d'Compassion ass, dann hu mer deenen net vill ze bidden. Dat geet net duer do, wann ee mat enger Schubkar a mat enger Schëpp an esou e Land fiert. Do muss een och... Et deet mer leed, do muss een och nach d'Waffensystemer kënnen asetzen. Dat muss net dat sinn, wat mer haut verbidden, mä do gëtt et eng ganz Panoplie vu Méiglechkeeten, fir ze intervenéieren.

Duerfir, ech fannen, et kënnt een am wäitsten, wann ee pragmatesch a realistesch un d'Saachen erugeet. Ech war wierklech marquéeiert vun deene Gespréicher, déi ech och am Virfeld mat de Responsabelen vun Handicap International an där Hisiicht hat.

Déi lescht Remarque, déi ech wollt maachen, wëssend, datt mer déi meescht Konflikt net mat militäresche Mëttelen kënnen léisen an datt se héchstens de leschte Recours sinn, nodeem alleguer déi aner virdu probéiert goufen an net duergaange sinn, fir engem Konflikt en Enn ze setzen, datt ass, datt mer virun enger Partie Échéance stinn, wou een nach net vill mierkt kommen.

Ech denken zum Beispill un d'Verlängerung an un d'Revisioun vum Traité de non-prolifération nucléaire, wou och vläicht d'Europäesch Unioin méi eng aktiv Roll hätt kënnen spillen, fir dee Prozess weiderzékriegen. Déi Échéance ass 2010. Do steet viles um Spill. Wann déi grouss Länner, déi och hei net bereet sinn, elo schonn dem Oslo-Prozess bäizetrieden, net à même sinn, hir Arsenaler ze reduzéieren, dann ass d'Chance relativ kleng, datt d'Mëttelpuissancen datselwecht maachen. An da besteet leider och nach ëmmer d'Aussicht, datt Klenger sech wëllen d'Atombommen uneegn.

Dat wär net gutt. Duerfir ass dës Debatt och vläicht gutt gewiescht, fir déi écrasant Responsabilitéit erëm Kéier ervirzeesträichen vun deene grouse Puissancen. Dat nëmme just niewebäi bemierkt. Op där Toile de fond de misère économique, déi elo alleguer eis Ekonomien heimsichen, wär et vläicht eng Reflexioun wäert, fir an dee Sënn ze goen, wéi en elo grad skizzéiert gouf; a wär et nëmme, fir d'Suen op där Plaz anzusetzen, wou se méi sennvoll kënnen zur Konfliktbewältegung bäidroen an zur Preventioun vun neie Konflikter.

Dat gesot, wollt ech och ennersträichen, datt meng Partei selbstverständlech eestëmmeg deen heite Gesetzesprojet matdréit.

**))) Une voix.** - Très bien!

**))) M. le Président.** - Merci, Här Goerens. Den honorablen Här Braz huet elo d'Wuert.

**))) M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).** - Merci, Här President. Ech wëll am Numm vun der grénger Fraktioun als Alleréischter der Regierung Merci soen, déi Hiert derzou bäigedroen huet, dass mer dee Projet ganz séier nach an och um Enn vun dëser Legislaturperiode konnten an d'Chamber bréngen. Dat war en allgemenge Wunsch, dass mer dat géifen hikriegen. De Projet war beim Dépôt eng Kéier kuerz verschwonn, well keen esou richtig wousst, wou en an de Mäandere vun der Verwaltung stieche bliwwe war, mä dat huet um Resultat näischt geännert. Mir kriegen dat awer haut mam Vote hin.

Et ass eng gutt Saach, well ech mengen, dass et wichteg ass, och fir d'Regierung, mä och fir Lëtzebuerg, dass mer zu deene Länner gehieren, déi grad an dëser Matière erëm eng Kéier musse mathëlfen de Wee ze weisen. Mir sinn net déi, déi Waffe produzéieren, mir sinn net déi, déi Waffenen asetzen, mir sinn och net déi, déi

derfir plädéieren, datt se agesat ginn, mä mir müssen also déi sinn, déi de Contraire maachen a probéieren mam Beispill virzegoen; a wat éischer, wat besser. Dat maache mer haut mam Vote.

Wéi all Waffe sti se stellvertriedend fir ganz vill Misär, egal wou an der Welt, wou se agesat ginn. An dat hei sinn net déi eenzeg Waffenen, déi gruuelech sinn. Dat hei sinn net déi eenzeg Waffenen, déi onendlech Leed an onendleche Misär verbreedeen a verbreedeen hëllefen. Mä déi heiten hunn nach eppes méi wéi déi aner. Dat sinn déi Waffenen, déi de Krich nach weiderféieren, wann de Krich am Fong eriwuer soll sinn.

Wann ee mengt, dass ee Fridden huet, an et leien nach ëmmer Stréibommen, da weess een, dass de Krich nach laang Nowierkungen huet, wat e souwisou huet op anere Pläng, mä hei och nach um Plang vun de Waffenen. A verschäerft kënnt nach derbäi, dass een déi heite Waffenen net kann entschäerfen, mä dass ee se muss, fir se inoffensiv ze maachen, explodéieren loossen.

Info Handicap, déi ganz vill Mériten dorunner hunn, wann et déi Konventioun haut gëtt, schwätze vu ronn 400 Millioune Leit, déi weltwäit betraff sinn dovun, déi an enger Region liewen, wou se op Schratt an Tratt, am dueble Sënn vum Wuert, mussen domadder rechnen, datt se kënnen op eng Stréibomm trëppelen, an dat an net manner wéi 24 Länner vun dësem Planéit.

Lëtzebuerg ass betraff iwwert déi Situatioun, duerch dat mëschlecht Leed, em dat et hei geet, an awer och, well Lëtzebuerg jo grad eng Spezialiséierung huet am Déminage. Eis Arméi huet eng vun hire Plusvaluen, wa se an der Welt eng Hand upeekt, grad am Déminage. An dat ass e weidere Grond, firwat mer zu Lëtzebuerg vläicht méi speziell och nach vun dëser Konventioun betraff sinn an eis vläicht nach méi konkret wéi anerer eppes heirënnen kënnen virstellen.

Lëtzebuerg bréngt elo als siwent Land seng Zoustëmmung. Mä mir sinn eis alleguer eens - eenzel Virriedner hunn dat och scho gesot -, dass dat heiten natierlech nëmme säi Sënn a seng Wierkung in fine kann hunn, wann och allegueren déi Länner matmaachen, déi déi Stréibommen och benotzen. An do sinn nach ganz vill Widderstänn ze iwwerwannen; Stéchwuert USA, Stéchwuert Russland, China an anerer nach.

Zwee Regreten awer vun eiser Säit.

Den éische Regret ass dee vum Finanzement. Do sinn eiser Meenung no och nach effektiv weider Diskussiounen ze féieren a méi Kloverheet ze schafen. Déi Formulatioun, déi mer an dësem Gesetz schlussendlech zrëckbehalen hunn zum Finanzement, wou mer jo déi - jo, et muss ee bal soen - Aschränkung dragesat hu vun der Connaissance de cause, ass net onproblematesch. Si ass net onproblematesch.

Bien entendu kann ee kee fir eppes strofen, deen déi Aktioun net bewusst an aktiv gemaach huet. Dat ass sécher richtig, an dee Prinzip ass och ganz vill wäert. Anersäits hu mer an anere Gesetzer, an notamment nach gëschter Mëtteg an engem Gesetz, eng aner Formule gehat, déi vläicht besser gewiescht wär, déi net nëmme schwätzt vun der Connaissance de cause, mä déi hannendrunhant: „ou qui aurait dû avoir connaissance de cause“.

Dat ass eng zweet a weider Notioun, déi vläicht hei méi prezis de Rahme vun der Impunitéit hätt kënnen ofstiechen. Soit, d'Gesetz geet haut elo esou duerch, mä d'Diskussioun op deem dote Punkt vun der Responsabilitéit beim Finanzement ass an den Ae vun der grénger Fraktioun net ofgeschloss.

Den zweete Regret, mä do ass ee sécher net derlaansch komm, ass déi Fro vun der Interopérabilité. Dat kann ee bedauern, well et jo awer eng Brèche ass am Verbuert. Anersäits, wann een déi Brèche net kritte hätt, hätt ee riskéiert zu kengem Ofschloss

ze kommen. Esou dass een do leider muss e Choix treffen, deen een net gären trëfft, an et muss een dann nolens volens akzeptéieren, dass d'Konventioun ënnert där doter Form ënnerschiwwe gëtt vun deenen, déi gudder Wëllens sinn - an hei emol eng Kéier an engem positive Sënn d'Koalitioun vun de Wëllegen. Där heiter géife mir eis der méi oft wënschen.

Dat gesot, wëll ech awer och dem Rapporteur, dem Här Fayot, nach Merci soen, dee sech och perséinlech, mengen ech, derfir agesat huet, dass mer déi Konventioun nach virum Enn vun der Legislatur konnte stënnen. Duerfir Merci.

**))) M. le Président.** - Merci, Här Braz. Den Här Henckes huet d'Wuert.

**))) M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Handicap International kann haut frou sinn. Si sinn e Friddensnobelpräis gewiescht 1997. Si si Cofondateur vun der Campagne internationale pour interdire les mines. An haut wäerte mer och hei zu Lëtzebuerg eent vun deene Länner sinn, wat déi Konventioun vun Oslo géint d'Streebommen ënnerschiwwe... also net ënnerschiwwen huet, mä haaptsächlech elo wäert d'Gesetz an den Traité stënnen.

Et muss een hei awer och festhalen, datt bedauerlecherweis allegueren déi Länner, déi Streebomme produzéieren, finanzéieren a souguer gebrauchen, leider net bei de Signatairen derbäi sinn. Dat huet eng gewësse Logik, mä et ass awer och onzefridde stellend. Mä ech hoffen, datt déi Konventioun, wa se elo allgemeng ratifizéiert gëtt vun de Signatairen, awer och no bausse wäert en Impakt hunn a verschidde Länner dann derzou bréngen, fir och déi Konventioun ze ënnerschiwwen a sech dorunner ze halen.

Leider muss een awer och festhalen, datt et nach vill aner Munitiounen gëtt, déi geféierlech sinn, déi och géint d'Zivilbevölkerung kënnen gebraucht ginn - dat ass DIME, dat ass de Phosphor; wéi mer dat kierzlech gesinn hunn -, déi gradesou geféierlech sinn, aner Reaktiounen hunn.

Et muss een also hoffen, datt elo net, wann d'Verbuert vu Streebommen duerchgesat gëtt lues a lues, dann aner Waffe gebraucht ginn, fir och kënnen géint d'Zivilbevölkerung agesat ze gi respektiv déi d'Zivilbevölkerung staark kënnen benodeelegen.

Da muss een och ervirsträichen, datt natierlech duerch de Krich et eng etlech Handicapéierter uerchert d'Welt gëtt. Eng Persoun vun zéng, wann een den Donnéeë vun Handicap International gleewe kann, ass handicapéiert an der Welt. Dat maachen eng 650 Millioune Leit.

Deene muss een natierlech och hëllefen. Do gëtt et eng Konventioun vun den Nations unies fir d'Promotioun vun de Rechter vun den handicapéierte Persounen. Déi ass ënnerschiwwe ginn am Dezember 2006. Mir wäeren och do frou, wann net dës Regierung, mä déi nächst Regierung och kéint den diesbezügliche Projet de loi déposieren, fir datt mer och déi Konventioun hei kéinte stënnen.

Dat gesot, wollt ech den Accord vun der ADR zu dësem Projet ginn an och dem Rapporteur, dem Här Ben Fayot, villmools Merci soen, well hien huet ons d'Aarbecht ganz lücht gemaach an onse Commentairen duerch säin Exposé, deen en hei gehalen huet, an dee schrëftlechen Exposé, deen e gemaach huet.

**))) M. le Président.** - Merci, Här Henckes. Den Här Jaerling nach kuerz.



Chambre  
des Députés  
L U X E M B O U R G

d'Chamber online op  
www.chd.lu

» M. Aly Jaerling (*Indépendant*),- Merci, Här President. Emmer wann et ëm Diskussiounen ëm d'Waffenindustrie geet, da kéint een am Fong all Kéiers dat Lidd ustëmmen: „I hope, I hope.“ Well all Kéiers, wa mer hei esou Diskussiounen féieren, da schwätze mer driwwer: Elo musse mer awer hoffen, dass d'Amerikaner dat doten och matmaachen, oder allerguer déi, déi Waffen herstellen, dat do och matmaachen.

Ech sinn einfach der Meenung, dass et net duergeet, dass mer ëmmer heihinner kommen an hoffen. Ech sinn der Meenung, dass mer sollen deen néidegen Drock maachen, och vun der EU aus deen néidegen Drock maachen, dass déi mussen endlech mat deene Waffen, mat deene Streebommen do ophalen, an dass och muss gekuckt ginn, dass endlech iwwerhaapt d'Waffenindustrie zur Vernunft kéint.

De Problem ass natierlech esou, dass d'Waffenindustrie a besonnesch an deene grouse Länner wéi Amerika e risege Potenzial duerstelt, eng risege Lobby huet, a wou déi meescht amerikanesch Presidenten och nach vun där Lobby ofhänken. Dat soll een och emol eng Kéier hei soen.

Ech géif mech schwéier wonneren, wann de President Obama aus Amerika elo do iergendwéi kéint eppes ansicht maachen. Och deen ass ënnert dem Drock vun där Lobby. An och dee wäert net vill do kënnen ëmrappen.

Et kann een ëmmer hoffen. Ma da kommt, mir hoffen net nëmmen, mä kommt, mer ginn awer vun europäescher Sait aus a mer maachen endlech deen néidegen Drock, dass dat do weltwäit ophéiert an dass och d'Waffenindustrie endlech weltwäit méi zweetrange gëtt.

Well ouni Waffenindustrie an ouni Waffen hu mer e séchere Fridden. Mä mat der Waffenindustrie, egal wéi kleng se ass, ass ëmmer d'Gefor vun engem Krich ginn an och ëmmer d'Gefor vu geféierleche Waffe ginn. Duerfir solle mer vun Europa aus wierklech deen néidegen Drock maachen, dass dat endlech ophéiert.

Ech soen Iech Merci.

» M. le Président.- Merci, Här Jaerling. D'Wuert huet elo den Här Ausseminister Jean Asselborn.

» M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir

d'éischt wëll ech och dem Ben Fayot Merci soe fir seng gutt Aarbecht, déi en hei geleescht huet, an alle Fraktiounen, déi och hei geschwat hunn. Ech mengen, et huet een hei gesinn, dass déi Interferenz am Intérêt vun der Chamber, an den Här Goerens huet dat jo mat der Motioun - ech mengen, dat war 2006 - ugeleiert, ganz gutt geklappt huet, an dass mer haut hei stinn an als eent vun deenen éischte Länner kënnen dat ratifizéieren, wat mer als Regierung ënnerschriwwen hunn zu Oslo.

Der wësst, dass 45 Länner de Pionéier waren am Februar 2007 am Osloer Prozess. An eent vun de Mandater, dat mer haten als Regierung, war jo net nëmmen ze kucken, dass mer zu Lëtzebuerg esou wéi an der Belsch e Gesetz géifen ausschaffen an der Regierung, mä dass mer och géifen - an dat war deen zweete Punkt, a fir mech dee wichtigsten - alles maachen, fir den internationale Prozess mat ze encouragéieren an do matzemaachen.

Nun, déi Osloer Deklaratioun ass ënnerschriwwen ginn Enn 2008, wéi mer wëssen. A vläicht muss ech e wéineg méi techesch ginn, fir awer ze soen, dass déi inakzeptabel humanitär Konsequenzen, déi verursaacht ginn duerch déi Streebommen, solle verbuede ginn.

Et huet méi wéi ee Joer gedauert, ier mer zu Dublin deemools den Duerchbroch kritt hunn. Dat ass kuerz, wann ee bedenkt zum Beispill wéi laang dass den Ottawa-Prozess gedauert huet. Et ass een ambitiösen Text entstanen an et si 94 Länner, déi ënnerschriwwen hunn.

D'Definitioun och nach eng Kéier, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, vun der Streebomm. Si ass am Artikel 2 no ganz, ganz villen Diskussiounen festgehale ginn. An et ass eigentlech déi Definitioun, déi vun Här Kellenberger och proposéiert gouf: déi zillos a flächendeckend eng grouss Zuel vun net fiable Sous-munitioune verstreeën. Dës Waffe sinn elo komplett verbueden. Betreff sinn 90% vun alle Bombes à sous-munitions, déi sech, zum Beispill, an de franséischen, an den däitschen, an den hollänneschen an an de briteschen Arsenalen befannen.

An ech mengen, wat den Här Jaerling gesot huet an nach aner Kolleegen heibannen, ech mengen, den Här Henckes och: Et ass net esou, dass mer als Europa net eis Responsabilitéit iwwerholl hunn. Et gëtt risen, rise Stocken an deene Länner, déi ech elo genannt hunn, virun allem an Däitschland, an England, an Holland. An déi hunn alleguer sech engagéiert, fir déi Stocke futti ze maachen.

Et ass also, wa mer eis elo fokusséieren selbstverständlech op Länner... Mir hu Pakistan net genannt a mir hunn Indien net

genannt, mä mir hunn eis op Amerika, Russland, China fokusséiert. Dat stëmmt, mä loosse mer awer och dee konkrete Schrëtt positiv bewäerten, dee gemaach ginn ass vun den europäesche Länner.

Nun, d'Société civile - a jiddwereen huet dat gesot - huet eng historesch Roll hei gespilt. Ech wëll awer och soen, dass d'Erwaardunge vun den ONGe ganz positiv waren. D'Cluster Munition Coalition, dat ass den Daachverband vun Handicap International a vun Human Rights Watch an amnesty international, huet an engem Communiqué gesot, dass d'Konventioun staark Dispositiounen hätt, dass kee Loophole, also kee Schlupflach dran ass, an Ausnahmen oder Transitionperioden dra sinn, mat selbstverständlech de Restriktiounen, déi mer jo och allegueren hei schonn ënnerstrach hunn.

Wat nach erlaabt ass - loosst mech dat och soen -, an dat Wuert „erlaabt“ ass jo äusserst zynesch, wann ee vu Bomme schwätzt, ass, dass an deene BASMen, déi elo nach erlaabt sinn - wéi gesot, ënner Gänseféisercher - nëmmen zéng Sous-munitioune dierfen dra sinn. Bis elo waren dat der heiansdo honnerten.

Ech hat selwer d'Chance, am Laos ze sinn, wou mer als Lëtzebuerg bei OXO waren. Dat ass eng ONG, déi sech wierklech hiergëtt, fir nom Vietnamkrich am Laos zum Beispill ze déminéieren. Wann ee gesäit, dass déi Sous-munitioune do, déi Bomben, dat sinn der wéi Tennisball nëmmen esou grouss. An déi kënnen en onheemleche Schued maachen.

Ech mengen, den Här Fayot huet hei e Beispill ginn, wat ganz émouvant war. Mä dat ass d'Resultat dovun. An haut an deene Länner vun Vietnamkrich stierwen nach honnerte vu Kanner am Joer, déi eben deene Geforen do ausgesat sinn.

Bon, ausserdeem muss all eenzel Sous-munitioune mat enger automatischer Auto-destructioun elo verbonne sinn, an all eenzel Sous-munitioune muss iwwer véier Kilo weien. Bis elo waren dat och nëmmen e puer honnert Gramm.

Elo kënt dee Punkt - an den Här Braz, den Här Fayot, och den Här Mosar haten dat ugeschnidden - vun der Interopéabilitéit. Mir musse wëssen, dass mer zum Beispill als Lëtzebuerg jo an Afghanistan zu Kabul um Flughafe sinn. Do gëtt et Länner, déi hunn déi Konventioun hei net ënnerschriwwen. Et ass net nëmmen Amerika, Russland a China. Et sinn och e puer europäesch Länner, zum Beispill Finnland.

Finnland huet net ënnerschriwwen, well et seet: Mir mussen nach ëmmer déi Streebomme benotzen, fir eis Grenz mat Russland ofzesécheren. Bon, dat ass elo

eng Responsabilitéit vun de Finnen. Mä mir schaffen zesummen, zum Beispill um Flughafen zu Kabul, mat Finnland.

#### (Interruption)

Wann déi Dispositioun vum Artikel 21 vun der Interopéabilitéit net dra wär, da géif Lëtzebuerg sech juristescht strofbar maachen, wann et géif zum Beispill mat engem Land, wat net ënnerschriwwen hätt, zesummen an Afghanistan operéieren. Duerfir ass et onméiglech, fir op d'Interopéabilitéit ze verzichten.

De Ben Fayot huet dat och gesot mat der NATO. Selbstverständlech gëtt et och nach Länner an der NATO - dat hu mer jo scho gesot -, déi net do derbäi sinn.

Elo wëll ech Iech awer och nach e Wuert soen iwwer d'Obligatiounen, déi mer hu mat där Ënnerschrëft. Et ass vläicht hei de Mueren net esou gesot ginn, mä mir mussen elo och als Lëtzebuurger Land, wa mer hei ratifizéiert hunn an der Chamber, Promotioun maache mam Zil vun der Universalisatioun. Dat heescht, mir mussen déi Länner, déi nach net ënnerschriwwen hunn, opfuere, fir matzemaachen.

All déi Staten, déi ënnerschriwwen hunn, musse sech engagéieren, all deene Staten, déi der Konventioun net bäitrieden, matzedeelen, dass se eng Obligatioun hunn am Kader vun der Konventioun, an och mir mussen déi Obligatioun respektéieren. Et ass fir d'Netmembere vum Asaz vu BASM ze discouragéieren. An drëtens och, dass mir eis engagéieren, dat steet jo kloer dran, weder ze produzéieren, ze kafen, ze stockéieren an och se anzusetzen.

An drëtens e Punkt och nach, dee vläicht méi genereller Natur ass, mä awer och wichteg hei ass, well en och am Ottawa-Accord dran ass; dat ass d'Hëllef vun de Victimé vu Streebommen. All Signatairé vun där Konventioun sinn obligéiert, deene Leit, déi duerch Streebomme verletzt goufen, ze hëllef, fir hiert Liewen ënnert de beschtméiglechen Ëmstänn kënnen weiderzeféieren. Dat ass eng Hëllef, déi ass ganz prezis beschriwwen am Accord a geet och méi wäit, praktesch méi wäit wéi dat, wat an der Anti-Minen-Konventioun vun Ottawa virgesinn ass.

Dann als Lescht wëll ech och soen, dass keng Transitionperiod dran ass. Dat ass äusserst rar an esou grouse Konventiounen. Wann 30 Länner ratifizéiert hunn, dann trëtt déi Konventioun hei a Kraaft. Dir hutt et gesot: Et si bis elo sechs Länner, déi ratifizéiert hunn. Ech hoffen, dass um Enn vum Joer et der wierklech 30 sinn, scho vläicht souguer éischer.

Dat ass op jidde Fall d'Zil, an ech wëll nach eng Kéier och soen, dass déi Konventioun vun Oslo en général vun allen ONGen, vum

- L'actualité parlementaire sur **www.chd.lu**
- Retrouvez vos députés, tous les textes législatifs et documents parlementaires, les émissions «Chambre aktuell» et les vidéos des séances publiques sur **www.chd.lu**.
- La Chambre et les jeunes: si tu as entre 12 et 25 ans, consulte nos pages 'Junior' sur **www.chd.lu**, avec quiz, information et vidéo.



Chambre  
des Députés

L U X E M B O U R G

- L'actualité parlementaire vous intéresse? Consultez le site de la Chambre **www.chd.lu**.
- Comment est créée la loi? Toutes les explications en texte et en images, sur **www.chd.lu**.
- De la première assemblée parlementaire de 1841 à la Chambre des Députés d'aujourd'hui: retrouvez l'histoire parlementaire sur les pages «organisation et fonctionnement» de la Chambre des Députés.

**www.chd.lu**

Jeudi,  
7 mai 2009

Generalsekretär vun der UNO an och vum President vum Internationale Roude Kräiz guttgeheesch ginn ass. An ech wëll och heifir op jidde Fall, ech hunn dat jo erlieft mat Handicap International Lëtzebuerg, déi kritesch, mä ganz konstruktiv matgehollé hunn, dass mer esou wäit komm sinn, och e grouse Merci soen.

Déi Konventioun ass den 3. Dezember vu 94 Länner énnerschrivwe ginn zu Oslo. Fir mech perséinlech war et ee vun deenen émouvanteste Momenter an deene fënnel Joer, wou ech konnt dem Land elo déngen als Ausseminister, well et huet ee wierklech do gesinn, an ech war och begleet vu Leit, déi ebe wëssen, wat eng Streebomm ass, wat se kann um eegene Kierper fir Schied uriichten, an ech mengen, et waren déi Schwäizer Handicap International an och déi belsch, déi derbäi waren, well eis Organisatioun konnt net direkt vertrauede sinn. Dat war wierklech eppes, wat hänke bleift a wat a mengem Kapp och stieche bleift. An dass mer eis asetzen, fir deene Leit ze hëllefen an och fir Leit ze erspueren, dass se esou Misär kréien, ass schonn, mengen ech, eppes, firwat mer eigentlech Politik maachen.

Sou, elo nach vläicht ee lescht Wuert, wann Der wëllt, Här President, zu där Geschicht vun der Finanzéierung. Mir haten dat an d'Gesetz geschriwwen. Ech verstinn eigentlech net richtig, dass d'Finanzéierung net gefuerdert ginn ass. Déi Finanzéierung war ni een Thema an der Osloer Diskussioun. Och net zu Dublin. A si ass och eigentlech net vun den ONGe richteg no vir gedreékt ginn, ausser hei zu Lëtzebuerg, wou mer dat gemaach hunn, wou mer eis och mat Handicap International Lëtzebuerg driwwer énnerehalen hunn.

Mir hunn dee Punkt gemaach. Ech mengen, den Här Mosar huet dat ganz gutt hei gesot, an och den Här Braz: Wann dat nach ka verbessert ginn, da sollte mer dat maachen. Ech mengen, do hëllefe mer eiser Bankeplaz méi, wéi mer hir schueden, wa mer déi Excepiounen do drasetzen.

Voilà, Här President, ech soen lech villmools Merci an ech sinn iwwerzeegt, dass mer haut wäerten elo alleguete fir déi Konventioun stëmmen.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Ausseminister. Mir kommen dann direkt zum Vote vun deser Konventioun, dat heescht diesem Projet.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

Dir wësst, dass de Vote par procuration net erlaabt ass. Voilà. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 5981 ass eestëmmegeg uegholl mat 51 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;*

*MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mmes Anne Brasseur, Colette Flesch, MM. Charles Goerens et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*M. Jacques-Yves Henckes;*

*M. Aly Jaerling.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Dann ass et esou decidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen dann zum Vote vun enger Rei vu Projeten, déi gëscher aus verständleche Grënn net méi konnt ofgestëmmt ginn.

**(Interruption)**

De Mikro ass awer un. Also, da ginn ech mer Méi.

» **Plusieurs voix.** - Aaahhh!

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Mir kommen zur Ofstëmmung vun enger Rei vu Projeten, déi, wéi gesot, gëscher net konnt ofgestëmmt ginn.

**3. 5273 - Projet de loi ayant pour objet de modifier:**

**1) la loi modifiée du 31 janvier 1948 relative à la réglementation de la navigation aérienne;**

**2) la loi modifiée du 19 mai 1999 ayant pour objet a) de réglementer l'accès au marché de l'assistance en escale à l'aéroport de Luxembourg, b) de créer un cadre réglementaire dans le domaine de la sûreté de l'aviation civile, et c) d'instituer une Direction de l'Aviation Civile;**

**3) la loi du 26 juillet 2002 sur la police et sur l'exploitation de l'aéroport de Luxembourg ainsi que sur la construction d'une nouvelle aérogare (suite)**

Mir fänken u mam Projet de loi 5273 iwwert d'Navigation aérienne.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

De Vote fänkt un. Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 5273 ass uegholl mat 57 Jo-Stëmmen, bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentiuon.

Madame Flesch, wann ech gelift.

» **Mme Colette Flesch (DP).** - Här President, ech hu fir den Här Krieps par procuration ofgestëmmt an do ass mäin Apparat erëm blann ginn, wéi dat gëscher geschitt ass. Ech wär dankbar, wann ee géif no deem Apparat kucken.

**(Interruption)**

» **M. le Président.** - Mir versichen, esou schnell wéi méiglech ze operéieren. Den Här Goerens.

» **M. Charles Goerens (DP).** - Här President, ech hunn en ähneleche Problem. Mäin ass nach e bësse méi komplizéiert. Ech hat de Choix tèschent dräi Kolleegen, an dunn ass mäin Apparat blann ginn.

**(Hilarité)**

Ech hat emol net...

» **M. le Président.** - Ech weess net, ob et eppes mat de Kolleegen ze doen hat.

» **M. Charles Goerens (DP).** - Bei mir ass et net bis zur enker Selektioun komm, Här President.

» **M. Carlo Wagner (DP).** - Entschëllegt, Här President.

**(Hilarité)**

Schreift mech och op bei déi wou Pech haten!

**(Hilarité)**

» **M. le Président.** - Also, ech froe mech, ob bei der liberaler Fraktioun nach eppes fonctionnéiert haut de Moien.

**(Interruptions)**

Also, op jidde Fall ass de Projet eestëmmegeg uegholl bei kenger Géigestëmm.

*Résultat définitif après redressement: le projet de loi 5273 est adopté à l'unanimité des 58 votants.*

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer,*

*Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;*

*MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen (par M. Xavier Bettel), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par Mme Anne Brasseur), Alexandre Krieps (par Mme Colette Flesch), Claude Meisch (par M. Eugène Berger) et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. Claude Adam), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen (par M. Jacques-Yves Henckes) et Jacques-Yves Henckes;*

*M. Aly Jaerling.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Dann ass et esou decidéiert.

**4. 5905 - Projet de loi relatif à la qualification initiale et à la formation continue des conducteurs de certains véhicules routiers affectés aux transports de marchandises ou de voyageurs et modifiant la loi modifiée du 27 juillet 1993 ayant pour objet**

**1. le développement et la diversification économiques et**

**2. l'amélioration de la structure générale et de l'équilibre régional de l'économie (suite)**

Mir stëmmen dann of iwwert de Projet de loi 5905 iwwert d'Chauffeurs professionnels.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

Vote par procuration.

**(Hilarité)**

De Vote ass ofgeschloss.

Och dese Projet ass uegholl mat 57 Jo-Stëmmen.

Madame Flesch, war e Problem? Madame Flesch, weider kee Problem?

» **Mme Colette Flesch (DP).** - Kee Problem.

» **M. le Président.** - De Projet ass uegholl mat 57 Jo-Stëmmen, bei kenger Géigestëmm a kenger Abstentiuon.

*Résultat définitif après redressement: le projet de loi 5905 est adopté à l'unanimité des 58 votants.*

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;*

*MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen (par M. Xavier Bettel), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par Mme Anne Brasseur), Alexandre Krieps (par M. Charles Goerens), Claude Meisch (par M. Eugène Berger) et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. Félix Braz), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen (par M. Jacques-Yves Henckes) et Jacques-Yves Henckes;*

*M. Aly Jaerling.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Dann ass et esou decidéiert.

**5. 5906 - Projet de loi modifiant**

**- la loi modifiée du 14 février 1955 concernant la réglementation de la circulation sur toutes les voies publiques,**

**- l'article 179 du Code d'instruction criminelle et**

**- l'article 40 de la loi du 22 décembre 2006 promouvant le maintien dans l'emploi et définissant des mesures spéciales en matière de sécurité sociale et de politique de l'environnement (suite)**

Dann de Projet de loi 5906 iwwert den Alkohol an d'Drogen hannert dem Steuer.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

De Vote ass amgang. Vote par procuration.

Och dese Projet ass eestëmmegeg uegholl mat 58 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;*

*MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen (par M. Xavier Bettel), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Carlo Wagner), Alexandre Krieps (par Mme Colette Flesch), Claude Meisch (par M. Eugène Berger) et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Félix Braz), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen (par M. Jacques-Yves Henckes) et Jacques-Yves Henckes;*

*M. Aly Jaerling.*

Gëtt och hei d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Dann ass et esou decidéiert.

**6. 5968 - Projet de loi autorisant la reconstruction du passage supérieur situé au point kilométrique 0,858 de la ligne de Luxembourg à Kleinbettingen et amendant la loi modifiée du 10 mai 1995 relative à la gestion de l'infrastructure ferroviaire (suite)**

Mir stëmmen dann of iwwert de Projet de loi 5968, de Bau vun der Bréck vu Gaasperech, wou den honorabelen Här Negri eis gëscher de Rapport gemaach huet.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

De Vote fänkt un. Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

Och dese Projet ass eestëmmegeg uegholl mat 57 Jo-Stëmmen.

*Résultat définitif après redressement: le projet de loi 5968 est adopté à l'unanimité des 58 votants.*

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrigh-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnar, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen (par M. Xavier Bettel), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par Mme Anne Brasseur), Alexandre Krieps (par M. Carlo Wagner), Claude Meisch (par M. Eugène Berger) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. Félix Braz), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen (par M. Jacques-Yves Henckes) et Jacques-Yves Henckes;

M. Aly Jaerling.

Gëtt och hei d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

## 7. 5934 - Projet de loi portant

### a) création de l'Administration de la nature et des forêts

### b) modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État

### c) abrogation de la loi modifiée du 4 juillet 1973 portant réorganisation de l'administration des Eaux et Forêts (suite)

An da komme mer zum leschte Projet. Dat ass dee vun der Schafung vun der Administration de la nature et des forêts.

#### Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

Och de Projet de loi 5934 ass eestëmmegeg uegholl mat 57 Jo-Stëmme.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrigh-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnar, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen (par M. Xavier Bettel), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Carlo Wagner), Alexandre Krieps (par M. Charles Goerens), Claude Meisch (par M. Eugène Berger) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Félix Braz), Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen (par M. Jacques-Yves Henckes) et Jacques-Yves Henckes;

M. Aly Jaerling.

An ech denken, dass och hei d'Chamber d'Dispens gëtt?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut de Moien, dat ass de Projet de loi 5970 iwwert de Benelux-Traité. De Rapporteur ass den honorabelen Här Angel an deen huet elo d'Wuert fir de Rapport ze maachen.

## 8. 5970 - Projet de loi portant approbation

### - du Traité portant révision du Traité instituant l'Union économique Benelux, signé le 3 février 1958

### - du Protocole relatif aux privilèges et immunités de l'Union Benelux

### - de la Déclaration signés à La Haye, le 17 juin 2008

#### Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

**M. Marc Angel (LSAP), rapporteur.** Här President, Här Minister, Dir Dammen an Dir Hären, Här Botschafter, d'Benelux ass virun allem an Europa ville Leit bekannt als e Musterbeispill vun enger gelogener regionaler Zesummenaarbecht. De Grond dofir ass enner anerem, dass d'Zesummenaarbecht tèschent Holland, der Belsch a Lëtzebuerg schonn eng ganz laang Traditioun huet.

#### (Coups de cloche de la Présidence)

D'Benelux ass bekannt an Europa als Virreider am Domän vun der wirtschaftlecher Integratioun. D'Benelux-State si Membere vun der éischter Stonn och vun deser Europäescher Unioun.

D'Benelux ass och bekannt als Innovateur, dee vill Politiken an Europa un d'Rulle bruecht huet. D'Benelux ass bekannt als Laboratoire, deen oft e Schrëtt viraus war, deen nei Iddien hat, déi duerno a méi engere breede Kreesen vu Länner ëmgësant konnte ginn.

Schonn eleng dofir ass et wichtig, d'Benelux weiderliewen ze loosse, mä souguer d'Benelux ze revitaliséieren an ze redynamiséieren. Dëst ass dann och d'Hauptzil vum Traité, deen haut hei an der Chamber ratifizéiert gëtt. Deen alen Traité leeft den 31. Oktober 2010 aus. En ass 1960 a Kraaft getrueden, mat enger Dauer vu 50 Joer.

D'Kooperatioun am Kader vun der Benelux huet awer net eréischt viru 50 Joer ugefaangen. Ofgesi vun der Zesummenaarbecht tèschent Lëtzebuerg an der Belsch am Kader vun der Union économique belgo-luxembourgeoise hunn d'Benelux-Länner schonn an den 30er Joren zesummegeschafft.

De richtigen Ulaf fir eng Kooperatioun tèschent Holland, der Belsch a Lëtzebuerg gouf awer an der Zäit vum Zweete Weltkrich geholl. 1943 gouf zu London den Accord monétaire ënnerschriwwen, an 1944 dunn d'Convention douanière tèschent deenen dräi Länner.

D'Kooperatioun tèschent deenen dräi Länner huet sech tèschent 1948 an 1958 permanent intensivéiert. 1949 gouf den Accord de préunion économique uegholl, 1953 e Protokoll iwwert d'Koordinatioun vun der Wirtschafts- a Sozialpolitiken an 1954 en Accord iwwert d'Zirkulatioun vum Kapital.

Den 3. Februar 1948 gouf dunn den «Traité instituant l'Union économique Benelux» ënnerschriwwen, deen 1960 a Kraaft getrueden ass. An hien hat d'Zirkulatioun vun der Persounen, Wueren, Kapital an Déngschtleeschungen zum Zil. En Zil, wat iwweregens och am Traité de Rome dräi stoung, deen ee Mount méi fréi ënnerschriwwen gouf wéi den éischte Benelux-Traité.

Déi véier Grondfräiheete stoungen dunn och an de 60er Joren am Mëttelpunkt vun der Benelux-Aktivitéiten, mä no an no huet des Kooperatioun sech verbreedert.

D'grenziwwerschreidend Zesummenaarbecht, zum Beispill an der Beräicher Landesplanung, Ëmweltschutz, Energie, Tourismus an och d'Zesummenaarbecht an der Beräicher Justiz an Affaires intérieures hunn ëmmer méi eng grouss Plaz ageholl. An der Tëschenzäit gouf och den institutionelle Kader weiderentwéckelt duerch d'Schafung vum Benelux-Parlament duerch eng Konventioun aus dem Joer 1954 a vun der Cour de Justice Benelux, déi säit 1974 aktiv ass.

Erlaabt mer eng Klammer opzemaachen; ech hunn d'Benelux-Parlament ugeschwat: Lëtzebuerg hat d'Présidence an de Joren 2007 bis 2008; de Roger Negri war e gudden President. Hien huet et fäerdeg bruecht, dass hei all eis Ministeren an d'Plenarsitzung komm sinn an den Deputéierten aus deenen dräi Länner Ried an Äntwert stoungen. Hien huet et och fäerdeg bruecht, méi inhaltelech politesch Diskussiounen ze féieren. Och vill ass diskutéiert ginn iwwert deen neien Traité. D'Benelux-Parlament huet och hei säin Input ginn, an ech mengen, och de Marcel Oberweis, dee President ass vun der Lëtzebuurger Delegatioun vum Benelux-Parlament, a vill aner Kolleegen hunn do matgehollef.

#### Plusieurs voix. - Très bien!

**M. Marc Angel (LSAP), rapporteur.** Zréck awer elo erëm op d'Themen, déi d'Beräicher vun der Benelux-Aarbecht bestëmmt hunn. Dës Zesummenaarbecht, wéi grad gesot, ass am Laf vun der Zäit iwwert den Traité erausgang. Dat louch enner anerem och un der verstärkter Aktivitéit vun der europäescher Communautéit, déi jo och an der nämlecher Richtung vun der wirtschaftlecher Unioun geschafft huet.

Doduerch huet déi Entwécklung derzou bäigedroen, dass d'Benelux hir Aktivitéiten diversifizéiert huet, sech also dem verännerten Ëmfeld ugepasst huet, ouni dass elo den Traité geännert gouf.

An der Mëtt vun den 90er Joren huet de Comité des ministres op Basis vun engem Rapport vun engem Comité des Sages beschloss, dass sech d'Aktivitéiten vun der Benelux ronderëm eng Rei Beräicher konzentréiere sollten. An et waren dat: 1. d'politesch Kooperatioun an d'Concertatioun bei europäesche Problemer; 2. déi grenziwwerschreidend Kooperatioun; 3. de Marché intérieur an d'wirtschaftlech Kooperatioun; 4. Kultur, Fuerschung, Bildung a Formatioun; 5. d'fräi Zirkulatioun vun der Persounen a 6. Informatioun, Publikatiounen a Statistyk.

D'Kooperatioun vun der Benelux war an de leschte 50 Joer ganz variéiert an esou ausgedehnt, dass et wierklech ze wäit géif féieren, wann ech dat am Detail opzielen.

D'Benelux huet et an där Zäit ëmmer erëm fäerdeg bruecht, hirer Virreiderroll gerecht ze ginn. Dat war net nëmme an der Vergaangenheet de Fall, mä och zum Beispill wat d'Schengen- an d'Senning-Kooperatioun betrëfft.

Mä et gëtt och ganz rezent Beispiller, fir dat ze beleen. A titre d'exemple, stellvertriendend fir all déi aner nennen ech den Euro Contrôle Route, bei deem et drëms geet fir d'Kontroll vum Transport routier ze verbesseren an esou fir méi Sécherheet op eise Stroossen ze surgen. Mëttlerweile si 14 Memberstater a sechs Observateure mat derbäi. A bei der Revisioun vun der Direktiv 2006/22, déi Enn Januar proposéiert gouf, huet d'Europäesch Kommissioun sech ganz wesentlech op d'Viraarbechte vum Euro Contrôle Route gestäipt.

#### (M. Laurent Mosar prend la Présidence)

En anere Volet vun der Zesummenaarbecht betrëfft déi politesch Kooperatioun.

D'politesch Kooperatioun geschitt op fräiwëlleger Basis. Si ass net duerch den Traité virgeschriwwen. D'Benelux-Stater hunn zum Beispill regelméisseg gemeinsam Positionen no bause bezunn. Sief et a schréftlecher Form, wéi zum Beispill duerch déi bekannte Benelux-Memoranden, oder sief et einfach nëmme, dass sech am Kader vun der Aarbecht an internationalen Organisiounen ofgestëmmt gouf.

Dës Kooperatioun hat an der Vergaangenheet unche Succès. Mat hire gemeinsame Positionspabeieren hunn déi dräi Länner et oft fäerdeg bruecht, hir Intéréten op e gemeinsamen Nenner ze bréngen a se domat an Europa och ze verdeedegen.

Am Virfeld vun den EU-Sommeter versichen d'Benelux-Stater hir Positionen ze koordinéieren. Si entwéckele gemeinsam Standpunkte an tauschen Informatiounen aus. Et besteet och e stännege Kontakt tèschent der Repräsentanté vun den eenzelnen Länner am COREPER. D'Benelux-State concer-téiere sech och iwwer méiglech Kandida-

turen a verschiddenen Organer an Agencé vun der UNO.

Mä am Kader vun der politescher Kooperatioun gouf et och manner aktiv Phasen a Réckschléi. Ech denken dobäi un de Sträit iwwert d'Successioun vum Jacques Delors als President vun der Europäescher Kommissioun oder un d'Verhandlung vum Traité de Nice, bei deem et em d'Setzverdeelung am Europäesche Ministerrat goung, an awer och un d'Fro vun enger militärescher Participatioun am Irak.

D'politesch Kooperatioun huet natierlech ëmmer am beschte funktionéiert, wann d'Divergenzen tèschent de Länner geréng waren oder wann et drëms goung, Kräften ze bündelen.

Eng réusséiert politesch Kooperatioun wäert och an Zukunft net ëmmer einfach sinn, mä deen neien Traité soll dofir deen néidegen Impuls ginn, fir dass an Zukunft erëm méi regelméisseg a konsequent an der Richtung geschafft gëtt. Am Kontext vun enger Europäescher Unioun mat 27 Memberstater ass dat esou wichteg wéi nach ni virdrun.

Den neien Traité ass de 17. Juni 2008 ënnerschriwwen ginn. Den Traité ass fir eng onbestimmten Zäit ofgeschloss ginn an e kënn mat nëmme 40 Artikelen aus. En ass also méi kuerz wéi säi Virgänger mat 100 Artikelen.

Den Traité soll d'Kooperatioun vun der Benelux-Länner redynamiséieren an hir nei Impulser ginn. E soll d'europäesch Voca-tioun vun der Benelux ennersträchen an der extern Dimensionen stärke. Fir dat ze errechen, goufen d'Hauptzile vum der Benelux reformuléiert an en neien Aarbechtskader gouf geschaf.

Den Traité definéiert dräi grous Kooperatiounsbereicher: 1. d'Weiderentwécklung vun der wirtschaftlecher Unioun an d'Ëmsetzung vun enger gemeinsamer Politik, wat d'wirtschaftlech Relatiounen mat Drëtt-stater ubelaangt; 2. den Développement durable an 3. d'Zesummenaarbecht an der Beräicher Justice an Affaires intérieures.

Dës Upassung ass néideg ginn, well se der aktueller Zesummenaarbecht vun der Benelux Rechnung dréit an och genuch Raum fir déi zukünfteg Entwécklung léisst. Wéi virdu gesot, war dat bei deem alen Traité bäi Wäitem net méi de Fall.

D'Formulatioun vun den Ziler am neien Traité ass iwwerdeems gutt gewielt, well se eng sénnvoll Zilrichtung ugëtt an och flexibel genuch ass, fir op Erausforderunge vun der Zukunft reagéieren ze kënnen. Konsequenterweis schwätze mer also elo och net méi vun enger Union économique Benelux, mä einfach vun der Unioun Benelux.

Méi konkret gëtt et da mat deenen neie gemeinsamen Aarbechtsprogrammen, enger wesentlecher Neierung vun dem neien Traité. Si definéieren d'Prioritéiten vun der Zesummenaarbecht innerhalb vun deenen dräi Ziler.

Et handelt sech hei och em e flexibel an dynamescht Instrument, dat regelméisseg iwwerpräift an, wann néideg, och adaptéiert ka ginn.

D'Kooperatioun vun der Benelux kann esou och op déi aktuell Problemer agoen, déi méi kuerzfristeg optauche kënnen.

Den éischte gemeinsamen Aarbechtsprogramm, deen d'Joren 2009 bis 2012 ofdeckt, ass iwweregens scho vum Comité des ministres adoptéiert ginn, an der-niewent gëtt et nach e järeleche Plan de travail.

E weidere Changement betrëfft d'Vereinfachung vun der Strukturen. Den Traité gesäit fënnef Institutiounen vir: de Comité des ministres Benelux, de Conseil Benelux, d'Benelux-Parlament, d'Cour de Justice Benelux an d'Generalsekretariat.

De Comité des ministres bleift d'Haupt-décisiounsgesetz vum der Benelux a muss sech elo nëmme méi enger Kéier am Joer treffen. Seng Zesummesetzung ass méi flexibel ginn. Den Traité schreift vir, dass all Land op d'mannst mat engem Minister muss vertruede sinn.

D'Zesummesetzung vum Comité kann awer variéieren, jee nodeems wat fir eng Politikberäicher um Ordre du jour stinn.

De Fonctionnement vum Benelux-Parlament a vun der Cour de Justice ginn duerch den Traité net verännert. De Collège arbitral gehéiert net méi zu den Institutiounen vun der Benelux. Hien ass ni zesummekomme, notamment weil d'Benelux jo eng Cour de Justice 1974 krut. Och de Conseil consultatif économique et social, deen net gutt fonctionnéiert huet, an dee rigidéiert System vu Kommissiounen a Spezialkommissiounen stinn net méi am Traité.

En anert wichtegt Element betrëfft d'Ausdimensionierung vun der Benelux. Den Traité gesäit d'Kooperatioun mat anere Staaten oder mat aneren Entitéiten ausdrécklech vir. D'Benelux kann an deem Zesammenhang och Traitéen ofschléissen. E gutt Beispill fir esou eng Kooperatioun ass déi rezent Zesummenaarbecht mat Nordrhein-Westfalen. Am Dezember vum leschte Joer hunn d'Regierungschefen vum Benelux-Länner an de Ministerpresident vum Nordrhein-Westfalen eng politesch Deklaratioun ënnerschriwwen, déi d'Zesummenaarbecht tëschent dëse Partner weider verdeiwe soll.

An deem Instrument stécht nach ganz vill Potenzial, well esou Kooperatioune bidde sech och fir aner Regiounen an däitschen an am franséische Grenzgebitt un. Duerch dës Kooperatioune kann d'Benelux mat hire Partner duerch eng gemeinsam Approche spezifesch Léisungsweeër fir gemeinsam Problemer aschloen.

En aneren Deel vun den Aussebezieunge betrëfft d'Relatiounen mat aneren iwwerregionalen Zesummeschlëss oder Organisatiounen. Zum Beispill treffe sech d'Benelux-Staate regelméisseg mat den dräi baltische Staaten um Niveau vun den Ausseministeren. Déi Form vu Concertatioun gouf et an der Zäit och emol mat de Visegrád-Staaten.

Et ass awer hei ze bemerken, dass dës Concertatioun mat anere regionalen Organisatiounen an den Domänen vun der politescher Kooperatioun fällt. Den Traité huet d'politesch Kooperatioun net institutionaliséiert, an ech mengen, dat ass och gutt esou. Wann ee gesäit, wéi séier d'politesch Discoursë sech an engem Land kënnen änneren, dann ass dat och gutt esou, dass een net zu dëser Kooperatioun gezwongen ass.

Den neien Traité an d'Diskussione vun de leschte Joren iwwert d'Roll vun der Benelux sollen awer trotzdeem Ulass sinn, fir d'politesch Kooperatioun erëm ze verstärken. Dat ass wichteg, well de Pouvoir vun deenen dräi Länner, relativ gesinn, duerch d'Erweiterung vun der EU erofgegangen ass. An der Europäescher Union vun haut ass et néideg, fir sech séier op den Dossieren ze positionéieren, am beschten zesumme mat anere Partner, déi déiselwecht Iddien hunn.

Duerch seng laang Zesummenaarbecht huet d'Benelux Virdeeler par rapport zu anere Länner oder regionale Kooperatiounsorganisatiounen. Eng aner Entwécklung, déi dës politesch Kooperatioun méi wichteg mécht, sinn d'Concertatioune vun de grouse Memberstaaten, déi ëmmer méi oft an der Lescht am Virfeld vun den Décisiounen am Conseil geschéien. An dësem Sënn begrësse mir och d'Décisioun vun den dräi Ausseministere vun de Benelux-Länner, déi sech engagéiert hunn, sech och am Ufank vun all Présidence vun der EU ze gesinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dësen Traité ass déi richteg Äntwert, fir d'Zesummenaarbecht vun de Benelux-Staaten ze regelen. En ass op laang Dauer ausgerichtet. E berücksichtegt déi laangjäreg Erfahrung vun der Benelux-Kooperatioun an e gëtt der Benelux-Zesummenaarbecht nei Impulser. Den Traité schafft e Kader, dee genuch Flexibilitéit bitt, mä och Ziler definéiert. Hien erlaabt et, dat Erreechtent ze konsolidéieren, a mécht Dieren op fir d'Zesummenaarbecht an neie Beräicher. E liwwert iwwerdeems e stabile Kader an déi néideg Instrumenter, fir d'Benelux-Zesummenaarbecht ze förderen an och ze revitaliséieren. An deenen nächste Jore géllt et, dëse Kader ze notzen an och dëse Kader mat Liewen ze fëllen.

Ech wollt nach bemerken, dass mir als Lëtzebuerg dat éischt Partnerland vun deenen dräi sinn, déi dësen Traité ratifizéieren, an ech hoffen, dass mer mat dësem Vote en Zeeche ginn un eis Kolleegen an der Belsch an an Holland.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren an ech ginn och heimadder den Accord vu menger Fraktioun.

» M. le Président. - Ech soen dem Här Rapporteur Marc Angel Merci, an als éischte Riedner ass den Här Marcel Oberweis agedroen. Här Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

#### Discussion générale

» M. Marcel Oberweis (CSV). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, erlaabt mer am Ufank dem Rapporteur Marc Angel Merci ze soe fir säi schréfflechen an och elo mëndlech virgedroene Rapport. A senger Ried ass hien op déi wichtegst Eckpunkte vun dem Traité agaangen. Ech wëll nach just e puer Wuert bëihänken hei an der Kooperatioun Benelux.

Déi grouss Fro, déi sech am Joer 2008 gestallt huet, war déi: Solle mer den Traité virufueren, oder solle mer en ophalen? Et ware Kräften, där enger an där anerer, um Wierk. Sollt een d'Kooperatioun weidermaachen? Wéi gesot, et ass net ganz kloer erauskomm, mä iergendwann ass awer gemierkt ginn, dass de Pro, fir virunzefueren, iwwerweit. Däerf ech drun erënneren, dass dës Diskussioneen intensiv während der Lëtzebuenger Présidence vun dem Benelux-Parlament an de Joren 2007 an 2008 gefouert goufen? Ons Vertrieeder aus der Chamber hei hunn do eng ganz gutt Aarbecht geleescht.

Fir d'Regierungen aus den dräi Länner Holland, Belsch a Lëtzebuerg war et awer un ufank u kloer, dass si de Benelux-Traité weiderféiere wollten. Si hunn awer ze verstoe ginn, dass si den Traité aus dem Joer 1958, deen den 1. November 1960 a Kraaft getrueden ass, nei orientéiere wollten. De Benelux-Traité sollt zu engem performanten Outil fir d'Aarbechten am 21. Jorhonnert ëmgestréckt ginn. Hie sollt eng nei Dynamik an déi grenziwwerscheidend Zesummenaarbecht bréngen.

Dëst Zil ass fir d'Zukunft vun der Kooperatioun bäi Wäitem méi wichteg wéi déi historesch Missioun vun der Benelux, déi aus enger wirtschaftlecher Integratioun an der Schafung vun engem gemeinsame Maart bestan huet. An dat war zu enger Zäit, wou d'Europäesch Union nach an der Wéi louch. An de 50er Joren, besser gesot an de 50 Joer vu senger Existenz sinn nientend wirtschaflechen Interessen nei Beräicher, ënner anerem den Ausbau vun de reellen a virtuellen Infrastrukturen, d'Landesplanung, d'Energieversuergung an den Ëmweltschutz wéi och den Tourismus derbäikommt. Doriwwer eraus sinn an der jéngster Vergaangenheet d'Beräicher Justiz an Affaires intérieures ëmmer méi wichteg ginn.

D'Ausaarbechtung vun deem neie Benelux-Traité war dofir och vum decidéierte Wëlle gedroen, dass sech net méi haaptsächlech op déi wirtschaftlech Aspektter sollt konzentréiert ginn. Dofir sollt och den Numm vun der Zesummenaarbecht tëschent den dräi Länner geännert ginn, an zwar „Benelux-Union“, an net méi „Benelux-Wirtschaftsunion“, well jo aner Gebidder och mat bäikommt sinn. Et gëtt gewënscht, dass déi dräi Benelux-Länner weiderhin, obscho si am Verglach zu anere Memberstaaten zu de Kleng- a Mëttelstate gehéieren, eng Virreiderroll bannent der Europäescher Union spille sollen an doriwwer eraus déi grenziwwerscheidend Zesummenaarbecht op verschiddene Sujete verdeiwe sollen.

Deen neie Benelux-Traité reit sech esou an d'Logik vun deem alen Traité an. Duerch den Traité, dee si bënnt, kënnen si am Virfeld vun den europäesche Conseilen hir Position diskutéieren a mateneen ofstëmmen, fir méi Gehéier bei de Groussen ze fannen. Dat ass grad elo, an där schwieeger Zäit vu wirtschaftlecher Instabilitéit, wichteg, well een d'Gefill net lass gëtt, dass déi grouss Länner an der Europäescher Union sech zesummendoen, fir Europa no hire Visiounen nei ze uerdnen. Duerfir ass et wichteg, dass d'Benelux duerch concertéiert Aktiounen op der europäescher Bühn op sech opmierksam mécht, an dat zum Notze vu senger 25 Milliounen Awunner.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, an der Zukunft bliewen eng ganz Rei vu politesch relevante Beräicher bestoen, an deenen d'Gewicht vun der Europäescher Union net esou ausgeprägt ass. No dem Subsidiaritätsprinzip sollen op dem Niveau vun der Benelux déi Aarbechte gemaach ginn, no bei de Bierger, déi méi en direkten, grenziwwerscheidend Charakter droen.

Ech denken hei am Speziellen un déi grenziwwerscheidend Aspekter vun der Landesplanung, dem Tourismus, de grenziwwerscheidenden Naturparken, der Nutzung vun erneierbaren Energien an der Zesummenaarbecht vun der Polizei, notament am Beräich vun der Drogenbekämpfung. Hei huet d'Benelux schon eng Virreiderroll iwwerholl a kann als Beispill fir anerer dëngen.

Am Programm vun der Benelux fir d'Joren 2009 bis 2012 sinn dräi Kärberäicher ausgewise ginn: de Bannemaart an d'Wirtschaftsunion, déi nohalteg Entwécklung, d'Justiz an d'Affaires intérieures. Notament den Aménagement du Territoire an d'Energieversuergung wéi och déi sozial Kohesioun stelle weider wichteg Elementer an dësen dräi Beräicher duer.

Et soll hei awer och op déi gutt Zesummenaarbecht mat den dräi Länner aus dem Baltikum higewise ginn, mat deene mer an de leschte Joren eng ganz intensiv Kooperatioun haten, ënner anerem an de Be-

räicher Bekämpfung vum Mënschenhandel, der Energieversuergung, der Drogenproblematik an dem Ëmweltschutz.

Mat de véier Visegrád-Staaten hate mer keng esou eng gutt Kooperatioun. Do sinn déi Saachen net esou richtig virukomm. Wann et de Fall wier, da géif ee vläicht dovunner ausgoe kënnen, dass dräi Benelux-Staaten, véier Visegrád-Staaten an déi dräi baltesch State gemeinsam e flotte Kär kéinten duerstellen. Et ass nach e Wee fir déi nächst Joren.

Dass d'Benelux e liewegt politesch Element ass, beweisen d'Ufroe vun anere Regiounen a Länner an der Europäescher Union, fir mat ons zesummenzeschaffen. Esou läit, zum Beispill, de Wonsch vun dem däitsche Bundesland Nordrhein-Westfalen vir, dat sech gären un d'Benelux uschléisse wëllt. Deeselwechte Wonsch gëtt och vun der franséischer Regioun Picardie geäussert. Souguer am Rumm vun der Groussregioun gëtt et Leit, déi sech Gedanken maachen, d'Groussregioun an d'Benelux gemeinsam schaffen ze doen op verschiddene Sujeten. Mir schwätzen da scho vun „Benelux plus“.

Zum Ofschluss wëll ech eng Konklusioun zéien: D'Benelux kritt mat dësem neien Traité eng nei Orientéierung, déi hir nei Aufgabe bréngt an domadder nei Chancen. Un ons ass et elo, d'Matbiergerinnen an d'Matbierger op dës politesch Entitéit hinze weisen an hinnen déi Chancen a Méiglechkeeten ze erklären.

A well d'CSV an der Benelux eng wichteg politesch Stäip vun der Zesummenaarbecht an der Europäescher Union gesäit, kann ech och nëmme hiren Accord zu dësem Benelux-Traité erabréngen a soe wéi ëmmer Merci fir d'Nolauschteren.

» M. le Président. - An ech soen dem Här Oberweis Merci. Als nächste Riedner ass den Här Charles Goerens agedroen. Här Goerens, Dir hutt d'Wuert.

» M. Charles Goerens (DP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt och dem Rapporteur Merci soen, fir den Débat ageleet ze hunn iwwert d'Benelux, grad wéi mengem Virriedner. Ech hunn zwar liicht d'Gefill, wéi wann hei eng Verherrlechung gemaach gëtt vun där Benelux. Gewëss, d'Benelux huet an der Vergaangenheet eng ganz Partie positiv Elementer an seon actif ze setzen. Ech denken do haaptsächlech un déi Impulsgeberfunktioon vun der Benelux-Assemblée, wou jo eng Partie Lëtzebuenger sech gutt geschloen hunn, déi deenen Débaten och déi néideg Dignitéit verleeven hunn an déi enger ganzer Partie Parlamentarier d'Méiglechkeet ginn hunn, mat de Ministere aus deenen dräi Länner a Kontakt ze kommen.

Et muss ee sech awer d'Fro stellen, an enger Zäit, wou mer an Europa an engem Désordre institutionnel sinn, wat d'Benelux kann dozou bäidroen - dat ass menger Meinung no d'Kärfro -, fir deen Désordre institutionnel ze atténuéieren respektiv erëm aus der Welt ze kréien. Dat schéngt mer d'Kärfro ze sinn, déi an dëser Debat muss ugeschnidde ginn.

D'Verherrlechung: Gut, et kann ee positivéieren, mä et gëtt awer och eng Partie Schietsaiten. Zum Beispill, ganz rezent hunn ech d'Gefill, dat an enger ganzer Partie Dossieren d'Benelux net mat hirem ganze Potenzial geschafft huet. Ech denken zum Beispill un eng Partie Positionen, wou mer keng Eenegkeet kréien.

An der Siëgeffro vum Europaparlament, déi de Moment net akum ass, hu mer ni eng Eenegung fonnt, weder mat de Belsch nach mat eisen hollännesche Partenaire. Ech hunn och d'Gefill, dat déi rezent Bankekris och net e Musterbeispill war vun engem gudden Fonctionnéiere vun der Benelux als politesche Forum. Ech hu bis haut nach keng richtig an zefridde stellend Äntwert kritt iwwert de Rôle, deen ënner anerem d'hollännesch Zentralbank gespilt huet beim Anhalen, beim Zréckhale vun de Reserve vun der AMRO-Bank.

Wann do déi Liquiditéiten der Bank Fortis hätte kënnen zougefouert ginn, hunn ech d'Gefill, hätt vläicht d'Kris, wann net prévenéiert, awer zumindest kënnen atténuéiert ginn. Mir hunn ni Äntwerte kritt op déi dote Froen. Ech wollt se awer trotzdem nach eng Kéier opwerfen, fir och ze beweisen, dat, wann ee fir d'Pertinenz vun esou engem Gremium oder vun esou enger Institutioun wéi der Benelux schwätzt, een den awer och da muss a méi kritesche Phase kënnen uruffen, gebrauchen, fir eben d'Partenaire méi no beieneen ze bréngen.

D'Vocatioun, déi d'Benelux huet, ass natierlech enorm grouss. Ech hu vum Désordre institutionnel geschwat. Do kënn d'Benelux elo erëm eng Kéier Pionéieraarbecht

leeschten a soen: Dat, wat elo zum Beispill Éisträich a Lëtzebuerg rezent passéiert ass, an déi Manéier, wéi déi, déi net zu deene ganz grouse Länner gehéieren, systematesch écartéiert gi bei gewëssene Dossieren, sinn Experienze, déi hunn der elo emol zwee ganz direkt gespuert, mä et sinn awer nach 20 bis 23 Länner, déi och kënnen an déi dote Situatioun kommen.

Wann een e G4 kreiert an der Europäescher Union, da kreiert een automatesch och e G23. De G4 sinn déi, déi mengen, si wiere beruff fir d'Wuel vun dräi Véierel vun der Mënscheit mat ze entscheeden. An de G23 sinn déi, déi spieren, dat se bei deem Décisiounsprozess net derbäi sinn. Esou eppes ass inakzeptabel. Ech hu bis haut nach keng Prise de bec héiere vum Benelux-Conseil, dee sech an där Hisiicht manifestéiert hätt.

Ech mengen, et wier déck Zäit, dat géif ugefaange ginn, eng strukturéiert Diskussioun ze féieren, wéi een dee Schued, dee bis elo scho geschitt ass, ka lues a lues reduzéieren a verënnere, fir dat an Zukunft dat do net nach eng Kéier passéiert, fir dat de Benelux-Conseil och kann an Zukunft eng Quell vun Inspiratioun gi vun anere Länner, déi sech sichen an déi Kooperatioune wëllen errechen zu zwee, dräi, véier Länner.

Et ass geschwat gi vun de baltische Republiken, déi sech am Ufank vun der Benelux inspiréiere gelooss hunn, fir déi éischt Kooperatioune an d'Wee ze leeden. Dat ass ganz positiv. Datselwecht géllt och fir de Maghreb. Dat ass och an der Rei. Mä fir dat d'Benelux och dat Beispill, déi beispillhaft Funktioun ka virun ausféieren, muss se selwer eng Kéier mat sech ganz seriö zu Kouer goen, en Examen de conscience maachen a kucken, wat hir Strategie ass, fir an Zukunft an deem méi schwierigen internationalen Ëmfeld eppes ze bewegen.

Dat gesot, si mer selbstverständlech der Meenung, dat deen Text hei eis Zoustëmmung ka kréien. An ech géif och eise Kolleegen alleguer hei an der Chamber wënschen - déi eng exzellente Aarbecht maachen an deem Benelux-Conseil, woubäi „exzellente“ nach vill ze vill schwach ass, fir dat auszedrücken, wat ech emfannen, wann ech doriwwer schwätzen -, dat déi déi Impulser kënnen weiderdroen, déi mir an deem méi bescheidene Rahmen heibannen zum Ausdrock bruecht hunn.

Ech soen Iech Merci.

» M. le Président. - An ech soen dem Här Goerens Merci. Als nächste Riedner ass den Här Fayot agedroen. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

» M. Ben Fayot (LSAP). - Här President, ech wollt och selbstverständlech dem Rapporteur Merci soe fir seng gutt Aarbecht. Ech hunn dat an der Kommissioun gesinn, wéi intensiv hie sech domat ofginn huet. Ech wollt selbstverständlech och emol all deene Kolleegen heibanne Merci soen, déi an der Benelux tätig waren, am Benelux-Parlament, dem Roger Negri, dem President. Dat ass wierlech eng wichteg Aarbecht, déi net ëmmer richtig unerkannt gëtt, an ech wollt dat hei awer trotzdem maachen.

Dann, Här President, just eppes Politischesch, well ech keen esou grouse Spezialist vun der Benelux sinn. Déi Saachen, déi mer déi lescht Zäit hu missen zu Lëtzebuerg héiere vu groussen Nopere, déi Prozeduren, déi grouss Nopere mat anere grouse Länner ageleet hunn, fir méi kleng a mëttel Länner an Europa an d'Knéien ze kréien, weisen, dass déi laang Geschicht, déi Europa huet, nach net zu Enn ass. An déi laang Geschicht ass geprägt duerch de Wëlle vu grouse Länner, déi vill kleng a mëttel Länner, déi et an Europa gëtt, ze dominéieren, op déi eng oder aner Manéier. Dat ass an der Vergaangenheet heiansdo militäresch geschitt, dat gëtt elo méi diplomatesch oder iwwer aner Methode gemaach.

Duerfir wëll ech drun erënneren, dass d'Benelux, oder déi Zesummenaarbecht vun der Belsch nach Lëtzebuerg a mat Holland, och eng al Geschicht ass. Dat ass déi al Geschicht an den 30er Joren, wou kleng Länner probéiert hunn, sech géint deen Imperialismus, engersäits vun

Däitschland an anerersäits och vu Frankräich, ze wieren, fir also en Anker ze fannen, fir e bësse méi grouss ze sinn an duerch d'Zesummenaarbecht dann och deenen d'Stir kënnen ze bidden. Dat schéngt mer eppes ze sinn, wat bei der Benelux misst erhale bleiwen, also dee politesche Wëllen, zesammenzeschaffen.

Selbstverständlech, dat Konkret, dat All-deeglech ass wichteg, mä de politesche Wëlle muss do sinn. Deen ass leider net ëmmer do, an dat hu mer gesinn. Während dem Konvent ass probéiert ginn, trotzdeem e bësse méi politesch ze sinn, mä an deene leschte Joren an och an deene leschten Deeg ass dat net de Fall. Ech fanne schonn, dass d'Benelux méi politesch misst ginn, fir déi Roll, déi se huet, fir dräi kleng Länner an Europa zesammenzeschweessen an hinne och méi politesche Poids an Europa ze ginn, wéi se dee vläicht eenzel hunn.

D'Benelux ass net iergendeppes; d'Benelux ass an dem Häerz vun Europa. D'Häerz vun Europa ass eben och téschent Däitschland a Frankräich. Duerfir fannen ech d'Benelux esou wichteg, och fir d'Zukunft vu Lëtzebuerg, a mir sollen ons also och weider doranner engagieren.

Dat gesot, selbstverständlech si mer als Fraktioun mat deem Traité do d'accord.

**» Plusieurs voix.** - Très bien!

**» M. le Président.** - Ech soen dem Här Fayot Merci. Als nächste Riedner ass den Här Félix Braz agedroen. Här Braz, Dir hutt d'Wuert.

**» M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).** - Merci, Här Präsident. D'Benelux an d'Benelux-Kooperatioun ware während ganz laange Joren an am Fong och Jorzéngten e bëssen e Virbild an Europa fir d'Aart a Weis, wéi ee kéint zesummeschaffen téschent europäesche Länner.

Et ass och duerfir keen Zoufall, dass grad d'Benelux sech mat de baltische Republiken an enger méi enker Kooperatioun haut erëmfénnt, well och do nom Zesummebroch vun der Mauer a vun der Sowjetunioun no Beispiller gesicht ginn ass, wéi ee kéint Noperschaften an heiandsdo och Feindschaften an der Zesummenaarbecht iwwerwannen. Fir déi Länner war d'Benelux e Beispill, wou ech net weess, wat hir Konklusioun sinn, déi se doraus konnten zéien. Mä Fakt ass: Si schaffen zesummen haut an enger enker Kooperatioun an inspiréiere sech haut nach ëmmer un der Benelux. Si sinn, zum Beispill, bei all de Plénières-Sitzunge vum Benelux-Parlament als Invités präsent a bedeelege sech och un deenen dote Sitzungen.

De Benelux-Traité muss awer erneiert ginn, well e juristesche ausleef den 31. Oktober vum nächste Joer, no 50 Joer, an ech mengen awer och, well de Benelux-Traité vu sengem Contenu hier och ausgelaf ass oder amgaangen ass, auszelaufen.

Ech wëll grad wéi de Kolleeg Charles Goerens d'Benelux net idealiséieren, mä ech mengen awer, dass d'Benelux laang Zäit e Rôle gespillt huet als juristesche Laboratoire, wann een esou wëllt, vun der europäescher Konstruktioon - e Rôle awer, dee se lues a lues verluer huet. Duerch déi ëmmer méi verstärkten europäesch Integreatioun ass deen dote Rôle vun der Benelux lues, mä sécher an den Hannergrond geréckelt an de leschten zwee Jorzéngten. Dat ass net schlecht, well mer jo eppes amplaz kritt hunn, wat duerchaus positiv ass. Dat bréngt awer déi, déi an der Benelux sinn, dozou, sech d'Fro müssen ze stellen, wéi eng Zort Kooperatioun mer dann an Zukunft ustriewen.

Nëmmen eng Verlängerung ze maache vum auslafende Benelux-Traité wär keng Äntwert gewiescht. Wuel ass de Wëllen do bei deenen dräi, fir weider zesammenzeschaffen, mä et konnt net op där Basis weidergemaach ginn, op där an de leschte 50 Joer zesummegegheft ginn ass, well ganz einfach d'Realitéit vun der europäescher Konstruktioon d'Benelux vun engem groussen Deel vun hirer Substanz ganz einfach vidéiert huet. D'Realitéit huet de Benelux-Traité iwwerholl.

Duerfir war et noutwendeg, net nëmmen e juristesche auslafenden Traité ze erneieren,

mä et war noutwendeg an ubruecht, deen Traité vu sengem Contenu hier ze erneieren.

Mir mengen als gréng Partei, dass een dem Benelux-Konstrukt nach ëmmer op deem Punkt wéi an der Vergaangenheet e politesche Rôle awer misst ginn, och um Niveau vun der Europäescher Unioun, manner als legale Laboratoire, awer nach ëmmer als e Grupp vu Länner, déi politesch zesummeschaffen.

Dat klappt am Moment net perfekt. Dat klappt am Moment net esou, wéi mer eis et géife wënschen. Mir hu Schwieregkeete gehat, wéi de Kolleeg Goerens schon ugeschnidden huet. Mir haten anerer ronderëm d'Approbatioon vum Traité constitutionnel, wou mer jo alles anescht wéi aus engem Mond geschwat hunn.

Dir hutt jo all nach an Erënnerung, dass d'Hollänner den Traité via Referendum contrairement zu eis verworf haten. Dat war net näischt fir dräi Länner, déi gewinn sinn, enk zesummeschaffen an e Stéck Virbild a Motor ze si fir anerer oder Beispill ze si fir anerer an der europäescher Konstruktioon. Dat war méi wéi seriöe Couac. Dat war awer net deen eenzeg an de leschte Joren.

Mir haten eis als gréng Fraktioun, zum Beispill, och gewënscht, dass ronderëm dee G20 do och anerer sech méi bemierkbarm gemaach hätten, fir ze soen, dass dat net geet. Elo wësse mer och, dass d'Diplomatie net ëmmer an den Zeitungen, an der Öffentlechkeet stattfénnt, mä si fénnt awer och net ëmmer net an der Öffentlechkeet statt. An dat heite wär eng Geleeënheet gewiescht, fir sech méi bemierkbarm ze maachen a kloer ze soen, dass dat doten un d'Grondlage geet vun der europäescher Konstruktioon an ënner kengen Emständn kann akzeptéiert ginn a sech och net däreif widderhuelen.

Duerfir menge mer, dass um Niveau vun der Benelux, wann de politesche Wëllen nach ëmmer do ass, fir zesummeschaffen, et an den nächste Joren eisichter an enger méi konkreter Zesummenaarbecht sech misst bemierkbarm maachen. Wéi gesot, manner dee Rôle vum legale Laboratoire, mä méi e praktesche Rôle am Alldag.

Dat maache mer zum Deel a souguer ganz gutt um Niveau vun der Coopération policière. Do gétt et eng Abberzuel vun Initiative fir eng Coopération policière an der Benelux. Doriwwer gétt et jo och en Traité. Et gétt och den Traité vu Prüm, deen deelweis domat offierft. Mir hunn eng ganz Rei praktesche Beispiller vu Kooperatioun téschent deene Länner an de leschte Jore gehat, wat ganz sénnvoll Exercice sinn, déi och do den Nationalstat iwwerwannen an am Fong eng gemeinsam Äntwert ginn op e Problem, dee jiddweree bei sech punktuell kann hunn. Dat ass eng wäertvoll Saach.

Mir kënnen eis awer genausou virstellen, dass ee méi praktesche kann zesummeschaffen a méi konkret kann zesummeschaffen am Beräich vun der Ëmweltpolitik oder och vun Elementer vu Mobilitéitspolitik respektiv vu Landesplanung. Dat si ganz konkret Terrainen, wou mer wëssen, dass mer d'Problemer komplett deelen, well mer wëssen, dass mer alleguerten iwwer wéineg Territoire verfügen, d'Belsch nach manner wéi mir, an d'Hollänner nach vill manner wéi d'Belsch a wéi mir. Mir müssen also enk gestache Planunge maachen op engem Territoire, dee sech op knapps 200 Kilometer Loftlinn regroupéiert. A wa mer do net zesummeschaffen am praktesche Alldag vu Planungen, vun Eisenbahnschinnen, vun Stroosseprojeten, vu Kanalprojeten an anerer nach, an och am Ëmweltberäich, dann, mengen ech, hu mer eng Chance verpasst.

Dat wär an eisen Aen de méi konkrete Volet an den nächste Joren, eisichter dat, wou d'Benelux nees kéint komplett hire Rôle erfüllen, eng reell Plus-value bréngen an tatsächlech och zu praktesche Resultater féieren, déi Kéier um Terrain a manner an den europäeschen Texter.

E bësse méi skeptesch si mer awer, wat d'Initiativ betrëfft, déi virun net allze laang geholl ginn ass téschent der Benelux an Nordrhein-Westfalen. Do hu mer gemëschte Gefiller. Et ass absolut noutwendeg an ubruecht, dass hei an der Regierung zesummegegheft gétt mat den Nopeschregioune an engem europäeschen an euronale Geescht, och mat Frankräich a mat anere Regioune nach.

Allerdéngs, déi institutionell Vermëschtung, déi mer maachen, wann engersäits State mat - an deem Fall - engem Bundesland Accorden ofschléissen, do sinn ech net sécher, dass dat op all den Niveauen nëmme Plus-valü bréngt. Duerfir, mir sinn net géint deen Accord, deen huet duerchaus eng Rei vu praktesche Virdeeler, déi mir zu Lëtzebuerg manner spiere wéi do an där doter Géigend, wou se méi zum Droe

kommen, mä mir sinn awer der Meinung, dass d'Benelux net soll sech wéi e Verbond vu Regioune behuelen an net wéi e Verbond vu Regioune optrieden, mä et ass an der eisichter Linn nach ëmmer e Verbond vu Staaten, dee ka Kooperatioun maachen.

Mä mir mengen net, dass een déi doten institutionell Form vu Kooperatioun och ze vill soll idealiséieren. Do gétt et och Saachen, déi net dofir schwätzen. Dat soll ee vläicht mat aneren Instrumenter eiser Meinung no och méi zielführend vläicht probéieren unzestriewen. Déi do Vermëschtung huet net nëmme Guddes.

Mä dat gesot, bréng mir eis Zoustëmmung fir den neie Benelux-Vertrag, well mer mengen a gleewe fest dorun, dass déi Benelux-Kooperatioun nach ëmmer eng exzellent Zukunft huet. Dass se eng exzellent Vergaangenheet huet, hu mer gesinn, mä hir gehéiert och d'Zukunft.

Mir freeën eis mat eise belsen an hollännesche Partner, nach méi enk an den nächste Jore kënnen zesummeschaffen.

**» Plusieurs voix.** - Très bien!

**» M. le Président.** - Ech soen dem Här Braz Merci. Elo kritt d'Regierung d'Wuert. Den Här Ausseminister Jean Asselborn huet d'Wuert.

**» M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration.** - Här Präsident, Dir Dammen an Dir Hären, och ganz kuerz vu menger Säit. De Premier an ech, mir hunn de 17. Juni 2008 den neien Traité Benelux ënnerschriwwen.

Ech mengen, am Numm vun der Regierung däreif ech soen, dass mer frou sinn, dass d'Chamber esou séier geschafft huet, dass den Här Angel sech esou hannendru gesat huet, an en och net nëmme an e gudder Rapport gemaach huet an eng gutt Aarbecht gemaach huet, an awer och déi ganz Kommissioun, déi matgehollt huet.

Ech géif vläicht op e puer Remarquen agoen, déi hei gemaach gi sinn, och vläicht méi eng realistesche-kritesch vum Charles Goerens, a probéieren dann awer vläicht, dat Institutionell, wat mer net däreif vergessen, eng Kéier an de Vierdergrond ze stellen.

Ech mengen, Dir wësst, dass déi dräi Regierunge jo wéi gesot hätte kënnen soen: „Gutt, 50 Joer Benelux, et geet elo duer, institutionell brauche mer näischt méi bäizefügen.“ Ech mengen, dat wier e schlecht Zeeche gewiescht, well mer wëlle jo och alleguerten déi Acquisen, déi mer an der Vergaangenheet opgebaut hunn, mat eran an d'Zukunft huelen a virun allem och weisen, dass mir déi Virreiderroll, déi mer gespillt hunn, och an Zukunft wäerte behalen.

An ech soen nëmme ee Wuert: Dat sinn déi véier Fräiheeten, déi véier Fräiheeten, déi elo d'Basis sinn an Europa. Déi véier Fräiheeten hunn an der Benelux bestanen, ier se an der Europäescher Unioun bestanen hunn.

Ech wëll och soen, dass mer wierklech jo probéiert hunn an d'Benelux-Parlament, wat och jo hei zu Lëtzebuerg mat getaagt huet - ech war d'leschte Kéier eng Kéier hei, wou de Roger Negri presidéiert huet a wou och de Marcel Oberweis eng ganz aktiv Roll gespillt huet -, an anerer hu sech och hei agesat, fir dass mer déi nei Créneaven, wéi zum Beispill an der Wirtschaft, d'nohaltig Entwécklung, d'Justiz, d'Affaires intérieures, vill grouss Projeten, och am Transport an esou weider, dass mer déi am Benelux-Rahme wëllen traitéieren.

Wat dee politeschen Aspekt ugeet, wëll ech jo hei kloer sinn, well ech jo all Dag erliewen, wéi politesch d'Benelux matenee fonctionnéiert. Mir kommen als Ausseministere regelméisseg zënter dem Enn vun eiser Présidence zesummen, virun all Conseil „Affaires générales“, a wann ech hei...

**» Mme Colette Flesch (DP).** - Dat war virdrun och.

**» M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration.** - Mä et war eng Zäit ënnerbrach, Madame Flesch, et war eng Zäit ënnerbrach. Et huet net méi bestanen, an no eiser Présidence hu mer erëm ugefangaen.

Do kucke mer ëmmer, ech géif soen, an 90% vun de Fäll vun Initiativen, déi mer huelen oder vu Reaktiounen, déi mer ofginn, si mer eis eens.

Mä mir sinn eis net iwwerall eens. Dat muss Der och verstoen. Et sinn dräi Länner, mä et sinn och dräi politesch Familien, déi zum Beispill d'Ausseministere stellen: déi Liberal an der Belsch, déi Chrëschtlech-Sozial an Holland an dann hei zu Lëtzebuerg d'Sozialisten.

Et ass net, dass déi politesch Trennung do elo all Kéiers d'Ursach ass, wa mer Divergenzen hunn, mä et ass esou, dass mer zum Beispill eng Divergenz hunn, eng fundamental Divergenz, wéi mer mam Balkan sollen ëmgoen. D'hollännesch Säit an déi belsch Säit hunn eng aner Approche, wéi mir se hunn, wéi ee mat Serbien soll ëmgoen. Dat ass evident. Dat weess all Mënsch. Et gétt och eng aner Sensibilitéit, fir mam Moyen-Orient ëmzergoen an deenen dräi Länner.

Et deet mer och leed, dass am Durban-Prozess, wou d'Belsch jo eng Virreiderroll gespillt hunn - si hunn d'Koordinatioun gemaach - a mir Lëtzebuerg komplett op där Linn waren, d'Kollegen an Holland do, vläicht och duerch d'Geschicht bedéngt, eng aner Positioun haten.

Dat ass awer näischt Negatives, wat ech soen. Dat ass eben dee politesche Prozess, wou mer dra sinn. Awer den Här Goerens huet scho Recht: Wa mer institutionell d'Benelux als eppes dohinnerstellen, wou mer alles kënn léisen a wou mer ëmmer eng gemeinsam Positioun hunn, dat wier komplett falsch.

Mä trotzdeem: D'baltische Länner zum Beispill inspiréiere sech gären an eis. Virun e puer Deeg ware mer zesummen, déi dräi Benelux-Ministere mat deenen dräi baltischen Ausseministere, zu Veianen. Et gesäit een, dass et awer do eng ganz grouss Demande gétt, fir e wéineg ze léieren, wéi mir dat gemaach hunn, wéi mer an der Benelux evoluéiert hunn. Well d'Kooperatioun téschent de baltische Staaten zum Beispill ass op ville Gebidder null. Déi gétt et net do.

Zum Beispill, och eleng, dass mir vertraued si vun de belsche Konsulater oder vun den hollänneschen Ambassaden, wat jo scho ganz laang besteet - ganz, ganz laang. Scho virum Krich ass et dat jo ginn.

**(Interruption)**

Voilà, d'19. Jorhonnert. No de Russe sinn d'Hollänner komm, déi eis vertraued hunn. Mä ech mengen awer, dass dat zum Beispill Punkte sinn, déi een am Gespréich mierkt, dass se scho stark interesséiert sinn, wéi een hir Kooperatioun kéint verdéiwen.

Ech wëll nach vläicht ee Punkt soen, dee wichteg ass: D'Benelux ass keen Zwerg. An ech versiche just, mat dräi Chifferen lech dat ze soen. Politesch si mer net déi Stärkst. Mä wa mer politesch am Conseil oder am Conseil européen zesumme Stellung bezéien, ass dat méi, wéi wann déi dräi Länner eenzel dat géife maachen. Mä ech kann lech soen: D'Benelux ass, wann een de PIB zesummerechent, déi sechst Force an der Europäescher Unioun. Si kënn also direkt no deenen dräi Groussen, an no Italien a Spuenien ass d'Benelux.

Mir sinn an der Europäescher Unioun, wat de Commerce extérieur ugeet, un zweeter Plaz. Mir sinn un zweeter Plaz. No Däitschland kënn d'Benelux. Um Niveau mondial si mer, wat de PIB ugeet, als Benelux déi 15. A wat de Commerce extérieur ugeet um Weltniveau si mer déi Drëtt. Dat heescht, no Amerika, no Däitschland, kënn d'Benelux.

Dat si vläicht Chifferen, déi een net esou am Kapp huet, mä do gesitt Der, dass, wa mer och iwwer d'Benelux-Parlament schwätzen heibannen oder iwwer d'Kooperatioun an der Benelux, dat ass net nëmme eng Additioun vun deenen dräi Länner. Dat stellt schon eng Entitéit duer, déi jo ekonomesch ganz staark - wann een addéiert, selbstverständlech - an der Welt Gewiicht huet.

Merci.

**» Plusieurs voix.** - Très bien!

**» M. le Président.** - Ech soen dem Här Vizepremierminister an Ausseminister Jean Asselborn Merci. Mir kéimen dann elo zur Ofstëmmung iwwer de Projet de loi.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmung fänkt un. Vote par procuration. De Vote ass heimat ofgeschloss.

De Projet de loi 5970 ass uegholl gi mat 56 Jo-Stëmme.

Resultat définitif après redressement: le projet de loi 5970 est adopté à l'unanimité des 57 votants.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marc Spautz), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hettog-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred



Sonnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Romain Schneider), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner (par M. Roger Negri) et Mme Vera Spautz;

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen (par M. Charles Goerens), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Anne Brasseur), Alexandre Krieps (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch (par M. Eugène Berger) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen (par M. Jacques-Yves Henckes) et Jacques-Yves Henckes.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

#### (Assentiment)

Domadder ass dat esou decidéiert.

Als nächste Punkt vun eisem Ordre du jour hu mer de Projet de loi iwwert d'Aide sociale. Et si schon ageschriwwen: den Här Schaaf, d'Madame Flesch, d'Madame Spautz, d'Madame Loschetter, den Här Mehlen an den Här Klein. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, déi honorabel Madame Sylvie Andrich-Duval. Madame Andrich-Duval, Dir hutt d'Wuert.

## 9. 5830 - Projet de loi organisant l'aide sociale

### Rapport de la Commission de la Famille, de l'Égalité des chances et de la Jeunesse

»»» Mme Sylvie Andrich-Duval (CSV), rapportrice.- Haut schreiw mer, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, e Stéck Sozialgeschicht hei zu Lëtzebuerg. Eng net méi un déi heiteg Zäiten ugepasste Gesetzgebung aus dem 19. Jorhonnert gëtt ausser Kraaft gesat. Et handelt sech méi speziell ëm déi kinneklech-groussherzoglech Bestëmmung, en Arrêté vum 11. Dezember 1846, deen d'Reorganisatioun an d'Reglementatioun vun de Wueltätegkeetsbüroer virhëlt, an ëm d'Gesetz vum 28. Mee 1897 iwwert de sougenannten Domicile de secours. Et gëtt héich Zäit, ob-schonn de Législateur dat schon 1938 ouni Succès probéiert hat, dass eis Gesetzgebung un d'Realitéit vum haut ugepasst gëtt, wéi dat schon an eisen Nopeschlänner de Fall ass, an dass och elo zu Lëtzebuerg en elementaart Recht op Sozialhëllef agefouert gëtt.

Ëmsou méi dréngend ass et, well mer am Moment duerch eng schlëmm Finanz- a Wirtschaftskris ginn, wéi mer se an deene leschten 30 Joer net méi kannt hunn. An esou enger Phas, déi nach eng Zäitche wäert daueren, komme vill méi Leit, déi duerch d'Ëmstänn vun dëser Kris nach méi fragiliséiert ginn, a schlecht Dicher a wäerten op Sozialhëllef ugewise sinn.

Fir friddlech virun zesummenzeliwien an déi sozial Kohesioun am Land ze erhalen, brauche mer onbedéngt modern an un d'21. Jorhonnert ugepasste Moosnamen, fir d'Sozialhëllef hei zu Lëtzebuerg ze garantéieren.

Um Plang vun der Sozialpolitik goufen am leschte Jorhonnert hei zu Lëtzebuerg eng etlech Gesetzesinitiative geholl. Dëst sinn alles wichteg Moosname géint d'Aarmut an déi sozial Ausgrenzung, déi sech awer op nationalem Plang ofgespillt hunn. Et ass elo absolut dréngend, fir d'Sozialhëllef och op lokalem, also kommunalem Niveau nei ze regelen.

Et sinn d'Gemengen, déi no beim Bierger sinn an déi domat beschdens placéiert sinn, fir de Mënschen an Nout an hirem direkten Ëmfeld déi néideg Hëllef zoukommen ze loossen iwwer eng Vernetzung vun den Hëllefsservicer um lokalen Niveau.

Villes huet sech geännert an deem leschte Jorhonnert. D'Aarmut huet en neit Gesicht kritt a gesäit also net méi aus wéi fréier. D'Leit si mat vill verschiddene soziale Problemer konfrontéiert. Trotz eisem héije Wueltstand sinn awer och eng Rei Leit duerch d'Masche vum Filet gefall.

Et sinn net méi onbedéngt Leit, déi biedele ginn, Honger leiden a keen Daach méi iwwert dem Kapp hunn, mä Persounen, déi an enger fragiler familiärer, gesondheet-

lecher an Aarbechtssituatioun sinn. Konsumente mat wéineg Kafkraaft, deenen et u sozialen a kulturelle Kompetenze feelt an déi net seelen an d'Iwwerverschëldung ofgerutscht sinn.

Egal wéi, et ass e Fait, dass d'Aarmut en Däiwelskrees ass, aus deem ee schwéier nees erauskënnt. Duerfir brauche mir modern Instrumenter, déi un d'Besoinë vun de Leit ugepasst sinn an déi et erméiglechen, där neier Aarmut mat hire ville verschiddene Gesichter ze begéinen, fir déi néideg Léisungen erbäizeféieren.

Och elo gëtt et schon eng ganz Rei Gemengen, déi an hiren Offices sociaux oder an anere weidere soziale Servicer eng exzellent professionell Sozialaarbecht leeschten. Mä déi aktuell gesetzlech Dispositiounen ginn awer oft anescht vu Gemeng zu Gemeng applizéiert, an net all Gemeng konnt sech bis och e professionelle Service ginn, dee fir dës Missiounen zoustänneg war. Noutsituatiounen goufen en bon père de famille geregelt, wat leider net ëmmer duergeet, och wann d'Hëllef gutt gemengt ass. Déi betrafte Leit fille sech nämlech dobäi net wuel, mä éischer erniddregt an dëser Situatioun.

D'Gemengenentitéit selwer hu sech och verännert am Laf vun der Zäit, gradesou wéi dass d'Déplacementer vun enger Gemeng zur anerer och haut vill méi einfach a schnell sinn.

D'Kaderbedéngunge mussen also ugepasst ginn, an déiselwecht Konditiounen a Kritäre solle fir all Gemenge gëllen, fir wirk-sam a virun allem gerecht géint d'Aarmut an d'sozial Ausgrenzung zu Lëtzebuerg ze kämpfen, an dat an aller Dignitéit fir déi Mënschen, déi betraff sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Haaptelementer vum virleiende Gesetzesprojet si folgend:

1. d'Afféierung vun engem Recht op Sozialhëllef. Jiddwereen, dee sech zu Lëtzebuerg ophält, huet d'Recht op Sozialhëllef, déi him et erméigleche soll, e mënschewierdegt Liewen ze féieren. Duerch d'Afféiere vun dësem formelle Recht fillen déi betrafte Leit sech manner ofgestempelt a si sinn net méi willkrälechen oder souguer erniddregenden Décisiounen ausgesat. D'Gesetz gesäit och verschidden Ausnahmen vir. Wat och nei a ganz wichteg ass, ass, dass deen, deen d'Hëllef freet, elo d'Recht kritt, e Recours géint déi gehollen Décisiounen an d'Wee ze leeden.

2. de globalen a kohärenten Charakter vun der Sozialhëllef. Bei der Ëmsetzung vun der sozialer Hëllef gëtt de Mënsch als e Ganz gekuckt, mat all senger Problemer a Facetten. Hei gëtt op eng sozial Begleitung vun der Persoun an Nout gesat, wou selbstverständlech déi materiell Hëllef an eng Noutwunneng derzou gehéieren, mä déi awer nëmme en Deel vun engem globale Suivi duerstellen. Esou gëtt d'Autonomie vun de Persounen a Famillje gefördert an eng sozial Ausgrenzung verhënnert.

D'Hëllef ass subsidiaresch zu deene bestehende soziale Rechter, an den Zougank zu deenen anere gesetzlech verankerte soziale Moosname gëtt erméiglecht, wann zum Beispill de Client un e spezialiséierte Service weiderorientéiert gëtt. Dat ass och eng Manier, fir engem virunzehëllefen.

3. En drëtt wichteg Element ass, dass déi Sozialhëllef op kommunalem Niveau verankert bleift. Andeems d'Sozialhëllef am Kader vun de Gemenge bleift, gëtt dem Wonsch vun de Gemenge Rechnung gedroen, fir d'Kompetenz op deem Gebitt ze behalen. Et erméiglecht och, grouss strukturell Changementer ze évitieren an déi ganz engagéiert Aarbecht vu munche Gemengen am soziale Beräich ze respek-tieren. Dës Hëllef op nationalem Niveau ze zentraliséieren, géif kee Sënn maachen an en onmoosseggen Opwand bei der Ëmsetzung verlaangen.

4. ginn d'Strukturen an de Fonctionnement vun den Office-sociauxen ugepasst. D'Terminologie „Office social“ ass bäibehale ginn, well se gutt agebiert ass. Den Office social bleift weiderhin als öffentliche Arichtung mat enger juristescher Personalitéit bestoen a fonctionnéiert och ënnert der Responsabilitéit vun der Gemeng.

D'Zuel vun den Office-sociauxen gëtt awer reduzéiert. All Gemeng vun op d'mannst 6.000 Awunner schafft en Office social oder trëtt, wa se dat decidéiert, zesumme mat anere Gemengen engem gemeinsamen Office social bäi. D'Gemenge vu manner wéi 6.000 Awunner muss sech hirersäits mat enger oder méi Gemenge regroupéieren, fir op eng Mindestbevölkerung vu 6.000 Awunner ze kommen an esou e gemeinsamen Office social duerstellen, deen ënnert d'Opsicht vun där Gemeng, déi den Haaptsätz kritt, gesat gëtt.

Déi Masse critique vu 6.000 Awunner stellt e rasonnabele Komproméss duer, fir eng optimal Gestiou vum den neie Strukturen ze garantéieren an d'kommunal Autonomie esou wäit wéi et méiglech ass ze respek-tieren. Esou gëtt e vergléichbare Quali-téitsservice am ganze Land ugebueden, deen no genuch beim Bierger ass.

5. Dat fënneft Haaptelement ass, dass de Bénéficiaire vun der Sozialhëllef mat responsabiliséiert gëtt. Als Géigelesch-tung zu där Hëllef huet den Office social d'Recht, fir eng aktiv Mataarbecht vum Betreffenen u sengem Hëllefprojet ze verlaangen, deen zum Zil huet, fir seng Auto-nomie nees hierzestellen.

6. gëtt dann och de Fonctionnement vum Office social nei geregelt. Den Office social kritt e Verwaltungsrot, deen zoustänneg ass fir déi administrativ, finanziell a Personal-gestioun. Urgent Décisiounen iwwert d'Hëllefsmoosname sinn och méiglech. De Buergermeeschter oder e Member vum Schäfferrot kënnen un de Sitzunge vum Verwaltungsrot mat berodender Stëmm deelhuele, wa si dat fir néideg fannen.

All Office social muss d'Matwierke vun op d'mannst engem Assistant social oder Assistant d'hygiène sociale a sengem Service fir Sozialaarbecht garantéieren. En huet dräi Méiglecheeten, fir dëst ze realisieren: entweder duerch eegent uge-stalltent Personal oder duerch eng Konventioun mat engem net staatlechen Träger, deen d'Expérience op deem Gebitt huet an dee säi qualifizéiert Personal duerfir zur Verfügung stellt, oder awer duerch eng Kombinatioun vun deenen zwou Zorte Personal.

Och gëtt den Double emploi évitéiert, well de Gesetzestext virgesäit, dass enger Persoun, déi an enger Institutioon opgeholl gëtt, hir Openhaltsgemeng an där Gemeng bleift, wou se hiren offizielle Wunnsätz huet.

D'Berufssgeheimnis huet en héije Stelle-wäert bei deem virleiende Gesetzesprojet. Jiddwereen, dee sensibel Donnéeën am Kader vun den Aktivitéit vum Office social gewuer gëtt, muss sech un de Secret pro-fessionnel halen.

E weidert Haaptelement ass dann d'Verdee-lung vun de finanzielle Chargen. Och wa gewéss finanziell Schwankunge vu Gemeng zu Gemeng festgestallt ginn, muss eng gerecht Verdeelung vun der finanzieller Belaaschtung tëschent dem Stat an de Gemenge virgeholl ginn. Et ass virgesinn, dass de Stat an d'Gemeng de jährlechen Defizit zu gläichen Deeler finanzéieren, ënnert der Konditioun, dass d'Quote-part vum sozioprofessionelle Personal eng op 6.000 Awunner a vum administrative Personal en hallwe Posten op 6.000 Awunner net iwwerschreit. Dee gläiche Prinzip gëllt fir d'Indemnitéit vum President an d'Jetons de présence vun de Verwaltungsrotmem-beren.

Am Fall vun engem gemeinsamen Office social ginn d'Undeeler vun de Gemenge prorata zu hirer Bevölkerung fixéiert. Déi urgent humanitär Hëllefsmoosname ginn zu 100% zu Laaschte vum Stat.

All dës finanziell Bestëmmungen an déi partnerschaftlech Zesummenaarbecht ginn an enger Konventioun geregelt, déi d'Ge-meng mat deem zoustännegem Ministère, an dësem Fall dem Familljeministère, mat der oder de Gemengen ofschléisst. Wat do-riwwer erausgeet, wéi Immobiliékäschten, zousätzlech sozial Projeten oder d'Enga-gement vun zousätzlech Personal, gëtt an engem extra Accord festgehalten.

Ervirzehiewe bleift nach, dass d'Personal vun de jëtzege Office-sociauxen beim Transfert säi Statut an d'Kontrakter grad-esou wéi all seng Rechter an Avantage wäert behalen.

Nun zu de Préliminaires vum Gesetzesprojet. De Projet de loi N°5830 ass vun der Famill-jeministesche Madame Marie-Josée Jacobs den 22. Januar 2008 hei an der Chamber déposéiert ginn. Et louch en Exposé des motifs an e Kommentar vun deene jeeweilegen Artikele bäi.

Et koumen Avisen zum Gesetzesprojet era vun der Handelskummer, der Privatbeamte-kummer, der Aarbechterkummer, der Cham-bre des Fonctionnaires et Employés publics, der Handwierkerkummer, der nation-aler Associatioun vun den Assistant-so-ciauxen, Assistants d'hygiène sociale an Infirmiers gradués souwéi vun der konsult-ativer Kommissioun vun de Mënsche-rechter.

Der Vollständigkeit hallwer ass ervirzehiewen, dass nach aner Gremien drop gehalen hunn, hir Meinung matzedeelen. Et sinn dëst: de Gemengesyndikat Syvicol, d'Stied Lëtzebuerg an Esch-Uelzecht, d'Entente vun de Verwalter vun de Centres

d'accueil EGCA, d'Lëtzebuurger Rout Kräiz an d'Associatioun ATD Quart Monde.

Den Avis vum Statsrot kouw den 3. Februar 2009 eran, an en zousätzlechen Avis elo den 28. Abrëll.

An der Réunioun vun der Familljekom-missiou vum 20. März 2008 gouf de Gesetzesprojet de Membere vun där Kom-missiou virgestallt, an ech gouf als Rapportrice gestëmmt. Well de virleiende Gesetzesprojet awer e groussen Impakt op d'Gemengen hei am Land huet, gouf déci-déiert, dass vun do un och d'Kommissioun vum Intérieur an der Landesplanung soll un de parlamentareschen Aarbechte be-deelegt ginn. Dat war de Fall den 20. Mee an den 9. Juli 2008.

D'Regierung huet dunn den 19. September 2008 Amendementer pour avis un de Statsrot adresséiert. Déi zwou Kom-missioune sinn nach den 1. Abrëll an de 6. Abrëll 2009 zesummegekomm, fir den Avis vum Statsrot ze analyséieren. Bei där Geleeeënheet goufen eng Serie parlamen-taresch Amendementer adoptéiert, déi dunn dem Statsrot den 10. Abrëll pour avis weidergerech goufen. An der Réunioun vum 21. Abrëll hunn déi zwou Kommissiounen nach en Amendement ugeholl, an ech hunn de Projet vum schrëftleche Rapport presentéiert.

Den 28. Abrëll ass dunn den Avis complé-mentaire vum Statsrot komm, an dee gouf an der Réunioun vum 30. Abrëll vun den zwou Kommissiounen analyséiert. Schluss-endlech gouf den definitive Rapport de 5. Mee 2009 majoritär ugeholl. D'Kommissiounen hunn decidéiert, dee vun hinnen amendéierte Projet de loi engem éischte Vote ze ënnerbreeden, trotz der verblü-wener Opposition formelle vum Statsrot. Ech wäert nach spéider a mengen Aus-féierungen dorop zrëckkommen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, all déi offiziell Avisé stinn der virleiender Geset-zesinitiatives positiv géigeniwwer. D'Privat-beamtekummer, d'Aarbechterkummer an d'Statsbeamtekummer begréisste beson-nesch d'Afféierung vun engem Recht op Sozialhëllef, och wa se dat gäre méi prezis definéiert hätten.

D'Handelskummer, d'Privatbeamtekummer an d'Aarbechterkummer beschäftege sech och mam Regroupement vun de Ge-mengen. An och zum Statut vum Personal vum künftigen Office social goufen Iwwer-leeunge gemaach. Déi Interesséiert bidden ech, an dësen zimlech detailléierten an deelweis och kriteschen Dokumenter nozelle-fieren fir weider Informatiounen.

Wat seet de Statsrot zu deem Gesetzes-vorschlag a wéi sinn déi parlamentaresch Aarbechten en fonction dovunner ver-laf? Am Prinzip ass de Statsrot mat der Schafung vun engem Recht op Sozialhëllef hei zu Lëtzebuerg averstanen. Mä en huet dräi Opposition-formellen ausgeschwat. An zwar déi folgend:

Déi éischt bezitt sech op de virgesinnene forcéierte Regroupement vun de Gemenge gemäss enger Awunnerzuel vu 6.000. De Statsrot invoquéiert de Prinzip vun der kommunaler Autonomie, dee confirméiert gouf vun der europäescher Charta vun der kommunaler Autonomie, déi zu Stroos-buerg de 15. Oktober 1985 ënnerschriwwen an duerch d'Gesetz vum 18. März 1989 approvéiert gouf.

Weider wär de Prinzip vun der kommunaler Autonomie consacréiert duerch den Artikel 107(1) vun der Constitutioun. D'Initiativ, fir sech ze regroupéieren, misst imperativ vun de Gemenge selwer ausgoen, déi eleng iwwert hir Organisatiounsform ze bestëmmen hätten.

Da schléit de Statsrot vir, dass déi Ge-mengen, déi sech wëlle regroupéieren, dat ënnert der Form vun engem Gemenge-syndikat maache kéinten, deem säi gesetz-leche Kader duerch d'Gesetz vum 23. Februar 2001 ginn ass. Fir dann en Office social vun enger eenzeger Gemeng orga-niséiert ze kréien, schléit déi héich Kierper-schaft vir, fir en zousätzleche spezifesche gesetzleche Kader am Gemengegesetz vun 1988 anzeféieren an en Établissement public communal do ze schafen, deem en da seng Organisatioun a säi Fonction-nement regelt.

Dëse gesetzleche Kader kéint esou an der Zukunft och fir aner Missiounen vun de Gemenge gëllen. D'Kommissiounen hunn awer festgehalen, dass dës Opposition formelle net gerechtfertegt wier, an dat aus méi Ursachen.

Et ass fonnt ginn, den Artikel 107 vun der Constitution misst a senger Integralitéit gekuckt ginn. De Paragraph 5 vun deem Artikel seet nämlech, dass d'Gesetz géif d'Kompositioun, d'Organisatioun an d'Attributiounen vun de kommunalen Organer regléieren. De Gesetzgeber kann also iwwer e spezialt Gesetz d'Kompetenze vun der Gemeng regelen.

Och den Artikel 3 vun der europäescher Charta iwwer d'kommunalen Autonomie misst méi genee gekuckt ginn. Do gëtt déi kommunal Autonomie beschriwwen als d'Recht an d'Capacitéit vun de lokale Kollektivitéiten, fir e groussen Deel vun den öffentlechen Affären ënnert hirer eegener Responsabilitéit ze verwalten an ze regelen, mä am Kader vum Gesetz.

Zousätzlech muss een den Artikel 108bis vun der Constitution a Betruecht zéien, dee seet, dass d'Schafung vun Établissements publics, déi d'zivil Personalitéit hunn, formell dem Gesetz iwwerlooss ass, wou och d'Organisatioun an den Objet dovun bestëmmt ginn. D'Gemenge wieren also eigentlech net befugt, fir öffentlech-rechtlech Ariichtungen ze constituéieren.

Aus dësen Ursachen hunn déi zwou parlamentaresch Kommissiounen déi Objektive vun der Netkonformitéit zu der Constitution um virleienenden Text net opgegraff an hunn decidéiert, de System, dee vun der Regierung proposéiert gouf, bäizebehalen, wat se dem Statsrot och matgedeelt hunn.

A sengem komplementären Avis awer erkennt de Statsrot dës Argumentatioun net un an insistéiert op de Prinzip vun der Autonomie communale, déi de Gemengen d'Fräiheet géif loossen, sech esou ze regruppéieren oder och net, wéi si dat wëilten.

Weider verweist en op d'Virbereedungsarbechte vum deemolege Gesetzestext, deen den Artikel 108bis vun der Constitution aféiert, wou sech eigentlech net op d'Établissements publics communaux bezu gi wier.

D'Kommissiounen hunn awer, wéi scho gesot, decidéiert, dee vun hinnen amendéierte Projet de loi trotzdem engem éischte Vote ze ënnerbreeden, ofgesi vun der verbliwener Opposition formelle vum Statsrot. D'Aarbecht vun den Office-sociaux soll nämlech effikass organiséiert ginn an op eng koordinéiert Aart a Weis hei am Land stattfannen. Ausserdeem ass fonnt ginn, dass dat aktuellt Émfeld vu Kris et géif dréngend verlaangen, fir en ugepasstent legaalt Instrument am Beräich vun der sozialer Hëllef ze hunn.

Déi zweet Opposition formelle koum beim Artikel 23, deen d'finanziell Bedeelegung vun der Stat a vun de Gemenge regelt. De Statsrot kritiséiert, dass déi virgeschloen Approche riskéiert zu enger manner héijer staatlecher Zouwendung fir d'Gemengen ze féieren, wéi dat bis elo de Fall wier.

Weider notéiert en, dass d'Prozedur an de Kalenner, no deem d'Budgeten an d'Konten vun den Office-sociauxe sollen approvéiert ginn, d'Gemengen zu enger Virfinanzierung forcéieren, während engem oder souguer zwee Budgetexercicen.

Auserdeem hieft en ervir, dass de virgesinnene staatleche System net de groussen Differenzen téschent de Gemengen am Beräich vum Indigénat Rechnung dréit, an dass och aner Kritäre wéi den demographesche Faktor hätte kënnen a Betruecht gezu ginn. Doropshi proposéiert de Statsrot eng nei finanziell Opdeelung vun de Käschten.

De Stat soll och d'Finanzierung garantéieren ënnert der Form vu monatlechen Acompten. Déi héich Kierperschaft ënnersträicht nach, au vu dass d'Gemenge sech zu engem groussen Udeel an de Käschten vun hiren Office-sociauxe bedeelegen, et net duergeet, dass den Office social der Gemeng just säi Projet de budget virleet. Den Artikel 107 vun der Constitution géif verlaangen, dass d'Gemengen d'Finanzverwaltung vun deenen Office-sociauxe

misste kënnen kontrolléieren. Fir de Fall, wou dat esou géif stoe bleiwen, kéint de Statsrot keng Dispens vum zweete constitutionnelé Vote ginn.

Déi zwou Kommissiounen hunn doropshin decidéiert, den Artikel ëmzeformuléieren. Si hunn iewel de Statsrot net suivéiert, wat d'Spillregele vun der finanzieller Bedeelegung ugeet, an dat aus verschiddeenen Ursachen.

Entgéint dem Statsrot senger Meenung, d'Gemenge kéimen elo finanziell méi schlecht ewech, ass ënnerstrach ginn, dass déi staatlech Bedeelegung sech op zousätzlech Ausgaben ausweit, wéi d'Secoursen un d'Leit, d'Verwaltungs-käschten vum Office, d'administratiivt Personal, d'Indemnitéiten an d'Jetons de présence.

Ervirzehiewen ass, dass fir de Moment d'Gehälterkäschten vum eegene Personal vum Office social net vum Stat zréckbezelt ginn. Hei koum et zu enger animéierter Diskussioun an der Kommissioun, well et kéint sinn, dass déi méi kleng Gemenge riskéieren, méi schlecht ewechzekomme wéi déi grouss. Rechnunge sinn iwwerhaapt ganz schwéier, well d'Situatioun sech vu Gemeng zu Gemeng anescht presentéiert.

Et muss awer nach gesot ginn, dass d'Gemengen elo vun aller finanzieller Bedeelegung un de Placementskäschten vu Persounen an Institutiounen wäerten entbonne ginn. Doriwwer eraus ginn d'Auslandsplacementer de Gemengen am Moment guer net verrechent.

D'Kommissiounen hunn och nach dem Statsrot seng Propos iwwerholl, fir en 100%ege Remboursement vun den humanitären Hëllef virzegesinn.

Da gouf proposéiert, de Paragraph 3 ëmzeänneren an de System vun der finanzieller Bedeelegung vum Stat iwwer de Wee vu Konventiounen ze regelen, well domat de Problem vun der Virfinanzierung duerch d'Gemengen aus der Welt geschaf wier. De System vun de Konventiounen, déi de Stat schonn zënter Jore mat villen öffentlechen a privaten Träger ofschréit, huet seng Preuvë gemaach, souwuel wat d'Finanze wéi wat d'Zesummespill vun de Partner ubelaangt.

Dann déi drëtt Opposition formelle. Den initialen Artikel 24 huet eng Virmundschaft vun den zwee implizéierte Ministère par rapport zu den Office-sociauxe virgesinn: engersäits dem Familljeministère an anersäits dem Innenministère. Hei huet de Statsrot insistéiert an ervirgetrach, dass am Kader vun der kommunaler Autonomie d'Gemenge missten d'Organisatioun an d'Koordinatioun vun sozialer Bästend duerch d'Schafung vun Office-sociauxe selwer an d'Hand huelen, a si géife jo och e substanzialen Deel vum Defizit iwwerhuelen.

Déi zwou Kommissiounen hu festgestallt, dass d'Lecture vun deem Artikel eleng effektiv den Androck géif erviruffen, wéi wann de Stat sech dat do wëilt ënnert den Nol rappen. Dat war awer kengersäits d'Intentioun vum Gesetzgeber. Vu d'Émformuléierung vun leschte Paragraph vum Artikel 23 an déi souwisou am Gemengesetz vun 1988 verankert Roll vun Innenministère par rapport zu de Gemengen, gouf dunn decidéiert, den Artikel ze sträichen, esou wéi de Statsrot dat gefrot hat.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll nach weider Kommentaren zum Avis vum Statsrot an de parlamentareschen Arbechte maachen. Déi zwou Kommissiounen hunn op anere Punkten dem Statsrot seng Remarquen a Suggestiounen suivéiert an och eegen Amendementer zréckbehalen. Ech wëll vun deenen Punkten der just e puer erauspicken, well dat géif soss ze wäit féieren. Fir weider Detailer bieden ech déi Interesséiert, a mengem schrëftleche Rapport nozeschloen, wou e ganz detailléierte Commentaire des articles virzefannen ass.

Wat d'Objektive an d'Definitioun vun der sozialer Hëllef ubelaangt, esou hu sech déi zwou Kommissiounen gréisstendeels dem Statsrot ralliéiert. Dës ass elo net méi op éischt Hëllefsmoosname reduzéiert, mä et geet em eng méi global a ganzheetlech Approche zu der Persoun an Nout, déi soll kënnen e mënshewerdigt Liewe féieren an déi och solle méi längerfristeg kënnen begleet ginn.

Och de virgesinnene Solidaritéitskontrakt mat Rechter a Flichten, dee sollt mat der Persoun an Nout ofgeschloss ginn, ass opgrond vum Statsrot sengen Bedenke fale gelooss ginn. An et ass dunn an engem spéideren Artikel, dem Artikel 7, op eng aktiv Bedeelegung an eng Responsabilitéitatioun vun de Betreffende Wäert geluecht ginn.

No längerer Diskussioun gouf decidéiert, dass den Office social eng öffentlech-rechtlech Ariichtung gëtt, déi ënnert d'Kompetenz vun de Gemenge fällt an déi net privatrechtlech gefouert gëtt. E parlamentareschen Amendement huet nach preziséiert, dass d'Successioun vun engem opgeléisten Office social, am Fall wou e sech als eezen Office social constituéiert, net un d'Gemeng fällt.

Wat dann d'Beschreibung vun de Missiounen vun engem Office social am Artikel 7 ubelaangt, esou hunn déi zwou Kommissiounen déi méi prezis a méi detailléiert Beschreibung vum Statsrot iwwerholl.

Den Artikel 19 gouf ëmformuléiert, fir kloerzestellen, dass de Verwaltungsrot säi Service ka selwer organiséieren, wat d'Personal ubelaangt. No längerer Diskussioun ass och do festgehal ginn, dass den Office social dräi verschidde Méiglechkeeten huet, fir op professionell Personal zréckzegräifen, wéi ech et am Ufank beschriwwen hunn.

Duerch en Amendement gouf dann nach eng Definitioun vun de Waasserkäschten bäigefügt.

Och kënnen laut neuem Artikel 31 elo Secours vum Office social no enger méi vereinfachter Prozedur zréckgefrot ginn.

Schlussendlech soll dat elo hoffentlech gläich fir d'éischt gestëmmt Gesetz den 1. Januar 2010 a Kraaft treden, bis op déi Dispositiounen, déi d'Astellung vun zousätzlichem Personal beim Familljeministère virgesinn. Sou hunn d'Gemengen déi néideg Zäit, fir sech op dës wichtige Sozialreform virzefbereeden, déi sécherlech d'sozial Landschaft hei zu Lëtzebuerg wäert veränneren a virun allem e ganz gutt Stéck wäert verbessern am Sënn vun deene Leit, déi op déi Hëllef ugewise sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer, nach zum Schluss e puer Mercien auszudeelen. Un éischter Stell un d'Mataarbechter vum Greffe, déi hei zimlech gefuerdert waren, virun allem d'Madame Marianne Weycker an hiren Assistent, a besonnesch dem Här Generalsekretär Claude Frieseisen Merci fir säin Engagement an deem Dossier.

E weidere Merci geet un d'Mataarbechter aus der Fraktioun wéi och d'Madame Familljeministesche an hir Beamten.

Besonnesch wëll ech déi konstruktiv Ambiance ervirhiewen, déi téschent de Membere vun den zwou Kommissiounen bestanen huet, och wann d'Diskussiounen emol hëtzeg waren. An der Saach war ee sech am Fong eens, wann och net ëmmer iwwer de Wee fir dohin ze kommen.

Duerfir wäert de Vote och nëmme bal unanime sinn. An ech soen lech Merci fir Är Opmierksamkeit.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Ech soen der Madame Rapportrice Merci fir hire Rapport. Als éischte Riedner ass den Här Jean-Paul Schaaf agedroen. Här Schaaf, Dir hutt d'Wuert.

**Discussion générale**

» **M. Jean-Paul Schaaf (CSV).** - Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll fir d'éischt dem Sylvie Andrich fir deen net einfache Rapport, dat huet een héieren, Merci soen a gläichzäitig eis Félicitatiounen zum Ausdrock bréngen. Net manner wéi 55 Säiten huet dee schrëftleche Rapport, an och dee mëndleche war vun enger, mengen ech, grousser Qualitéit. Virun allem huet hatt ëmmer de klore Kapp behalen an all deenen Diskussiounen, déi mer haten, an ëmmer erëm eis allegueren op d'Schinn zréckbruecht vun der Diskussioun. Duerfir, Sylvie, mä grouse Respekt hei vun dëser Plaz.

Wat maache mer haut? Mir reforméieren haut d'Office-sociauxen. Mir stellen domadder d'Sozialarbecht vun de Gemengen op eng nei Basis a ginn der biergernoer Sozialhëllef nei Bedéngungen. An eigentlech ass et och esou, an dorëm geet et, dass mer de Mënschen, déi Ënnerstützung brauchen, och mat deem Projett nei Rechter ginn.

Dat ass jo Grond genuch fir emol eng Kéier ze hannerfroen, wat een dann eigentlech dorënner versteet, wann ee vu Sozialhëllef schwätzt, wat domadder gemengt ass, wat fir eng Konsequenzen et huet a wat fir eng Auswierkungen an der Praxis.

D'Sozialarbecht definéiert sech an éischter Linn duerch d'Formuléierung vun hirem Zil, manner duerch d'Formuléierung vun hirem Moyenen. An engem Saz géif ech et esou resuméieren: D'Sozialarbecht huet zum Zil, Mënschen, déi em Hëllef froen,

professionell ze ënnerstützen, fir dass si progressiv d'Maîtrise vun de Relatiounen, déi se hunn, erëmkreien.

Et klängt e bësse komplizéiert, ass awer eigentlech relativ einfach.

Den Objet vun der Sozialarbecht sinn all déi net zefridde stehend Relatiounen, déi d'Mënsche mat hiren Émwelten, am Pluriel, hunn. Indikativ kann dat eng Relatioun mat Geld sinn, eng mam Alkohol, eng mam Liewenspartner, eng mat de Kanner, mat der Schoul, mat der Justiz an esou weider an esou fort.

Et geet drëm, de Mënschen ze hëlfe, Meeschter ze ginn iwwer déi Relatiounen, fir eben en autonoom an ausgeglacht Liewe kënnen ze féieren. An et geet drëm, sech selwer als Sozialarbechter oder als Service iwwerflësseg ze maachen, esou dass de Client vun der Sozialarbecht erëm eleng am Liewen eens gëtt a säi perséinleche Liewensprojett ka réaliséieren.

D'Sozialarbecht ass do dernieft also gehalten, och konkret Léisungen op konkret Problemer ze fannen an unzebidden.

De soziale Service, an deem Fall de Service vum Office social, huet ee gesamtgesellschaftlechen Opdrag, fir d'Solidaritéit téschent de Mënsche professionell ze organiséieren an esou och fir den Zesammenhalt vun eiser Gesellschaft ze suergen.

Mir brauche kompetent sozial Servicer, fir de Mënschen d'Sécherheet ze ginn, dass dës Gesellschaft si net hirem Schicksal iwwerlässt, wa si eemol Hëllef néideg hunn. Déi Hëllef ass entweder materiell, an dacks ass dat den Ausléiser, fir iwwerhaapt Hëllef froen ze goen, oder et ass eng Berodung, eng administrativ Hëllef, e Bästend, eng Vermittlung an esou weider.

Dëst Gesetz huet den Usproch, fir iwwerall am Land déiselwecht Leeschtunge sécherzestellen a méiglecherweis och unzebidden. Den Exposé des motifs vum Gesetz an och de Rapport ginn op déi Tatsach an, dass et net iwwerall am Land déiselwecht Äntwerten op déiselwecht sozial Problemer gëtt, an dass net all Bierger déiselwecht Konditiounen an déiselwecht Prozedure begéint; kuerz: also net iwwerall am Land haut déiselwecht Hëllef kritt.

Mam virleienenden Projett huet eis Ministerin sech engem däregen Dossier ugeholl, an et muss een hir félicitéiere fir hire Courage an hir Tenacitéit an där Saach. Dat ass en ausgeglachten Text, dee vill diskutéiert ginn ass. Ënner anerem och am Syvicol, an deenen zwou Kommissiounen, dann awer och an de Majoritéitsfraktiounen. Schliesslech ass e Komproméssstext erauskomm, dee menger Lecture no ee ganz gudden Text ass.

Zënter 1792, esou fanne mer et am Exposé jo erëm, wou dëst Land iwwer d'Bureaux de bienfaisance verfügt, sinn d'Gemenge gehalten, fir sech de soziale Problemer vun hiren Awwinner unzehuelen. Allerdéngs maache se dat, wéi gesot, jo net ëmmer all mat darselwechter Begeeschterung.

An der Kommissioun huet den Här Gira sech drëm gesuergt, dass d'Sozialarbecht nëmme dann zu enger lokaler Prioritéit vun de Gemengeverantwortleche géif ginn, wann de Schafferot oder de Buergermeeschter selwer oder Member am Office social wier. Et ass eng Vue, déi ech net deelen. Well wann dat esou wier, da bräichte mer haut dat Gesetz net, dann hätten an deene leschten 160 Joer all d'Gemengen am Land Zäit gehat, fir op hirem lokale Plang hiren Office social mat kohärenten Strukturen, Opräg a Moyenen esou ze equipéieren, dass dat eng reell Prioritéit wier haut fir allegueren d'Leit.

Dat ass op enger Rei vu Plazen och geschitt. Dat ass awer net iwwerall geschitt an och net iwwerall am selwechte Mooss.

Eng Gesellschaft zeechent sech als eng kohärent Liewensgemeinschaft aus, wann d'Solidaritéit do hir Plaz huet, wann d'Mënsche sech kënnen drop verloossen, dass se eben net verlooss sinn, wa se eemol Hëllef brauchen. Si brauchen also niewent de juristesche Rechter och sozial Rechter.

Mir hunn an de Jorzéngten e sëllegen nei Leeschtunge geschaf: de Fonds national de solidarité, de Service national d'action sociale, den RMG, d'Fleegeversécherung, eng Heizungszoulag, Kannergeld, de Congé parental, Chômage, d'Onfallversécherung an esou weider an esou fort. Et kann ee se net all opzielen. All déi Servicer sinn Déngschtleeschungen a sinn och Rechter, déi domadder verbundene sinn. An haut gëtt elo eben hei och e Recht op Sozialhëllef geschaf. Dat ass nei an dat ass gutt esou.

Dat Gesetz hei professionaliséiert awer och d'Sozialhëllef. Duerfir gëtt et eng Rei gutt

Grënn, fir mat deenen, déi ëm Hëllef froen, zesummen e Bilan ze maachen, eng komplett an eng gutt Analys vun hirer Situatioun, fir emol ofzeklären, wat hir reell Demande ass, wéi hir sozial Rechter dostinn, wéi eng spezialiséiert Servicer hinnen nach kënnen hëllefen, wat fir eng Leeschtunge vu Stat a Gesellschaft si an Usproch kënnen huelen an ënner wéi enge Konditiounen. Alles dat verlaangt e grousst Fachwëssen iwwer eis Sozialgesetzgebung engersäits an och awer eng gutt Ausbildung an eng gutt sozial Methodik op där anerer Säit.

An der Sozialaarbecht entsteet dernieft tëschent dem Client vum Service an dem Professionellen eng Relatioun. An nëmme, wann déi Relatioun op eng gutt Vertrauensbasis opbaut, da kann och de Prozess zu engem Succès féieren.

Duerfir ass de Secret professionnel vu grousser Wichtigkeit an d'Vertraulichkeet vun den Donnéeën muss garantéiert sinn.

Den Artikel 21 verweist duerfir all d'Members vum Office social op de Secret professionnel am Émgank mat den Donnéeën, déi am Kader vu senger Missioun erhuewe ginn.

Et ass och ënner anerem dofir, wou et aus menger Siicht problematesch ass, dem Statsrot senger Propos gerecht ze ginn, d'Office-sociauxen iwwer de Wee vu Syndikaten ze organiséieren. Laut Syndikatsgesetz vum 23. Februar 2001 sinn all Sitzungen öffentlech, grad wéi bei engem Gemengerot. Am Prinzip kann een also nolauschtere kommen, wann iwwer sozial Problemer vun de Matbierger diskutéiert an entscheed gëtt.

Dat ass esou onméiglech a widersprécht all deontologeschem Prinzip. Et dierft kee Sozialaarbechter - e géif sech strafbar maachen - Detailler aus senger sozialer Enquête matdeelen. Am Fall vun engem Syndikat misst da schonns ëmmer e Huis clos ausgeruff ginn, deen d'Majoritéit jo kéint décidéieren, deen awer net d'office d'Regel ass. A souguer wann e Huis clos do ass, kann all Gemengerotsmember virun der Sitzung den Dossier lese goen a sech souguer Kopie maachen.

Mech erstaunt awer och, dass de Conseil d'État zwee verschidde Wéeër proposéiert: den Établissement public, wann eng Gemeng eleng bleift, awer keen Établissement public, wa se net eleng bleift, mä dann e Syndikat. An där Logik hätte mer zwee Modeller, zwou gesetzlech Basen, eemol Privatpersounen an engem Conseil d'administration, an eemol gewielte Lokalpolitiker am Comité vun engem Syndikat.

No dese kuerzen Ausféierunge wëll ech awer am Résumé e puer Punkten ervirsträchen, déi mer besonnesch an deem Gesetz hei wichteg sinn.

Éischtens emol sinn d'Ënnerscheeder vun der sozialer Hëllef an Noutsituatiounen tëschent de Gemengen, esou wéi se haut bestinn, net an der Rei. Gemeinsam Regeln, Konditiounen a Prozedure si schonn noutwendeg, fir eng Cohésion sociale am Land a fir och e Gefill vu sozialer Gerechtigkeit wouerzemaachen.

Zweetens ass et esou, dass, an ech hunn et gesot, d'Komplexitéit vun de soziale Regeln an eiser Gesetzgebung esou ass, dass se no enger professioneller Prise en charge verlaangt. Et muss séchergestallt ginn, dass d'Leit zu hire Rechter kommen. An dofir ass et och néideg, dass se richteg a kompetent beroden a begleet sinn.

Drëttens, d'Äntwert op e soziale Problem ass net ëmmer eng reng finanziell. Den Office social vun der Zukunft kritt eng aner Vue vun de Saachen, wann all Demande duerch eng Enquête sociale gekläert a prezisiéiert gëtt.

D'Aarbecht vum Office social kann nei Äntwerte fannen, eng Zort Kontrakt mat de Leit maachen, Initiativen huelen um Gemengeplang, déi iwwer den Eenzelfall erausginn. Dofir ass et wichteg a richteg, d'Sozialaarbecht ze professionaliséieren.

Dat, an dat schéngt mer awer och e wichtigen Aspekt ze sinn, geet awer nëmme, wa mer d'Office-sociauxen zesummeleeën. Et muss eng sougenannte Masse critique définéiert ginn, déi e Poste vun engem Sozialaarbechter rechtfertegt. Déi Definitiou ass elo bei 6.000 Awunner festgeluecht ginn.

De Statsrot opposéiert sech jo hei, well mer de Gemengen eppes imposéieren an esou d'Autonomie communale net respektéieren. Doriwwer kann e gedeelter Meinung sinn, a wann et de Gesetzgeber ass, deen eleng d'Fonctione vun der Gemeng regelt, da muss och dese Gesetzgeber kënnen an deem Fall d'Konditiounen vun der Ausféierung vun de Gemengemissiounen regelen.

Fënneftens ass et esou, dass d'Professionaliséierung och eng Diversifizéierung vun der sozialer Hëllef erlaabt. Et geet eben net nëmme ëm punktuell Geldleeschungen. Et kënnen ganz verschidde sënnavoll Aktiounen festgeluecht ginn, déi der einzelner Person, der Famill, de Kanner an esou weider wichteg sinn, um Wee vun enger besserer gesellschaftlecher Integratioun.

Et ass wichteg, ze soen, dass d'Sozialaarbecht haut an der Methodik dacks op eng kontraktuell Aart a Weis gefouert gëtt an zu Resultater féiert. Dëst Gesetz gesäit dat och expressis verbis vir. Do ginn eben net méi nëmme eesäitig Leeschtunge verginn. Do kënnen Ofmaachunge getraff gi mam Zil, wéi ech dat aganks gesot hunn, déi maximal Autonomie vun de Leit ze erreechen an ze stäerken, andeems si dann och selwer mat Acteur am Hëllefprozess sinn a musse sinn.

Schliesslech schaaft dat Gesetz eben ee Recht op Sozialhëllef. De Mensch huet dann e Recht, Hëllef ze froen. E kann net ouni Begrënnung ofgewise ginn an en huet och e Recoursrecht.

1986 ass zu Lëtzebuerg den RMG agefouert ginn, an dat war fir d'Éischt kéier, dass esou e Recht agefouert ginn ass. Haut dehne mer dat aus op ee generell Recht, wat een huet, an d'Gesetz gesäit och eng Rei prezis Leeschtunge vir, limitéiert sech do op Energieversuergung, Waasserversuergung, Zougank zu Kommunikatiounsmëttel an och souguer zu kultureller Participatioun.

Dass den Office social en Établissement public mat engem Verwaltungsrot gëtt, ass aus eiser Vue eng gutt Léisung. Ech sinn och aus eegener lokaler Erfahrung net der Meinung, dass et wichteg ass, dass nëmme gewielte Vertrieeder an esou engem Gremium sinn.

Ech denken éischter, dass et gutt ass, wann ee motivéiert a kompetent Leit aus der Gemeng féint, an där gëtt et, déi sech mat der Gestiou vun esou engem Optrag kënnen befaassen.

Ech mengen, dass et gutt Argumenter gëtt, dat eben net de gewielte Vertrieeder ze reservéieren, mä hei och anere Leit eng Responsabilitéit ze ginn. Déi maachen dat mat vill Asaz, well se net wéi de Schännerter duerch vill aner Aufgaben hin an hier gerappt sinn a well se och net am Hannerkapp vun all Hëllefscélecioun de budgetären Impact op d'Gemengefinanzen hunn. Do dernieft ka selbstverständlech de Buergermeeschter jo bei all Sitzung derbäi sinn. Niewent dese Betruechtungen nach e puer ofschléissend Bemerkungen zum Optrag vun den Office-sociauxen an der sozialer Landschaft vun eisem Land.

D'Office-sociauxe kréien déi kloer Missioun, den Awunner wierdeg Liwensbedéngungen ze garantéieren. An den Office social gëtt an alle Fäll den Usprichpartner vun den Awunner.

Dat war elo net onbedéngt esou. Elo hu sech de Service social de proximité vun der Croix-Rouge an den Office social dës Aufgab vun der sougenannter éischer Linn gedeelt. Am Land zesumme sinn dat ronn 45 Poste vun Assistants sociaux.

Mat deem neie Gesetz kréie mer ee Poste pro 6.000 Awunner. Wa mer also héichrechnen, kéime mer op maximal 80 Posten am Land. Dee Status quo vun der aktueller professioneller Decken an deem dote Beräich wier erreecht, wa mer ee Poste pro 10.000 Awunner hätten.

Et kommen also eng ganz Rei zousätzlech Poste bäi. Déi wäerte sécher no an no vun den Office-sociauxen entweder direkt agestallt ginn oder iwwer eng Konventioun mat engem sozialen Dénigschtleeschter, engem soziale Service geschäfe ginn.

Wann dann elo déi Office-sociauxe méi Moyenë kréien, da kann d'Aarbecht, déi permanent zouhëlt, och besser gemaach ginn. Dass dat néideg ass, brauch ech net ze erklären; ech mengen, dat deelt jiddwereen heibannen.

Et ass och fir d'Éischt, dass mat deem Gesetz eng Regel fir Personalentwécklungen am soziale Secteur direkt och un d'Bevölkerungsentwécklung gebonne gëtt, also keng direkt Fro méi vu Posten a Budgetverhandlungen ass. Och dat ass e groussen Avantage: D'Qualitéit vun de Leeschtunge bleift eis erhalen, och wann d'Awunnerzuele sech veränneren an zouhelen.

Den Office social stellt déi éischt Linn duer, also déi éischt Ulaftstell. Awer den Office social mécht sécher net alles selwer. An der zweeter Linn hu mer am Land flächendeckend Servicer, déi iwwer Konventioun mam Stat verfüegen. Dës Servicer stellen déi logesch Suite duer vun der Betreieung

duerch den Office social. Et si souwuel spezialiséiert Servicer a ganz verschidde Beräicher, wéi där, déi eng Laangzäitbetreieung vu Leit a Famillje leeschten.

Dës Servicer maache sech bei der Lecture vum Text Suergen, well hei keng strikt Limitatioun vum Optrag vun den Office-sociauxen drasteet an eng Laangzäitbetreieung och do kéint gemaach ginn. Ech gesinn dat net esou als eng grouss Geför, well wann den Office social géif decidéieren, dat ze maachen, wat e kéint, dann ass e ganz séier um Enn vu senger Disponibilitéit ukomm a senger éischer Missioun riskéiert en dann, net méi kënnen gerecht ze ginn.

Par contre ass den Office social vun der Zukunft gutt beroden, fir lokal spezifesch Projeten ze entwéckelen, déi am preventive Beräich, am sougenannten Travail social communautaire hir Wierkung kënnen hunn. Dat kënnen ganz verschidde Beräicher sinn, wou een d'Suergen an d'Brennpunkte spiert an der Gemeng.

Den Office social vun der Zukunft, duerch seng Position un der éischer Linn, spillt also eng wichteg Roll vun Informatioun, Berodung, Koordinatioun a Vermëttlung. Den „case management“ wäert mat Sécherheet eng vun de Methode sinn, déi d'Sozialaarbecht vun den Office-sociauxe wäert charakteriséieren.

Dese Projet de loi ass mat Sécherheet e Quantesprong, an ech erënnere mech u meng Zäit als Sozialaarbechter, wéi ech ugefaangen hunn 1990. Dunn ass schonn dovunner Rieds gaangen, dass d'Office-sociauxe misste reforméiert ginn, an haart driwwer nogeduecht ginn op enger Rei vu Plazen. Ech wëll elo net soen, wou iwwerall.

D'Gemenge muss sech mat deem Projet nei organiséieren, mussen nei Strukturen schafen, an och déi nei Office-sociauxe muss sech organiséieren, sech Regele ginn, Kollaboratiounen opbauen, Personal rekrutéieren.

Déi bestehend sozial Servicer am Land muss sech dese Gegebenheeten upassen a sech eben och an déi Kollaboratiouns- a Kooperatiounsprozesser aklénken.

Awer virun allem d'Leit am Land, déi wierklech Problemer hunn an eng biegero, professionell, kompetent a konkret Hëllef brauchen, dat sinn déi Éischt, déi dëst Gesetz begreisse wäerten. Mir sollten dofir deene ville positive Punkten, déi dese Projet huet, alleguerten zoustëmme, andeem mer dëst Gesetz och stëmme, wouvunner ech ausginn. Op alle Fall wäert d'CSV dat esou maachen.

Merci.

» Plusieure voix.- Très bien!

» M. le Président.- Ech soen dem Här SchAAF Merci. Als nächst Riednerin ass d'Madame Colette Flesch agedroen. Madame Flesch, Dir hutt d'Wuert.

» Mme Colette Flesch (DP).- Merci, Här President. Här President, léif Kollegeen a Kollegeinnen, fir d'Éischt, mengen ech, misst ech mat enger Déclaration d'intérêt ufänken. Ech si Presidentin vum Office social vun der Stad Lëtzebuerg an et ass evident, dass ech an deser Diskussioun d'Intéréten an d'Suerge vun deem Office social net konnt vergiessen. Nach hunn ech versicht, méi e wäite Brëll unzedeoen an d'Problematik insgesamt ze gesinn.

Här President, wéi mer fir d'lescht iwwer d'Offices sociaux hei an der Chamber geschwat hunn, am Kader vun enger Interpellatioun vum Här Adam iwwer d'Aarmut den 1. Februar 2007, huet d'Madame Minister vun der Familljen ofschléissend gemengt, de Gesetzesprojet zur Reform vun den Offices sociaux wier um gudden Wee. Si huet awer weider och gemengt, an ech zitieren: „Ob en dann esou wëllkommen hei ass, wéi de Mëtteg jiddwereen et gefrot huet, dat ass dann nach eng aner Fro.“ Enn vum Zitat. Si wosst deemools jo schonn, wat am Projet géif stoen.

Mä nach, Här President, woen ech ze behaupten, dass d'Madame Minister sech net dee Stuerm erwaart hat, deen hei an der Chamber lassgaangen ass, wéi de Projet déposéiert ginn ass. An dee Stuerm war net eng Konfrontatioun Majoritéit-Oppositioun, mä et war den Opstand vun de Gemengepapp an -mammen, déi d'Realitäten um Terrain kennen, à l'égard vun deene Leit an de Ministère, hannert de Schreifdescher, déi perfekt Léisunge sichen, déi awer duerno a Wierklechkeet och zu Schwierigkeete kënnen féieren. Och, mengen ech, huet 2007 d'Madame Minister wahrscheinlech sech net kënnen virstellen, dass mer vum Conseil d'État deen Avis kréichen, dee mer entre-temps kritt hunn.

Här President, wéi de Projet bis déposéiert war, hate mer du laang an hefteg Diskussiounen an deenen zwou Kommissiounen vun der Familljen a vum Intérieur, déi sech mam Projet befaasst hunn. Mir hate laang an ausféierlech Diskussiounen, mä déi Diskussiounen hunn zum Schluss awer misse ganz zügeg gefouert ginn, well den Avis vum Conseil d'État relativ spéit komm ass, a well mer dann hu misse ganz schnell fäerdeg ginn, well jo d'Majoritéit wollt zu engem Vote komme virum Enn vun deser Legislaturperiod, och wann dat nëmme wäert, wéi d'Rapportrice et scho gesot huet, en éische Vote sinn, vu dass déi fundamental Opposition formelle vum Conseil d'État oprechter hale ginn ass.

Här President, d'Regierung huet am Laf vun deenen Diskussiounen eng ganz Partie Amendementer gemaach, fir déi mer dankbar sinn. D'Kommissioun huet eng Partie Virschléi vum Conseil d'État ugeholl. Dat war och eng gutt Saach. An d'Kommissioun huet och deen een oder deen aneren zousätzlechen Amendement gemaach. Dat alles huet dozou gefouert, dass mer elo en Text virun ons leien hunn, deen onser Meinung no besser ass wéi deen, dee mer am Ufank haten. An dat ass och en Text, dee mir wäerte stëmme, och wann ech nach op deen een oder deen anere Punkt wäert agoen, wou mer mengen, dass en nach ka Verbesserungen abréngen. Mä ech kommen duerno dorobber zréck.

Ech wëll, Här President, der Rapportrice, der Madame Andrich-Duval, villmools Merci soe fir hir Ouverture d'esprit an deenen Diskussiounen, fir hir Oppenheet à l'égard vun den Amendementer vun der Opposition, fir hiren exzellente Bericht a fir déi vill Aarbecht, déi se an dee Bericht oder an déi zwee Berichter, de méndlechen an de schrëftlechen, investéiert huet.

An deem Projet, dee mer elo virleien hunn, sinn onser Meinung no fënneg ganz wesentlech Punkten. An dat si vläicht aner Punkten oder deelweis aner Punkte wéi déi, déi d'Madame Andrich-Duval als déi wesentlech Punkte considéiert huet.

Dat Éischt, an do si mer ons eens, d'Rapportrice an ech, dat ass, dass hei e Recht geschäfe gëtt op Sozialhëllef op Gemengeplang. Dat, wat bis elo net de Fall war. Et gëtt also elo e Recht, an dat ass onser Meinung no eng ganz wichteg Saach.

Well et e Recht gëtt - dat ass deen zweete Punkt -, gëtt et och en Droit de recours. Wann e Bierger d'Gefill huet, dass hie säi Recht net kritt, da kann hie bei déi sozial Instanze säi Recht akloe goen. Bei déi sozial Geriichtsbarkeeten, misst ech soen.

Deen drëtten Punkt, deen ons wichtig schéngt, dat ass, dass déi nei Repartitioun vun der Charge financière zu enger méi grousser Kontributioun vum Stat wäert féieren, contrairement zu deem, wat de Conseil d'État gemengt huet, an dat huet d'Rapportrice och ënnerstrach.

Dee véierte Punkt ass d'Suppressioun vun der Notioun vum „Domicile de secours“, mat all deenen onsägleche Schwierigkeeten, déi dat fir d'Gemenge mat sech bruecht huet. Mir hunn do missen Texter applizéieren, déi 200 Joer oder méi al waren, déi also mat enger Gesellschaft sech befaasst hunn, déi guer net méi déi war, déi mir elo haut kennen. A mir kennen alleguerten déi cocasse Situatiounen oder déi schwierig Situatiounen, déi mer ëmmer erëmfonnt hunn, wann een huet missen en Domicile de secours vun engem Enfant naturel festleeën, wou d'Mamm vill geplënnert war. Dat war eng absolut obskur Wëssenschaft. Also, dass déi Notioun, den Domicile de secours, ofgeschaaft gëtt, schéngt mir och e ganz wichtige Fortschritt.

Schliesslech, an dat ass wahrscheinlech bal dee wichtigste Punkt: De Projet féiert e flächendeckende System vu Sozialhëllef iwwer d'ganz Land an - e soll dat op jidde Fall maachen -, e System, deen alle Bierger équivalent sozial Dénigschter zousécher. Dat ass och vun alle Spriecher bis elo hei ënnerstrach ginn an onser Meinung no och e ganz wichtige Punkt.

Här President, ech kommen dann elo zu enger Serie vu Modifikatiounen, déi am Kader vun de parlamentareschen Aarbechten hei um Projet virgeholl gi sinn an déi onser Meinung no eng Beräicherung,

eng Verbesserung si par rapport zum Originaltext.

Am Artikel 2, wou et ëm den Objectif vun der Aide sociale geet, hu mer den Text vum Conseil d'État iwwerholl, deen e breet gefächerten Text ass, aus deem spezifesch Referenzen op d'Natur vun der Hëllef, déi soll geleescht ginn, erausgeholl ginn, an notament spezifesch Referenzen op de Logement.

Den Offices sociaux eng Obligatioun ze ginn, mat engem Rekursrecht e Logement ze assurieren, hätt d'Gemengen an d'Offices sociaux virun Erausfuenderunge gestallt, déi se einfach net hätte kënnen meeschteren. An duerfir schéngt et ons richteg, dass déi prezis Referenz erausgeholl ginn ass. Ech wëll dorop hiweisen, en passant, dass am Text vun der Verfassungsrevisioun, déi den Hår Paul-Henri Meyers virun e puer Deeg déposéiert huet, beim Stat eng Obligation de moyens geschaf gëtt, fir fir de Logement ze suergen. Eng Obligation de moyens, mais non de fin. Et ass also net vergiess ginn, mä et ass an där absoluter Form, wéi et au départ bei virgesi war, net méi an onsem Text. An ech mengen, dat wäert och derfir suergen, dass mer eng ganz Partie vun de Schwierregkeeten, déi mer gefaart hunn, net wäerten um Gemengeplang an um Plang vun den Offices sociaux an Zukunft begéinen.

Ech wëll awer drop hiweisen, dass am Artikel 7 vum Gesetz selbstverständlech eng Obligation, eng Referenz steet op den Hébergement am Fall vun enger Urgence. Dat ass eppes, wat d'Gemenge gutt kennen a wat se scho laang applizéieren. Ech mengen net, dass dat wäert zu gréisserer Problemer féieren, an ech fannen et och gutt, dass déi Referenz am Artikel 7 gemaach gëtt.

Da wëll ech e Wuert soen zum Artikel 5. Do geet et ëm den Office social en tant que tel. Do steet am Alinea zwoe: „L'office social est un établissement public doté de la personnalité juridique.“ Am ursprünglechen Text stoung dann och dran: „...et géré dans les formes et selon les méthodes du droit privé“. Dat huet hei an der Chamber zu vill Onrou gefouert an - wéi soll ech soen? - huet menger Meinung no op enger gewëssener Konfusioun berout tëschent engersäits dem Féiere vun enger Comptabilité commerciale an anerersäits enger Gestiou „dans les formes et selon les méthodes du droit privé“. Mir sinn also frou, dass den Deel vum Saz gestrach ginn ass an dass déi Kontradiktioun, tëschent engem Établissement public engersäits an dem private Secteur anerersäits, hei erausgeholl ginn ass.

Dann e Wuert zum Artikel 6, deen och en Artikel war, dee fir ganz vill Diskussiounen gesuergt huet. Mir sinn dankbar, dass fir den Office social, deen enger eenzeger Gemeng ënnerläit, de Patrimoine vun deem alen Office social direkt op deen neien Office social eriwuergeet, ouni den Détour zréck un d'Gemeng an erëm vun der Gemeng zréck un den neien Office social. Dat hätt nëmmen zousätzlech administrativ Schwierregkeete bruecht, awer am Fong näischt un der Saach geännert. Et ass also eng gutt Saach, mengen ech, dass den Amendment vun der Regierung..., neen, vun der Kommissioun akzeptéiert ginn ass, an dass mer dat dann agesat hunn.

Et ass awer och en Amendment vun der Regierung beim Artikel 6 derbäikomm, dee menger Meinung no ganz wichteg ass, an dat ass de Paragraph 8, wou virgesinn ass, dass bei deenen Operatiounen, wou de Patrimoine oder d'Chargé vun engem Office social, wann et e fusionéierten Office ass, zréck un d'Gemenge geet, sämtlech Frais, déi géifen entsto, ewechfalen. Et kann ee sech nämlech net virstellen, dass dann d'Gemeng hätt missen Droits de succession bezuelen, a Gott weess wat fir aner Chargen nach, fir eng Operatioun, déi am Fong eng administrativ Operatioun ass. Also ass et och gutt, dass dee Paragraph 8 derbäikomm ass. Et bleift menger Meinung no nach ee kleng Problem, an ech wäert duerno dorop zréckkommen, mä menger Meinung no ass dat keen esou wesentleche Problem méi.

Dann e Wuert zum Artikel 9. Den Artikel 9 gesäit vir, dass den Office seng Aufgabe soll exzerzieren „suivant les méthodes de

travail social les mieux adaptées“. Am Originaltext war och nach virgesinn, „am Respekt vun ideologeschen, philosopheschen a reliése Convictiounen“. Et ass gefaart ginn, dass dat kéint mëssinterpretéiert ginn an zu Schwierregkeete féieren, an deen Zousaz ass gestrach ginn. Ech mengen och, dat ass eng gutt Saach.

Artikel 19 dann, Alinea zwoe: Do hate mer e Problem ee Moment iwwert déi Amendement, déi komm sinn an dann erëm ëmgestëmmt gi sinn. Et huet ee Moment ausgesinn, wéi wa mer wéilten eng Obligation virgesinn, dass all Office social muss vun engem Assistant social dirigéiert ginn. Or, mir wëssen, dass dat an de Gemengen, zemools an de grouse Gemengen, net de Fall ass, an den Artikel 19, Alinea zwoe ass an deem Sënn ofgeännert ginn. Och dofir wéilt ech der Kommissioun an dem Rapporteur Merci soen.

Dann den Artikel 23 „Prise en charge, à parts égales, du déficit par l'État et les communes“. Et ass schonn drop higewise ginn: Domadder gëtt menger Meinung no d'Zouwendung vum Stat un d'Hëllef, déi um Gemengeplang ausbezuelt gëtt, net méi kleng, mä se gëtt méi grouss, an ech mengen, dofir sollen all d'Gemengen dankbar sinn.

Dann ass de fréieren Artikel 24 ofgeschafft ginn. Deen huet eng duebel Tutelle virgesinn, vum Ministère de l'Aide sociale engersäits a vum Ministère de l'Intérieur anerersäits. Deen Artikel ass ganz gestrach ginn, an ech mengen, dat ass eng gutt Saach.

Éischters schéngt mer dat Wuert „Tutelle“ net méi zäitgeméiss. Et gëtt am Gemengesetz elo vu Kontroll geschwat, an net méi vun Tutelle. Dat war am 19. Jorhonnert, do huet ee vun Tutelle geschwat. An et huet och all Gemengeresponsabel Suerge bereet, dass elo sollt eng duebel Tutelle sinn, eng vum Ministère de l'Aide sociale an eng vum Ministère de l'Intérieur.

D'Kontroll vum Ministère de l'Intérieur ass souwisou ginn iwwert de Biais, dass d'Offices sociaux ënnert der Responsabilitéit vun de Gemenge bleiwen, a compte tenu och vu gewësse Bestëmmungen, déi am Gesetz sinn. Anerersäits ass fir alles dat, wat d'Aide sociale betrëft a wat an den Hänn vun Ministère de la Famille et de l'Aide sociale läit, souwisou och gesécher, dass dee Ministère d'haute main iwwert d'Activitéit behält, ouni awer dass ee muss op eng Tutelle zréckgräifen.

Dat wieren déi Punkten, Hår President, wou mir frou sinn, dass konnt am Laf vun den Diskussiounen Solutiounen fonnt ginn, vun deene mer mengen, dass se dozou bäidroen, dass bei der Applicatioun vum Gesetz keng Problemer entstinn, an dass mer och am Sënn vun engem gudde Fonctionnière vun den Office-sociaux gehandelt hunn.

Nun eng Partie Punkten, wou ech mengen, dass vläicht dach nach Handlungsbedarf ass. Den éischten a wichtegste Punkt ass déi konstitutionell Ausenanersetzung tëschent dem Conseil d'État engersäits an der Chamber anerersäits, op déi d'Madame Rapportrice jo en détail agaangen ass. Ech mengen, et wier derwäert, dass déi nächst Chamber dat ganz Gebitt, dee ganze Froekomplex ënnert d'Lupp hält a kuckt, ob net do e Besoin besteet, dass mer légiféieren, dass mer verschidden Ambigüitéiten aus der Welt schafen, an dass mer Texter kréien, déi kloer an däitlech uwendbar sinn, ouni dass esou Diskussiounen an Zukunft weider opkommen.

Weider sinn ech och der Meinung, an deemselwechten Zesammenhang, dass déi nächst Chamber sech sollt iwwerleeën, ob et net derwäert ass, net am Kader vun deem Gesetz, mä am Kader vun engem separate Gesetz, déi Suggestiounen opzepräifen, déi de Conseil d'État gemaach huet iwwert d'Schafe vun Établissements publics communaux. Mä awer dann net nëmme bei den Offices sociaux, mä insgesamt d'Fro vun den Établissements publics communaux. Dat kann an anere Gebidder och ganz interessant sinn. Ech mengen, de Conseil d'État huet do eng relativ einfach Method proposéiert, an et wier derwäert, dass déi nächst Chamber an déi nächst Regierung sech dat géifen ukucken.

Drëtters mengen ech, an deemselwechten Zesammenhang - an dat huet déi Kollege gesot, déi gemengt hunn, si kéinten en definitive dëse Projet dach net matdroen - wier et och derwäert, dass een d'Proposition vum Conseil d'État iwwert d'Syndicats de communes nach eng Kéier kuckt. Dat ass eppes, wat besteet a fonctionnéiert.

D'Suerg vun onse grénge Kollege war, dass den heiten Text vläicht fir d'Landgemengen e gréisser Problem duerstellt,

méi wéi dat de Fall ass an de grouse Gemengen. Ech mengen och, et wier derwäert, dass een an enger nächster Etapp, à tête reposée et en toute sérénité, doriwuer nach eng Kéier nodenkt. Dat zu deene méi grondsätzleche Saachen.

Dann e puer spezifesch Punkten, wou mir an der Zäitspan, déi mer haten zum Schluss, fir den Text fäerdeg ze maachen, vläicht keng Zäit méi haten, am Detail drop anzegoen. Do kommen ech zréck op den Artikel 6, deen ech schonn erwähnt hunn, an op d'Léisung, déi festgehalte ginn ass am Paragraph 1 an am Paragraph 8.

Wat bestoe bleibt, menger Meinung no, ass, dass bei där Transmission de patrimoine eng Transcription cadastrale nach muss gemaach ginn. Dat heescht, de Kadaster muss ëngeschriwwen ginn, vu dass jo en anere Propriétaire vun deem Patrimoine entsteet. Ech mengen net, dass mer dat an deem Text nach kënnen, dass mer nach iergendeppes solle virhuelen. Ech soe just, et misst een, vu dass et jo eng éischt Liesung ass, sech virun der zweeter Liesung doriwuer nach genee Informatiounen sichen a kucken, ob e Problem ass, wat ech mengen, a wann et e Problem ass, wéi een dat da ka léisen.

Dat Zweet, wat mir schéngt vläicht e Problem kënnen ze stellen, ass bei esou fusionéierte Gemengen, déi also ënner 6.000 Awunner sinn an déi muss fusionéieren, fir en Office social commun ze schafen. Do ass am Paragraph 2 vum Artikel 2 virgesinn, dass den Office social commun dann ënnert der Surveillance vun der Commune-siège steet. Dat heescht, déi aner Gemengen, déi awer en Deel si vun deem fusionéierten Office, hu mat der Surveillance guer näischt méi ze dinn. Dat schéngt mir och e Problem kënnen ze sinn, an et wier derwäert, dass een dat virun enger zweeter Liesung nach eng Kéier géif kucken.

Den nächste Punkt ass een, dee vill diskutéiert ginn ass. Et ass also keen neie Punkt. Dat ass am Artikel 12 d'Incompatibilitéit fir d'Buergermeeschteren an d'Schäffen, fir kënnen am Conseil d'administration vun deem Établissement public ze siégieren. Ech kann aus eenger Erfahrung soen, dass den Office social vun der Stad Lëtzebuerg schonn en Établissement public ass, säit Jorhonnerten, an dass d'Buergermeeschteren an d'Schäffen dra siégieren hunn, an dass dat net zum Schued vum Office social war.

Mä wéi gesot, dat ass eng Fro, déi ass laang a breet diskutéiert ginn. D'Majoritéit huet sech festgeluecht op déi dote Formel. Nach sinn ech der Meinung, dass een dat vläicht nach eng Kéier misst kucken.

Ech wëll nach dorop hiweisen, dass dee Problem vun de Buergermeeschteren a vun de Schäffe mir och schéngt méi e sensible Problem ze si fir déi kleng Landgemengen, wéi fir déi grouss Gemengen. Déi grouss Gemengen, déi ginn och mat där doter Formel ouni Weideres eens. Mä ech mengen, an de Landgemengen - an dat war en Argument, wat mer vill an de Kommissiounen héieren hunn - kann dat vläicht zu engem Problem féieren.

Dann den Artikel 13. Dat ass en neie Problem. Den Artikel 13 gesäit vir am éischten Tret, dass, wann et en Office social ass, deen enger eenzeler Gemeng ënnersteet, dann de Gemengerot d'Membere vum Conseil d'administration nennt, an dass déi Nominatioun stattfënnert duerch de Conseil communal, nodeem en Appel public aux candidatures ausgeschriwwen ginn ass, deen op d'mannst 15 Deeg virun der Réunioun vum Conseil communal muss publizéiert sinn.

Verschidde Leit froe sech, ob den Appel public wierklech déi beschte Léisungsméiglechkeet ass, fir zu deenen Nominatiounen ze kommen, well mer wësse jo, wéi et duerno zu den Nominatiounen kënnert bei engem Vote am Conseil communal.

Zweetens schéngt mir den Délai vu 15 Deeg vill ze kuerz. Wann dat do soll uerdentlech gemaach ginn an et soll uerdentlech iwwert d'Bühn goen, da geet den Délai vu 15 Deeg net duer. Ech weess, dass am Text steet „au moins quinze jours“, mä ech mengen, et misst een do e bësse méi e laangen Délai virgesinn.

En nächste Punkt, do sprangen ech direkt op den Artikel 28: Do huet ech zwar keng Léisung virzeschloen, mä ech hunn awer Suergen. Do geet et ëm d'Waasser an d'Énergie domestique. Do gëtt geschwat beim Waasser: «la quantité suffisante à de l'eau destinée à la consommation humaine pour ses besoins personnels au niveau de l'alimentation et de l'hygiène».

Bei der Énergie domestique gëtt gesot: «toute forme d'énergie délivrée par un

réseau public ou privé ou par des fournitures d'énergies stockables au domicile de la personne concernée, notamment l'électricité, le gaz, le fuel domestique, le charbon et ses dérivés, le bois ainsi que toute forme d'énergie pouvant être utilisée à des fins domestiques».

Et gëtt keng Referenz gemaach hei op e Règlement grand-ducal. Et weess een net, wat eng Quantité suffisante ass. Ech fäerten, dass déi Dispositiounen zu Problemer an zu Streidereie féieren, dass d'Leit vläicht eppes aneschtors dorënner verstü wéi dat, wat gemengt ass, an dass duerno d'Offices sociaux sech mussen erëm-schloen, fir ze kucken, do zu Léisungen ze kommen.

D'Offices sociaux hunn elo scho Schwierregkeete mat deenen Dispositiounen, déi mer an den Texter geschriwwen hu vum Gas a vun der Elektrizitéit.

### (Interruption)

Jo! Dat do sollt dat jo gutt maachen. Ech froe mech just, ob mer mat Begrëffer wéi „en quantité suffisante“, déi net novollzéierbar sinn, also déi net exakt quantifiable sinn, do net a Schwierregkeete kommen.

Beim Mindestloun oder, loosse mer soen, beim RMG ass de Montant prezis, bekannt a quantifiable. Bei enger Liwwerung vun „accès à de l'eau pour ses besoins personnels en quantité suffisante“ gesinn ech eng Marge d'appréciation, déi kann zu Schwierregkeete féieren.

Vläicht iren ech mech, an ech hoffen et, mä vläicht ass dat och eppes, wou een an Zukunft eng Kéier, och opgrond vläicht vun der Erfahrung, déi mer mat der Applikatioun vun deem Text kréien, sollt dorop zréckkommen.

Dann, Hår President, e Wuert zum Artikel 31. Do geet et ëm d'Restitution de l'aide fournie. Do ass d'Kommissioun higaangen an huet aus enger Obligatioun eng Facultéit gemaach. Den Office social ka reklamieren, dass déi Ënnerstëtzung, déi en engem gewährt huet, zréckbezuelt gëtt, wann an där Period, wou déi Persoun dovou bénéficiéiert huet, se Ressourcë kritt huet aus iergendenger Ursach, déi am Fong d'Aide als net méi noutwendeg erweisen hätt.

Et gëtt ähnlech Bestëmmungen beim Fonds national de solidarité. Mä de Fonds national de solidarité huet d'Possibilitéit, ze verifiéieren, wéinstens bei de Steieren, wéi d'Situation de fortune vun enger Persoun ass. D'Offices sociaux hunn dat net. An et kann ee jo och kaum unhuelen, dass een, deen en Héritage gemaach huet oder an der Lotterie gewonnen huet, da bei den Office social kënnert a seet: „Ech hunn elo vun lech Hëllef kriit, ech kommen lech dat gär erëmbezuelen.“ Also, dat do gëtt eng Bestëmmung, déi fir d'Offices sociaux e bësse schwierig ze applizéieren ass. Och do muss ee vläicht kucken, wéi d'Erfahrung sech entwéckelt an ob een do vläicht enges Daags muss nobesseren.

Dann ee Wuert zu den Dispositions transitoires. Den Artikel 34 gesäit vir: «Les fonctionnaires, employés communaux, employés privés et ouvriers de l'office social sont pris en charge par l'office qui le remplace.» An da gëtt gesot, dass se hire Statut, hire Rang an esou weider behalen. Or, a verschidde grouse Gemenge sinn d'Leit, déi sech ëm den Office social këmmen, Fonctionnaires communaux net vun Office social, mä vun der Gemeng. Duerfir froen ech mech, ob de Saz vum Artikel 34 duergeet, fir deene Problemer bäizekommen.

Schliesslech, Hår President, an dat ass mäi leschte Problem, dat ass den Artikel 38. Den Datum vun der Entrée en vigueur ass schonn eng Kéier geännert ginn, an deem Datum ass zréckverluecht ginn op den 1. Januar 2010. Or, wa mer elo eréischt zu engem éischte Vote kommen a wann déi nächst Chamber muss den zweete Vote maachen, froen ech mech wierklech, ob dann den Datum vum 1. Januar 2010 nach ze halen ass.

Besonnenes am Zesammenhang mat der Fusioun vun deenen Offices sociaux, déi muss ënnert de Gemengen diskutéiert an duerchgesat ginn. Et bleiwen am Fong dräi Méint dann am Joer 2009. Do froen ech mech wierklech, ob et dann nach duergeet. Ech mengen net, dass mer haut nach sollen hei eppes dorun änneren. Mä ech mengen, wann den Text erëmkënnert, ass dat sécherlech eng liwwerleung, déi muss ugestallt ginn.

Hår President, dat waren déi puer Punkten, déi ech hei wollt opwerfen. Ech hu virdu scho gesot, dass mer géifen dee Projet stëmmen. Meng Bemierkunge waren am Fong nëmmen eng Indikatioun, wat ee vläicht nach muss an Zukunft maachen, fir

Jeudi,  
7 mai 2009

en Text ze kréien, wou een net onnéidegerweis an deen een oder an deen anere Problem fällt.

Ech wéilt hei nëmmen nach eng Kéier soen, dass ons Fraktioun wäert dee Projet de loi stëmmen.

Ech soen lech Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Ech soen der Madame Flesch Merci. Als nächst Riednerin ass d'Madame Vera Spautz aangedroen. Madame Spautz, Dir hutt d'Wuert.

» **Mme Vera Spautz (LSAP).** - Här Präsident, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir stëmmen haut an engem éischte Vote iwwer e Projet of, dee fir eng grouss Unzuel vu Leit eng wichteg Bedeitung huet: d'Reform vum Office social oder der Aide sociale.

Wéi esou oft bei grousser Gesetzesännerungen a wéi et och schonn hei gesot ginn ass, ass och hei iwwert dësse Gesetzesprojet laang, kontrovers an oft zimlech hefteg an den zoustännege Chamberskommissionen an awer och op villen anere Plazen an an anere Gremien diskutéiert ginn.

Dësse Gesetzesprojet iwwert d'Aide sociale ass dann och e Kompromëss vu villen ënnerschiddleche Meenungen an Approachen vum der Sozialpolitik hei zu Lëtzebuerg. An der Familljen- an Interieurskommissioun ware mer eis awer bal alleguerten eens, dass mer dësse Projet elo nach virun de Wahlen déi éischte Kéier an d'Chamber bréngen, an dëst ganz besonnesch um Hannergrond vun der aktueller Kris, déi och elo hei zu Lëtzebuerg ukomm ass.

Mat dësem Projet setze mer e politescht Signal, woubäi ech betoune wéll, dass d'Reform vun der Aide sociale haut net eleng wéinst der Kris op der Dagesuerdung steet. Dës Reform ass scho ganz laang iwwerfällig.

Ech wéll och net op alleguerten d'Ännerungen agoen, déi gemaach gi sinn am positiven oder am negative Sënn. Eng ganz Rei Kolleeginnen a Kolleegen hunn dat scho viru mir gemaach.

Fir mech ass awer ee vun den allerwichtigsten Punkten an deem Gesetz d'Recht op Sozialhëllef. Et ass schonn iergendwéi paradox, dass mir an engem Land, wat iwwer eng dach zimlech ausgeprägte Sozialgesetzgebung verfügt a sech als een, wann net dee Sozialstat gesäit, awer trotzdem grouss Mängel hu bei der Bekämpfung vun Aarmut a soziale Benodeelegungen.

Dësse Gesetzesprojet gesäit dann och vir, dass all d'Bierger e Recht hunn op Grundversuergung, dat heescht Gesondheetsversuergung, lessen, Kleeder, Wunnen, Mobilitéit, Energie a Waasserversuergung.

Et muss ee sech awer parallell dozou och d'Fro stellen, oder verschidde Gemengen hei am Land musse sech d'Fro gefale loosse, firwat si net schonn, ier dëst Gesetz elo soll gestëmmt ginn, an hire Gemengen aktiv a preventiv virgaange sinn.

Sou schreift d'ANASIG, d'Association nationale des assistantes sociales, an hirem Avis iwwert dësse Projet de loi: «Le projet de loi mettra ainsi fin à l'inégalité de traitement entre les personnes résidant dans une commune soucieuse de développer une politique d'aide sociale et celles résidant dans une commune sans vision quant aux mesures sociales.»

An d'Commission consultative des droits de l'Homme schreift an hirem Avis: «L'existence d'un droit et l'accès à un droit sont deux choses bien différentes. Jusque-là, le Luxembourg ne connaissait pas le droit à l'aide sociale, mais la pratique de certains Offices sociaux permettait un accès rapide, efficace et non bureaucratique à des secours financiers ou autres. Ainsi est-il pratique courante à la Ville de Luxembourg et à Esch-sur-Alzette que des secours financiers sont accordés dans deux, trois jours.»

A weider schreift d'Kommissioun: «...qu'elle ne peut que saluer la création d'Offices sociaux dans les communes qui n'en avaient pas jusque-là».

D'Gemeng Lëtzebuerg an och d'Gemeng Esch hunn dann an der Vergaangenheit méi wéi eng Kéier ze héiere kritt, dass déi zwou gréisst Gemengen am Land dofir do wäeren, sech em d'Sozialpolitik ze bekëmmen, an deenen anere Gemenge géif et keng esou Problemer ginn, oder si wäeren net esou grave. Et ass awer och eng Tatsaach, dass eng Rei Awunner aus anere Gemengen, wou et keen Office social oder keng Antenn vun der Croix-Rouge gëtt, sech einfach net trauen, bei hire Buerger-

meeschter ze goen oder hir Buergermeeschtesch, fir em Hëllef ze froen. Déi eng sinn an der Vergaangenheit zimlech paternalistesche mat den Ufroen vun de Leit émgangen oder hunn déi sougenannten Almospolitik bedriwwen. Anerer haten oder wollte ganz einfach keng Léisung fanne fir de Leit hire Problem.

Kolleeginnen a Kolleegen, ech wéll op e weidere Punkt vun dem Projet de loi agoen. Wéi scho gesot, funktionéieren d'Gemenge Lëtzebuerg an Esch mat eegenen Offices sociaux. Derniewent gëtt et awer nach d' Croix-Rouge oder d'Ligue, déi zum Beispill zu Esch an engem Konventioun mat der Sozialarbecht um Terrain agebonne sinn. An et gëtt déi Servicer och op ënnerschiddlechen anere Plazen, wou si fir méi Gemenge Permanencé maachen oder gemaach hu bis elo.

An där ursprüngelecher Fassung vun dësem Projet de loi haten d'Auteurs - de Ministère de la Famille an de Ministère de l'intérieur - dann och virgesinn, nëmmen een Assistant social respektiv een Assistent d'hygiène sociale pro 10.000 Awunner ze bezuelen. Op Drock vun der LSAP an dem Syvicol ass dësse Chiffer awer op 6.000 Awunner erofgesat ginn, well et soss net méiglech gewiescht wär, eng seriö Sozialarbecht ze realiséieren.

Ausserdeem gëtt et opgrond vun den Ennerschiddlechkeeten an de soziale Gegebenheiten an der Gemeng - a mir hu ganz oft dat Beispill an der Kommissioun genannt Nidderaanwen, déi anscheinend ee Sozialfall hunn, par rapport zu Esch oder der Stad -, do geet et scho bal an deene grousser Gemenge mat engem Posten Assistant social op 6.000 Awunner net méi duer, fir anstänneg Suivi vu de Clienten am Office social ze maachen.

Als Beispill wéilt ech grad just den Escher Office social nennen. 2007 hate mir um Escher Office social 1.160 Clienten mat ongeféier 4.000 Visiten. 2008 waren et schonn 1.213 Clienten mat 4.422 Visiten. An 2009 sinn et der op den Dag vun haut, a mir sinn nach net an der Halschent vun Joer ukomm - mir sinn Ufank Mee -, 737 Clienten mat 1.898 Visiten, an dat wäert haut voll gi mat 2.000 Visiten. Mir sinn nach net an der Halschent vun Joer, an ech nennen hei net déi Chiffere vun deene Clienten, déi derniewent nach behandelt gi vun der Croix-Rouge oder der Ligue an där Konventioun, wou mer dra sinn, déi zousätzlech nach derbäikommen.

Dës Zuele sinn, mengen ech, Bewäis genuch dofir, wéi wichteg d'Reform vum Office social oder vun der Aide sociale ass. Et geet hei och virun allem dorën, dass all Gemeng endlech hir Verantwortung iwwerhéilt.

Eng weider absolut Noutwendegkeet an iwwerfällig Reform ass déi vun dem Domicile de secours aus dem Joer 1897, op deen ech net méi wäert agoen.

Kolleeginnen a Kolleegen, mir haten an deenen zwou Kommissiounen scho bal eng leidlech Diskussioun iwwert d'Autonomie vun de Gemengen, dëst am Zusammenhang mat dem Statut, deen déi nei oder déi nei al Servicer kréie sollen. Ech wäert net am Detail dorop agoen. Mäi Kolleeg, de Jean-Pierre Klein, wäert dat maachen.

Mir hu laang awer doriwwer debattéiert, wéi den Organisatiounsstatut vun de Gemengen ënner 6.000 Awunner soll sinn, ob et en Établissement public oder e Gemeengesyndikat soll sinn, wou déi méi kleng Gemenge sech sollen zesummeschléissen, a wéi den Émgang soll si mat bestehende Servicer wéi dem Centre médico-social, der Ligue oder der Croix-Rouge an aneren.

(**Interruption**)

Och wann ech vereenzelt Argumenter vun de Kolleeginnen a Kolleegen an de Gemenge verstinn, an ech huelen elo emol - den Här Gira ass net heibannen, leider - d'Beispill vun Här Gira an der Gemeng Biekerech ervir, esou wéll ech awer wierklech emol ënnersträchen a betounen, dass d'Sozialpolitik vun enger Gemeng, egal wéi grouss oder kleng se ass, dach net vun dësem Gesetz hei ofhängeg ass.

D'Sozialpolitik gëtt dach net eleng vum Office social gemaach. Si sinn déi, déi um Schluss vun där ganzer Kette stinn, a ganz oft, wa virdrun alles versot huet.

A wou steet dann, dass d'Gemenge bis elo net hunn dierfen en eegenen Office social aféieren oder en Assistant social oder eng Assistante sociale astellen?

D'Gemengenautonomie huet dat nach ëmmer erlaabt, och an der Vergaangenheit. Et gëtt Südgemengen, déi hunn en Émweltamt geschafen, do hate mer emol nach guer keng Émweltministère hei zu Lëtzebuerg.

D'Gemeng Esch huet als éischt vum Land niewent dem Office social e Service du développement social geschafe viru sechs Joer. Oder, fir nach eng Kéier op d'Gemeng Biekerech zrëckzekommen: Do ass e Chancëgläichheetservice oder en Genderhaus an där Gemeng geschafe ginn, obwuel keng 6.000 Awunner an där Gemeng sinn, mä well de politesche Wëlle vun dem Här Gira dozou bestanen huet.

Ouni Problemer hätten déi Gemengen och kënnen am Beräich vun der Sozialpolitik aktiv ginn an en Office social aféieren oder wéi gesot en Assistant social astellen. Keen huet hinnen dat bis haut verbueden.

Ech fokusséiere mech elo op den Här Gira, obwuel en net heibannen ass, well e Member an där Kommissioun ass an un den Diskussiounen vun dësem Projet hei bedeelegt war. Mä meng Kritik adresséiert sech an deem Beräich do och un aner Gemengemammen an -pappen, déi anere Parteien ugehéieren, sougutt deene vun der DP, vun der CSV an och vu menger eegener Partei.

(**Interruption**)

Et ass a bleift d'Thema vun de politesche Prioritéiten, déi ee sech an enger Gemeng setze wéllt.

Ech wéll och op den Débat iwwert d'Aarmut zu Lëtzebuerg zrëckkommen, dee mer den 1. Februar 2007 hei an der Chamber haten.

Kolleeginnen a Kolleegen, zu deem Zeitpunkt deemools wouss nach keen heibannen, dass mer et annerhalft Joer duerno mat enger Wirtschafts- a Finanzkris ze di géife kréien, vun där mir elo nach ëmmer net d'Auswierkung kennen.

Mir hunn awer schonn deemools beim Débat iwwert d'Aarmut zu Lëtzebuerg festgestallt, dass scho virun där Kris eng ganz Rei Leit sozial benodeelegt sinn a waren an och deemools schonn duerch verschidde Rastere gefall sinn, wou Gesetzer net méi gegriff hunn.

Den Aarmutrisiko, deen 2003 hei zu Lëtzebuerg bei 11,5% louch, ass 2005 op 13% geklommen. Wéi ass en elo? Wéi vill Leit falen elo duerch a wäerten nach duerch all Raster falen?

(**Brouhaha général**)

Et interesséiert vläicht net jiddwereen deen Débat, awer...

(**Coups de cloche de la Présidence**)

» **M. le Président.** - Wann ech gelift, ech mengen, et ass ee wichtige Projet de loi. Ech géif lech wierklech bidden, e bësselche méi opzepassen!

» **Mme Vera Spautz (LSAP).** - ...an deem Débat ass natierlech och vun der Reform vum Office social geschwat ginn, an dass se sollt séier kommen.

Mä Kolleeginnen a Kolleegen, wéi schonn gesot, mir dierfen net de Feeler maachen an dovunner ausgoen, dass mat dësem Gesetz an Zukunft all eis Problemer geléist wieren. Ech hunn hei vun dëser Plaz aus schonn e puermol gesot, dass et wichtig wier, verschidden Themen an Diskussiounen vernetzt ze féieren. D'Thema Aarmut, Précaritéit, soziale Fortschrëtt a sozial Gerechtegkeet fuerderen e vernetzt Denken an Handelen. Well si betreffe Politikfelder wéi de Chômage, Iwwerverschëldung, Wunnengspolitik a Wunnengsnout, Steieren- an Taxëpolitik, Bildungs- a Schoulpolitik, Familljepolitik a villes méi.

An deem Gesetzesprojet iwwert d'Aide sociale steet zum Beispill och dran, dass et an Zukunft e Recht op Wunne gëtt. Meng Kolleegin, d'Madame Flesch, ass schonn dorop agaangen.

Ech wéll hei just nach eng Kéier un déi heroesch Diskussiounen erënneren, déi mir am Zesummenhang mat dem Pacte Logement heibanne gefouert hunn an an de Kommissiounen gefouert hunn. An dëst ganz spezifescht ronderëm déi 10%-Klausel, an där virgesinn ass, dass bei groussen zukünftege Bauprojeten 10% fir de soziale Wunnengsbau musse virgesi sinn.

Nodeems dat neit Mietgesetz jo net dat bréngt, wat de Wunnengsminister de Leit versprach huet, spëtzt sech d'Situatioun bei de Mietwunnengen weider zou. Et gëtt der net genuch a si sinn ze deier. D'Zuele schwätzen eng kloer Sprooch, och wa se ni ganz aktuell sinn. Esou steet am Rapport d'activité vum Ministère du Logement aus dem Joer 2008, dass d'Präisser vun de Loyere fir d'Haiser 2008 zwar stabil bliwwe sinn, fir d'Appartements si se op ee Joer gekuckt nach em 1,4% an d'Luucht gaangen.

Elo schonn ass et extrem schwéier, mat ronn 1.200 Euro RMG, 1.500 Euro Mindestrent oder 1.700 Euro Mindestloun e würdegt

Énnerdaach ze fannen. Wann ee weess, dass d'Wunnungsbedarfsprognos, déi de Ministère du Logement an d'Optrag ginn hat, an enger vun hire Konklusiounen schreift, dass Lëtzebuerg bis d'Joer 2021 ronn 69.000 Wunnengen méi brauch - dat sinn der 3.400 pro Joer -, da froen ech mech net nëmmen, wou all déi Leit solle wunne goen, mä ech froe mech och, wéi hirem neie Recht op Wunne soll an Zukunft iwwerhaupt Rechnung gedroe ginn.

Elo schonn hélt d'Zuel vun de Leit, déi a Cafészëmmeren musse wunne goen, ëmmer méi zou fir deier Suen, wou Leit e Schwarzmaart niewendru bedriewen op d'Käschte vun aarme Leit. Dat heescht, niewent deem normale Wunnengsmaart gëtt et en aneren, en zweeten, dee sech ëmmer méi entwéckelt, a wou d'Leit, Famillje mat Kanner, oft ënner mënschenonwüerdge Bedéngunge lieue mussen. An och dat ass eng Realitéit, mat där mer als Gemenge gefuerdert sinn. A mir an de Gemenge mussen drop reagéieren. Awer net nëmme mir!

Dëst ass och d'Schold vun enger total weltfriemer Wunnengspolitik oder -loosse mer soen - landesfriemer Wunnengspolitik, déi leider vum zoustännege Minister an de leschte Jorzéngte gemaach ginn ass. De Ball läit net eleng bei de Gemengen. Och um nationale Plang musse preventiv Moossnamen dësse Projet de loi begleeden.

Verschidde Gemengen hunn awer schonn Initiativen a Moossnamen an d'Weeër geleet. Um lokale Plang ass et méiglech, wann een dat dann och wéllt, op ënnerschiddlechen Niveaue Projeten ze entwéckelen, déi engersäits preventiv sinn an anersäits Leit hëllef, déi aus hirer Nout net méi eleng erauskommen.

Beim Débat iwwert d'Aarmut hate mer heibannen och schonn d'Diskussioun driwwer. Ech wéll der zwee nennen. D'Gemenge kënnen zum Beispill am Beräich vum soziale Wunnengsbau ganz daitlech Akzente setzen. Si kënnen Projete mat dem Fonds du Logement zesumme realiséieren, mä si kënnen och selwer nach Gemengewunnengen oder Haiser fir hir eege sozial benodeelegt Bierger zur Verfügung stellen oder se verlouen, esou wéi d'Stad Lëtzebuerg an d'Stad Esch et mécht.

D'Gemenge sollte Konventiounen mat Organisationsvorschlässen, wéi zum Beispill der Stëmm vun der Strooss, der Jugend- an Drogenhëllef, dem Réseau Psy, Nuetsfoyeren oder anerer, fir deene Wunnengen zur Verfügung ze stellen, wou déi Organisationsvorschlässe hir Leit oder hir Clienten drasetzen an déi dann och an hirem Alldag begleeden oder de Suivi maachen.

Dat geet alles. Et si kleng Schrëtt, mä si hëllef vill. Um private Wunnengsmaart hunn déi Organisationsvorschlässe Chance, dezente Wunnraum zu abordabele Präisser a Loyeren ze fanne fir hir Leit.

Aarmut, Précaritéit, sozial Benodeelegung an Isolatioun sinn Themen, mat deene mir eis permanent beschäftege mussen; net nëmmen elo an der Kris an net nëmme bei der Diskussioun em dësse Projet de loi.

An dem Rapport vun der Stëmm vun der Strooss, deem leschten, ass geschriwwen, dass si dee leschte Wanter, 2008/2009, 37.094 lessen en defavoriséiert Leit verdeelt hunn an hiren Antennen hei an der Stad an zu Esch. Hei an der Stad sinn 977 Persoune bei hinne passéiert; zu Esch waren et der 697 am Wanter. Zu Esch si 15,2% manner wéi 25 Joer al. D'Stëmm vun der Strooss huet 65 Nationalitéite betreit. Dovunner waren awer ëmmerhin nach 42% Lëtzebuerger.

An ech wéll op eng weider bedenklech Situatioun agoen. Am leschte Comité de conjoncture vum 22. Abrëll dëst Joer sinn déi nei Zuele vun de Chômeuren presentéiert ginn. Et sinn der 12.860; dat mécht 5,5%. A wa mir déi Leit dann nach mat bäiziele, déi an enger Mesure pour l'emploi dra sinn, da sinn et insgesamt 15.840 Leit mat engem Taux vu 6,8%, déi am Chômage sinn.

Enn Mäerz hu vun deene Leit 6.514 eng komplett Chômage-Indemnitéit kritt; dat heescht, 80% vun hirem leschte Gehalt. Wéi gesot, nëmme 6.514 Leit hunn eng Chômage-Indemnitéit kritt, an net, wéi oft geduecht gëtt, alleguerten d'Chômeure kréien déi. Par rapport zum Mount Mäerz

vum leschte Joer ass dat eng Steigerung vum Chômage vun 38,2%.

Wat d'Kuerzaarbecht betrëft, sinn et 9.992, also bal 10.000, Persounen, déi kuerz schaffen mussen, vun am Ganze 16.700 Persounen aus de betraffene Betriber. Och déi kréien nëmmen 80%, ausser si huelen en enger Formatioun deel, da ginn et 90%.

Kolleeginnen a Kolleegen, och dat ass eng batter Realitéit, fir dat mer konfrontéiert sinn, an déi sech, souwäit et elo ausgesäit, an deenen nächste Méint nach wäert zouspëtzen. Dat si Mënnschen, Mammen, Pappen, Kanner, fir déi mir als Politiker eng Verantwortung hunn, an dat iwwer all Parteigrenzen ewech, zesumme mat de gesellschaftleche Kräfte an de Sozialpartner.

Kolleeginnen a Kolleegen, et wier nach esou munches iwwert dëse Projet de loi vun der Aide sociale ze soen, an et kéint ee selbstverständlech och nach déi eng oder aner Verbesserung drabrëngen. D'Diskussionen iwwert d'Form vun deenen neien Offices sociaux, ob Syndicat intercommunal oder Établissement public oder wéi och ëmmer, sinn och net definitiv ofgeschloss a wäerten an anere Gremie weidergoen. Den definitive Vote zu dësem Gesetz wäert eréischt am Hierscht oder um Enn vum Joer stattfannen.

D'Préparatiounen, fir dëst Gesetz am nächste Joer ëmzesetzen, lafen awer schonns. An dat ass och gutt esou. Mä et ass a bleift eng Tatsaach, dass mer esou séier wéi méiglech reagiere mussen op d'Krisensituatioun, wou mer elo dra sinn, an op dat, wat nach op eis zoukënn.

Ech mengen, mat engem Gesetz iwwert d'Reform vun der Aide sociale an engem neie Recht op Hëllef ass en éischte positive Schrëtt gemaach ginn elo. Jiddwereen, all Gemeng am Land, muss seng Verantwortung iwwerhuelen, fir de Leit, déi betraff sinn, hiert zukünfteg Recht op Sozialhëllef ze garantéieren.

Kolleeginnen a Kolleegen, d'nächst Joer 2010, ass dat europäescht Joer vun der Aarmut. Ech hoffen, dass et net e Joer vun Aarmut gëtt am wirkleche Sënn vum Wuert. Mir sollten esou séier wéi méiglech all Mesuren ënnerhuelen, fir de Leit, déi duerch dës Kris onverschëllt an eng prekär Situatioun geroden, séier an effikass Hëllef zoukommen ze loosson.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, zum Schluss wëll ech der Rapportrice vum Gesetz, der Madame Sylvie Andrich-Duval, Merci soe fir hire schrëftlechen a mündleche Rapport. E Merci och un all déi Leit, Organisatiounen a Chamberen, déi mat hirem Avis zu dësem Projet de loi mat bäigedroen hunn, dass en an engem méi positive Sënn konnt verännert a verbessert ginn.

Perséinlech läit mer awer um Häerz, am Numm fir all d'Beamte vun de Ministère, an ech mengen, och kann dat awer och fir alleguerten d'Membere vun deenen zwou Kommissiounen maachen, dem Här Claude Vandivinit fir säi groussen Engagement, seng Geduld a seng Rou, déi hie mat eis hat a munch heftege Sitzungen, e grouss Merci ze soen.

**» Une voix.** - Très bien!

**» Mme Vera Spautz (LSAP).** - Hien ass aus gesondheetleche Grënn leider net méi an der Schlussphas bei den Diskussiounen elo derbäi gewiescht. Mir wëllen him, mengen ech, am Numm vun lech all, vun hei aus alles Guddes fir seng Zukunft wënschen.

Ech gi selbstverständlech och den Accord vu menger Fraktioun fir dëse Projet de loi.

Merci.

**» Plusieurs voix.** - Très bien!

**» M. le Président.** - Ech soen der Madame Vera Spautz Merci. Als nächst Riednerin ass d'Madame Viviane Loschetter agedroen. Madame Loschetter, Dir hutt d'Wuert.

**» Mme Viviane Loschetter (DÉI GRÉNG).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, fir iwwert d'Aide sociale an iwwert d'Aarmut zu Lëtzebuerg ze schwätzen, géif et wahrscheinlech mat engem Modell 2 guer net hei duergoen.

Duerfir erlaabt mir, mech op e puer prinzipiell Remarquen ze limitéieren, wat dëse Projet de loi ubelaangt.

Déi gréng Fraktioun huet - an dat ass schonns hei ugeklongen - méi wéi geméischte Gefiller bei dësem Projet de loi. Dee Projet, dee mir elo solle stëmmen, ass mat Sécherheet eng Politik, déi absolut muss um legislative Plang frësch iwwerduecht ginn. An am Rapport schreift och d'Madame Rapportrice, där ech iwwregens e ganz décke Merci ausriichte fir hire schrëftleche Rapport, awer och elo fir hire mündleche Rapport, op eng dach awer lichter naiv Manéier an engem Saz, datt dëse Projet de loi als Zil huet, de System vun der Protection sociale ze moderniséieren.

Ech denken, d'Madame Andrich gëtt mir och Recht, wann ech soen, datt een en Arrêté royal-grand-ducal aus dem Joer 1846 an e Gesetz aus dem Joer 1897 wuel guer net méi ka moderniséieren. Mir sinn éischer der Meenung, datt mer iwwerhaupt mussen e Vide, dee säit Joren, voire Jorzéngte besteet, mat Inhalt féllen.

Et geet also an dësem Projet de loi drëms, fir iwwerhaupt emol eng Sozialpolitik um Gemengenniveau ze definéieren, d'Relatioun tëschent de Gemengen an dem Stat festzehalen an d'Missiounen vu jiddwereengem dodra kloerzestellen. Et geet awer och drëms, fir ze definéieren, wat iwwerhaupt Aide sociale ass a wéini een dann och Urecht huet op d'Aide sociale.

**(Mme Colette Flesch prend la Présidence)**

Am Rapport gëtt och zouginn, datt onse System zu Lëtzebuerg, eent vun de rächste Länner an der Europäescher Unioun an dorüwer eraus, en archaesch System ass. «Il est plus que temps de mettre notre dispositif législatif au diapason avec les réalités sociales», schreift d'Rapportrice. An deem stëmme mer zu 101% zou a froen ons eigentlech, firwat dëst net scho laang eng Prioritéit war vun der jorzéngtenaler CSV-Sozial- a Familjepolitik.

Mir verstinn och duerfir net, Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, firwat eréischt am Joer 2008 e Projet de loi déposéiert ginn ass. Mir Gréng op alle Fall fillen ons onwuel, e wichtege an noutwendige Projet de loi elo dach awer hallefhäerzeg an engem éischte Vote ze stëmmen, obwuel mer - an ech kommen herno nach drop zrëck - eng konsistent Opposition formelle vum Statsrot nach ëmmer virleien hunn. Esou eng Virgoensweis fanne mir e bëssen onwürdeg fir esou e wichtege Projet.

Mir waren ons och alleguete queesch duerch d'Fraktiounen eens, datt dëse Worf vun haut net dee beschten ass an och net deen definitiven ass. Jo, ech denken...

**(Interruption)**

An der Kommissioun ware mer ons alleguerten eens, queesch duerch d'Fraktiounen - ech widerhuelen nach eng kéier -, datt dee Projet de loi, deen haut gestëmmt gëtt, net vläicht elo dee beschten ass an op alle Fall net deen definitiven ass, an datt mer wäerte missen an engem zweete Vote, souwisou schonns duerch d'Opposition formelle, nach eng kéier an d'Chamber kommen, an datt mer da sollen...

**(Interruption)**

...vun där Geleeënheet profitéieren, fir vläicht déi eng oder déi aner Saach nach heidran ze verfeinere. An ech denken, datt meng Virriedner a Virriednerinnen, och vun de Majoritéitsparteien, dat och schonns hei gesot hunn. Déi eng wëllen e bësse méi, déi aner e bësse manner nach dra verfeinere.

Natierlech ass et dann och delikat, wann ee muss engersäits soen, datt mir dës Legislatioun onbedéngt esou séier wéi méiglech brauchen; an net wéinst der Wirtschaftskris. Well ech denken, datt dat Argument vun der Wirtschaftskris eigentlech keent dierft sinn, fir eng Aide sociale ze institutionaliséieren an ze regléieren hei an dësem Land, op Gemengenniveau.

Mir brauchen et also esou séier wéi méiglech, a mir wëllen och net de Bremser sinn. Mä et ass gradesou respektlos virun all deene Concernéierte vun der Aide sociale, engersäits déi, déi dra schaffen, an anerersäits och déi, déi dovunner Gebrauch maachen, wann een eng Saach produziéiert, déi net fäerdeg ficeléiert ass, well ee sech awer net déi noutwendeg Zäit nach duerfir wollt ginn. A wann ech schwätze vun noutwendeger Zäit, da schwätze ech net vu Joren, mä vu vläicht e puer Méint. Déi hätte kënnen wahrscheinlech dëse Projet de loi...

**» Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.** - Madame Loschetter, dee Projet war annerhallet Joer an der Aarbecht. Wann en dann

nach net fäerdeg ass, da froen ech mech, ob et wirklech doru geleeën huet.

**» Mme Viviane Loschetter (DÉI GRÉNG).** - Ech kommen nach drop zrëck. De Projet de loi ass virun engem Joer déposéiert ginn.

**» Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.** - Am Januar 2008.

**» Mme Viviane Loschetter (DÉI GRÉNG).** - Genau, virun engem Joer.

**» Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.** - Dat ass annerhallet Joer.

**» Mme Viviane Loschetter (DÉI GRÉNG).** - Jo. En ass substanzieel jo och scho geännert ginn. En ass och zweemol duerch de Conseil d'État gaangen.

Et bleiwen nach eng Rutsch Froen onbeäntwert. Ech denken, datt ass och schonns hei gesot ginn. An dofir denke mir, datt mer déi noutwendeg Zäit ons nach hätte kënnen huelen, fir och déi do Äntwerten ze ginn.

Mir sinn och der Iwwerzeugung, datt d'Ministesch an hir Regierung kee Kreechen hannert dëse Projet de loi kënnen maachen; e Kreechen, deen heescht: ofgehaakt. Mir sinn der Meenung, datt hei d'Missioun vun der Regierung net accomplie ass.

Dëst zu der Virgoensweis vun den Aarbechte vun dësem Projet de loi. An elo nach kuerz e puer Wuert zum Inhalt.

E wichtege Akzent ass an der Sozialpolitik gesat gi mat dësem Projet de loi, well elo all Bierger an all Biergerin e Recht kritt op Sozialhëllef. Dat ass vu jiddwereengem scho gesot ginn an dat wëll ech och am Numm vun der grénger Fraktioun hei nach eng kéier ënnersträchen. Dat ass eng Approche, déi aner Länner, notamment och d'Nopeschlänner, schonns ageholt hunn, an déi mir och elo hei zu Lëtzebuerg kréien.

Dës Approche definéiert dann och déi ganz Philosophie vun deem Projet de loi. D'Definitioun vun Aarmut kritt doduerch eng realpolitische Nues. Aarm ass net méi eleng den Heeschemann oder den Obdaachlosen. Aarm oder gefährdet sinn haut: Kanner, notamment aus monoparentale Familijen; Kanner, déi keen Zougank zur Kultur hunn; Kanner, déi keng uerdentlech Ernährung hunn an déi sech schonns an hirem klengen Alter hir Gesondheet definitiv beschiedegen. Aarm sinn déi, déi aus der Gesellschaft ausgeschloss sinn oder ginn, well hir Reaktioun dorop fir si oder fir anerer geféierlech ka ginn.

Duerfir gesi mir och an de Missiounen vun deem neien Office social eng ganz kloer preventiv Missioun. D'Politique sociale an d'Politique sociétale, d'Gesellschaftspolitik, ginn do Hand an Hand. Et ass ze verstoen, denken ech, als eng éducativ a pedagogesch Mesure, fir ze verhënnere, datt e Bierger oder eng Biergerin ausgeschloss gëtt an duerno ausgeschloss ass vun enger Gesellschaft.

Mir hunn haut Méiglechkeeten, op Analysen a Recherchen zrëckzegräifen, déi ons Unhaltspunkte ginn iwwert d'Aarmut an enger Gesellschaft respektiv iwwert d'Aarmut vun enger Gesellschaft. Mir hunn haut e professionnelle Réseau vun Institutiounen, déi am soziale Secteur schaffen, a brauchen eigentlech net méi op déi chrëschtlech Nächsteléift vun den Uerdenschwëstere zu zrëckzegräifen.

A mir hunn haut Gemengen, deenen hir Missioun wäit iwwert d'Mole vun Zebrasträifen op der Strooss erausgeet. D'Gemenge sinn déi, wéi et gutt am Rapport beschriwwen ass, déi déi Instanz duerstellen, déi am nooste beim Bierger a bei der Biergerin ass, déi d'Kanner praktesch alleguete kennen, well se do an d'Schoul ginn.

An dëst sinn, Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, an onsen Aen déi wichtege Instanzen, déi sech esou matenee mussen organiséieren, datt d'sozial Hëllefstellung do ukënn, wou se muss a mat der noutwendeger Urgence, déi oft gefuerdert gëtt. Um Stat, un der Regierung ass et, de Relais tëschent de Gemengen, de Sozialinstitutiounen an den Erkenntnisser esou ze gestalten, datt et fonctionnéiert. An dës Philosophie gehéiert dann och e klaren Transfert vun de reng finanziellen Hëllefstellungen eriwuer op Déngschtleeschungen, professionnelle Suivi, materiell Leeschtungen an esou weider.

Dës Mesurë sinn alleguerten am Projet de loi virginn. Mir fannen dat gutt, mir fannen dat wichteg a mir fannen dat noutwendeg. Mir hätten et och begréisst, wann den Term „Office social“ duerch méi e flotten, vläicht

positiven Term ersat gi wär, wéi „Maison des citoyens“ oder „Biergerhaus“ oder „en Haus fir jiddereen“, wou och eng Persoun, déi an akute Schwierigkeeten ass, sech nach zougehéiereg fillt. D'Zäite vum Aarmebüro, wéi den Office social oft genannt ginn ass, sinn definitiv eriwuer.

Mir hunn och ons grouss Bedenke par rapport zu deene Persounen, déi net kënnen déi Hëllefstellung beim neien Office social fannen, virun allem déi auslännesch Schüler, Schülerinnen, Studenten a Studentinnen. Dat fanne mir net zäitgeméiss an och net ubruecht, an Zäiten, wou mer notament wëllen ons Uni promovéieren a wëssen, wiwiv Studentinnen a Studenten et schweier hunn, sech finanziell duerchzeschloen, trotz verschidde Méiglechkeeten an anere Gesetze. D'autant plus, datt ons Legislatioun fir e Studentenjob nach ëmmer an onsen Aen zumindest zimlech restriktiv ass. Verschidde Studenten a Studentinne mussen munchmol op traureg Aktiounen zrëckgräifen, fir notament hire Loyer ze bezuelen.

Mir kënnen ons och absolut net - an et ass scho vu menge Virgänger a Virgängerinne gesot ginn; ech widerhuelen et also - d'accord erkläre mam Fait, datt an dem Conseil d'administration weder e Buergermeeschter nach Schäfte kënnen genannt ginn. An onsen Aen ass et eng total Verkennung vun der Realitéit um Terrain.

Et sinn, egal ob an deene gréisser Stied, mä virun allem an deene klengste Gemengen dach ëmmer de Buergermeeschter an déi politesch Responsabel, déi ugeschwat ginn, déi gefrot ginn, déi ënner Drock stinn, wann et drëms geet, enger Urgence sociale nozekommen. Dëst ass och vu ville Gemengepolitiker an deenen zoustännege Kommissiounen e puermol ënnerstrach ginn, fënn awer en daaft Ouer bei der Ministesch a bei hire Fonctionnaires.

**» Une voix.** - A beim Conseil d'État.

**» Mme Viviane Loschetter (DÉI GRÉNG).** - A beim Conseil d'État.

**(Interruption)**

Mir kënnen och guer net domadder liewen, datt d'Gemengen imposéiert kréien éischens, wéi se sech mussen zesummen-dinn, an zweetens, déi Form, déi se mussen anhuelen, fir zesummen ze schaffen, à savoir d'Obligatioun, sech eben an engem Établissement public de droit privé ze regroupéieren.

De Conseil d'État gesäit dat och mat äusserster Skepsis - ech denken, déi Diskussioun steet nach effektiv aus - an e weist och mam Fanger genau dohin, nämlech op déi Aschränkung vun der Autonomie communale, an zitéiert dobäi notament den Artikel 107(1) vun der Verfassung. Dës Virgoensweis, seet en, ass verfassungswiddrig. Dofir bestätegt dann och an onsen Aen op eng richteg Manéier de Conseil d'État a sengem Avis complémentaire déi Opposition formelle.

De Conseil d'État versteet och net, firwat de Gemengen zousätzlech zu der Méiglechkeet, en Établissement public ze schafen, och nach aner Méiglechkeete gi ginn, zum Beispill sech a Syndikater ze organiséieren.

Dat alles, Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, ass an onsen Aen nach net bis zum Schluss duerchduecht a wäert alle Leit, de Politikerinnen a Politiker, de Leit, déi am soziale Secteur schaffen, vill Kappzerbrieches kaschten. Kappzerbrieches, deen net noutwendeg gewiescht wär an dee kontraproduktiv ass.

Mir kommen net vun där Iddi lass, datt de Stat, sprich de Familljeministère seng Kompetenz bis déif an de Gemengenterrain verbreet huet a weider verbreet, an datt d'Gemenge risikéiere muer eventuell just nach eng Exekutiv vun engem Familljeministère a Saache Familljepolitik a Sozialpolitik ze ginn. Mir stellen ons als Gréng eng aner Form vu Gesellschaftsorganisatioun vir.

Dofir, Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, kënnen mir dësem Projet de loi net ons Zoustëmmung am éischte Vote ginn a wäerten ons och dofir enthalen.

**» Mme le Président.** - Merci, Madame Loschetter. D'Wuert huet elo den Här Gibéryen.

**» M. Gast Gibéryen (ADR).** - Merci, Madame Presidentin. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll mech relativ kuerz faassen zu dësem Projet an un éischer Stell awer der Kolleegin Madame Sylvie Andrich-Duval Merci soe fir hire wirklech detailléierte Rapport, dee si eis hei mündlech virgestallt huet, an awer och virun allem de schrëftleche Rapport.

Dat hei ass fir eis, mengen ech, fir eist Land, e ganz wichtege Projet. Et ass en néidege Projet, dee mer leider mussen elo ënner engem gewëssenen Zäitdrock stëmmen, well mer vill Zäit verluer hunn. Ech wëll do keng Bemierkunge maachen, duerch wien dat déi Zäit verluer gaangen ass. Ech mengen, mir hunn de Projet annerhaleft Joer hei an der Chamber, an esou wéi eben eis Prozedure sinn tëschent Parlament, Regierung a Statsrot, ass et nun eemol zu där Situatioun komm, dat dësse Projet dann eben elo am leschte Moment hei zur Diskussioun an zum Vote kënnt.

Eis schéngt et awer wichteg ze sinn, dat dësse Projet nach an dëser Legislaturperiod gestëmmt gëtt, fir dat e kann a Kraaft triede fir den 1. Januar d'nächst Joer, och wa mer eng Opposition formelle hunn an domadder de Risiko lafen, dat mer no der Summervakanz dësse Vote dann eben nach eng zweete Kéier mussen maachen, fir dat d'Gesetz kann a Kraaft treden.

Et ass awer wichteg, dat mer dësse Projet stëmmen, well mer jo feststellen aus der Vergaangenheet, dat déi Strukturen, déi mer hei am Land haten an deem do Domän, iwwerliefert waren an dat se virun allem vun enger Gemeng op déi aner Gemengen aneschtens praktikéiert si ginn. Et ass och sécher, dat de Besoin an där enger oder an där anerer Gemeng ganz aneschtens ass.

Et ass kloer, dat mer vill Landgemengen haten, déi déi Problemer do wéineg kann hunn oder guer net kann hunn, dat de Gemengesekretär den Office social niewelaanscht gemaach huet. Wann ee Fall komm ass, dann ass deen ebe geregelt ginn, onkomplizéiert a séier. Mä mir wëssen awer och, dat mer gréisser Gemengen hunn, wou de Problem, wou d'Demande no Hëllef enorm grouss ass, an dat déi Gemengen do och vill gefuerdert waren an deem Sënn.

Duerfir, dat mer eng national Regelung kréien, an déi an engem gewëssene Solidaritéitsgefill all d'Gemenge mat agebonne sinn, fanne mir, ass eng richteg Entwécklung, déi mer maachen. Et kann net sinn, dat Gemenge sinn, déi méi där Problemfall do hunn opgrond vun hirer geographescher Lag, opgrond vun hirer Gréisst, an dat déi finanziell a materiell méi missten engagéiert si wéi aner Gemengen, déi vläicht eng aner Zesummesetzung vun hiren Awunner hunn, a wou d'Demande an déi dote Richtung vill méi kleng ass.

Hei, mengen ech, si mer als Land gefuerdert, fir dat all Mënsch, egal wou en hei leeft an eisem Land, muss déi adequat Ënnerstützung kréien, déi e brauch. An duerfir si mer och dermat averstanen, dat dat heiten eng gewësse Solidaritéit gëtt.

Ech schwätze ganz kloer aus Erfahrung. Ech war laang Buergermeeschter vun enger klenger Gemeng, déi iwwer 30 Joer praktesch den Office social net gebraucht huet. D'frai Nuechten, déi d'Veräiner ugefrot hunn, sinn an d'Caisse vum Office social gaangen. Dat ass duergaangen, fir dee ganzen Office social ze finanzéieren, an da konnten d'Membere vum Office social souguer nach eng Kéier d'Joer dovun iesse goen.

Dat war einfach, well d'Zesummesetzung vun där Gemeng eng Gemeng war, wou lauter Appartementer a Lotissementer gebaut si ginn, a Leit, déi dohinner wunne ginn, dat sinn an der Regel keng Leit, déi duerno op d'Gemeng kommen, fir Hëllef ze sichen. Dir hutt awer aner Gemengen, déi aner Strukturen hunn, déi da vill méi där Leit vun där Kategorie hunn. Duerfir mengen ech, ass et och wichteg, dat eng Gemeng, déi net direkt där Leit bei sech huet, awer am Kader vun enger nationaler Solidaritéit muss hëlfe, fir deem Problem do ze begéinen, och wat d'Organisatioun an d'Finanzéierung ueegt.

Mir sinn an engem Land - dat ass och schonn de Moien hei gesot ginn -, wou an deene leschte Méint a Joren d'Demande no där Hëllef do rapid ugekloppen ass, punktuell oder plazeweis am Land gesinn. An dat bedeit dann och, dat mer mussen reagéieren. Mir kënnen eis net hanner prozeduralem Geplänkeles oder Ursache verstopp, fir esou e Projet net ze stëmmen, well domadder géife mer am Fong errechen, dat mer déi betraffe Leit géifen treffen. Duerfir ass et scho wichteg, dat dee Projet hei gestëmmt gëtt, och wann en net, wéi dat bei verschiddene Virriedner hei zum Ausdrock komm ass, an allen Detailler perfekt vläicht mag sinn oder déi eng oder déi aner Fro sech stellt.

Sécher ass esou eng Reform wéi déi heiten - a mir hu jo schonn an der Vergaangenheet esou Reformen hei am Land duerchgezunn, wou och kee wousst, wou een herno bei der praktescher Uwendung do nach eventuell op Problemer géif stoussen -, an dat mag och bei dësem Projet vläicht bei der

praktescher Ëmsetzung de Fall sinn. Dann, mengen ech, si mer als Parlament grouss an al genuch, wann eben e Besoin géif punktuell bestoen, dat misst nogebessert ginn. Dat Parlament hält wuel de 7. Juni op, mä et kënnt duerno erëm en aner Parlament, an och déi, déi dann hei sëtzen, wäerten a même sinn, wann ebe muss nogebessert ginn, fir dann ebe punktuell nozebesseren.

Wat wichteg ass bei esou enger Reorganisatioun, a virun allem bei deene Leit, déi hei concernéiert sinn, dat ass, dat mer Prozedure maachen, déi net ze wäit vun de Bierger ewech ginn. An duerfir, mengen ech, mussen mer och kucken, wa mer Strukturen opbauen: D'Ulafstell vun de Leit wäert nach ëmmer d'Gemeng sinn. Mir kënnen also d'Gemengen net ze vill ausschléissen aus der Prozedur, mä mir mussen ëmmer kucken, dat mer esou no wéi méiglech bei de Bierger bleiwen, an och an deenen heite Fäll esou onkomplizéiert an der Praxis virgoen.

Deene Leit, déi op deem Terrain do schaffen, brauche mer dat net ze soen. Déi hunn an der Vergaangenheet bewisen, dat se dat kënnen. A wann dacks Problemer waren, da louch et net un deene Leit um Terrain, déi d'Dossiere behandelt hunn. Loosse mer éierlech sinn, da war et awer ganz dacks um Niveau vun de Gemengen, déi vläicht, déi eng méi oder déi aner manner, retizent ware fir déi Leit, déi dann op d'Gemeng komm si mat den Dossieren, wou dann dacks d'Gemengen am Fong déi waren, déi gebremst hunn.

Wou vläicht an deene Gemengen, an ech schwätzen elo emol méi vun deene klenge Gemengen, wou et awer keng fest Struktur gi sinn, wou dann entweder ee Politiker responsabel war, oder en Office social war, wou am Fong keng oder deelweis keng Kommunalpolitiker mat dra waren - wou ganz dacks nëmmen een Einzelne gefrot ginn ass, oder décidéiert ginn ass -, esou dat mer dann net eng generell Approche zum Problem haten, mä ganz dacks eng Approche haten, wat dann eben där einzelner Persoun hir war, an dat ass och net gutt. Ech mengen, et ass scho gutt, dat mer eis eng national Struktur ginn, dat mer Kritäre ginn, déi transparent sinn, déi novollzëibar sinn, a wou all Mënsch, egal wou en am Land wunnt a leeft, ka vun deene selwechte Méiglechkeete Gebrauch maachen.

Wéi gesot, Madame Presidentin, dat hei ass eiser Meenung no dofir e gudden an e wichtege Projet. Et kënnt een nach villes dozou soen, mä ech mengen, meng Virriedner hu praktesch all déi Suergen a Problemer, déi een an dësem Projet kann zur Diskussioun stellen, hei opgefouert. Et huet och kee Wäert, fir dat een dat des Laangen an des Breeden dann nach eng Kéier hei widderhält.

Mir sinn an der Mëttesstonn - et ass net schued, Här Scheuer, a bestëmmt deet et lech am mannste leed, wann et séier geet -, an ech géif dofir nach eng Kéier Merci soen an ech géif d'Zoustëmmung vun eisem Grupp zu dësem fir eis wichtege Projet bréngen.

» **Mme le Président.**- Merci, Här Gibéryen. D'Wuert huet elo den Här Klein.

» **M. Jean-Pierre Klein (LSAP).**- Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, an dësem Projet de loi huet de Conseil d'État eng gutt Analys gemaach iwwert de Stand vun der Aarmut hei zu Lëtzebuerg. An iwwert d'Entwécklung vum Bäistand an deene Bedürftegen huet en och eng ganz gutt Analys gemaach. En huet ugefaange mat den internationalen Texter an dëser Perspektiv - iwwert d'Aféierung vum Fonds national de solidarité, dem RMG mat senge sëlliche Modifikatiounen am Laf vun der Zäit -, en huet do wierklech alles gekuckt an och op déi auslännesch Auteuren higewisen.

Hien huet déi zitéiert, an hir Doctrine, wat ganz bedeitend Auteure sinn, an hie stellt opgrond vun all deem, opgrond vun deem Inventar, deen hie gemaach huet, fest, dass eis ural Texter Verbesserungsbedürfteg sinn. En neie Geescht muss an deen neien Text, an déi nei Aktioun vun den Offices sociaux eran. Dat ënnersträicht en och a sengem Avis, an d'Regierung huet integral den Text, deen de Conseil d'État virgeschloen huet, iwwerholl am Artikel 7, dee souwisou d'Vuë vun der Regierung ënnermauert.

Virun allem, ier mer un d'Aide sociale kommen, sollen all aner Hëlfelepénne ginn, an an deem Sënn mussen d'Leit informéiert, guidéiert an assistéiert ginn, fir ze wëssen, wouhin se sech solle wenen, wat fir Méiglechkeete se hunn, fir kënnen gehollef ze kréien, wann et noutwendeg

ass. Problemer sollen un der Wuerzel gepaakt ginn, fir dans la mesure du possible keng Nout opkommen ze loossen. Eng Begleedung vun eventuellen Hëlfelepbedürftegen organiséieren, fir net an de Misär oder souguer un de Rand vun der Gesellschaft ze geroden.

Als leschte Moyen soll eng Hëllef en nature oder en espèces stattfannen, déi da vum Service d'aide sociale accordéiert gëtt. Dat gëtt eng nobel Missioun fir déi reorganiséiert Offices sociaux, wouranner mussen motivéiert an engagéiert Leit funktionéieren. Dorop kënnt et un, op eng Verbesserung vun der aktueller Situatioun, eng Plus-value par rapport zu der jëtzege Institution. Ech géif soen, dat kann een aus dem Esprit vum Gesetz schléissen, dass, wa Leit do um Wierk sinn, déi wierklech motivéiert sinn, déi engagéiert sinn, da kréie mer d'Objektiver vun dëser Gesetzgebung am Intérêt vun deenen, déi et brauchen, duerchgesat.

Wat elo d'Ausféierung vun deene Missiounen ubelaangt: Bis elo hate mer en Office social, deen och als Établissement public sous la surveillance des communes considéiert ginn ass. Seng Base légale war am Arrêté royal-grand-ducal vun 1846 festgehalen. Den Domicile de secours vun enger Persoun berout op engem Gesetz vun 1897.

Also alles Bestëmmungen, déi ural sinn an déi aktualiséiert mussen ginn. Iwwert d'Modifikatioun vun dësen Instrumenter gëtt schonn iwwer 30 Joer geschwat. Sait ech am Gemengesektor tätig sinn, gëtt doruwwer geschwat. Dat ass scho vill méi laang. An deem Projet de loi, deen hei zur Diskussioun steet, hu mer weider en Office social, deen en Établissement public ass, deen ënner der Surveillance vun de Gemenge funktionéiert.

De Projet de loi verankert - an dat kann een net oft genuch soen, et ass scho vun de Kolleeginnen a Kollege Virriedner hei gesot ginn - d'Recht op Hëllef fir déi, déi se noutwendeg hunn, mam Corolaire, dass am Fall vun engem Refus déi betreffend Persoun kann hiert Recht bei de sozialen Tribunal akloen. Also Rechtswéeër ginn opgemaach, wat bis elo net de Fall war. Do sinn oft am Arbiträren Décisiounen geholl ginn, wou kee Moyen dergéint bestanen huet, fir sech dergéint ze wieren.

De Service fir de Benotzer gëtt méi professionell fir all Gemengen organiséiert. Regional Strukturen erlabe méi Effikassitéit. D'Bestëmmungen iwwert den Domicile de secours vun 1897 ginn tout court zu Recht ofgeschaaft. Et ass elo eriwuer mat dem eventuelle Gespills tëschent Gemengen, eng där anerer duerch Bezuele vun Hëlfelep de Client à charge ze loossen. D'Madame Flesch huet et an hirer Interventioun gesot, a mir wëssen och, wéi schwéier et oft war, fir den Domicile de secours vun deem engen oder aneren ze ermëttelen.

Wat d'Exekutioun vun dësem Service betrëfft, wollt de Statsrot d'Autonomie communale spille loossen, an engem alternative Choix: entweder e Syndicat intercommunal fir Gemengen, déi sech wëlle reorganiséieren a méi effikass schaffen, also ënner deenen aktuelle Bestëmmung vum Gemengesyndikatsgesetz, oder iwwer en Établissement public communal fir déi Gemengen, déi sech an der Lag fannen, fir eleng gutt ze funktionéieren.

En Établissement public communal, wou de Statsrot e legale Kader, e System proposéiert hat, deen a mengen Aen awer juristes net am Aklang, net kompatibel ass mam Artikel 108bis vun eiser Verfassung, an et ass och schonn dorobber higewise ginn. Ëmmerhi wier d'Autonomie communale, egal a wat fir engem System, beschränkt ginn.

D'Autonomie communale ass näischt Absolutes. Si muss sech ëmmer bewegen am Kader vun de Gesetzer, vun der Constitution. Dat ass och eng Virschrëft, eng Feststellung, déi gemaach ginn ass. Eng Definition iwwert d'Autonomie communale gesäit dat vir an der Charta, déi Lëtzebuerg och ënnerschriwwen huet: déi europäesch Charta iwwert d'Autonomie communale.

Also hätt, nom Choix vun de Gemengen, deen Office social kënnen funktionéieren iwwert d'Gesetz vun de Gemengesyndikater, wat an eisen Ae jiddefalls och Verbesserungsbedürfteg ass, oder en Établissement public communal, esou wéi de Statsrot dat proposéiert huet, an d'Gemengen hätten dat da missen entscheeden.

Mir hätte bei engem méigleche Choix zweeërlee, also verschidden Hëlfelepstellen geschaf, wéi zum Beispill en Établissement public communal - wou de Conseil d'administration op ass fir all Bierger, déi d'Konditiounen, fir e Gemengerot ze sinn, mussen erfëllen - oder e Syndicat intercommunal,

wou de Comitémember muss e Gewielte sinn. Dat kann et jo net sinn. Mir kënnen net op zwou Schinnen hei fonctionéieren.

Deen heitege System, den Établissement public placé sous la surveillance des communes, ass kloer a schaaft Strukturen, déi fir all Gemeng oder regroupéiert Gemenge gültig sinn. Am Kader vum Gesetz huet des Institutionen eng Bewegungsfreiheet; déi ka sech do bewegen, ka sech Mëttele ginn, ka sech Personal ginn, ka sech Instrumenter ginn, fir hir Missioun, fir hir Objektiver esou gutt ënner deene beschte Konditiounen wéi méiglech duerchzuféieren.

De Buergermeeschter oder d'Schäfte kënnen net Member sinn. Dat ass a mengen Aen normal, wou se jo d'Surveillance vum Établissement public direkt ausüben. De Buergermeeschter respektiv säin Delegierte kënnen awer mat berodender Stëmm de Réunioun vum Conseil d'administration bäiwunnen an esou hire Bäitrag am Intérêt vun der Institution leeschten.

Ech géif mengen, an der Diskussioun iwwert dee Projet de loi hei an der Kommissioun hu mer et jo fäerdeg bruecht, fir d'Tutelle - wou mer jo deen Ausdrock, dee mer net méi gär héieren, guer net gär héieren, an deen och net méi berechtigt ass, mir wëlle jo och keng Tutelle, keng Bevormundungsfunktion - , fir do den Intérieur an de Ministère de la Famille erauszehuelen, a mir hunn nach just d'Surveillance vun der Gemeng, wou jo awer de Buergermeeschter an d'Schäfte am meeschten zoustänneg sinn, an da kënnen se net zur gläicher Zäit Acteur sinn an och nach hiren eegene Kontroller oder Surveillant sinn.

Wa bei der Ausübung vun hirer Missioun am Kader vun dësem Gesetz sech Inélégancé weisen, an der Praxis - bei der praktescher Ëmsetzung wäerte sécherlech Problemer begéint ginn -, da wäerten experimentéiert Fonctionnaires oder aner Experten en place sinn, fir Léisungen ze fannen. Grave Obstaclé kéinte gegebenfalls, wéi bei all Gesetz, duerch Ofännerungen aus der Welt geschaaft ginn. Ech zweifelen awer, dass sech hei sollte ganz wesentlech Obstaclé virfannen, déi net iwwerwëndlech wieren.

Dat hei ass erëm e Beispill, muss ech awer soen, dat weist, dass et besser gewiescht wier, bei der Ausschaffung vun der neier Législatioun d'Praktiker vum Terrain vun Ufank u mat anzebannen. Dat wier der Institution zum Gudde komm. Iwwerens ass dat mat Erfolleg bei der Ausschaffung vun der Reglementatioun vun de Chèques-services esou gemaach ginn, an do hutt Dir beispillhaft agéiert, Madame Minister, an Dir hutt och gesinn, wat fir e Resultat Dir hat a wat fir e Succès, wat fir en Erfolleg Dir mat där Reglementatioun do hat, wéi dat dunn esou gelënd bei de Gemenge konnt ëmgesat ginn. Dat ass eng Fuerderung vum Syvicol. Et geet do net ëm de Prestige vum Syvicol, fir kënnen derbäi ze sinn, mä et ass am Intérêt vun der Saach, am Intérêt vum Administré, ëm deem säi Wuel, ëm deem seng Qualité de vie et jo schliesslech geet.

Alles an allem géif ech soen, dass dës Gesetz e soziale Cachet huet, an enger Zäit, wou sech wäerte méi Fäll weisen, wou mer mussen méi Fäll op deem Niveau behandeln, wou d'Hëllef wäert méi heefeg ginn. Dat hei ass e gutt Instrument, fir deene Leit do Satisfaktioun ze ginn, déi an der Nout sinn, a fir hinnen aus der Nout erauszehëlfe. Ech sinn iwwerzeegt, dass d'Gemengen et notzen, fir deenen Objektiver nozekommen. Si besetzen et mat deene beschtgëeegente Leit a Personal, am Sënn vun der sozialer Verbesserung, am Sënn vun der Solidaritéit a besonnesch och vum sozialen Zesammenhalt.

Ech soen Iech Merci.

» **Mme le Président.**- Merci, Här Klein. Domadder si mer um Enn vun der Riednerlésch, an d'Wuert huet elo d'Regierung, d'Madame Minister Marie-Josée Jacobs.

» **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.**- Merci, Madame Presidentin. Dir Dammen an Dir Hären, ech géif och wëlle fir d'éischt der Madame Rapportrice, der Madame Sylvie Andrich-Duval, e grouse Merci soe fir hiren explizite mëndlechen a schrëftleche

Rapport, an och den Innenminister, den Hâr Jean-Marie Halsdorf, entschëllegen, dee jo net als Ministre de tutelle, well mer dat jo net méi gären héieren, hei ass, mä awer trotzdeem Responsabilitéit fir d'Gemengen huet. Hie kann haut de Moien net hei derbäi sinn.

Selbstverständlech sinn ech e bësselche verdrésslech driwwer, datt mer haut eréischt hei en éischte Vote kënnen huelen, well ech mengen, datt et wichteg gewiescht wier, datt mer hätte kënnen dat Gesetz definitiv stëmmen. Ech kann och net domadder liewen a mech net domadder ufrënnen, fir ze soen, dat wier alles ze séier gaangen, wann een annerhalft Joer Zäit huet. Gitt emol eng Kéier an aner Parlaten kucken, a wéi vill Zäit do Gesetz gestëmmt ginn. Do ass et an dräi Wochen. Wann een do engem Mënsch erkläre geet, datt mir annerhalft Joer, zwee, dräi Joer Zäit brauchen, fir e Gesetz ze stëmmen, soen déi: „Ma wat maacht Der dann nëmmen?“ Also déi, déi e bësselche méi Auslandserfahrung hunn, déi wëssen dat.

Ech weess och, datt hei, deemno em wat et geet, et och duerchaus méiglech ass, datt Gesetz kënnen an Zäit vu 14 Deeg oder dräi Woche gestëmmt ginn. Duerfir hätt ech mer am Fong emol gewünscht, mer wieren och hei zu engem definitive Vote komm. Mä jiddweree muss dann och domadder liewen.

Et mécht mer manner Suergen, well mer eben d'Mise en vigueur op den 1. Januar 2010 hunn, a well dat eis awer erlaabt elo virunzeschaffen, och wann et en éischte Vote ass, well ech och der Meenung sinn, datt no de Wahlen awer wahrscheinlech eng Partie vun deene Parteien, déi haut hei vertraute waren, och dann nach wäerten hei sinn. Ob dat dann aner Deputéierte sinn an aner Regierungsmemberen, dat ass jo dann dem Wieler iwwerloos. Mä ech denken awer, datt domadder net alles wäert änneren, besonnesch well mer awer e grouse Konsens hu fir dat Gesetz, a mat Ausnahme vun deene Gréngen all déi aner Parteien mat deem Projet de loi hei esou d'accord sinn.

Ech sinn och all deene Leit ganz dankbar, déi an deene Kommissiounen do waren, an deene ville Kommissiounen, déi mer haten, wou et och heiandsdo e bësselche méi stiermesch hiergaangen ass. Mä wann een aus dem Norde kënnt, da packt een déi Stierm besser. Et muss een ëmmer wëssen, ob et engem well wäert ass, datt Steuern ass, an datt dat, wat erauskënnt, da méi wäert ass. Ech si ferm iwwerzeegt, datt, wéi op esou ville Plazen...

De Jhempi Klein huet gesot, dat wier jo alles esou gutt gaange mat de Chèques-services. Ech weess mech och do nach u Momenter ze erënneren, wou et der laansch d'Läpper gouf, mä wéi gesot, wann een eppes wëllt maachen, da muss een dat mat a Kaf huelen. Fir esou déi „Gutt-Wieder-Leit“ do ze sinn, dat ass jo vläicht schéin, mä domadder ännert awer net vill an der Gesellschaft an och net an engem Land. Duerfir sinn ech dankbar, datt mer trotzdeem elo konnten derzou kommen, fir en éischte Vote hei ze kréie mat esou enger grousser Majoritéit.

Ech géif wierklech wëllen och Iech, Madame Presidentin, e grouse Merci soen, och fir déi Propositionen an déi eenzel Punkten, déi nach opstinn, oder déi een nach kann duerchaus esou gesinn oder kann aneschtens gesinn. Ech mengen net, datt hei mat Sturheit weder vu menger Säit nach vu menge Fonctionnaires aus virgaange ginn ass, mä et muss een heiandsdo gesinn, datt et awer Saache sinn, déi, wann ee se ewell ännere geet, dann och net méi zäitgeméiss sinn, an datt een dann och sech soll duerno konforméieren.

An deene leschte Joren ass och mat deem sécher vereelste Gesetz iwwert d'Aide sociale nach vill Sozialhëllef gemaach ginn, an ech sinn absolut do d'accord mat dem Vera Spautz, wat seet, et war näischt wat bis elo verhënnert huet, fir a sengem Syndicat intercommunal d'Aide sociale derbäi schreien. Dat wier ganz gutt gaangen. Et hätt keen een do kënnen ophalen, well néierewou steet, datt eppes, wat net an engem Gesetz ass, net däreft gemaach ginn. Mä, wann et et an engem Gesetz gëtt, da muss et selbstverständlech gemaach ginn.

Duerfir verstinn ech do och deen Acharnement net, fir ze soen, dat hätt elo alles awer missen an enger anerer Form vu Gemengesystem kommen, wou ech mengen, datt et wierklech wichteg ass, datt mer et endlech ëmgesat kréien. An ech wëll och wierklech kuerz, well mer awer allegeruerten, déi eng vläicht e bësse méi, déi aner e bësse manner, hongreg sinn an erëm um hallwer dräi mussen hei untrieden, e puer Elementer soen, déi mer awer wichteg sinn.

Dat ass virun allem och d'Recht, wat geschaf gëtt, eppes, wou mer vis-à-vis vun anere Länner sécher elo hannendra waren, a wierklech deene sozial schwache Familien domadder méi eng grouss Chance ginn, op gesellschaftlech, op schouleschem an op beruflech Wee ze réusséieren.

An eent vun deene Beispiller, déi mer och net an der Aide sociale dran haten, mä déi mer awer och an deem... Och ënner anerem an dem Interessi vun deene Leit si jo zum Beispill och d'Chèque-servicer, déi mer justement agefouert hunn, fir ze verhënnere, well ëmmer erëm gesot gëtt: D'Aarmut ass eppes, wat ierflech ass, fir deene Kanner eng besser Chance ze ginn, fir kënnen an der Schoul mat virunzecommen, doduerch, datt se besser encadréiert sinn, doduerch, datt se mëttes e Mëttesgeisse kréien, doduerch, datt een do ass, deen hinnen hëllef hir Hausaufgabe maachen an esou virun.

Dofir ass et wichteg, datt mer e Recht schafen, datt mer och déi Hëllef upassen an datt mer do och op méi en allgemenge Kader gaange si wéi dat, wat am Ufank virgesi war. Mä datt mer soen: D'Hëllef muss ugepasst sinn un d'Situatioun vun där beträffender Persoun. Mä niewent där Hëllef, déi an dësem Gesetz dran ass, ka se sech selbstverständlech nach cumuléiere mat aneren Hëllef, déi mer bis elo och haten.

Jiddweree, deen zu Lëtzebuerg leeft an deen net iwwer en anere Statut ofgeséichert ass, deen da rechtméisseg hei zu Lëtzebuerg ass, ka vun dësen Hëllef profiteieren.

Mir sinn effektiv op de Wee gaange vun deenen ursprüngelechen 10.000 op 6.000 Awunner erof. An am Fong war d'Beispill, wat elo den Hâr Gibéryen ginn hat, fir ze soen: Bei eis an der Gemeng war dat néideg, den Ausgangspunkt, firwat datt mer am Ufank gesot hunn: Mir ginn op 10.000, well mer da gesinn, datt et wierklech ganz ënnerschiddlech ass, an datt mer ëmmer am Projet dran haten, datt mer awer e Puffer hätten, fir ze soen: An deene Gemengen, wou ee weess, datt méi Schwieeregkeete sinn, kann een also och zousätzlech - an dat steet jo elo nach dran - méi Personal astellen.

Dat kënne mer zesammen, de Ministère mat der Gemeng, aushandelen, fir ze soen: Ma hei si wierklech méi Leit, déi dovunner musse profitéieren kënnen, wéi dat op anere Plazen de Fall ass. Vun dohier denken ech och, datt mer deem och virgebaut haten. Mä awer, wann dat sech haut op 6.000 da besser maache léisst: desto besser.

D'Aufgabe vum Service sinn der sécher, déi ganz mannigfaltig sinn: Interventiounen ze assuréieren, déi mat den Objektiv vum dësem Gesetz verbonne sinn, wéi den Accueil, wéi d'Sozialdiagnos ze maachen, an d'Prise en charge vum Demandeur, d'Kollaboratioun vun alle Persounen, Servicer an d'Autoritéiten, déi mat Leit a Schwieeregkeeten ze dinn hunn, fir dauerhaft ze koordinéieren a koordinéiert Aktiounen zesammen ze maachen.

An ech mengen, datt dat ee vun deene wichtige Punkten ass, well mer ganz dacks an der Vergaangenheet och gesinn hunn, datt Leit an deem enge Service waren, deen ee Service awer net wousst, datt se och ewell bei deem anere waren, oder awer vun deem engen zu deem anere geschéckt gi sinn. Ech hoffen, datt mer iwwert déi nei Ausrichtung hei och do méi Koordinatioun dohinner kréien.

Mir hunn zu Lëtzebuerg enorm vill Servicer, an heiandsdo soen ech: Zu Lëtzebuerg gëtt een eigentlech verfollegt von der Wiege bis zur Bahre mat iergendengem Sozialservice, deen hanner engem ass. Mä dat, wat eis ganz dacks feelt, ass eben déi Vernetzung, déi mer och hei an deenen heiten Aufgabe brauchen.

Wéi gesot, d'Preventioun ass net nëmmen an deem heite Gesetz, mä dat hätt een an dat kann een zu all Zäit maachen. Ech denken och, datt dat e wichtegt Element ass, fir eben d'Ausgeschlossenheet ze bekämpfen, an déi awer eng ganz Partie Leit riskéieren ze goe bei deene Regrupéierungen.

Ech ginn elo net, Madame Presidentin, op all déi Froen an, wat d'Gemengen ube-

laangt, well et éischters, den Domän vu mengem Kolleg, dem Jean-Marie Halsdorf, ass, an zweetens och, well dat en long et en large hei diskutéiert ginn ass aus deene verschiddene Perspektiven eraus. An ech verstinn dat.

Jiddweree vun eis hëlt jo d'Argumenter vum Conseil d'État, wa se eis an de Krom passen, an en hëlt se net, wa se engem net dra passen. Mir sinn eben esou, an esou ass dat och mat anere Saachen. Dofir denken ech, datt also och bis den Oktober, wann dann dat Gesetz nach eng Kéier kann hei op de Leescht geholl ginn, d'Leit sech nach eng Kéier sollen doriwuer ausmaachen, ob dat déi dote Philosophie bleift, oder ob et eng aner gëtt.

Flott ass jo awer, datt ee wierklech eng professionell Hëllef ugebuede kritt - an dat ass och vun alle Riedner a Riednerinnen hei gesot ginn -, déi d'selwecht ass am Lëtzebuurger Land, déi wierklech dann awer och vun deene Professionelle gemaach gëtt an net ofhänkt vun dem Wëssen oder Kënne vu wierklech gutt intentionnéierte Leit, déi ëmmer sech do bereet erkläert hunn, fir déi Aufgaben ze maachen, an domadder dann awer och, wann eng Gemeng net grouss genuch ass, kënnen an enger aner Gemeng, wou se mat derzou gehéieren, Consultatiounen gehale ginn. Et ass also net nëmmen an engem eenzege Lokal an enger Gemeng, wou d'ärfen déi Permanenzen ofgehele ginn.

Fir mech ass et och wichteg, datt all Persoun, ob se Mineur oder Majeur ass, wäert hir Referenzgemeng behalen, wa se an eng sozial oder eng medico-social Institutoun agewise gëtt. An ech denken, Madame Presidentin, wann Der mer erlaabt: Dir wësst, firwat dat Gesetz laang net geännert gouf. Et war e fréiere Kolleg vun eis - de Georges Margue, fir en net ze nennen -, deen ëmmer ganz vill Angscht hat, wa mer iwwert dee Projet geschwat hunn. Well deen ass jo ëmmer erëm komm, och bei Regierungskoalitiounen, fir ze soen: Eng Kéier muss deen Office social geännert ginn.

An dann huet de Georges Margue ëmmer gesot: Mir sinn domadder net d'accord - da war hien d'Stad Lëtzebuerg -, well da kréie mir se alleguerten an d'Stad. An dofir war ëmmer och a wéi enger Gemeng datt ee wier a wien da géif zoustänneg fir ee bleiwen - also esou eppes -, wat ëmmer eng wichteg Roll gespilt huet.

Ech hoffen, datt duerch deen Artikel 8, dem mer elo hunn, datt dann elo domadder geregelt ass, an d'Gemengen net méi nach mussen engem... Ech hunn dat elo virun net allze laanger Zäit nach erlieft, datt ee komm ass, dee gesot huet: Ech bezuelen dann elo de Loyer. Wann s du elo an déi nächst Gemeng plënners fir dräi Méint, da sinn ech sécher, datt ech der lass sinn. Dat war jo e bësselchen... An déi Leit, déi dra schaffen, déi wëssen, wéi dat fonctionnéiert. Esou kann et jo och net goen.

Wichteg ass fir mech selbstverständlech och, datt den Office seng Aarbecht mécht no deene Methoden, déi am beschte sinn an déi och am Respekt vun all deene Leit, déi ebe bei se kommen, muss gemaach ginn.

De Secret professionnel ass fir mech evident. Dofir sinn ech och nach ëmmer éischer der Meenung, datt een op deem System, dee mer elo proposéiert hunn, soll bleiwen. Well et ka jo net sinn, datt iergendwou um Béierdëscher op eemol erzielt gëtt: Ma dee war elo do an dee kritt elo d'est oder dee kritt elo dat. Dofir steet och am Gesetz dran, datt dat net nëmmen en Delikt wier, mä datt et wierklech awer da vum Code pénal bestrooft gëtt. Wou ech denken, datt dat dann och hëllef, datt Leit éischer de Mond zouhalen.

Wichteg ass selbstverständlech och de Finanzement, wou mer da 50% jährelech den Defizit iwwerhuele vun de Sozialhëllef, als Stat, an och vun de Funktiounskäschtchen, dem Personal, an och de Jetonen. A wéi gesot, wann en Defizit bleift bei Personal, bei Gebaier oder bei anere Projeten, da kann ee sécher mam Accord vum Ministère och do gehollef kréien, wou dat dann och zu 50% erëm iwwerholl gëtt.

Wann een ee Recht schaaft, dann ass et kloer, datt een och e Recours muss schafen. An och dat ass eng wichteg Neierung, déi agefouert gouf, datt een da kann op de Conseil arbitral respektiv op de Conseil supérieur dat akloe goen.

Wann een an enger Gemeng Leit huet, déi net do wunnen an déi eigentlech net ënner d'Hëllef géife falen, da kann een ëmmer e Secours humanitaire kréien, fir eben op deem prezise Punkt dann deene Leit ze hëllef. Déi Hëllef ka selbstverständlech nëmme vu kuerzer Zäit sinn.

Ech weess net, wéi dat mat deem Recht op dee Minimum vun Energie geet. D'Waasser war souwisou eppes, wat ëmmer virun ageschloss ginn ass, well ëmmer gesot gouf: Wéinst de Feiergefore kann ee kengem d'Waasser ofspäre goen. Dofir, denken ech, ass dat eppes, wat een effektiv och beim Hëtze muss kucken.

Dat hänkt natierlech och vu ville Saachen of. Wann een en Haus huet, wou et vir eran an hannen eraus zéit, dann ass et wahrscheinlech méi schwierig, fir ze soen: Hei, du d'ärfes nëmme mat esou vill Unitéiten auskommen, wéi wann s du an engem Gebai bass, wat gutt isoléiert ass, wou awer heiandsdo besonnesch déi hei Clienté wahrscheinlech net gefrot ginn, well se da keng aner Méiglechkeet dofir hunn. Mä wéi gesot, ech si ganz gäre bereet, fir och an der Zukunft ze kucken, ob déi eng oder déi aner Punkte sech esou oder aneschtens auswierkt hunn; d'selwecht wéi och mam Zréckbezuere vun den Hëllef.

Ganz dacks ass et natierlech esou, datt déi Leit, déi bei den Office social kommen, och op anere Plaze sinn, notament och beim Fong sinn. A wann da Leit do géifen lerschte maachen oder géifen an der Lotterie gewannen, wat jo heiandsdo virkënt a wat jo gutt a schéif fir se ass, datt een dann och eventuell kéint déi Suen zréckfroen.

Et ass also eng Kann-Bestëmmung, esou wéi et eigentlech beim Fong och ass. Et ass net eng Muss-Bestëmmung, a wou mer eis alleguerten, mengen ech, heibannen och net d'illusoioun maachen, datt elo dat de grouse Rush wäert sinn, fir de Statsbudget an deenen nächste Joren ze sanéieren; déi Suen, déi mer kënnen erëmfroe goen.

Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll wierklech jiddwerem eng ganz grouse Merci soen, deen eis gehollef huet op deene verschiddene Plazen, datt mer wéinstens dee Gesetzesprojet haut eng éischte Kéier gestëmmt kréien. Ech wëll och all deene Leit, déi an den Offices sociaux do iwwert d'Land verbreet bis elo geschafft hunn, déi hiet Beschd do gemaach hunn, Merci soen. Si ginn domadder, wann dat Gesetz bis a Kraaft ass, eigentlech ersatzlos ofgeschafft.

Ech weess, datt der eng ganz Partie frou sinn, well se ebe soen: Mir sinn haut deem doten alles net méi gewuess. Mir kréien esou vill Demanden, mat deene mer net eens ginn. Esou datt ech denken, datt do och déi professionell Matarbechterinnen a Matarbechter, déi bis haut an deene verschiddene Servicer geschafft hunn, dat och an der Zukunft wäerte maachen. Och hinne gehéiert eise grouse Merci an eis Unerkennung.

Ech géif och vun dëser Geleeënheet profiteieren, esou wéi d'Vera Spautz et gemaach huet, mengem Matarbechter, dem Claude Vandivinit, ze wënschen, datt en erëm geschwënn in alter Frische tätég ass an eis kann hëllef dat heite Gesetz dann an der Realitéit ëmzesetzen.

Merci villmools.

» **Une voix.** - Très bien!

» **Mme le Président.** - Merci, Madame Ministerin.

Domadder si mer um Enn vun onser Sitzung vun haut de Moien. De Vote souwéi d'Diskussioun vum Projet 5937 iwwert de CIPA zu Bieles fannen haut de Mëtteg statt. Mir fänken dann um hallwer dräi erëm un.

D'Sitzung ass opgehewen.

**(Fin de la séance publique à 13.10 heures)**



Présidence: M. Lucien Weiler, Président  
M. Jos Scheuer, Vice-Président • M. Laurent Mosar, Vice-Président • Mme Anne Brasseur, Doyen

## Sommaire

- 1.** 5937 - Projet de loi autorisant la participation de l'État à la construction du centre intégré pour personnes âgées à Belval-Ouest à Belvaux
    - *Rapport de la Commission de la Famille, de l'Égalité des chances et de la Jeunesse: Mme Nancy Arendt*
    - *Discussion générale: M. Eugène Berger, Mme Claudia Dall'Agnol*
    - *Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration*
    - *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*
  - 2.** 5830 - Projet de loi organisant l'aide sociale (suite)
    - *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*
  - 3.** 5864 - Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés relative aux propositions de loi
    - *Rapport de la Commission du Règlement: M. Gast Gibéryen*
    - *Discussion générale: Mme Colette Flesch*
    - *Vote sur la proposition de modification du Règlement*
  - 4.** 5979 - Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés relative à la coopération entre la Chambre des Députés et le Gouvernement en matière de politique européenne
    - *Rapport de la Commission du Règlement: M. Ben Fayot*
    - *Discussion générale: M. Charles Goerens, M. Jacques-Yves Henckes*
    - *Vote sur la proposition de modification du Règlement*
  - 5.** 5953 - Projet de loi autorisant le Gouvernement à participer au financement des travaux nécessaires à l'évacuation et à l'épuration des eaux usées générées par les communes de la Moselle supérieure
    - *Rapport de la Commission des Affaires intérieures et de l'Aménagement du Territoire: M. Fred Sunnen*
    - *Discussion générale: M. Carlo Wagner, M. Jos Scheuer, M. Henri Kox*
    - *M. Jean-Marie Halsdorf, Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire*
    - *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*
  - 6.** 5994 - Projet de loi portant fusion des communes de Clervaux, de Heinerscheid et de Munshausen
    - *Rapport de la Commission des Affaires intérieures et de l'Aménagement du Territoire: M. Marco Schank*
    - *Discussion générale: M. Ali Kaes, M. Fernand Etgen, M. Jean-Pierre Klein, M. Camille Gira, M. Jean-Pierre Koepp*
    - *M. Jean-Marie Halsdorf, Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire*
    - *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*
  - 7.** 5947 - Projet de loi portant création et organisation du Centre de rétention et modifiant
    - 1) le Code de la sécurité sociale,
    - 2) la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État,
    - 3) la loi du 29 août 2008 sur la libre circulation des personnes et l'immigration
    - *Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration: M. Marc Angel (dépôt d'une motion)*
    - *Discussion générale: Mme Martine Stein-Mergen, M. Xavier Bettel, M. Félix Braz, M. Jacques-Yves Henckes*
    - *M. Nicolas Schmit, Ministre délégué aux Affaires étrangères et à l'Immigration*
    - *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*
    - *Vote sur la motion 1 (adoptée)*
  - 8.** 5876 - Projet de loi portant organisation de l'enseignement supérieur,
    - fixant les modalités du cycle d'études d'enseignement supérieur aboutissant à la délivrance du brevet de technicien supérieur;
    - modifiant la loi modifiée du 4 septembre 1990 portant réforme de l'enseignement secondaire technique et de la formation professionnelle continue;
    - fixant les modalités d'implantation de formations d'enseignement supérieur ou de création de filiales ou d'établissements privés ou publics sur le territoire du Grand-Duché de Luxembourg;
    - abrogeant la loi du 14 août 1976 déterminant les conditions de création d'établissements privés d'enseignement supérieur
  - *Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Culture: M. Marcel Oberweis*
  - *Discussion générale: Mme Anne Brasseur, M. Ben Fayot*
  - *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*
  - 9.** 5921 - Projet de loi
    - 1) ayant pour objet la transposition de la directive 2005/36 pour ce qui est a. du régime général de reconnaissance des titres de formation et des qualifications professionnelles b. de la prestation temporaire de service
    - 2) modifiant la loi du 17 juin 1963 ayant pour objet de protéger les titres de l'enseignement supérieur
    - 3) abrogeant la loi du 13 juin 1992 portant a) transposition de la directive du Conseil (89/48/CEE) relative à un système général de reconnaissance des diplômes d'enseignement supérieur qui sanctionnent des formations professionnelles d'une durée minimale de trois ans; b) création d'un service de coordination pour la reconnaissance de diplômes à des fins professionnelles
    - *Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Culture: M. Fred Sunnen*
  - 10.** Projet de loi 5876 (suite)
    - *Dispense du second vote constitutionnel*
  - 11.** Projet de loi 5921 (suite)
    - *Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Culture (suite): M. Fred Sunnen*
    - *Discussion générale: M. Marc Spautz, Mme Anne Brasseur, M. Félix Braz*
    - *M. François Biltgen, Ministre de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche*
  - 12.** 5884 - Projet de loi portant création
    - a) d'un Institut national des langues
    - b) de la fonction de professeur de langue luxembourgeoise et portant modification a) de la loi du 19 juillet 1991 portant création d'un Service de la formation des adultes et donnant un statut légal au Centre de langues Luxembourg; b) de la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État; c) de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État
    - *Rapport de la Commission de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle: M. Jos Scheuer*
    - *Discussion générale: Mme Fabienne Gaul, M. Eugène Berger, M. Félix Braz*
    - *Mme Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle*
  - 13.** 5895 - Projet de loi portant transposition de la directive 2004/48 CE du Parlement européen et du Conseil du 29 avril 2004 relative au respect des droits de propriété intellectuelle et portant désignation des tribunaux des dessins ou modèles communautaires, et ayant pour objet de modifier:
    - la loi modifiée du 18 avril 2001 sur les droits d'auteur, les droits voisins et bases de données
    - la loi modifiée du 20 juillet 1992 portant modification du régime des brevets d'invention
    - *Rapport de la Commission de l'Économie, de l'Énergie, des Postes et des Sports: M. Jos Scheuer*
    - *Discussion générale: M. Marc Spautz, M. Henri Kox, M. John Castegnaro*
    - *M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur*
  - 14.** 5991 - Projet de loi relatif à la réalisation du Campus scolaire de Mersch pour le Neie Lycée et pour le Lycée technique pour professions éducatives et sociales par le biais d'un partenariat public-privé
    - *Rapport de la Commission des Travaux publics: M. Lucien Clement*
    - *Discussion générale: Mme Anne Brasseur, M. Fernand Diederich, M. Henri Kox*
    - *M. Claude Wiseler, Ministre des Travaux publics*
- Au banc du Gouvernement se trouvent: Mmes Marie-Josée Jacobs et Mady Delvaux-Stehres, MM. François Biltgen, Jeannot Krecké, Jean-Marie Halsdorf et Claude Wiseler, Ministres; M. Nicolas Schmit, Ministre délégué.
- (Début de la séance publique à 14.31 heures)**

» **M. le Président.** - D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber iergendwellech Matdeelungen ze maachen?

» **Mme Marie-Josée Jacobs,** *Ministre de la Famille et de l'Intégration.* - Neen, Här President.

» **M. le Président.** - Mir kommen, Dir Dammen an Dir Hären, direkt zum éischte Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut de Mëtteg. Dat ass dee vum Bau vun engem Centre intégré pour personnes âgées zu Belval. Rapportrice ass hei déi honorabel Madame Arendt. Et sinn ageschriwwen: den Här Berger an d'Madame Dall'Agnol. D'Madame Rapportrice, d'Madame Arendt, huet elo d'Wuert.

**1. 5937 - Projet de loi autorisant la participation de l'État à la construction du centre intégré pour personnes âgées à Belval-Ouest à Belvaux**

*Rapport de la Commission de la Famille, de l'Égalité des chances et de la Jeunesse*

» **Mme Nancy Arendt (CSV), rapportrice.** - Merci, Här President. Madame Ministesch, Dir Dammen an Dir Hären, wa mer dëst Gesetz haut stëmmen, erlaube mer domadder dem Stat, sech um Finanzement vun engem Centre intégré ze bedeelegen, dee sech de Besoin vum den eelere Mënschen upasst an deen an de schéine Süde vum Land soll kommen,...

**(Interruptions)**

» **Une voix.** - Très bien!

» **Mme Nancy Arendt (CSV), rapportrice.** - ...an zwar op Belval an der Gemeng Suessem.

Et ass op dem historesche Site vu Belval, op de Frichen, wou elo 120 Better West-Belval entstinn, a wou an der zukünfteger Strooss mat deem schéinen, natierlechen Numm „An der Botterwiss“ wäerten eis Pensionären hiert neit Heem fannen, wa se dann an de CIPA vu Bieles eraplënnere. Hei ass wierklech e formidabile Projet vu Versuergung a Betreuung vun eelere Matbierger, deen - an ech wëll dat haut net vergiessen ze ernimmen - ënnert der Féierung vum fréiere Buergermeeschter vun der Gemeng Suessem, dem Fred Sonnen, initiéiert ginn ass,...

» **Plusieurs voix.** - Ah! Oh!

**(Hilarité)**

» **Mme Nancy Arendt (CSV), rapportrice.** - ...an deen nach ëmmer säin Häerz méi schnell schloe léisst, wann ee vun deem zukünftige Projet schwätzt.

Här President, de Centre intégré baséiert sech op folgend Konzepter:

Éischtens, fir déi Pensionären, déi nach onofhängeg sinn, ass d'Objektiv éischer dat vum Oprechterhale respektiv enger Rehabilitatioun vun hire Capacitéiten, fir dat se hiert Liewe méiglechst autonom weiderféiere kënnen.

Zweetens wäert versicht ginn, de Pensionären hir Familljemembere méiglechst gutt mat anzubannen an ze integréieren.

An drëttens wäert eng besser adaptéiert individuell Prise en charge stattfannen, déi sech dem Gesondheitszoustand vum jeeweilige Senior wäert upassen oder sech duerno ausrichten. Fir déi Senioren, déi an hirem alldéegleche Liewen nach relativ gutt eleng eens ginn, wäert versicht ginn, d'Autonomie vun de Pensionären esou laang wéi méiglech ze erhalen iwwert de Wee vun enger diversifizierter Offer vu ganz verschiddenen Aktivitéiten. Duerfir ass de Site och esou optimal um Belval. Heir obber wäert ech nach e bësse méi spët agoen.

Fir déi Pensionären, déi manner autonom sinn, ass am neie CIPA zu Belval e Service de psychogériatrie virgesi mat enger Capa-

citëit vun 20 Better. Dëse Service garantéiert den demente Leit en adequaten Encadrement souwuel dagsiwwer wéi och an der Nuecht.

**(Coups de cloche de la Présidence)**

Dëst Konzept baséiert sech op d'Method Virginia Henderson, wou onheemlech vill Wäert op hir eege Capacitéit geluecht gëtt, fir nach selwer eens ze ginn.

Et gëtt virun allem op d'Bäibehalen an d'Oprechterhale vun aktuelle Kompetenzen, jo souguer vläicht op d'Zréckgewanne vu fréiere Fäegkeete Wäert geluecht, fir e méiglechst laangt autonomt Liewe kënnen weiderzeféieren.

Dësen neien Zentrum wäert sech awer och op déi Mënsche konzentréieren, déi Schwierigkeete mam Erkenne vu Saachen hunn; Mënschen, déi Verhalensproblemer opweisen, déi op hir Senilität zréckzeféiere sinn, a wou dann éischer eng méi psychobiographesch Approche genotzt gëtt no der Manéier Erwin Böhm - eng Method, déi probéiert, de Pensionären hiert Erliedent, dat, wat se also matgemaach hunn an hirem Liewen, hir Biographie, ze benotzen.

Well et kann ee sech jo virstellen, dat vläicht eng Bauerefra, eng Fra, déi op engem Bauerehaff grouss ginn ass, trotzdeem en anert Erliedent hat wéi vläicht eng Madame, déi mat engem Bankdirekter bestuet ginn ass, an da gëtt sech extra ugepasst, well déi zwee verschidde Stiler trotzdeem ganz verschidde waren, an do gëtt probéiert, méiglechst no un hir Biographie erunzekommen.

**(Interruption)**

Här Goerens?

**(Interruption)**

Déi Unitéit besteet ausserdeem nach aus enger therapeutischer Kichen, diverse sanitären Installatiounen an nach engem wunnerschéine Park, deen extra un d'Bedürfnisser vun de betraffene Senioren ugepasst ass.

Och fir déi Mënschen, déi um Stierwe leien, ass an deem neie CIPA eng Begleedung assuréiert, déi och dem Mënsch erlaabt, an Dignitéit an a Präsenz vu senger Famill säi leschte Wee ze goen an dëst esou gutt wéi méiglech ze gestalten.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat wierklech flott un deem neie CIPA ass, ass, dat en en Element vun der Wunzon vun Site Belval wäert ginn.

De Plan d'aménagement vum Site Belval baséiert sech op dräi Achsen. Déi éischt Achs gesäit d'Integratioun vu den historeschen Elementer vir; déi zweet Achs gesäit déi verschidden ekonomesch, administrativ, schoulesch Aktivitéite vir, während déi drëtt Achs e Konstruktionsprojet vu ronn 7.000 Wunnengen um Site festleet. De CIPA ass Deel vun engem neie Wunnensquartier, deen tëschent der Square Mile an der Agglomeratioun vu Belval wäert leien.

D'Iddi, déi hannert der Schafung vum CIPA zu Belval stécht, ass éischer, eng Struktur ze schafe mat engem résidentiell Charakter wéi eng richtig Institutioon. Dëst entsprécht och ëmmer méi de Fuerderunge vun de Pensionären. Si wëlle betreit wunnen, awer och ouni d'Gefill ze hunn, an engem Altersheem, an enger geschlossener Institutioon ze wunnen.

De CIPA Belval entsprécht honnertprozenteg...

**(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)**

...de Fuerderungen, an déi zukünftige Bewunner wäerte kënnen vun alle Facilitéiten, déi sech um Site ubidden, zum Beispill Kino, Geschäfte, Restauranten, Galeries marchandes, Bibliothéik, profitéieren an dëst och nach ganz no um Site vun der Uni, wou ech elo net denken, dat eis Pensionäre wëlle hunn, op eemol erëm Studenten ze ginn,...

**(Interruptions)**

...mä wou et awer vläicht méiglech ass, den Enkel erëmzeféieren, an och dat fannen ech e ganz flotten Zenario.

D'Insertioun vum neie Bieleser Centre intégré an enger Wunzon ass wesentlich, well et einfach de sozialen Austausch tëschent senger Pensionären an deenen aneren Awunner um Site fördert. En plus bënnt e sech och nach immens gutt an den natierleche Kader vum Site an, mat vill Gréngs, vill Natur ronderëm a mat engem klengen Wee laanscht eng kleng Bächelchen, wou d'Leit kënnen spadséiere goen a sech treffen, mateneen e bësse poteren a sech begéien.

Et ass vill Wäert geluecht ginn op déi funktionell Organisatioun vum CIPA. Et geet net

nëmmen dorëm, en neie CIPA ze schafen an esou iwwer zousätzlech Better ze verfüegen, mä eng praktesch a funktionell Struktur ze realiséieren. D'Zëmmere vun de Pensionäre si ganz komfortabel ageriicht, bestinn aus enger Entrée, engem Buedzëmmer, an d'eigentlecht Zëmmer ass och relativ grouss. De Wunnraum an d'Fleegeservicer kommen op den éischten an zweete Stack a sinn esou organiséiert, dat fir all Grupp des Servicer einfach a schnell kënnen agräifen an och einfach ze fanne sinn.

Den Hauptzougank ass um Rez-dechaussée, wou ee mat ganz grouse Fënsteren d'Entrée esou gestalt huet, dat vill Luucht erakënn, an dat Ganzt och ouni Träpen. Et ass e Restaurant do, et ass e Bistro virgesi mat enger grousser Terrass mat Vue op déi südlech Säit vun der Baach, wou een am Summer bestëmmt schéi Momenter zesummen, mä awer och vläicht mat der Famill a mat Frënn ka geniessen.

De Park an déi wichteg Treffpunkte sinn also esou geduecht a geluecht, dat se all no bei der klenger Baach leien oder bei der Natur leien, wou d'Leit also vill Méiglechkeeten hunn, fir an engem schéinen Naturkader sech ze begéien.

Vill Wäert ass och op déi extern Ariichtung geluecht ginn. Den Zougank zum CIPA ass en oppenen Zougank ouni Barrière. Et ginn iwwerall Beem geplanz, déi géint d'Sonn solle schützen, mä och gläichzäiteg als Transition zu Strooss sollen dëngen.

Et ass hei bei deem Projet och vill Wäert op den energeteschen an ekologeschen Aspekt geluecht ginn. Et gëllt - wéi bei all anerem neie Projet, wou mer maachen -, modern, energiebewusst an ëmweltfrëndlech ze bauen.

Wat déi verschidden architektoneschen a techesch Aspekter vum Projet uginne, verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport wéi och op de Gesetzesprojet selwer a virun allem op d'Pläng, déi um Projet jo annexéiert sinn.

Här President, duerch de virleiende Gesetzesprojet gëtt de Stat autoriséiert, fir sech finanziell un de Käschte vun der Schafung vum neie CIPA zu Belval ze bedeelegen, esou, wéi dat an der Konventioun steet, déi tëschent dem Stat an der Gemeng Suessem schonn de 14. Dezember 2006 ënnerschriww gouf. No dëser Konventioun läit d'Participatioun vum Stat bei 80% vun de Baukäschten.

D'Montanten, déi an der Konventioun stinn, sinn am Kader vun virleiende Gesetzesprojet aktualiséiert ginn. Mir hunn an der Familljekommissioun de Bäitrag vun der staatlecher finanzieller Bedeelegung nei adaptéiert. Dëse läit elo bei 24.592.257,57 Milliounen Euro. Dëse Betrag ass op Basis vun dem leschte bekannten a publizéierte Bauindex vum 1. Oktober 2008 gerechent ginn.

A sengem Avis vum 31. März 2009 huet sech de Statsrot gefrot, ob et net ubruucht wär, d'Offer an d'Demande vun esou Betreuungsméiglechkeete fir Senioren an Zukunft besser ze vergläichen an ze analyséieren, fir sécherzestellen, wou déi richtig Besoin leien, well een ëmmer méi feststellt, dat déi allermeescht Mënschen, wa se d'Chance dann och hunn, al ze ginn, léiwer an hirem eegenen Heem bleiwen an do vun de Fleegeservicer profitéieren, wéi wa se sech an eng Institutioon bewegen.

E berechtigte Gedanken zuch ass dat vum Statsrot, dee wahrscheinlech och d'Realitéit erëm pigelt, well d'Altersmoyenne vun de Pensionären, wa se an en Altersheem kommen, läit ëm déi 80 Joer, an dat ass effektiv wesentlich méi spët, wéi dat nach virun zéng oder 15 Joer de Fall war.

Et ass och e Fait, dat d'Proportioun vun de Leit, déi un Demenz oder Alzheimer leiden, och zouhëlt. Vun dohier wäerten d'Besoinen u spezifesche Strukturen awer nach ëmmer grouss bleiwen, virun allem, fir deen dote Volet ze decken.

D'CIPAn droen dësen Ëmstänn dann och Rechnung, virun allem déi, déi mer a leschter Zäit gestëmmt hunn. Si bidden ëmmer méi e spezialiséierten Encadrement fir dement Leit un. Et ass net auszuschléissen, dat laangfristeg d'CIPAn sech op dement oder senil Leit wäerte spezialiséieren, sou dat de Gros vun hire Better an der Zukunft wahrscheinlech vum Service de psychogériatrie wäert an Usproch geholl ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, perséinlech wënschen ech mer - an ech denken, ech kéint fir eis alleguerten heibanne schwätzen -, dat, wa mer och esou grouss a finanziell gewichtig Gebaier stëmmen, mer ni vergiessen wäerten, wéi wichteg net nëmme d'Infrastruktur ass, mä

virun allem, wéi ee bannendra mat de Leit ëmgeet, déi do betreit ginn. Well dat schéinste Gebai verléiert schnell u Glanz a Prächtegkeet, wann net dorobber opgepasst gëtt, dat mat Léift a mat Hëllefsbereitschaft eis Bomecher a Bopecher net nëmme vun engagéierten a gutt forméierte Mënsche betreit ginn, mä virun allem vu Leit betreit ginn, déi en Häerz hunn.

Ech wär frou, wann dëse flotte Projet aus dem Minette grouss Zoustëmmung heibanne kéint fannen,...

» **Une voix.** - Ah!

» **Mme Nancy Arendt (CSV), rapportrice.** - ...well en huet selbstverständlech den Accord vun der CSV-Fraktioun.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Madame Arendt. Den honorabelen Här Berger ass elo drun.

**Discussion générale**

» **M. Eugène Berger (DP).** - Merci, Här President. Léif Kollegeinnen a Kollegen, ech wëllt och fir d'éischt der Rapportrice aus dem Süde Merci soe fir dee gudden an ausféierleche mëndlechen a schrëftleche Bericht. Do ass jo ganz vill gesot ginn. Mir bleift just e puer Remarques ze maachen.

Ënner anerem wëll ech awer och nach eng Kéier rappeléieren, dat hei mat deem virleiende Projet de loi elo et dem Stat erméiglecht gëtt, fir sech finanziell un Bau vun engem Centre intégré zu Bieles op de Frichen ze bedeelegen. De Bau vun esou enger Struktur grad op dem Site vun de Frichen ass ze begrëssen, well en dann och d'Dynamik vum Développement vun deem Site ënnersträicht.

En ënnersträicht och, dat op de Frichen net nëmme Schoul, Uni, Recherche, Commerce a soss Aktivitéite sinn, mä och hei d'Wunnen an d'Liewen hir Plaz wäerten hunn, an och, dat bei deem Wunnen a Liewen net nëmme jonk Mënschen do da solle sinn, mä dat hei och wierklech e generatiounsiwwergräifende Projet insgesamt op deem Site wäert entstoen, wou jiddwereen, egal wat fir en Alter en huet, seng Plaz wäert hunn.

Et ass och effektiv esou, dat eis Gesellschaft insgesamt ëmmer méi al gëtt, dat d'Alterspyramid op der Kopp steet, dat mer haut véiermol méi Leit hunn iwwer 65 Joer, wéi dat nach virun 100 Joer de Fall war.

Dat huet dozou gefouert, dat mer och an der Vergaangenheet eng Rei Waardeleschten...

» **M. le Président.** - Ech bieden em Opmerksamkeit! Ech wëll och soen, dass d'Chamber keng Kantin ass!

» **M. Eugène Berger (DP).** - Merci, Här President.

» **M. le Président.** - Här Berger, fuert weiter!

» **M. Eugène Berger (DP).** - Dat huet dozou gefouert, dat mer also eng Rei Waardeleschten haten an dat mer also weiderhi gefuerdert sinn, fir Strukturen ze bauen, an duerfir ass dat hei dann also och ee Puzzlestéck an deem Ganzen.

Dat huet jo natierlech och an der Vergaangenheet dozou gefouert, dat dann d'Leit alt déi eng oder aner Kéier an d'Ausland op Strukturen zréckgegraff hunn, wat sécherlech net déi beschte Solutioun war.

An Zukunft wäert sécherlech den Trend och weidergoen. Mir hunn zwar keng prezis Statistiken, Zuelen do. Dat hat och de Statsrot a sengem Avis gesot. Et ass vläicht gutt, fir eng Kéier do dat och um Dësch leien ze hunn. Mä egal wéi wësse mer, dat mer muss konsequent weiderfuere, a meng Fraktioun wäert sécherlech och an Zukunft all déi Projekte kloer ënnerstëtzen.

D'Infrastrukturen, dat ass een Element - dat ass scho gesot ginn -, an d'Betreiung vun de Leit an den Infrastrukturen op där enger Säit ass en anert Element. Mir brauchen, wat d'Betreiung vun de Mënschen an de Strukturen ubelaangt, och do e flotte Mix vu Mesuren. D'Rapportrice ass och schonn agaangen op verschidde Methoden. Et steet och am Rapport vun der Virginia-Henderson-Method.

Ech sinn elo kee Spezialist, muss ech soen, mä do gëtt et jo och nach d'Method Joyce Travelbee, Kübler an esou weider. Egal wat dat elo an der Theorie heescht, ech mengen, an der Praxis muss et esou sinn, dat do eng perfekt Betreiung vun de Mënschen ass, wou jiddwereen sech och nach do kann esou wäit wéi méiglech

Jeudi,  
7 mai 2009

realiséieren an och esou wäit wéi méiglech kann aktiv am Liewe sinn.

Mir kënnen awer och feststellen, datt ëmmer méi Leit also rüsteg bleiwen, al ginn, an datt der och ganz vill oder ëmmer méi wëllen doheem bleiwen, soulaang wéi dat nëmme méiglech ass. Duerfir mussen mer natierlech och net vergiessen, datt een och an deem Beräich soll ganz vill Effortë maachen, do Servicer erméiglechen, wéi zum Beispill Aide à domicile, betreit Wunnen, Seniore-wunngemeinschaften. Och esou Saache mussen an Zukunft parallel zu den Infra-strukture verstärkt opgebaut ginn, ver- stärkt gefördert ginn.

Här President, ech komme schon zum Schluss. Eng lescht Remarque ass déi, datt mer och hei bei deem Gebai - et ass jo eng generell Beschreiwung am Projet de loi derbäi - solle wierklech oppassen, datt mer déi leschte Standarden hunn a puncto energetescher Bauweis, well mer jo och wëllen, datt de Stat an d'Gemengen hei eng Virreiderroll spillen. Ech hoffen, datt dat dann och an deemem Projet wäert de Fall sinn.

Dat gesot, kann ech awer och hei mat zwou Hänne den Accord vu menger Fraktioun zu deemem Projet abrëngen.

Ech soen lech Merci.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Berger. D'Madame Dall'Agnol huet elo d'Wuert.

» **Mme Claudia Dall'Agnol (LSAP).** - Merci, Här President. Madame Minister, Här Minister, léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'éischt e Merci der Rapportrice Nancy Arendt fir hire wéi ëmmer ganz exzellente Rapport, deen et mir dann och erlaabt, mech haut de Mëtteg hei ganz kuerz- ze faassen, wat Der sécher och alleguerte begréisst.

Ech wéilt awer fir d'LSAP-Fraktioun nach eng Kéier kuerz eraussträchen, wéi wichteg et ass, an Zukunft all déi CIPAs esou ze konzipéieren wéi deen heiten, nämlech matzen dran, matzen dran do, wou d'Liewe sech ofspilt.

Belval wäert, wann et bis fäerdeg ass, natierlech lieweg sinn: Geschäfte, Wunnengen, Kino, Studenten - alles dat gouf scho vu menge Virriedner opgezielt -, déi wäerte sech hei begéinen. An hei dobäi stoussen dann eben déi eeler Leit aus deemem CIPA.

Hinne gëtt dëst dann och d'Geleeënheet, wa se net méi doheem wunnen, trotzdem nach kënnen un allem, wat eng Stad an eng Gemeng ze bidden huet, deelzuehelen, um sozialen, um kulturelle Liewen dovunnen ze profitéieren, hei notament ebe vun de Gemenge Suessem an der Stad Esch.

A ville CIPAs ginn d'Leit jo gutt encadréiert respektiv och animéiert, mä ech mengen, mir sinn eis alleguerte eens, datt et och am Alter näischt méi Schéines gëtt, wéi selwer kënnen ze decidéieren, wéini ee wat wéilt maachen. Natierlech nëmme dann, wann d'Gesondheet et erlaabt, a genau dat erlaabt eis dann och dësse Projet, dee mer och herno, hoffen ech, unanime wäerte stëmmen.

Eraussträiche wéilt ech awer och nach, datt d'Bewunner bis zum Schluss kënnen an deemem CIPA bleiwen, an datt derfir gesuergt gëtt, datt se, wann hir Zäit komme ass, optimal encadréiert ginn, fir hiert Liewensenn ouni Péng a virun allem an Dignitéit kënnen ze erliewen, an dëst, wann et méiglech ass, och zesumme mat hirer Famill.

Voilà, domat ginn ech schon den Accord vun der sozialistescher Fraktioun fir dësse Projet an ech soen lech alleguerte Merci fir d'Nolauschteren.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Madame Dall'Agnol. D'Wuert huet elo d'Madame Minister, d'Madame Jacobs.

Et geet haut de Mëtteg méi séier wéi haut de Moien.

» **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.** - Ech hat anscheinend dee schlechten Numéro gezunn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géif och wëllen ufänken, fir der Madame Nancy Kemp-Arendt ze féliciteieren a Merci ze soe fir hiren exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport, deen et mir och elo erlaabt, fir dat hei méi séier ze maachen.

Ech géif mech och wëllen hire Wierder uschlësse vis-à-vis vun eisem Kolleeg, dem Deputéierte Fred Sunnen, dee ganz

wäitsiichteg deemools war mat sengem Schäffen- a Gemengerot, fir ze decidéieren, dee bestehende Centre intégré dem Stat ze verkafen, fir dora Studentelogeementer ze maachen, an duerno dann op enger anerer Plaz en neie Centre intégré ze bauen, sou datt Leit, déi do an deem Haus sinn, während där Zäit net duerch Bauaarbechte geplo ginn. Ech géif selbstverständlech och dem Här Sunnen wënschen, datt en nach fir d'éischt op d'Uni géif goen, ier en an de Centre intégré géif goen.

(**Hilarité**)

An ech denken, all déi aner Kolleegen, wa se elo ophalen, datt se sech dann och nei Beschäftegunge sichen, sennvoll Beschäftegunge sichen, fir datt se och méiglechst laang nach valid bleiwen.

Här President, mir hunn haut hei all déi Chifferen héieren, déi d'Madame Nancy Kemp-Arendt genannt huet, an ech géif nach eng Kéier wëllen dorobber opmierksam maachen - well ëmmer erëm gesot gëtt, mir géifen op där enger Säit d'Suen zur Fënster erausgeheien, a se wieren net rücheg ugewand - , datt et da vläicht gutt wier awer emol zur Kenntnis ze huelen, datt e Projet wéi deen heite mat iwwer 30 Milliounen Euro, wat ëmmerhin 1,2 Milliarden där aler Lëtzebuurger Frangen ausmécht, awer e ganz erkleckleche Montant ass, a wou jiddwereen heibannen, esou wéi dat normalerweis de Fall ass, domat d'accord ass, datt mer esou Institutionen hunn, ee sech awer och muss bewosst sinn, datt dat selbstverständlech säi Präis huet.

Ech géif och wëllen, well déi leschte Kéier dat och gefrot ginn ass, soen, datt mer de Moment 32 Centres intégrés hu mat enger Capacitéit vun 3.455 Better, 16 Maisons de soins mat...

(**Interruptions**)

» **M. le Président.** - Däerf ech dann, wann ech gelift, em Opmierksamkeit biede fir d'Madame Minister? Ech weess net, wat haut de Mëtteg ass, mä et ass ganz schwierig hei uewe Rieden ze halen, wann an engem Stéck esou e Kaméidi ass.

» **M. Michel Wolter (CSV).** - Ee vun de Grënn ka vläicht sinn, dass et eng onméigleche Atmosphär ass, an där mer hei muss schaffen. Ech gesinn hei entre-temps 40 Kolleegen, déi de Paltong mussen ausdoen, fir iwwerhaupt heibannen nach kënnen ze tagen.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **Une voix.** - 41.

» **M. Michel Wolter (CSV).** - Ech wollt et just an aller Frëndschaft eng Kéier soen, dass et Saache sinn, déi och mateneen eppes kënnen ze dinn hunn, an notament déi Aart a Weis wéi mer hei mussen tagen. Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Här Wolter, Dir wësst, dass d'Analys vun dëse Raimlechteen de Moment vun deene spezialiséierten Experte vun der Regierung gemaach gëtt.

Sou, elo fiert d'Madame Jacobs weider.

» **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.** - Merci, Här President.

Ech wëll soen, datt mer am Moment am Ganzen 4.899 Better hu fir déi Persounen iwwer 65 Joer, déi hei a Fro kënnen kommen. Mir hunn zousätzlech néng Projekte vun Neibaute respektiv vun Extensionen, wat nach eng Kéier 500 zousätzlech Better sinn, zu Clierf an dem Home Saint-François, awer och am Syndicat intercommunal. Ech denken, datt dat alleguer meng Kolleegen do uewen interesséiert, déi awer wéinst engem anere Punkt de Mëtteg hei sinn.

Dann awer och zu Dikrech d'A.s.b.l. Claire, Gréiwemaacher, Heeschdrëf, Sacré-Cœur, Clinique Sainte-Elisabeth, déi emgebaut gouf oder nei gebaut gouf, zu Péiteng an zu Wolz, wou e ganz schéinen a grouse Projet amgaang ass. Dann nach aacht supplémentaire Projeten, déi am Bau sinn, mat 700 zousätzleche Better, a wou Dir och gesitt, datt dat iwwert d'ganz Land verspreet ass: Dat ass zu Bäerbuerg, Konter, Dikrech, Hamm, den Hospice civil, de Centre du Rahm, Déifferdeng, Rémeleng a Veianen.

Dat mécht dann hannerno en Total vu 6.000 Better aus, an domadder si mer an Europa Spëtzerreider och am Pourcentage vu Better, déi fir eeler Leit zur Verfügung stinn. Ech denken, datt dat eppes domat ze dinn huet, datt mer zu Lëtzebuerg, éischdens, eng generéis Assurance-dépendance hunn, déi ville Leit et erlaabt, fir an esou Haiser ze goen.

Dat Zweet ass, datt mer och den Accueil gérontologique hu fir déi Leit, déi net kënnen hire Pensiounspräis bezuelen. Wa mer iwwert d'Grenzen eraus kucke ginn, da gesi mer ganz dacks, datt do Familljen an där zweeter an an där drëtter Generatioun entweder verschëllt sinn, well ee vun hiren Elteren oder Grousselteren an esou engem Haus war respektiv well se do dra sinn. Dat hu mer hei zu Lëtzebuerg bis elo ni gewollt, an duerfir denken ech och, datt dat eppes ass, wat wichteg ass.

Ech sinn awer och absolut domat d'accord, sougutt mat der Rapportrice wéi och mat deenen aneren Orateuren, déi gesot hunn: „Mir kënnen eng Kéier vill Suen zur Verfügung stellen, fir schéi Gebaier opze- riichten, fir och zweckméisseg Gebaier opze-riichten, mä dat Wichtigst, wat nach ëmmer an deene Gebaier ass, dat ass, datt d'Leit do net nëmme versuergt sinn, mä datt wierklech och vill Aktivitéite mat hinnen do gemaach ginn, wierklech och esou, an där Verfassung wéi se sinn.“ Dat ass zënter wéinstens zéng Joer och d'Politik vun Ministère, fir ze soen: „Ee Mënsch, deen eng Kéier an esou en Haus kënn, dee bleift och do soulaang wéi e lieft.“ Mir ginn en net méi nach eng Kéier vun esou engem Centre intégré an eng Maison de soins plënnen, well dat och fir déi Persoun net evident ass.

Mir sinn an deene leschte Joren amgaang ze kucken, wat nei Besoiné sinn, a mer mierken, datt eng ganz Partie vun neie Wënsch och bei de Leit sinn, a wa mir eis alleguerte an déi Situatioun setzen, dann, denken ech, hu mir erëm aner Uspréich, wa mer bis an deen Alter kommen, wéi déi Leit, déi elo do sinn, respektiv nach déi Generatiounen, déi virauser do waren. Duerfir gi mer verstärkt och op de Wee vun de Logements encadrés, wou dann d'Leit selbstverständlech awer nëmme zu enger gewëssener Zäit an eng gewësse Längt kënnen dobleiwen an duerno dann op déi heiten Infrastrukture wäerten zrëckgräifen.

Datselwecht zielt och fir de Maintien à domicile. Mir haten dës Woch eng gemeinsam Pressekonferenz mat HELP, Här President, déi eben do eng Studië gemaach haten iwwert d'Zefriddenheet vun hire Memberen, 900 Leit, déi do schaffen - bei aneren Träger sinn et der nach eng Partie weider. Esou datt een och gesäit, datt niewent dem Maintien, niewent den Institutionen och ganz villes geschitt an dem Maintien à domicile, an datt och do muss sécher- gestallt ginn, niewent der Fleg, datt och all déi aner Servicer ugebuede ginn, fir datt een ebe méiglechst laang ka gutt doheem bleiwen. Net nëmme doheem bleiwen, mä wierklech och méiglechst laang gutt kann do liewen, well sougutt wéi mir dat Recht fir eis akloen, ass et kloer, datt och déi Leit, déi am Alter sinn, dat och kënnen maachen.

Dat gesot, Här President, soen ech jidd- werengem Merci, deen deem Projet hei eng positiv Stëmm wäert ginn, a mir si frou, datt mer dat och elo nach virun dem Enn vun der Legislaturperiode kënnen maachen, fir datt och déi Aarbechten zügeg op der Plaz kënnen virugeen.

Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Madame Minister. Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen zur Ofstëmmung iwwert dësse Projet.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

Déi perséinlech Stëmm fir d'éischt. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration.

De Projet de loi 5937 ass eestëmmeg uegeholl mat 58 Jo-Stëmmen.

*Résultat définitif après redressement: le projet de loi 5937 est adopté à l'unanimité des 59 votants.*

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupt, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes (par Mme Nancy Arendt), Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;*

*MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme*

*Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par Mme Anne Brasseur), Alexandre Krieps (par M. Eugène Berger), Claude Meisch (par M. Xavier Bettel) et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam (par Mme Viviane Loschetter), François Bausch, Félix Braz (par M. Henri Kox), Camille Gira, Jean Huss (par M. François Bausch), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepf et Robert Mehlen (par M. Gast Gibéryen).*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(**Assentiment**)

Dann ass et esou decidéiert.

## 2. 5830 - Projet de loi organisant l'aide sociale (suite)

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen elo of iwwert de Projet de loi 5830 iwwert d'Aide sociale, wou mer d'Diskussioun haut de Moien ofgeschloss hunn.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 5830 ass uegeholl mat 52 Jo-Stëmmen, bei 7 Abstentionen.

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupt, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes (par M. Lucien Thiel), Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;*

*MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen (par M. Charles Goerens), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par Mme Anne Brasseur), Alexandre Krieps (par M. Eugène Berger), Claude Meisch (par M. Xavier Bettel) et Carlo Wagner;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepf et Robert Mehlen (par M. Gast Gibéryen).*

*Se sont abstenus: MM. Claude Adam (par Mme Viviane Loschetter), François Bausch, Félix Braz (par M. Henri Kox), Camille Gira, Jean Huss (par M. Camille Gira), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.*

Gëtt och hei d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(**Assentiment**)

Dann ass et esou decidéiert.

» **Une voix.** - Neen.

» **M. le Président.** - D'Majoritéit huet et awer esou decidéiert.

» **Mme Viviane Loschetter (DÉI GRÉNG).** - Mir hu keng Dispens vum zweete Vote, well mer eng Opposition formelle hunn. Et ass eng éischt Lecture.

» **Une voix.** - Eng éischt Lecture. Mir kënnen awer d'Dispens ginn.

» **M. le Président.** - Mir kënnen awer d'Dispens froen. Jo, mä dat ass jo eng aner Fro. Ech hunn d'Chamber gefrot, ob se d'Dispens vum zweete Vote gëtt. D'Majoritéit vun der Chamber decidéiert dat esou, dann ass et esou decidéiert.

(**Interruptions**)

Ob dat lech gefält oder net, d'Majoritéit huet d'Dispens ginn. Voilà, wat de Statsrot decidéiert, dat gesi mer da spéider.

**(Interruptions)**

Dat ass net auszuschléissen. Mä op jidde Fall ass de Moment elo emol esou déciéiert.

Sou, Dir Damm an Dir Hären, mir kommen dann zu der Proposition iwwert d'Modifikatioun vum Règlement. Mir hunn zwou verschidde Propositionen. Déi eng kéier ass den Här Gibéryen deen, deen eis d'Propositione vun der Kommissioun virleet, an déi kéier drop den Här Fayot. Fir d'éischt ass et um Här Gibéryen, an ech géif em Är Opmierksamkeit bieden. Et geet nämlech em eist internt Règlement.

### 3. 5864 - Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés relative aux propositions de loi

#### Rapport de la Commission du Règlement

**» M. Gast Gibéryen (ADR), rapporteur.** - Merci, Här President. Léif Kollegen - inna Kollegen, esou wéi den Här President et gesot huet, geet et hei em eist internt Règlement. D'Reglementskommissioun huet sech mat de Prozedur befaasst, wat d'Propositions de loi ubelaangt.

Dir wésst alleguer, datt déi aktuell Prozeduren, déi mer hunn, relativ komplizéiert sinn a relativ vill Etappen hunn, an d'Konsequenzen dovun sinn, datt am Fong déi Propositions de loi, déi vun eis eenzelnen Deputéierte gemaach ginn, ganz selten déi legislativ Prozedur wärten duerchlafen. Mir hunn dofir versicht, a mir hunn dat eestëmmege an der Kommissioun gemaach, fir eng nei Prozedur der Chamber hei ze proposéieren.

Ech erspueren lech, nach eng kéier déi al Prozedur ze rappelléieren, mä ech wëll just a kuerzen Zich déi nei Prozedur virstellen. Anerefalls géif ech och mengen, datt mer ze vill géifen duerjernekommen.

Et bleift selbstverständlech e Recht vun all Deputéierten, ëmmer eng Proposition de loi kënnen auszuschaffen an ze déposéieren. Déi Proposition de loi gétt um Büro vun der Chamber déposéiert, an d'Chamber, an dat ass dann en éischte Schratt, déciéiert dann iwwert d'Recevabilitéit vun där Proposition de loi op Propositionen vun der Presidentekonferenz hin.

Wat mer am Artikel 58 vun eisem Règlement gestrach hunn: Fréier, oder bis elo, hu mer ëmmer gekuckt bei der Recevabilitéit, ob déi Proposition de loi net géif géint den Ordre public oder d'Bonnes mœurs verstoussen. Well dat awer eng Definitioun ass, oder e Kritär ass, dee schwéier ze definéieren wier an nach vill méi schwéier ze kontrolléieren ass, huet d'Kommissioun proposéiert, fir dat aus eisem Règlement ze strächen a just nach iwwert d'Recevabilitéit, wat also da méi eng Formsach gétt, déi d'Chamber mécht, ze déciéieren.

Wann d'Chamber se recevabel erkläert, gétt se un d'Regierung geschéckt, déi da ka bannent dräi Méint en Avis ofginn, an d'Presidentekonferenz iwwerweist se an déi zoustänneg Kommissioun. Déi zoustänneg Kommissioun muss déi Proposition de loi dann op den Ordre du jour huelen, a bannent engem Délai vu 60 Deeg no dem Dépôt kennt déi Proposition de loi dann hei an d'Chamber.

Et ass also e ganz wesentlech neie Punkt, datt heescht, datt all Proposition de loi nom Dépôt bannent 60 Deeg muss op den Ordre du jour vun der Chamber kommen, wou dann driwwer diskutéiert gétt, iwwert d'Poursuite vun der Prozedur. Dobäi gétt se virgestallt vum Auteur, an déi eenzel Parteie kënnen Stellung dozou huelen, an da gétt iwwert d'Poursuite vun der Prozedur déciéiert.

Wann d'Chamber déciéiert, där Proposition de loi eng Suite ze ginn, da geet se erëm un d'Presidentekonferenz zrëck, déi se dann erëm un déi zoustänneg Kommissioun verweist. Se geet dann awer och un de Conseil d'État weider, a se geet dann awer och op där anerer Säit, an dat ass och nei, vun der Chamber aus direkt un d'Chambres professionnelles weider.

Wann d'Chamber géif déciéieren, där Proposition de loi keng Suite ze ginn, da gétt se klasséiert a se gétt einfach vum Rôle geholl. Et kann och an enger Sessioun eng Proposition de loi, déi rejetéiert ginn ass, an darselwechter Legislativperiod och keng zweete kéier méi frësch déposéiert ginn.

Wann déi Kommissioun e Rapport mécht iwwert déi Proposition de loi, an déi Proposition de loi hätt Konsequenzen, wat d'Statsfinanzen ubelaangt, entweder datt se géif zousätzlech Dépensé géréieren oder datt d'Recetté géifen erfrogoen, da muss an deem Rapport festgehal ginn, wéi déi Ännerungen, wat de Statsbudget ubelaangt, géifen ausgeglach ginn.

Eng Proposition de loi kann och zrëckgezu gi vun engem Deputéierte virun dem éischte Vote, wat d'Poursuite vun der Procédure législative ubelaangt. Duerno kann hie se net méi zrëckzéien. Datselwecht zielt och fir Deputéierter, déi net méi an der Chamber sinn. Do kënnen d'Groupes politiques oder d'Groupes techniques, wou den Auteur vun der Proposition de loi Member dra war zum Zäitpunkt wéi en den Dépôt gemaach huet, a wann en net méi Member ass, da kann dee Groupe politique oder d'Sensibilité politique dann och déi Proposition de loi zrëckzéien.

Dann hu mer nach en anere Punkt gemaach, Här President, dat ass d'Disposition transitoire, wou mer am Fong soen: Fir mat deem neie System elo unzekommen, gi sämtlech Propositions de loi deen Abléck, wou dat nei Règlement en vigueur trëtt, an dat ass déi éischt Sitzung vun der neier Chamberssessioun - well mer der Meinung waren, et sollt ee mat der neier Prozedur an der nächster Legislativ ufänken, also deen Abléck, wou dat Règlement a Kraaft trëtt, déi éischt Sitzung vun der neier Legislativperiod -, ginn am Fong all Propositions de loi, déi bis zu deem Zäitpunkt déposéiert gi sinn, vum Rôle geholl, à l'exception vun deenen, déi an der Aarbecht sinn, wou schon eng Prozedur en cours ass.

Duerfir ginn dann och vum Büro vun der Chamber aus all d'Kommissiounen gefrot, ob si Propositions de loi hunn, un deene se schaffen, déi also an der Prozedur sinn. Déi bleiwen dann an der Prozedur, an all déi aner Propositions de loi ginn d'office vum Rôle gestrach. Déi kënnen dann awer vun Deputéierten erëm nei erabruucht ginn, wa se déi gären an déi nei Prozedur eran hätten.

Dat ass kuerz résuméiert déi nei Proposition, déi mer als Règlementskommissioun maachen. Déi huet also zum Zweck, datt mer méi eng kloer Prozedur kréien, a se huet virun allem zum Zweck, datt bannent sechs Méint no dem Dépôt all Proposition de loi heibannen eng kéier diskutéiert gétt, an datt d'Chamber dann déciéiert, ob se där Proposition de loi eng Suite gétt oder keng Suite gétt.

Dat ass de wesentlech Punkt, an ech géif mengen, datt dat awer eng Opwärtung vun eiser parlamentarescher Aarbecht heibanne wier. An ech géif dofir och, am Numm vun der Kommissioun, lech alleguer recommandéieren, dës Ännerung vun eisem Règlement zoustëmme.

Ech soen lech Merci.

**» Plusieurs voix.** - Très bien!

**» M. le Président.** - Merci, Här Gibéryen. D'Madame Flesch huet elo d'Wuert.

**» Mme Colette Flesch (DP).** - Här President, ganz kuerz: Mir schléissen ons där Proposition un, déi an der Commission du Règlement diskutéiert ginn ass. Ech mengen, heimadder ass d'Prozedur allégéiert a gétt awer och dem Auteur vun der Proposition de loi d'Geleeënheet ze gesinn, dass seng Proposition weidergeet.

Onse Souci haut wéi gëschtert bleift, dass d'Fro vun der Recevabilitéit, déi jo vun der Conférence des Présidents tranchéiert gétt, net soll eng Guillotine sinn. De Fait, dass mer d'Referenz aux bonnes mœurs a vum Ordre public strächen, ännert nëischt dorunner. Et därerf net sinn, dass d'Question vun der Recevabilitéit zu enger Guillotine gétt.

**(Interruption)**

Jo, jo, sur proposition vun der Presidentekonferenz. Mat där allégierter Prozedur kënnen mir d'accord sinn.

Merci, Här President.

**» M. le Président.** - Merci, Madame Flesch. Wëllt nach een d'Wuert dozou ergräifen? Wann dat net de Fall ass, da stëmme mer driwwer of.

### Vote sur la proposition de modification du Règlement

De Vote fänkt un. Vote par procuration. Mengt Der, de Statsrot géif d'Dispens ginn? De Vote ass ofgeschloss.

D'Propositionen 5864 ass ugehall mat 55 Jo-Stëmme, bei 1 Nee-Stëmm.

*Ont voté oui:* Mmes Sylvie Andrigh-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar (par Mme Martine Stein-Mergen), Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castagnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer (par M. Alex Bodry), Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par Mme Anne Brasseur), Alexandre Krieps (par M. Carlo Wagner), Claude Meisch (par M. Xavier Bettel) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam (par Mme Viviane Loschetter), François Bausch, Camille Gira, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepf et Robert Mehlen (par M. Jacques-Yves Henckes).

A voté non: Mme Marie-Josée Frank.

Mir kommen dann zu dem zweete Volet, dat ass deen, wou den Här Fayot de Rapporteur vun der Kommissioun ass. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

### 4. 5979 - Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés relative à la coopération entre la Chambre des Députés et le Gouvernement en matière de politique européenne

#### Rapport de la Commission du Règlement

**» M. Ben Fayot (LSAP), rapporteur.** - Här President,...

**» M. le Président.** - Här Sunnen, et gétt heibannen ofgestëmmt. Här Fayot.

**» M. Ben Fayot (LSAP), rapporteur.** - ...et handelt sech och hei em en Zousaz zu eisem interne Règlement.

Här President, d'Chamber huet an deene leschte Joren déciéiert, sech méi staark an d'europäesch Politik ze implizéieren. Dir wésst, dat hu mer säit 2003 gemaach. A besonnesch säit dem Referendum vum 10. Juli 2005 war et den Deputéierte kloer, dass een och misst probéieren Europa de Bierger méi no ze bréngen an doduerch och an der Chamber sech méi em europäesch Froen ze bekëmmere.

Säithier hu mer an dës Chamber eng wichteg Aarbecht gemaach a ville Kommissiounen. Dir wésst och, dass mer vun der Europäescher Kommissioun als Chamber direkt alleguerten déi Texter kréien, déi aus der Kommissioun kommen. Vill Kommissiounen hunn dorobber geschafft an hunn interessant Diskussiounen doriwwer gehalten.

Mir wësse jo, dass mer an dem institutionelle Gefüge vun Europa zwee Législateuren hunn. Dat eent, dat ass d'Europaparlament, dann dat anert, dat ass de Conseil des Ministres. Also ass ons Lëtzebuerger Regierung mat deenen anere 26 Länner de Législateur an Europa, an et ass d'Roll vun engem nationale Parlament, also vun onser Chamber, fir dee Législateur, also deen nationale Législateur, och ze begleede respektiv ze kontrolléieren, wann dat noutwendeg ass. Dat ass deen een Aspekt.

Deen aneren Aspekt ass: Souwuel am Traité vun Amsterdam wéi och an deem vu Lissabon kréien d'national Parlamenter eng Opwärtung. Dir wésst, dass et do zwee Protokolle gétt iwwert d'Rolle vun den nationale Parlamenter am europäesche Gefüge, an och iwwert de Contrôle vun der Subsidiariteit an der Proportionaliteit vun europäeschen Texter. Déi Roll bedéngt natierlech, dass d'Chamber, déi verschidde Kommissiounen, sech mat deenen europäeschen Texter ofginn.

Dir wésst och, dass mer d'Méiglechkeet kréien, duerch den Traité vu Lissabon, innerhalb vun aacht Wochen als Chamber en Avis motivé zu enger Proposition de directive anzebréngen, wa mer mat eppes net d'accord sinn. Dat sinn also alles nei Mëttelen, déi d'national Parlamenter kréien.

Fir déi Aktiviteit, déi Aarbecht, déi mer als Chamber maachen, ze ënnermaachen, an och ze kucken, wat fir Mëttele mer dofir kënnen asetzen, hu mer mat der Regierung en Aide-mémoire ausgehandelt, fir ze kucken, wat fir Hëllefstellungen d'Regierung der Chamber ka gi respektiv wat d'Roll vun der Chamber vis-à-vis vun der Regierung ass.

Deen Aide-mémoire huet och d'Approbativ vum dem Regierungsrot fonnt. Mir wollten deen, fir dass dat och méi präsent ass, als en Aide-mémoire an onst Règlement aschreien, fir dann eben och kloerzemaachen, wat Regierung a Chamber zesammen do kënnen maachen.

Dir wësst, dass mer och en Artikel 168 am Règlement hunn, dee lichter ofgeännert gétt, well mer jo net méi vun der Regierung déi europäesch Texter kréien, mä - wéi ech éinescht gesot hunn - direkt vun der Europäescher Kommissioun alles kréien.

An deem Aide-mémoire - ech wëll just sechs Punkte ganz kuerz ervirsträchen - geet et elo fir d'éischt drëm, vun der Regierung Noten ze kréien; also, schonn déi Viraarbechten, déi d'Regierung bei sech mécht, wann zum Beispill Direktive kommen, fir dass d'Chamber déi och kritt. Well et geet jo drëm, fir bei deene Virschléi vun Direktive ganz en amont, also ganz am Ufankstadium als Chamber schonn derbäi ze sinn - well wann een dat herno zum Schluss mécht, da weess een, dass een näischt méi kann änneren -, also Noten ze kréien, déi an der Regierung ausgeschafft ginn, fir d'Konsequenzen vun europäeschen Texter ze erkennen.

Dat Zweet ass natierlech, fir Regierungsmemberen, och Fonctionnairen, déi an europäesche Gremie schaffen, an d'Kommissiounen vun der Chamber ze kréien, fir déi ze héieren.

Dat Drëtt ass selbstverständlech och, fir dann, wann e Conseil européen ass oder e Conseil des Ministres, fir am Virfeld oder och duerno Exposéé vun de Ministeren iwwert de Verlaf vun deenen Aktiviteiten ze kréien.

Dat Véiert ass, fir dee Rapport, deen d'Regierung all Joer mécht iwwert d'Europapolitik, dee mer och hei an den Aide-mémoire gesat hunn, virgestallt ze kréien an zugläich och de Rapport vun der Regierung iwwert d'Transpositionen vun Direktiven; wat mer iwwerengens net méi spéit wéi nächste Méindeg an der Europakommissioun maachen.

Da selbstverständlech, wann eng Conférence intergouvernementale kennt, wann also Traitée geännert ginn, da muss d'Chamber esou wäit wéi méiglech mat implizéiert ginn, muss d'Regierung der Chamber Informatiounen ginn. Ech wëll och derbäi soen, dass jo och am Traité vu Lissabon nach ëmmer d'Iddi vum Konvent virgesinn ass, an dass mer dann an där Iddi, mengen ech, hei déi Kollaboratioun mat der Chamber gesinn.

Schliesslech de leschte Punkt, de sechste Punkt. Wichteg ass, wa mer Informatiounen vun der Regierung kréien iwwer hir Verhandlungspositionen, iwwert déi Prioritéiten, déi se setzen, dass mer als Chamber gradesou gutt wéi d'Regierung d'Confidentialité ginn, dass dat also och ënner ons bleift, wann et sech besonnesch em schwéier Verhandlungen iwwer national-Interessen handelt.

Dat ass also dat, wat grosso modo an deem Aide-mémoire drasteet. Ech mengen schonn, dass dat fir déi zukünfteg Chamber, wéi dat och an der Vergaangenheet scho war, e wichtige Leitfuedem ass. Et ass net, dass dat hei elo absolut nei ass. Villes vun deem, wat an deem Aide-mémoire steet, ass scho praktizéiert ginn. Wichteg awer ass et, dass et formaliséiert gétt an dass mer et an onsem Règlement stoen hunn, fir dass also och déi zukünfteg Deputéierten an deenen eenzelne Kommissiounen sech dorunner kënnen halen.

Merci.

**» Plusieurs voix.** - Très bien!

**» M. le Président.** - Merci, Här Fayot. Wëllt nach een eppes derbäifügen? Den Här Goerens, wann ech gelift.

**» M. Charles Goerens (DP).** - Här President, ganz kuerz, fir am Kader vun dës Debatt drun ze erënnere, datt d'national Parlamenter am Fong méi Rechter hunn am

europäeschen Integrationsprozess, wéi et hinnen oft bewusst ass. Den Här Fayot huet elo nach un eng Partie Prerogativen, déi d'national Parlamenten hunn, erënnert.

Ech wëll nëmme just soen, datt mir déi sinn, déi Traitée ratifizéieren. Mir sinn déi, déi d'Erweiterunge ratifizéieren. Mir sinn déi, déi kënnen an engem fréie Stadium Texter analyséieren.

Ech wollt och do... Déi Regierung hei, déi ass elo eriwuer, grad wéi och déi Regierung virduan an och déi Regierung virun där. Déi hunn et allen dräi versäumt, fir eis endlech eppes ze ginn, wat mer scho laang reklaméiert hunn, nämlech eng Note explicative bei all Text, deen d'Chamber pour avis soumettéiert kritt.

Déi Note explicative brauch keng Literatur ze sinn. Et geet duer mat enger hallwer Sait, wou mer engersäits den Enjeu européen an op där anerer Sait den Intérêt national mentionnéiert kréien. Da wësse mer schon, wéi mer eis mussen orientéieren, fir an der Analys vun deenen Texter weiderzokommen.

Dat si bestëmmt keng 50 Dokumenter, déi d'Joer wichteg sinn, mä vläicht eng hallef Dosen, déi awer fir Lëtzebuerg eng enorm Importenz hunn. Dat géif eis wesentlech d'Aarbecht erlichteren, wa mer dat direkt am Ufank, wou mer d'Texter fir d'éischt gesinn, vun der Regierung matgedeelt kriteen.

Dat dierft jo och net esou schwéier sinn. Well am Virfeld vum Dépôt vun enger Proposition de texte vu Bréissel ginn et Diskussiounen an Aarbechtsgruppe respektiv am COREPER. D'Regierung kritt jo och Noten, dann dierft et och net schwéier sinn, datt d'Chamber deeselwechte Wëssensstand kritt. An ech mengen, et wier och gutt, esou wéi haut och d'Milieux professionnels sech interesséieren fir déi do Saachen, datt d'Chambres professionnelles am Fong, déi dann och fir Avis gefrot gi bei engem Dokument, um selwechte Wëssensstand wieren.

Ech wollt och dat begréissen, wat an dëser Legislaturperiod un Aarbechte gemaach ginn ass a puncto Aviséiere vun europäeschen Texter. An ech wollt och do dem Rapporteur an och dem President vun der Commission des Affaires étrangères, dem Ben Fayot, wierklech - dat soll keen eidelt Kompliment sinn; ech hätt net gär, datt en et esou géif opfaassen - Merci soen am Nimm vun alle Kolleeg fir déi Aarbecht, déi en do gemaach huet. Wa mer haut nach net esou wäit sinn, wéi mer eis dat alleguerter gewünscht haten, ass et doudsécher net seng Schold.

►►► **Plusieurs voix**.- Très bien!

►►► **M. le Président**.- Merci, Här Goerens. Mir kommen elo zur Ofstëmmung...

(Interruption)

Den honorabelen Här Henckes, wann ech gelif.

►►► **M. Jacques-Yves Henckes (ADR)**.- Här President, ech wollt just soen, datt d'ADR natierlech mat där Proposition heit d'accord ass, mä datt mer awer och wëllen drop hiweisen, datt verschidden Ausféierung vum deem Gesetz awer missten och an onser Verfassung stoen: d'Relatioun vis-à-vis vun der Chamber a vun der Regierung. Dofir hu mer eng Proposition de loi an deem Sënn déposéiert.

Mir sinn och der Meenung, datt et wichteg ass, datt déi Relatiounen, wa verschidden Traitée géinnert ginn, wann Élargissementer virgesi ginn, datt een och do Méiglechkeete virgesäit, fir den Dialog mat der Populatioun ze schafen. Dofir si mer also mat deem Text hei d'accord, mä mir maachen awer verschidde Reserven, datt dat heiten ons net wäit genuch geet, well een heiansdo gesäit, datt dat eent oder dat anert net esou klappert. An dofir hätte mer gäre méi verfassungsrechtlech Rechter, notament fir d'Opposition, also fir eng Fraktioun.

►►► **M. le Président**.- Merci, Här Henckes.

Mir kommen dann zur Ofstëmmung.

**Vote sur la proposition de modification du Règlement**

Vote par procuration.

Huet et geklappt, Här Etgen?

(Interruption)

Neen, et feelen nach zwee Voten. Elo nach een.

Den Text ass uegheoll mat 59 Jo-Stëmmen.

*Résultat définitif après redressement: la proposition de modification du Règlement 5979 est adoptée à l'unanimité des 58 votants.*

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Thiel-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;*

*MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps (par M. Carlo Wagner), Claude Meisch (par Mme Anne Brasseur) et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz (par M. Henri Kox), Camille Gira, Jean Huss (par M. Camille Gira), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepf et Robert Mehlen (par M. Gast Gibéryen).*

Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn als nächste Punkt op eisem Ordre du jour de Projet de loi 5953 iwwer eng Kläranlag an de Muselgemengen. Dee Projet dauert wahrscheinlech ongeféier eppes weider wéi eng hallef Stonn. An duerno kënn't de Projet vun der Fusioun vun de Gemenge Clief, Heischent a Munzen. Also, eppes weider wéi eng hallef Stonn. De Rapporteur huet elo d'Wuert, den honorabelen Här Sunnen.

## 5. 5953 - Projet de loi autorisant le Gouvernement à participer au financement des travaux nécessaires à l'évacuation et à l'épuration des eaux usées générées par les communes de la Moselle supérieure

**Rapport de la Commission des Affaires intérieures et de l'Aménagement du Territoire**

►►► **M. Fred Sunnen (CSV), rapporteur**.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, haalt lech gutt un, elo kënn't meng zweetlescht Ried hei an dësem héijen Haus. Och wann ech jo bekanntlech am allerdeifste Süden doheem sinn, esou läit mir dës Projet vun der Kläranlag op der Musel awer um Häerz. An dat, well ech familiär Wuerzelen an deem Eck vum Ländchen hunn.

Komme mer elo zum Text, iwwert dee mer geschwé wäerten ofstëmmen.

De Projet, deen et der Regierung erlaabt, sech un der Finanzéierung vun den Aarbechte un enger Kläranlag op der Uewermusel ze bedeelegen, ass de 7. November 2008 vun Innenminister hei an der Chamber déposéiert ginn.

Den 3. Februar 2009 huet de Statsrot säin Avis dozou ofginn. An dësem Avis - dorop wäert ech nach spéiderhin zrëckkommen - huet déi héich Kierperschaft eng ganz Rei vu Kritike formuléiert.

An der Réunion vum 19. Februar 2009 sinn ech vun der Intérieurskommissioun zum Rapporteur vun dësem Projet ernannt ginn. De Minister huet eis an der Sëtzung och de Projet en détail virgestallt, a mir hunn den Avis vum Statsrot analyséiert. No dëser Réunion an no Vue vun de Kritike vum Statsrot, huet d'Regierung den Text amendéiert, andeems de ganze Projet reformuléiert a reorganiséiert gouf. Dës Kéier war den Text och vun Tableauren a Pläng begleet.

De 5. Mee 2009 - ech ka mech nach un deem Dag erënneren, wéi wann et virgësch gewiescht wär - huet de Statsrot du säin Avis complémentaire zum amendéierten Text ofginn. Net méi spéit wéi de 6. Mee 2009 huet d'Intérieurskommissioun dësen Avis analyséiert an de virleien Rapport uegheoll.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer, datt ech elo op de Contenu vun

dësem Gesetzesprojet iwwerginn. Wéi scho gesot, erlaabt dësen Text et der Lëtzebuerger Regierung, sech um Finanzement vun den Aarbechte fir d'Klärung vum Ofwaasser vun den Dierfer un der Uewermusel ze bedeelegen. D'Dépense geet aus dem Waasserwirtschaftsfong.

De Projet gesäit vir, d'Ofwaasser aus de Gemenge Schengen, Wellesteen a Réimech ze sammelen a se ënnert der Musel duerch Richtung Industriezon Perl-Besch an Däitschland ze leeden, wou dann eng gemeinsam Kläranlag gebaut gëtt mat der Bedeelegung vun der Gemeng Perl. Dës Kläranlag ass noutwendeg, fir enger europäescher Reglementatioun nozekommen, déi den Agglomeratiounen mat méi wéi 2.000 Awunnergläichwäerter op d'mannst e biologesch Traitement vum Ofwaasser operleert. Am Moment gëtt nach alles méi oder manner direkt an onbehandelt an engem Égouts-System an d'Musel geleet.

Här President, Léif Frëndinnen a Frënn, erlaabt mir, datt ech kuerz de Kontext ëmrisssen, an deem dës Anlag entsteet. Ech wäert lech elo op dëser Plaz kee Virtrag iwwert de Floss Musel halen. Ech denken, Dir kennt all déi wichteg Facteuren. Ech wëll éischter op d'Situatioun vun der Épuratioun vum Waasser hei am Land, a méi speziell op der Musel agoen.

**(M. Laurent Mosar prend la Présidence)**

Zu Lëtzebuerg sinn 90% vun den Haushalter un eng öffentlech biologesch Kläranlag ugeschloss, vun deenen et der am ganzen 111 op eiem Territoire gëtt. Vun deenen aneren 10% si 5% un eng mechanesch Kläranlag ugeschloss, a 5% vun eiser Bevölkerung huet guer keng Kläranlag, an dat haaptsächlech an der Muselgegend.

Fir datt de Grand-Duché d'Objektiver vun der europäescher Waasserkaderdirektiv, déi mir jo eréischt am Dezember 2008 an nationaalt Recht ëmgasat hunn, erreeche kann, muss mir eis am Domän vun der Waasserwirtschaft weider fir de Bau respektiv d'Moderniséierung vu Kläranlagen asetzen.

D'Ofwaasser - wéi scho gesot - leeft ongekläert an d'Musel. Et kënn't engersäits vun den Haushalter an anerersäits vun de kommerziellen an touristeschen Aktivitéiten a selbstverständlech och aus dem Wäibau. Fréier sinn d'Ofwässer duerch de Pouvoir auto-épurateur, also d'Selbstreinigungskraft vun der Musel, méi oder manner gutt verquësst ginn.

Am Moment ass et awer esou, datt duerch d'Efforten, déi a Frankräich an an Däitschland gemaach goufen, an de leschte Joren et zu enger besserer Waasserqualitéit vun der Musel komm ass. Heiduerch huet de Fait, datt mir ongekläert Ofwaasser an d'Musel kéieren, natierlech en direkten negativen Impakt op d'Waasserqualitéit.

Heiwéinst a weinst der Direktiv 91/271, déi - wéi scho gesot - virschreift, datt Agglomeratiounen mat méi wéi 2.000 Awunnergläichwäerter op d'mannst e biologesch Traitement vum Ofwaasser virgesinn, ass de Bau vun dëser Kläranlag néideg. En vuv vun dëser Situatioun hunn déi Verantwortlech vun de Lëtzebuerger Gemenge Réimech, Wellesteen a Schengen déi däitsch Gemeng Perl an den Entsorgungsverband Saar kontaktéiert, fir zesummen d'Dépollitioun vun der Uewermusel unzegoen. Well un Ufank u gewosst war, datt et schwierig wär, op der Lëtzebuerger Sait e Site ze fannen, gouf d'Décisioun geholl, déi zukünfteg international Kläranlag op der däitscher Sait an der Industriezon Perl-Besch ze bauen.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, ech ginn lech elo e kuerzen Aperçu technique vum Projet, verweisen awer fir d'Detailer op mäi schrëftleche Rapport, den Exposé des motifs an och op den Dossier vun den Amendementen. Do ass alles ganz genau explizéiert.

Den Évacuationsréseau ass op der Lëtzebuerger Sait fir d'Dierfer Schengen, Réimerschen, Wëntreng, Schwéidsbengen, Bech-Maacher, Wellesteen an d'Stad Réimech. Op der däitscher Sait ginn Nennig, Besch, Perl, Oberperl a Sehndorf un d'Anlag ugeschloss.

D'Kläranlag huet eng Capacitéit vun 23.000 Awunnergläichwäerter. Dovunner sinn der 15.610 fir d'Lëtzebuerger Gemenge reservéiert. Dës Capacitéit ass esou festgeluecht ginn, datt och der zukünftiger Entwécklung vun der Populatioun an den ekonomeschen Aktivitéite Rechnung gedroen ass. Vum techneschen Aspekt hier gesinn, gesäit de Projet vir, d'Ofwaasser vun deene verschidene Lokalitéiten ze sammelen a se ënnert der Musel erduerch op Perl-Besch an d'Kläranlag ze leeden.

Well déi ganz bestehend Kanalisatiounen der vum Type mixte sinn, datt heesch, souwuel Ofwaasser wéi och Reewaasser séiculéieren, muss se mat Opfangbecken équipéiert ginn. Heifir ginn op der Lëtzebuerger Sait zwielef Iwwerlafbecken tëscht Schengen a Réimech gebaut.

D'Évacuatioun vum Waasser gëtt op enger Längt vun eelef Kilometer vun der franséischer Grenz bis op Réimech duerch e Pompesystem garantéiert. Fënnf Pompstationen si virgesinn: jeweils eng zu Schengen, Réimerschen, Wëntreng, Bech-Maacher a Réimech. Duerno gëtt d'Ofwaasser iwwer eng Sechs-Pomp-Station op der Héicht vu Schwéidsbengen, méi genee beim Camping vu Schwéidsbengen, duerch e Kanalsystem ënnert dem Muselbett erduerch a Richtung Kläranlag geschéckt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, no dësem dach méi ustrengenden an dréchene, techneschen Deel, kommen ech elo zu deem, wat eis am meeschten interesséiert, dem finanziellen Impakt vun där ganzer Geschicht hei.

Insgesamt kascht d'Mise en place vun der Kläranlag de Lëtzebuerger Stat 43.250.000 Euro. Dës Montant bleift an der Enveloppe budgétaire, esou wéi et an der Programmation pluriannuelle vum Waasserwirtschaftsfong virgesi war. Et muss een allerdéngs soen, datt d'Estimatiounen vun de Phasen 2 an 3 selbstverständlech nach net esou prezis si wéi fir déi éischt Phas. Dës enorm Ausgabe ginn a si schonn an enger éischer Etapp vun de concernéierte Gemenge virfinanzéiert ginn, déi dann awer aus dem Waasserwirtschaftsfong rembourséiert ginn.

Här President, Léif Kolleeginnen a Kolleegen, erlaabt mer, datt ech zum Schluss nach kuerz op d'Aarbecht vum Statsrot an der Chamberskommissioun aginn. De Statsrot huet a sengem éischen Avis eng Rei Froen opgeworf, op déi ech elo net weider agoe wëll. Et sief awer gesot, datt déi héich Kierperschaft sech fir d'Opspléckung vum Projet an e puer Phasen ausgeschwat hat fir dat, wat de finanziellen Engagement vum Stat ueget.

Ausserdeem huet de Statsrot bedauert, datt am Projet keng detailléiert Pläng ze fanne waren. An der Chamberskommissioun hu mir laang a kritisches iwwert den Dossier diskutéiert, an d'Regierung huet doropshin en amendéierten Text bei de Statsrot geschéckt, an deem si villen Observatiounen Rechnung gedroen huet, notament dat, wat mat der Opspléckung ze doen huet. De Statsrot war am Groussen a Ganze mat den Ännerungen zefridden an huet säin Accord zum Text ginn.

Här President, ech denken, datt och Dir mat alle Kolleeginnen a Kolleegen heibannen no mengem Exposé d'Noutwendegkeet vun dëser Kläranlag erkannt hutt. Dofir bidden ech lech, der Regierung fräi Hand ze ginn an d'Erlaabnis ze ginn, hiren Deel vun der Finanzéierung vun der Kläranlag un der Musel ze garantéieren.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren a ginn och heimat den Accord vun der CSV-Fraktioun.

►►► **Plusieurs voix**.- Très bien!

►►► **M. le Président**.- Ech soen dem Här Rapporteur Sunnen Merci. Als éische Riedner ass den Här Carlo Wagner age-droen. Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

**Discussion générale**

►►► **M. Carlo Wagner (DP)**.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d'Alleréisch dem Rapporteur, dem honorabelen Här Sunnen, félicitéieren fir säin exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport. En huet dat mat deem - wat ech géif nennen - fir hien übleche Brio gemaach, an et huet ee richteg erausgespuert, dass e mat Stolz zënter kuerzem neie Miseler ass. Wëllkomm op der Musel, Här Rapporteur!

(Interruptions)

Den Här Rapporteur war esou prezis, dass ech wëll verzichten, hei op weider Detailer anzegoen, an och wëll Répetitiounen évitieren, well mer hei haut de Mëtteg

ënner Zäitdrock sinn, well awer och op där anerer Säit, muss ech soen, ganz vill Frënn douewen aus dem Norde mat Ongedold op hire Projet de loi waarden.

Ech wëll just awer dorun erënneren, dass mat deem heite Projet, wou mir als Demokratesch Partei terribel begrëissen, mir awer och bedauern, dass esou spéit komm ass an dass heimadde awer héchstens oder kaum een Dréttel vun der Musel sanéiert ass. Iwwert zwee Dréttel vun der Musel kennen nach keng Kläranlagen. Dat ass déi ganz ënnescht Musel. Mir an der Demokratescher Partei hoffen also, dass endlech och dee Projet géif sprochräif ginn, an dass dee kéint an der nächster Legislaturperiod esou schnell wéi méiglech duerch d'Chamber goen.

Dat gesot, wëllt selbstverständlech d'Demokratesch Partei hiren Accord zu deem ganz flotte Projet ginn.

Merci.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Ech soen dem Här Carlo Wagner Merci. Als nächste Riedner ass den Här Jos Scheuer agedroen. Här Scheuer, Dir hutt d'Wuert.

*(Brouhaha et interruptions)*

» **M. Jos Scheuer (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dann ass et elo esou wäit. Den Här Sunnen, den neie Miseler, kann net méi esou fëschen, wéi en dat fréier gemaach huet am lëfsten, wéi en am meeschte Fësch gefaangen huet, an do wou en am meeschte Fësch gefaangen huet, nämlech am dréiwe Waasser.

*(Brouhaha général)*

Wann een nämlech Fësch fänke wëllt, da geet ee sech dohinner setzen, wou d'Waasser am dréifsten ass, an dat ass do, wou d'Égouten erakommen.

Här Sunnen, Dir wësst dat. Dat ass elo eriwier a fënnef Joer, op d'mannst op der Uewermusel. Da musst Der lech technesch e bësse verbessern. Da fänkt Der vläicht uewen nach e Fësch.

Op jidde Fall ass elo...

» **M. Carlo Wagner (DP).** - Da wësse mer, firwat dass Dir geplënnert sidd!

» **M. Jos Scheuer (LSAP).** - Op jidde Fall gétt elo d'Uewermusel sanéiert. Et bleift awer de Problem vun dem Rescht vun der Musel. Zwee Dréttel sinn nach net sanéiert heimadde.

Ech froen dann och den Här Minister, wéi et ass mat de Kläranlagen op der Ënnermusel, virun allem am Beräich vum Waasserbëlleg, Gréiwemaacher. Déi Kläranlag soll jo kommen an de Mäerterter Hafen um Territoire vun der Gréiwemaacher Gemeng op eng Plaz, wou een net esou glécklech ass doriwier, nämlech an eng Zone économique.

Et muss een, fir d'Wourecht ze soen, awer och feststellen, dass beim Plange vun de Kläranlagen ëmmer d'Wéngerte Prioritéit hate virun der Sanéierung vun der Musel. Dat ass esou. Egal wéi d'Qualitéit vum Wéngertareal war an ass, eng Kläranlag konnt net dohinner gebaut ginn. Elo si mer frou, dass trotz deem Mangel u Plaz, dee besteet, gebaut soll ginn op der Ënnermusel. Eng Fro: Huele mer och déi däitsch Säit mat? Et ass eng gutt Saach, dass mer Accordé fonnt hu mat eisen Noperen.

*(Brouhaha général)*

Domadder gi mer ganz ville Schwieregkeeten op der Lëtzebuurger Säit, och politesch Schwieregkeeten, aus de Féiss. Mir hunn dat fäerdeg bruecht fir d'éischt an de 70er Joren zu lechternach, fir en däitsch-lëtzebuergesch Syndikat ze maachen. Duerno ass et zu Rousport gemaach ginn. Duerno ass et zu Mompech gemaach ginn. Elo maache mer dat och op der Musel.

Vläicht komme mer derlaanscht, fir et op der Ënnermusel ze maachen.

*(Interruption)*

Mir hunn d'Karlsruher Accordé benotzt, fir op eng effikass Aart a Weis a séier kënne grenziwwerschreidend zesammenzeschaffen.

Ech wollt dann nach eng Fro stellen am Zesammenhang mat deser Kläranlag fir den Haff Réimech. Et ass evident, dass d'Spëtzenzäiten op der Musel an der Be- laaschtung vun der Kläranlag entstinn, wann déi héchste wirtschaftlech Aktivitéit op der Musel ass, an dat ass an deem Moment, wou d'Drauwe gelies ginn. Doraus ergi sech dann och Konsequenze fir d'Wënzerbetreiber, déi a bestëmmten Zäite jo ganz vill Waasser notzen. Déi do Kläranlag weist jo vum Konzept hier, dass derfir gesuergt gétt, dass eng Virklärung stattfënnt an deene berühmte Bassins de rétention. Ech ginn dovun aus, dass dat déiselwech sinn, déi op Däitsch RÜB heeschen.

D'Fro ass: Wat fir eng Konsequenze huet dat fir d'Wënzerbetreiber? Dat ass jo am Virfeld och vill diskutéiert ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, dat hei ass e Projet, op deen hu mer während Joren an, ech géif soen, während Jorzéngte gewaart. Dat ass eng gutt Saach. Dat ass den Ufank, dass ass wierklech den Ufank fir ee Schwaachpunkt am Lëtzebuurger Ökosystem ze behiewen. Et ass schon e bëssen esou, mir hunn eis misse schummen, am Verhältnis souguer zu de Fransosen an och am Verhältnis zu den Däitschen.

Ech wënschen dem Här Sunnen dann och Chance, wann en elo probéiert, a méi propperem Waasser e Fësch ze fänken. Ech hoffen, dass d'Musel dann iwwert déi ganz Lëtzebuurger Streck och méi propper gétt.

Här Goerens, wann de President et erlaabt.

» **M. Charles Goerens (DP).** - Ech wollt froen, ob den Här Steinbrück sech och finanziell mat doru bedeelegt.

» **M. Jos Scheuer (LSAP).** - Ech weess net. Ech weess net, ob et den Här Steinbrück ass, deen sech bedeelegt. Ech mengen, et ass deen net. Ech mengen net.

*(Hilarité)*

Ech mengen net. Ech mengen, et ass d'Land...

*(Interruptions)*

Ech mengen, et ass d' Saarland, wat mat dora klëmmt. D' Saarland, awer net den Här Steinbrück.

*(Interruptions)*

» **M. le Président.** - Ech soen dem Här Scheuer Merci. Als nächste Riedner ass den Här Kox agedroen. Här Kox, Dir hutt d'Wuert.

» **Une voix.** - Ass dat e Sozialist?

» **M. Henri Kox (DÉI GRÉNG).** - Jo, ech wollt mech awer och elo de Mëtteg hei kuerz halen. Ech kéint jo laang a wäit a breet iwwert déi Kläranlag hei diskutéieren. Ech wëll awer fir d'éischt dem Rapporteur villmools Merci soe fir deen exzellente Rapport, souwuel schrëftlech wéi mëndlech.

Ech wëll awer zwee, dräi Detailler nach weiderginn hei zu där Kläranlag. Et ass vir- dru gesot ginn, si géif eréischt a fënnef Joer a Betrib goen. D'Gemengen hunn effektiv hei schon e bësse virgeschafft. Et ass net méi spéit wéi am Hierscht, wou des Kläranlag schon a Betrib geet. Duerfir war d'Urgence aus Gemengesiicht ganz grouss, well d'Gemengen eng ganz Rei finanziell Virleeschunge gemaach hunn. Net méi wéi siwe Milliounen huet d'Gemeng Réimech elo méttlerweil fir déi Kläranlag vir- finanzéiert.

Duerfir sinn ech frou am Numm vun deenen dräi Gemenge Schengen, Wellesteen a Réimech, dass d'Gesetz elo nach hei an deser Legislaturperiod ka gestëmmt ginn.

Virduer ass gesot ginn, ob den Här Steinbrück dann och sech géif bedeelegen. Dat ass net den Här Steinbrück, mä et ass den EVS, dat ass den Entsorgungsverein aus dem Saarland, an dee bedeelegt sech natierlech un der Kläranlag à raison vun hirer Part vu 40%. Dat sinn am ganze fënnef Milliounen.

Duerfir, ech maachen et kuerz, ech soen lech villmools Merci fir d'Ënnerstëtzung vun der Kläranlag. An net méi spéit wéi d'nächst Joer kënne mer dann erëm drasprangen.

Merci.

» **M. le Président.** - Ech soen dem Här Kox Merci. Ech hat zwar elo nach hei als Riedner den Här Robert Mehlen agedroen, mä vu dass den Här Mehlen net do ass, géif ech direkt d'Wuert ginn un den Innenminister, den Här Jean-Marie Halsdorf.

*(Brouhaha général)*

» **M. Jean-Marie Halsdorf, Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du**

*Territoire.* - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, nun, well d'Chamber esou schnell an deem Fall geschafft huet, war et méiglech, dass de Fred Sunnen haut da konnt seng zweetlescht Ried hei als Rapporteur vun deem Projet de loi halen.

*(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)*

Dat ass och an deem Sënn remarquabel, well hien och derbäi war, wéi d'Grond- steeleung zu Pärrel war. Hien huet do also am Fong geholl scho verstanen, dass hien also sollt dese Projet zu Enn féieren. E Projet, deen u sech a mengen Aen iergend- wéi - géif ech soen - e Meilesteen ass hei an der Ofwaasserpolitik hei zu Lëtzebuerg.

Iwwerhaupt géif ech mer erlaben, ze soen, der Ofwaasserpolitik hei zu Lëtzebuerg steet d'Zuel néng gutt, well 1999 huet d'Regierung décidéiert am Kader vum Budgets- gesetz, fir de Gemengen 90% bäzeginn, wa se Kläranlage bauen, well mer wierklech e grouse Retard haten an deem Beräich am Kader vun der Europäescher Unioun.

An elo, zéng Joer méi spéit, nees eng kéier am Joer 2009, bréngt mer et fäerdeg, mengen ech, nach d'Joer, dass d'Musel definitiv an de Kläranlagenzäitalter erakënn.

Et ass esou, dass dese Projet jo vun 43,25 Milliounen d'Ënnermusel soll da klären. Vum Projet vun der Uewermusel, deen de Jos Scheuer ugeschwat huet, do kann ech him och matdeelen, dass mer do esou wäit sinn, dass des Woch en Dënschdeg e Comité d'accompagnement war, dass de Projet elo all intern Instanzen duerchgaangen ass, dass e mat gréisster Wahrscheinlechkeet am nächste Regierungsrot muer an aacht Deeg, also de 15. Mee, wäert ugeholl ginn, an da kann en och an der Chamber dépo- séiert ginn.

Ech ginn dovun aus, dass en an der nächster Legislaturperiod, dat wär jo dann am Hierscht, scho ka gestëmmt ginn. Sou dass wierklech am Joer 2009 mer et fäerdeg bruecht hunn, wierklech op der Musel net nëmmer no der Kanalisatioun dann och d'Kläranlagenzäitalter alauden ze loossen. Dat ass eng Geschicht, déi, ech fannen, ee soll ervirsträchen. An dat weist och, dass d'Iddi, fir am Joer 2004 eng Waasserwirtschaftsverwaltung an d'Liewen ze ruffen, Friichte bruecht huet.

Ech hunn och nokucke gelooss, wéi et mat den Investissementen gaangen ass am Ofwaasserberäich. Ech soen lech, dass an deser Legislaturperiod, also vun 2004 bis 2009, am Ganzen 218,27 Milliounen Euro am Ofwaasserberäich iwwer e Fong bezuelt gi sinn. Dat ass en décke Batz Suen, an et wäerten der nach vill mussen investéiert ginn, wa mer eis wëllen en phase bréngt mat der Waasserrahmenrichtlinie, déi jo virgesäit fir 2050, ekologesch a chemesch propper Gewässer ze kréien.

Just fir ze vergläichen: An där Period virduer, zwëschent 2004 an 1999, do goufen 117,27 Milliounen investéiert, an an der Period vun 1994 bis 1999 87,58 Mil- liounen. Wann ech dat also da kucken, da stellen ech fest, dass an deenen zéng Joer, ier mer d'Verwaltung haten, 204 Milliounen investéiert goufen. Säit mer d'Verwaltung hunn, goufen 218 Milliounen investéiert, wat kloer beweist, dass mer zu Lëtzebuerg amgaange sinn, am Waasserberäich, a besonnesch am Ofwaasserberäich, an eng modern Waasserpolitik mat enger biolo- gescher Klärung, dass mer do wierklech - wéi géif ech soen? - am 21. Jorhonnert ukomm sinn.

Mir wäerten och an Zukunft mussen weider investéieren. Déi Investissementer sinn och gutt an deser Zäit, well och de Waasser- beräich bréngt eppes am Fong geholl fir d'Relance économique an dese schwie- regen Zäiten, well meeschtens kënnen och Lëtzebuurger lokal Betreiber eng Hand mat upaken, wann investéiert gétt am Of- waasserberäich. Dat hunn ech an de leschten Deeg op e puer Plazen hei am Land erlieft, wou Kläranlagen ageweit si gi respektiv RÜBen ageweit gi sinn an esou weider. Dat heescht, am Ofwaasserberäich gétt vill Geld vun de Gemengepappen an - matten investéiert, wat ee soll ervir- strächen a wat och da sécherlech dozou féiere wäert, dass den Effet crise sech am Fong geholl da manner bemierkbar mécht.

Ech hu gesot, dass mer nach vill Sue mussen an den nächste Joren investéieren - iwwer 500 Milliounen Euro. Déi kënnen net eleng mat budgetäre Mëttele bruecht ginn. Do wäert och mussen gekuckt ginn, am Fong geholl aner Modellen, auslännesch Mo- dellene zu Lëtzebuerg ëmzesetzen. Do stellen ech mer vir, dass an deenen nächste Joren och Gelder mussen fléissen, an der Zesummenaarbecht, géif ech soen, mat der BEI, fir an deem Beräich hei ze finan- zieren.

Dat gesot, géif ech mer wënschen, dass och an den nächste Jore weider massiv vun de Gemengen investéiert gétt. D'Gemenge behale laut niem Waassergesetz nach ëmmer de Lead, a besonnesch d'Gemen- gesyndikater. Déi meescht vun hinne, déi grouss - SIDEN zum Beispill, oder SIDERO -, déi gétt et elo säit 15 Joer, an ech wëll dovou profitéieren, all deene Leit, déi am Waasser- beräich eng Hand mat upaken, Merci ze soe fir den Asaz am Interessi vu proppere Gewässer hei zu Lëtzebuerg.

Merci fir Är Opmierksamkeet.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmme elo iwwert dese Projet of.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

Vote par procuration. De Vote ass of- geschloss.

De Projet de loi 5953 ass eestëmmeg mat 59 Jo-Stëmme ugeholl.

*Ont voté oui:* Mmes Sylvie Andrigh-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

*MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Roger Negri), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;*

*MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger, Alexandre Krieps (par M. Carlo Wagner), Claude Meisch (par M. Xavier Bettel) et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam (par Mme Viviane Loschetter), François Bausch, Félix Braz (par M. Henri Kox), Camille Gira, Jean Huss (par M. François Bausch), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Jacques-Yves Henckes).*

Gétt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

*(Assentiment)*

Dann ass et esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, den nächste Punkt op eisem Ordre du jour ass de Projet de loi iwwert d'Fusioun vun de Gemenge Clief, Heiscent a Munzen.

» **Plusieurs voix.** - Hengescht!

» **M. le Président.** - Clief, Hengescht a Munzen. Den honorabelen Här Marco Schank ass hei de Rapporteur an huet elo d'Wuert.

Neen, Heiscent huele mer do net mat derbäi.

**6. 5994 - Projet de loi portant fusion des communes de Clervaux, de Heinerscheid et de Munshausen**

**Rapport de la Commission des Affaires intérieures et de l'Aménagement du Territoire**

» **M. Marco Schank (CSV), rapporteur.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dee Projet de loi, dee mer haut virleien hunn hei an der Chamber, ass dee vun der Fusioun vun dräi ländleche Gemengen aus dem héijen Norden, notamment Clief, Hengescht a Munzen. Déi Zesummeleung vun deenen dräi Gemenge geschitt och am Kontext vum Artikel 2 vun der Verfassung respektiv vum Artikel 2 vum Gemenge- gesetz a féiert dann zur Schafung vun enger neier Gemeng, enger Gemeng, déi wäert den Numm Clief droen, an enger Gemeng, déi wäert iwwer 4.000 Awunner hunn. Op den Dag prezis haut hunn déi dräi Gemenge 4.229 Awunnerinnen an Awunner.

An deem Sënn huet den Innenminister dee virleien Text och de 17. Februar 2009 an der Chamber déposéiert. De Statsrot huet säin Avis den 21. Abrëll d'Joer ginn, an en Dag méi spéit an eiser Kommissiouns-

sitzung vun den Affaires intérieures ass de Rapporteur bestëmt ginn. An därselewechter Sëtzung hu mer och den Avis vum Statsrot analyséiert. De Rapport ass den 28. Abrëll 2009 ugeholl ginn.

Déi geplangte Fusioon ass, Dir Dammen an Dir Hären, net de Produit vun engem Zoufall, mä d'Resultat vu laanger Zesummenaarbecht vun deenen dräi Gemengen. Déi dräi Gemenge Clierf, Hengescht a Munzen hu schonn 1990 e Gemengesyndikat kreéiert, fir eng gemeinsam Schoul an e Sportszentrum ze bauen an duerno och ze bedriewen. Déi positiv Erfahrung während deene ville Joren hunn am Fong dozou gefouert, dass se schonn am Joer 2002 vis-à-vis vum Innenminister, deemools dem Här Wolter, fir eng méi enk Zesummenaarbecht sech staarkgemaach hunn, an déi gestärkte Kollaboratioun huet dann och schliesslech e puer Joer méi spët dozou gefouert, dass déi dräi Schäfferéit 2006, de 4. Mee, dem Innenminister e Bréif gemaach hunn, an deem si hir Absicht daitleech gemaach hunn, fir ze fusionéieren.

Doropshi gouf zesumme mam Innenminister en Investitiounsprogramm op d'Bee gesat, deem an Kader vun der Fusioon soll ëmgesat ginn. Dernoewent, wéi dat üblich ass, gouf och en Informatiounsdokument fir hir Biergerinnen a Bierger erstallt, wou dann och de Fusionsprojet virgestallt gouf. Deseen ass de 25. September 2008 während enger öffentlecher Sitzung den Awunnerinnen an Awunner aus deenen dräi Gemengen am Detail presentéiert ginn, an dat och a Präsenz vum Innenminister, deem d'Ënnerstützung vun der Regierung an deem Fall deen Dag och zougesot huet.

Gemeiss dem Artikel 5 vun der Europäescher Charta iwwert déi lokal Autonomie aus dem Joer 1985 hunn déi dräi Gemengen dann och den 12. Oktober 2008 e Referendum organiséiert, an dee Referendum ass och zugonschte vun där Fusioon ausgaangen.

D'Gemengeréit vu Clierf, Hengescht a Munzen hunn duerno op Basis vun deem positive Referendum sech definitiv fir déi geplangte Fusioon ausgeschwat an Enn 2008 enger Konventioun zougestëmmt, fir d'Fusioon kënnen definitiv ëmzesetzen.

Déi Konventioun gouf schliesslech vun de concernéierte Regierungsmemberen de 16. Januar 2009 ënnerschriwwen. Domadder ass de Wee fréi ginn, fir d'Fusioon a Form vun engem Gesetzesprojet an d'Chamber ze bréngen, ee Projet, dee mer dann och haut debattéieren an ofstëmmen.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, erlaabt mer, no deem Historique vläicht just kuerz e puer Inhalter zu där Fusioon virzestellen. De Projet de loi preziséiert, wat déi wesentlech Detailer sinn, zum Beispill de Montant vum finanzielle Bäitrag vun dem Stat. E setzt d'Infrastrukturprojete fest, déi prioritär sollen ëmgesat ginn. E regelt d'Situatioun vun den Offices sociaux, bestëmmt d'Zesummesetzung vun de Schäffen- a Gemengeréit während enger Iwwergangsphas, an deem Fall vun zwou Amtszäite bis 2023, an enthält och Bestëmmungen iwwert d'Rechter vum Gemeengepersonal vun deenen dräi Gemengen.

Wat d'Zesummesetzung vun de Gemengenorganer ueegt, gouf festgehale, dass deen neie Schäfferot no de Gemengewahle vum 9. Oktober 2011 während zwou Amtszäite ee Buergermeeschter an dräi Schäffe wäert zielen. D'Fusioon vun deenen dräi Gemenge wäert dann och duerno, no deene Wahlen, rechtsgültig ginn, also dann, wann deen neie Gemengerot Enn 2011 zesumme-kënnt, den 1. Januar 2012.

D'Zuel vun de Schäffe wäert no der integraler Neiwei vum de Gemengeréit am Joer 2023 da vun dräi erëm op zwee erofgoen. Virdrun zielt de Gemengerot iwwregens 13 Vertriederinnen a Vertrieeder, notament fënnef aus der fréierer Gemeng Clierf, véier aus der fréierer Gemeng Munzen a véier aus der fréierer Gemeng Hengescht. An no de Wahlen vun 2023 gëtt dann och d'Zuel vun de Conseillere gemäss dem Gemengesetz ugepasst.

De Stat ënnerstützt dese Mariage, wann ech dat emol esou dierf nennen, esou wäit dat och fir aner Fusione bis elo de Fall war, mat 2.500 Euro pro Awunner. Dës Zomm gëtt dann an Tranché verséiert, an zwar vum 1. Januar 2012 un iwwer eng Lafzäit vun zéng Joer. Do kënnen och Avancé bezuelt gi vun deem Moment un, wou dese Projet de loi en vigueur trëtt.

Wéi ech schonn erwähnt hunn, enthält dee Projet de loi och eng Partie Infrastrukturaarbechten, déi prioritär realiséiert ginn. Ech ziele se kuerz op: de Bau vun enger Maison relais niest dem Schoulzentrum zu Reiler, de Bau vun enger Hal fir déi technesch Gemeengeservicer, d'Astand-

setzung vum Drénkwaasserréseu, d'Reno-véiere vun de Kläranlage vun Ischpelt, Wäicherdang, Meecher, Rueder a Clierf, de Bau vun engem Indoor-Fräizäitzentrum an d'Aménagéiere vun enger regionaler Aktivitéitszon.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt nach eemol drop insistéieren, dass déi geplangte Fusioon téschent deenen dräi Gemengen en exzellent Beispill ass fir eng fräiwëlleg Fusioon, well des Fusioon vun de Gemengeréit initiéiert gouf an och de Gros vun der Bevëlkerung hanner sech huet, wéi de positive Referendum vum leschte Joer dat daitleech weist. Domat ass des Fusioon och absolut an der Grondphilosophie vun der Spezialkommissioun, vum Rapport vun der Kommissioun fir d'territorial Reorganisatioun vun Lëtzebuerg, déi sech an hirem Rapport den 19. Juni 2008 staarkgemaach huet fir eng méi staark Zesummenaarbecht téschent de Gemengen, dat Ganzt op fräiwëlleger Basis.

Et sief och op dese Plaz drun erënnert, dass d'Spezialkommissioun an hirem Rapport, deem iwwregens ouni Géigestëmm deemools ugeholl gouf, gesot huet, dass d'Fusioon téschent de Gemengen explizit vun der Regierung ënnerstützt an encadréiert gëtt, fir dass eist Land an der Zukunft Gemenge kritt, déi déi noutwendig kritesch Mass och hunn, fir capabel ze sinn, hire Biergerinnen a Bierger déiselwecht Déngschtleeschungen ze offréieren an effikass administrativ, technesch, schoulesch, sozial Déngschtleeschungen unzëbiden.

D'Zil vun där Réforme territoriale, loosst mech dee Saz nach soen, ass eigentlech, dass mer am 21. Jorhonnert no an no Gemenge kréien, déi kloer Missiounen a Kompetenzen hunn, méi revendicativ sinn, méi effizient kënnen schaffen, mat méi Subsidiaritéit, dat Ganzt begleet vun enger Reform vun de Gemengefinanzen.

Fir méi Gemengen zu enger fräiwëlleger Fusioon ze encouragéieren, huet den Innenminister dann och téschent Januar a März 2009, zesumme mam President vum Syvicol, en Tierchen duerch d'Land gemaach, an des Démarche hat als Zil, zesumme mat de Gemengevertriederinnen an -vertreeder och déi grouss Linne vun der territorialer Reorganisatioun ze diskutéieren an hinnen déi proposéiert Gemengeland-schaft virzestellen. Zënterhier sinn et och schonn eng Partie Gespréicher ginn, wat ee regelméisseg och aus Artikel vu Rapporte vu Gemengerotssëtzungen kann erausliesen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Fusioon vun de Gemenge Clierf, Hengescht a Munzen gëtt och vum Statsrot a sengem Avis vum 21. Abrëll 2009 positiv aviséiert. Den entspreche Report gouf vun der Kommissioun vun den Affaires Intérieures an der Sëtzung vum 22. Abrëll ugeholl, an domat steet de Projet haut zur Debatt respektiv zur Zoustëmmung. Am Enn wollt ech nach am Numm vun der Kommissioun deenen dräi Gemenge fir hir Fusionsinitiativ félicitéieren, a gläichzäiteg meng Kolleeginnen a Kolleege bidden, dessem Projet zougestëmme.

Ech soen lech Merci.

»»» **Plusieurs voix.** - Très bien!

»»» **M. le Président.** - Merci, Här Rapporteur. Den honorabelen Här Etgen ass den éischten ageschriwwene Riedner. Pardon? Neen, neen, den Här Kaes. Den Här Kaes ass fir d'éischt ageschriwwen. Leider figuréiert Dir net op der Lëscht hei, mä d'CSV ass ëmmer als éischte Riedner.

(Interruptions et hilarité)

**Discussion générale**

»»» **M. Ali Kaes (CSV).** - Ech géif dat emol relativ roueg ugoen.

(Interruption)

»»» **M. le Président.** - Richtig, Här Kaes.

»»» **M. Ali Kaes (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer gläich am Ufank dem Kolleeg Marco Schank villmools Merci ze soe fir deen detailléierten an och interessante mëndlechen a schrëftleche Rapport. Da wëll ech dat, wat hien zum Schluss gemaach huet, direkt och am Ufank maachen an deenen dräi Gemengen an alle Vertrieeder, déi mer jo ganz zäihlech um Balkon hunn, félicitéiere fir dee Courage, an déi do Richtung ze goen.

Ech mengen et ass ganz wichteg, dass alle-gueren d'Gemengen, déi wierklech eng Zuel vun Awunner hunn, déi méi modeste ass, driwwer nodenken, fir an déi do Richtung ze goen an domadder a sech eng aner an eng besser Situatioun kréien, fir op d'Wënsch vun hire Bierger an op d'Aufgaben, déi se hunn, an Zukunft besser kënnen ze reagieren.

Ech muss soen, ech war derbäi, wéi am Joer 2000 den deemolegen Innenminister Michel Wolter an den Norde komm ass, a besonnesch an d'Regioun vun der Our, fir de Gemengen ze soen, dass et un der Zäit wier, grad an där Regioun. Hie wollt déi Regioun e wéineg als Pilotprojet huelen, fir ze soen, dass ee misst ëmdenken, dass ee misst eng bestëmmte Reorganisatioun maachen an der Gemengeland-schaft, fir kënnen, wéi gesot, Gemengen ze schafen, déi dach awer en anere Stellewäert hätten, wéi dat Gemengen hunn, déi 200, 300 a 400 oder 800 Awunner hunn.

De Michel Wolter huet deemools eng Ausso gemaach, déi ech hei wëll widderhuelen. Hien huet gesot: „Hei, kuckt emol, Dir zesummen an der Regioun stellt awunnerméisseg manner duer wéi d' Stad Diddeleng. Wann Dir gären hätt, dass Dir besser gerüst sidd, fir all deene Problemer, déi an Zukunft op lech zoukommen, ze begéinen, a wann Dir gäre besser Geheier fannt op all deene Plazen, déi dofir néideg sinn, da musst Dir lech reorganiséieren an da musst Dir lech aneschtens an der Regioun organiséieren.“

Deemools war relativ wéineg Resonanz, mä et waren effektiv zwou Gemengen, déi de Courage haten, an déi Richtung ze goen an déi direkt beim Michel Wolter - dat heescht, wou de Michel Wolter net op daf Ouere gestouss ass. Dat waren deemools d'Gemenge Furen a Baastenduerf, wat jo och no 2000...

(Interruption)

Jo, et waren déi nun eben, déi de Courage fir d'éischt haten, an déi Richtung ze goen.

»»» **M. Xavier Bettel (DP).** - Wéi ass et mat Bettel?

»»» **M. le Président.** - Ech géif lech awer bidden, hei den Här Kaes seng Ausféierungen an aller Rou maachen ze loosse, Här Bettel!

»»» **M. Ali Kaes (CSV).** - Iwwregens, esou eng Uertschaft hu mer och an där Gemeng.

Et ass also esou, dass dat déi éischt Fusioon war no 2000, an eng nächst war geschwënn hannendrun, dat war déi vu Kautebaach a Wëlwerwolz, déi sech zur Gemeng Kiischpelt zesummedoen hunn. An domadder war a sech emol erëm e bësse Rou an deem Dossier.

Virun allem ass et esou gewiescht, an dat kann ech mech ganz gutt erënnere, dass och a Réunioun vum Syvicol - an ech war do an enger derbäi, wou ganz negativ iwwert d'Fusione geschwat ginn ass -, wou zum Beispill e Buergermeeschter vun enger Gemeng, déi gutt 200 Awunner huet, déi awer haut amgaangen ass, ganz konkret doriwier ze diskutéieren, mat zwou aneren ze fusionéieren, gesot huet, hie mat senger Gréisst kënnt am beschte senge Bierger optimal Servicer leeschten.

Bon, den deemolege Minister Michel Wolter huet sech och net bëire gelooss an ass weidergefuert mat Diskussiounen an der Regioun, iwwert d'Regioun eraus, mä war zum Beispill och de 5. Mee an der Stausee-gemeng zesumme mat Wanseler a Bauschelt, fir och mat deenen dräi Gemengen doriwier ze schwätzen. Hien hat deemools och scho Gespréicher mat deenen dräi Gemengen, wéi gesot, wou mer haut iwwert d'Fusioon wäerten ofstëmmen. Deemools waren d'Diskussiounen méi schwierig. Duerfir ass et ëmsou erferelecher, dass mer haut kënnen iwwert déi Fusioon ofstëmmen.

Mä et ass awer ganz kloer esou, dass deeselwechte Michel Wolter, deem deemools, wéi gesot, als Minister déi ganz Saach initiéiert huet, u sech d'Diskussioun iwwer Fusione wierklech op den Dësch bruecht huet, an et war a sech esou, dass hien a senger Funktioun als Parlamentarier an als President vun der Commission du réaménagement du territoire dann awer och eng entscheidend Roll gespillt huet, fir dann awer och haut weider un där ganzer Diskussioun vun der Reorganisatioun vun der Gemengeland-schaft mat ze diskutéieren.

Ech wëll...

»»» **M. Charles Goerens (DP).** - Et ass en nohaltege Minister, den Här Wolter.

»»» **M. Ali Kaes (CSV).** - Ech wëll duerfir soen, dass awer och deen heitege Minister, den Här Jean-Marie Halsdorf, dat ganzt Wierk weidergefuert huet, fir et emol esou ze soen. Hien hat zwar eppes versicht, wou ech mengen - an dat soen ech a mengem perséinlechen Numm -, dass et gutt ass, dass dat awer vum Dësch ass, dass ass déi sougenannte Communauté des communes.

Ech perséinlech sinn der Meenung, et soll ee keng hallef Saache maachen, et soll een Neel mat Käpp maachen. An Neel mat

Käpp ass fir mech, dass een eng Fusioon mécht an net nach Tëschenetappen aschalt, wéi dat an der Vergaangenheet am Kader och vun enger ganzer Rei vu Syndikater de Fall war, déi zustane komm sinn, well vläicht och de Courage net do war, fir a Richtung Fusioon ze goen.

Ech mengen, de Rapporteur huet scho vir-drü gesot, dass en Tour duerch d'Land gemaach ginn ass, fir mat de Gemengen ze schwätzen, an den Här Minister huet ëmmer erëm gesot: „Mä Message ass op positiv Ouere gestouss.“ An dass dat de Fall ass, mengen ech, gesäit ee schonn eleng dorun, dass et mëttlerweil, nodeem dass déi negativ Diskussioun op eemol verstormt ass an eng positiv Diskussioun komm ass, esou ass, dass an allen Ecken iwwer Fusione geschwat gëtt.

Wéi gesot, hei ass déi drëtt, déi elo konkret gëtt. Et ginn Diskussiounen iwwer Housen, Konstern an Houschent gefouert. Et ginn Diskussiounen, wéi gesot, iwwer Heischent, Néngsen an Esch/Sauer gefouert, an ech kéint esou weiderfuere. Et ginn Diskussiounen zu Miedernach mat lermstred gefouert. Et waren elo déi lescht Deeg nach anerer, positiv Diskussiounen, déi an Zeitungen ze fanne waren. Dat beweist, dass eng bestëmmten Opbrochstëmmung do ass, fir wierklech an déi Richtung ze goen a fir wierklech, wéi gesot, do Neel mat Käpp ze maachen.

Wéi ech deemools hei zur Fusioon Tandell geschwat hunn, do hunn ech gesot: „Fir mech ass et kloer, wann een et net selwer fäerdeg bréngt, seng Schoulorganisatioun an alles dat, wat domadder zesummenhänkt, a senger eegener Gemeng ze organiséieren, a wann een dofir d'Zesummenaarbecht mat anere Gemenge brauch, dann ass een a mengen Ae ganz kloer ze kleng, fir als eegestänneg Gemeng ze fonctionnéieren, an dann ass dat en Zeechen, dass ee muss iwwer eng aner Form nodenken.“

Ech wëll och ganz kloer soen, dass esou eng Fusioon engem einfach aner Méiglechkeete gëtt, säi ganzen administrativen an technesch Apparat aneschtens ze organiséieren, besser ze organiséieren, mat anere Qualifikatiounen, esou dass een op all déi zousätzlech Froen, déi op eng Gemeng haut zoukommen, an all déi zousätzlech Aufgaben, déi eng Gemeng huet, besser a méi effikass ka reagieren.

Ech wëll och ganz kloer soen, dass am Kader vun där Fusioon, wou mer haut ofstëmmen, d'Uertschaft Clierf mat Hengescht a Munzen, dass Clierf jo en CDA ass - en CDA, deem awer, well Clierf eben an deem Dall läit, vläicht net déiselwecht Méiglechkeeten huet, fir sech ze erweideren -, et also immens wichtig an immens gutt ass, dass doduerch, dass ee sech als dräi Gemengen zesummendeet an ee sech déi Situatioun schafft, dass d'Erweiterung an der Regioun, d'Erweiterung an der Gemeng ganz sécher méi einfach ass an och méi effikass ka geschéien.

A wann ee Clierf hëlt - Clierf, wou jo déci-deiert ass, a wat immens gutt ass, dass an deen Eck e Lycée kënnt -, da kritt Clierf eng weider Importenz, eng weider zousätzlech Importenz, wou och wäerten zousätzlech Leit an deen Eck kommen. Domadder brauch een also méi Terrain. Dofir brauch een eng Rei zousätzlech Méiglechkeeten, wou d'Leit sech kënnen néierloossen, an dat ass vill méi einfach ze gestalten, wann een dat an där neier Gréisst vu Gemeng ka maachen, wéi wa jiddwer eenzel vun deenen dräi Gemengen dat géif maachen.

Da wëll ech och soen, dass niewent deenen 2.500 Euro a sech déi dräi Gemengen och nach eng Kéier zousätzlech subventionéiert ginn iwwert de Pacte Logement. De Moment ass et esou, dass déi eng oder déi aner vun hinnen et net fäerdeg bréngt, dee Kritär ze erfëlle vu mindestens 30 zousätzlechen Awunner pro Joer, wat jo dozou féiert, dass een dann an deem Joer a sech vum Pacte Logement net ka profitéieren.

Wann déi dräi Gemenge sech zesummedoen, dann ass dat keen Thema. Da wäerte se och iwwert dee Wee ganz sécher zesumme vill méi finanziell Moyenen ebe vum Stat iwwert de Pacte Logement kréien, wéi dat de Fall wär, wa se géifen als dräi getrennte Gemenge fonctionnéieren.

Et kéint een elo nach vill Punkten opzielen an deem ganze Beräich, mä ech mengen, dat géif ze wäit féieren.

Erlaabt mer awer eppes ze soen, wat fir mech eppes ass, wat mer an Zukunft awer missten eng Kéier op de Leescht huelen: Dat ass a sech d'Gréisst. Dat si jo alles Gemengen, oder grad hei Clierf mat Hengescht, mat Munzen als Fusiounsgemeng, ass eng Gemeng, déi hanneno an de Proporzsystem kënnt. Dat heescht also, dass dann no Partei gewielt gëtt.

Et muss ee sech awer d'Fro stellen, ob dat eng Gréissenerdnung ass, wou et gutt ass, wann dat direkt a Proporzsystem iwwergeet, oder ob een net vläicht driwwer sollt nodenken, an enger éischer Phas, an enger Iwwergangsphas, dat am Majorzsystem ze loossen an zu engem spéideren Zäitpunkt eventuell an de Proporzsystem iwwerzegoen, oder dass ee carrément driwwer nodenkt, ob een net de Seuil eropsetzt an eventuell op e Seuil téschent wéinstens 5.000 a 6.000 Habitantë geet, Bierger geet, ier ee wierklech an de Proporzsystem fällt.

Well et ass net evident, wann ee jorzéngtelaang am Majorzsystem war, a wann dann all déi zousätzlech Erausforderungen op een zoukommen als Fusiounsgemeng, wann een dann och nach gläichzäitig de Wahlsystem an deem Sënn ännert, da muss dat net onbedéngt positiv sinn. Duerfir ass et vläicht awer derwäert, fir iwwert dee Punkt nach eng Kéier nozedenken, wéi een dat an Zukunft vläicht aneschters kéint handhaben.

Dat gesot, kommen ech zum Schluss.

►► **Plusieurs voix.** - Aaahhh!

►► **M. Ali Kaes (CSV).** - Ech wëll nach eng Kéier de Responsabele vun deenen dräi Gemenge mat un der Spëtzt hiren dräi Buergermeeschteren, dem Yves Arend, dem Emile Eicher an dem Raymond Thielen, félicitéiere fir hire Courage an hinnen „bonne chance“ fir d'Zukunft wënschen. Ech géif dann och den Accord vun der CSV-Fraktioun ginn.

Merci.

►► **Plusieurs voix.** - Très bien!

►► **M. le Président.** - Merci, Här Kaes. Et ass elo um honorabelen Här Fernand Etgen.

►► **M. Fernand Etgen (DP).** - Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, déi fräiwëlleg Fusioun vun de Gemenge Clierf, Hengescht a Munzen huet hiren Ursprung 1990 fonnt mat der Grënnung vum interkommunale Schoulsyndikat fir de Bau an d'Verwaltung vun der regionaler Primärschoul zu Reiler. Si ass also d'Resultat vun enger bal 20-jähriger enker Kooperatioun, ass och net vun haut op muer geschitt, eng laang Concertatioun, e geziilt Zesummeschaffen, eng notzbréngend Partnerschaft an deene verschidenste Gebidder, esou zum Beispill och am interkommunale Syndikat SICLER, am Naturpark Our an esou weider, wou déi dräi Gemengen déiselwecht Interesse vertrueden hunn.

De Wee, deen zu dëser Fusioun gefouert huet, déi staark Akzeptanz an der Bevölkerung, weist eis, dass Fusiounen net därferen opgezwoenge ginn, mä dass se mussen an de Käpp vun de Leit wuessen. Léiwer eng fräiwëlleg Fusioun mat enger Wahléchéance méi spéit, wéi onzufrieden, ondécidéiert Partner mat Zwang beieneebrenge.

Dës Fusioun weist eis awer och, dass et falsch ass, fir deene kleng Gemengen de Geldkrunn zouzedréinen a se esou ze forcéieren ze fusionéieren. An der DP hale mir et mam Bibelsproch: „Deine guten Taten sollen freiwillig und nicht erzwungen sein.“

(Interruptions diverses)

D'DP seet jo zu fräiwëllege Fusiounen a begréisst duerfir ausdrécklech dës Fusioun.

(Coups de cloche de la Présidence)

Wat hei gefält, ass, dass d'Gemengen onni Zwang, onni Drock, fräiwëlleg a voller Iwwerzeegung dës Fusioun op d'Schinne gesat hunn a selwer d'Richtung, den Tempo an d'Zil virginn hunn.

Mat der respektive Buergermeeschteren, Schaffen a Conseilleren, besonnesch awer

mat där respektable Majoritéit vun der Populatioun vun deenen dräi Gemengen, déi am Referendum „Jo“ zu dëser Fusioun gesot hunn, freeën ech mech mat hinnen, dass si dës Schrott gemaach hunn.

Ech wëll alle Bedeelegten ausdrécklech félicitéiere fir déi flott Manéier, wéi si de laange Wee zesumme gaange sinn. Erlaabt mer besonnesch den engagierten Engagement vun alle Schoulsyndikatspresidenten a Syndikatsmembre, awer och allen aneren interkommunale Syndikatsmembre besonnesch ervirzehiewen. Si konnten an all deene Joren, wou se gutt Aarbecht geleescht hunn, net vun engem Congé politice profitéieren.

Och déi respektiv Gemengemandatairen hu während zwee Jorzéngte vill Fräizäit a Kooperatiounsbestriewungen investéiert. Hir exzellente Pionéierarbeit weist eis awer och, dass et een absolut politesch falscht Signal wär, déi kleng Gemenge bei der Upassung vum Congé politique regelrecht am Ree stoen ze loossen. Ungezielt bleiwe se, déi vill Stonnen, déi an de Fusiounsprozess investéiert goufen.

Et ass och net de Mérite vun e puer Einzelnen; et ass de Verdéngscht vu schrecklech villen Intervenanten. Och dat därefer mer haut net vergiessen. Och dass soll eis eng Léier si fir all déi Fusiounen, déi mer nach virun eis hunn.

Mat enger gewëssener Satisfaktioun stelle mer fest, dass et nawell vill a richtig verstanene Bénévolut am Gemengeliewe gëtt. Mat därseiwelcher Satisfaktioun wëll ech ausdrécklech begrëissen, dass vill vun deenen Intervenanten drop gehalen hunn, dës Debatt live bäizewunnen.

Här President, dës Fusioun ass awer nach keen Happyend. All Bedeelegt hunn Erwaardungen, Wënsch an Uspréich, déi elo mussen erfüllt ginn. An hei wëll ech deenen dräi Schäfferéit ausdrécklech félicitéiere fir déi flott Broschür, déi seerausginn hunn. Dës Broschür ass gläichermoosse Bestandsopnahme, Informatioun, Fuederkatalog, Ausbléck, jo souguer Visioun an d'Zukunft. An heibäi leien d'Erwaardungen net nëmmen op de Gemengenattributiounen.

Den Investitiounsprogramm begräift och Projeten, déi staatlechsaits musse realiséiert ginn. Et sinn dës Projeten, déi vun vitaler Bedeitung fir déi nei fusionéiert Gemeng sinn. Erlaabt mer de Clierfer Lycée, d'Émgehungsstrooss vun Hengescht an d'Verbinding téschent der N7 an der N18 ze zitéieren.

Och staatlech Investitiounen an d'Tourismusbranche vun där fusionéierter Gemeng si fir déi nei fusionéiert Gemeng vu grousser Bedeitung, fir hir Roll als uspriedenden a variéierten Tourismuszentrum wuerzehluelen. Mat deene bestehenden Attraktiounen wéi d'Expo Family of Man, d'Schlass, d'Abtei, d'Muséeën zu Clierf, den Domaine Robbesscheier zu Munzen, de Cornelyshaff zu Hengescht a villen aneren Atouten, den Dräilännereck mat enger eenzegaarterer Natur, huet dës Eck jo schon esou munches ze bidden.

Här President, dës Fusioun soll Clierf awer virun allem a senger Roll als CDA, als Centre de développement et d'attraction stäerken. Ouni Fusioun hätt déi al Gemeng Clierf net dat néidegt Réckgrat gehat, déi Uspréich, déi un dee regionalen Zentrum gestallt ginn, ze erfüllen, an dat an deene verschidenste Beräicher. An och hei ass et de Wonsch, dass déi Erwaardungen, déi un d'Regierung gestallt ginn, kënnen erfüllt ginn. Eng Fusioun ass net nëmmen d'Saach vum Innenminister, et ass d'Saach vun der ganzer Regierung.

Här President, dat Wichtigst am Stat sinn awer d'Gemengen. An dat Wichtigst an de Gemenge sinn d'Bierger. Bei enger Fusioun gëllt et virun allem dësen demokratesche Grondsatz ze verwierklechen. Eng staark Gemeng ass Garant fir e staarke Service public, fir gesteigert Liewensqualität, fir ekonomesche Wuesstem, fir Wuelstand. Wie Proximitéit zum Bierger a Subsidiaritéit eescht hëlt, muss d'Gemengeweise vun enne stäerken. De Service um Bierger ass ee Service de proximité a muss ee Service de proximité bleiwen. Et ass an dësem Sënn ze begrëissen, dass Antenne vun der Gemengeverwaltung an de fréiere Gemengenhaiser zu Hengescht an zu Munze bestoe bleiwen.

„Zesumme féieren, wat zesumme gehéiert“, war ee vu ville Leitspréich bei den Diskussiounen ëm eng Territoriale Reform. Ech meng fräi behaupten ze kënnen, dass d'Gemenge Clierf, Hengescht a Munzen zesummegehéieren. Dës Fusioun ass zënter Laangem, oder besser gesot zënter 1978 déi éischt, déi eng Rei kleng Gemengen an eng méttelgrouss zesummeféiert. Mat bal

4.300 Awunner erfüllt déi nei fusionéiert Gemeng nämlech d'Objektiv, wat sech vun enger Territoriale Reform erwaart gëtt.

Ausdrécklech begrëisse wëll ech och, dass an enger Iwwergangszäit vun zwielef Joer de Majorzwahlsystem bäibehale gëtt, an esou de schlächenden Demokratiedefizit, dee mer leider musse feststellen, net zousätzlech gefördert gëtt. Mat deene proposéierten Investitiounen gëtt déi nei Gemeng Clierf hirem Rôle als modernen an effikasse Serviceprovider gerecht, fir déi vun de Biergerinnen a Bierger professionell gefrote Leeschtunge beschtens ze erfüllen.

Mir bleift just nach de Wonsch auszudrücken, dass dës Fusioun de Bierger eng echt Plus-value soll bréngen. Ech sinn dovunner iwwerzeegt, well dank dichtegem Gemengepersonal wäert déi nei Gemeng à même sinn, gutt organiséiert a birgerfrëndlech orientéiert Servicer unzebidden.

Ofschléissend, Här President, wëll ech dem Rapporteur, dem Kolleeg Marco Schank, Merci soe fir säin exzellente schrëftlechen an och säin engagéierte mëndleche Rapport an den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet bréngen. Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

►► **Une voix.** - Très bien!

►► **M. le Président.** - Merci, Här Etgen. Den honorabelen Här Klein huet d'Wuert elo.

►► **M. Jean-Pierre Klein (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Merci dem Rapporteur Marco Schank fir säi Rapport, dee beschtens placéiert war, fir de Rapport hei ze maachen, well hie jo elo raimelech gesinn no bei deenen Operatiounen do war.

Dës Projete de loi gesäit d'Fusioun virun dräi Gemengen am ländleche Raum: Clierf, Hengescht a Munzen. Dräi Gemenge verschmelzen zu enger Gemeng, déi sech wäert Clierf nennen; den Numm vun där aktueller gréisster Gemeng, wat d'Awunnerzuel ubelaangt.

Mat dësem Eckwäerter vun der Awunnerzuel a vun der Fläche wäert déi nei Gemeng, wéi gesot, den Numm Clierf kréien. An déi nei Gemeng Clierf wäert der Virstellung vun der Landesplanung entsprechen. Si erreicht d'Masse critique vun 3.000 Awunner, déi an d'Previsioun vun der Réforme territoriale passt. D'Reorganisation territoriale, déi sech fir d'21. Jorhonnert staark Gemenge wënscht, besonnesch an dësen Zäiten.

D'Reorganisation territoriale gesäit vir, dass dem Bierger soll iwwerall am Land eng diversifizéiert a qualitativ héichwärtig Offer vun öffentleche Servicer ugebuede ginn. Do dernieft sollt hie kënnen drop zielen, dass dës Servicer op eng méiglechst effikass an effizient Aart a Weis organiséiert sinn.

Déi Gemenge sollten och e staarkt Gewicht duerstellen géigeniwwert dem Pouvoir central, fir de berechtigten Uspréich vun den Awunner gerecht ze ginn, also fir Gemengen ze schafen, déi hire Bierger eng optimal Liewensqualität amstand sinn ze bidden.

An de 70er Jore si véier Gemeengefusiounen realiséiert ginn, dovunner dräi am Norden an eng am Oste vun eisem Land. Du war et laang roueg ëm d'Fusioun, an an de Joren 2004 an 2005 hu mer weider zwee Fusiounsgesetze hei an der Chamber gestëmmt ënnert dem jëtzege Innenminister Jean-Marie Halsdorf, dee jo, säitdem den Här Innenminister Wolter net méi do ass, do d'Relève geholl huet an dee sech fir déi Fusiounen elo agesat huet.

►► **Une voix.** - Richtig, Här Klein.

(Interruption)

►► **M. Jean-Pierre Klein (LSAP).** - Elo am Norden eng weider Gemeengefusioun am ländleche Raum, déi konkret ass. An et sinn der nach an der Diskussioun.

Dës positiv Beispiller deiten drop hin, dass nach aner Gemengeresponsabel incitéiert ginn, fir iwwer hir Gemeengegrenzen eraus ze denken, am Sënn vun enger weiderer Verbesserung vun der Liewensqualität vun hire Bierger ze handelen iwwert de Wee vun enger prälabeler Cooperatioun renforcée. D'Fusioun, déi mer haut hei wäerte stëmme, ass d'Resultat vun esou enger laanger Cooperatioun renforcée téschent deenen dräi Gemengen, an zwar ganz besonnesch am Schoulberäich. Eng Zesummenaarbecht, déi duerno awer ausgedehnt ginn ass. Eng verstänneg Astellung.

Et kommen d'Gemengewahlen 1999. D'Schäfferéit, déi aus deenen dräi Gemengen ervirgaange sinn, hunn aus der

enker Zesummenaarbecht d'Plus-value vun enger eventueller Fusioun erkannt. D'Gesprécher an déi Richtung si lassgaangen, Communautés de communes sinn an Erwägung gezu ginn, d'Coopération renforcée ass weidergaangen an och zréckbehalte ginn an ass an Délibération concordante vun deenen dräi Gemenge festgehale ginn. Eng wichtig Viretapp um Wee vun enger konkreter Fusioun.

Parallell hu sech d'Gemengeréit vun deenen dräi Gemenge getraff an en vue vun enger Fusioun diskutéiert. E bestännegen Dialog a Kontakt ware wichtig an hu finalemt zu deemtsprechende Gesprécher mat der Regierung a mam Innenminister gefouert. Et gouf ausgehandelt, wat fir Resultater dass d'Fusioun sollt bréngen um strukturellen, um infrastrukturelle Plang. An dat gouf an enger Preparatioun vu Konventioun festgehalten.

D'Gemengeresponsabel hunn de Fusiounsprojet „bottom up“ ausgeschafft. Si hunn et fäerdeg bruecht, fir der Bevölkerung d'Plus-value vun der Operatioun ze erklären a bäizebréngen. Dat huet sech am Resultat vum obligatoresche Referendum an deenen dräi Gemengen erméigelt. Am Virfeld vun deem Referendum sinn erfollegräich Opklärungsversammlungen organiséiert ginn, wou Innenminister a Buergermeeschteren den interesséierte Bierger Ried an Äntwert stoungen.

No deem positive Referendum zu dëser Gemeengefusioun hunn dunn déi dräi Gemengen definitiv fir d'Fusioun gestëmmt. An enger Konventioun, an der definitiver Konventioun sinn Iwwergangsbestimmungen festgehale ginn, wat d'Gemengepersonal ubelaangt, dass d'Droit-acquis garantéiert waren; wat de Wahlsystem ubelaangt, fir an der nächster Zäit, an enger Iwwergangszäit. Dat ass e Problem gewiesch, dee mer ëmmer nees erëmbegéint hunn, wéi mer iwwer Land gaange sinn, wou d'Reorganisation territoriale beschwat ginn ass, dass do Retenzen ware fir de Passage vum Majorzsystem an de Proporzsystem. Dat ass elo hei an enger Iwwergangszäit geregelt ginn.

Den interkommunale Schoulsyndikat, deen am Fong jo den Ursprung vun dësem Resultat ass, deen den Ausléiser war, fir d'Fusiounsgesprécher an d'Wee ze leeden, fir d'Coopération renforcée auszudehnen, kann elo opgeléist ginn. Deen huet seng Missioun erfüllt, a seng Infrastrukture ginn an déi nei Gemeng integréiert. Deentsprechend gëtt och säi Personal vun der neier Gemeng iwwerholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mat dësem Gesetz gëtt eng weider Gemeengefusioun perfekt, eng fräiwëlleg Gemeengefusioun, wéi se wënschenswäert a mustergütig vun ennen erop gewuess ass, iwwer: Cooperatioun renforcée, permanenten Dialog téschent Schaffen a Gemengeréit, Informatiounen a Sensibilisatioun vun der Populatioun, Unerkennung vun der Plus-value an engem Referendum, Festhale vu konkrete Moosnamen an enger Konventioun téschent der Regierung an de Gemengen.

Ech ginn dervun aus, dass vill Gemengen dësem Beispill wäerte folgen; besonnesch an der heiteger Zäit, wou Zesummenaarbecht a gemeinsam Servicer ubruecht sinn, besonnesch och am Intérêt vun de Gemeengefinanzen.

Félicitatiounen un déi agebonne Gemeengeverantwortlech aus deenen dräi Gemenge Munzen, Hengescht a Clierf fir hir verantwortlech Haltung, an och deenen, déi fréier un där Operatioun bedeelegt waren.

Domadder géif ech dann och den Accord vun eiser Fraktioun zu dësem Projet de loi ginn.

►► **Plusieurs voix.** - Très bien!

►► **M. le Président.** - Merci, Här Klein. Den honorabelen Här Camille Gira huet elo d'Wuert.

►► **M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hätt ganz gären d'Geleeënheet vun dëser Fusioun mam Schopf geholl, wann ech et emol esou därfer soen, fir en allgemenge Bilan iwwert déi Territoriale Reform ze maachen, iwwert déi mer ganz vill an dësem Haus debattéiert an och geschafft hunn. Do wier nämlech och villes ze soen, net nëmme Positives, aus der Siicht vun der grénger Fraktioun. Mä wann ech bedenken, dass mer de Mëtze nach sollen acht verschidde Projet-de-loien hei diskutéieren an ofstëmme, da fäerten ech, dass Der mech géift stengegen, wann ech elo hei Dräivéirelstonn zu deem Thema géif schwätzen.

Duerfir ganz kuerz e puer Bemierkungen. E puer Bemierkungen zur Fusioun selwer. Déi Gréng ënnerschreiwten dës Fusioun mat zwou Hänn. Firwat? Well et eng Fusioun ass,



déi Sënn mécht. E mëttelgrousst Mëttelzentrum mat zwou kleng Gemengen. Ech mengen, dat ass eng Plus-value fir jiddwereen. Do huet jiddwereen eppes dervun.

Ech kennen aner Fusiounspläng op der Kaart vum Innenministère, déi kee Sënn maachen. Ech mengen, dass et kee Sënn mécht, wann een zwou gläichwäerteg Gemengen zum Beispill, déi relativ autonom kënnen funktionéieren, wëllt fusionéieren, just fir ze fusionéieren. Déi hei mécht Sënn; do huet jiddwereen eng Plus-value.

Mir ënnerschreien dës Fusioun, well se vun ennen opgebaut ginn ass, an net an der Stad op engem Büro theoretisch fixéiert ginn ass. A mir ënnerstëtze se, well ëmmerhin 20 Joer exzellente Zesammenaarbecht dëser Fusioun virausgaange sinn. Fir eis ass dat déi beschte Konditioun, dass dës Fusioun och nohalteg wäert sinn an och wäert funktionéieren.

Zu de Fusioune selwer allgemeng ass jo gesot ginn eng Remarque vum Här Kaes, déi ech deelen. Et spiert ee jo hei, wann zwou Gemengen, dräi Gemengen higin a wëllen zwielef Joer waarden, ier se bis an de Proporzsystem iwwerginn, dann huet dat seng Ursaachen. An deene ganzen Diskussiounen iwwert d'Fusiounen héiert een den dote Kritikpunkt ganz oft.

Wann ee sech och emol eng Kéier d'Méi mécht an et rechent een aus, besonnesch mat deem héijen Auslännerundeel, dee mer an eise Landgemengen an der Tëschenzeit och hunn, an et hält een nach déi ewech, déi keng 18 Joer hunn, an et géif een emol dervunners ausgoen, dass an esou enger Gemeng vun 3.000 missten oder sollten déi fënnf Parteien, déi hei vertruete sinn, eng komplett Lëscht vun 13 Kandidatinnen a Kandidaten zsummekréien - ech hat emol eng Kéier graff gerechent -, dann hätt ee 5% vun der Populatioun, déi Kandidat a Kandidatin sinn.

Dat erklärt ganz einfach de Problem. An duerfir wéilt ech den Innenminister bei dëser Geleeënheet froen: An der Versammlung zu Réiden hat e sech bereet erklärt, iwwert deen do Punkt nozedenken, och mat senger Regierungskolleegen ze schwätzen, ob een dann net sollt allgemeng de Seuil fir de Proporz op 5.000 hiewen, quitte, dass ee selbstverständlech deene Gemengen, déi elo do dertéischent sinn, soll transitoire Bestëmmunge loosson; wéi ass et domadder? Vläch gëif esou eng Erhéijung och eenzel Fusioungespräicher dobausse méi einfach maachen.

Da wéilt ech awer dervir warnen, fir ze vill flächeméisseg grouss Gemengen ze maachen. Ech mengen, et mécht kee Sënn, riseg Gemengen ze maache mat weineg Populatioun. Do riskéiert een déi Effikasitéit, déi ee gewënt vläch op administrativem Plang, ze verléieren um technesche Plang. Wa Gemengenaarbechter stonnelaang um Trakter verbréngen, fir all déi eenzel Uertschaften ze bréngen, dann huet ee schlussendlech och näischt Positives geschafft.

Dann awer allgemeng zur Territorialreform. Ech hunn e bëssen dat Gefill, wéi wa geschwënn d'Meenung opkënt, wa mer bis 2017 nëmme méi Gemenge vun 3.000 Awunner hätten, da wär de Problem zu Lëtzebuerg geléist.

Éischtens ass dat net wouer fir déi Gemenge selwer. Och eng Gemeng vun 3.000 oder 4.000 Leit huet hir Problemer net all geléist. Déi huet nach ëmmer keng Schwämm, déi huet net onbedéngt en Architekt, déi huet och vläch net onbedéngt eng Museksschoul. Dat gesi mer an der Nordstad, wéi vill Problemer si domat hunn.

Duerfir sinn éischtens nach ganz vill Iwwerleeungen ze féieren, an dat vermessen ech ganz staark, muss ech soen, an deene ganzen Diskussiounen. Et schwätzt praktesch kee méi vum regionalen Niveau. Dat bedauern ech.

A wat hu mer geschafft, wa mer dee lokalen Niveau punktuell gestärkt hunn, wa mer awer eventuell eng Schwächung vum regionale Plang kréien? Mir sinn der Meenung, dass och am ländleche Raum eng ganz Rei Problemer mussen an nëmme kënnen um regionale Plang geléist ginn. Duerfir mussen mer ganz seriö doriwwer nodenken.

Mä ech sinn der Meenung als Gréng, wa mer net endlech de regionale Fong kréien, grad an dese schwierigen Zäiten, wou souwuel déi staatlech Budgete wéi déi kommunal méi kleng ginn, mussen mer eis öffentlech Gelder nach méi effektiv einsetzen, an do kann een net mat der Strenz iwwert d'Land fueren a léns a riets all méiglech Infrastrukture gläichméisseg ënnerstëtzen. Da misst eist Geld prioritär deene Projete zeguttkommen, déi och wierklech eng regional Bedeitung hunn.

An da mengen ech awer, dass fir de Rescht et ganz roueg ginn ass iwwert d'Kooperatioun an deene méi städtesche Beräicher. Mir als Gréng sinn iwwerzeegt, déi grouss Problemer, déi mer zu Lëtzebuerg hunn - Wunnengsbau, Mobilitéit, Aarbechtsplazeverdeelung -, déi ginn net an deene ländleche Gemenge geléist. Och net an deene Gemengen, wann déi iwwer 3.000 Leit hunn. Weder Biekerech nach déi nei Gemeng Clierf oder d'Gemeng Tandel wäerten d'Mobilitéitsproblemer oder d'Wunnengsbauproblemer zu Lëtzebuerg léisen. Neen, déi Problemer mussen an a ronderëm d'Stad geléist ginn, déi mussen ronderëm de städtesche Raum am Süde geléist ginn an déi mussen an der Nordstad geléist ginn.

An do hunn ech awer dat Gefill, dass ausser Studien net alles geschitt ass an deene leschte Joren - mat der Ausnahm vläch vu Belval, dat ass richtig. Wann ech déi lescht Statistike vum IVL gesinn a feststellen, dass am Norden zum Beispill, awer exakt déi dräi Gemengen, déi eigentlech missten am meeschte wuessen - Ettelbréck, Dikrech a Wolz -, genau déi sinn, déi ënnerduerschneitlech wuessen - déi leien emol net an der Moyenne, méi déi wuesse knapp nach -, da froen ech lech, Dir Dammen an Dir Häre vun der Majoritéit: Wéi kréie mer dee Problem an de Grëff?

Dat ass net d'Léisung, wann déi ländleche Gemengen nach ëmmer weiderhi méi grouss wuessen. Duerfir mengen ech, dass mer mussen oppassen, dass mer net mengen, esou positiv och déi Bewegung, déi elo amgaang ass, ass, wann een d'Zeitung och liest, vun deene Fusioune léns a riets, mir fannen déi, déi vun selwen entstinn, ganz sénnvoll, mä et muss ee sech net der Illusioun higin, dass een domat d'Mobilitéit, de Wunnengsbau an aner Problemer vu Lëtzebuerg geléist huet. Dozou bedarf et engem ganz staarken Effort, engem ganz staarke landesplaneschen Effort an dem städtesche Raum.

An do wäerten och déi nei Plans sectoriels, wann déi net nach méi staark Instrumenter zur Verfügung setzen, fir déi grouss Problemer ze léisen, da fäerte mir, dass mer do éischer an där aler Tendenz weiderfueren, dass do manner Leit wunnen, méi Aarbechtsplaze geschaf ginn, méi Verkéier produziéiert gëtt. Do ass fir déi nächst Regierung ganz vill Aarbecht.

Duerfir, ofschléissend, wäerte mer eisen Accord zu dëser Fusioun bréngen, well se absolut sénnvoll ass, well se eiser Meenung no zukunftsrecht gëtt ass, mä fir de Rescht stinn nach ganz vill Problemer fir déi nächst Regierung op.

Ech soen lech Merci.

**»» M. le Président.**- Merci, Här Gira. Zum Ofschluss vun der Debatt kritt de Jean-Pierre Koepp d'Wuert.

**»» M. Jean-Pierre Koepp (ADR).**- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, et ass hei zu dësem Projet jo alles esou wäit gesot. Ech soen dem Marco Schank nach Merci fir säi schréfflechen a mëndleche Rapport. An da félicitéieren ech awer och deenen dräi Gemenge vun douewen aus dem Éislek, oder vun eis aus dem Éislek, vu Munzen, Hengescht a Clierf, fir datt se de Courage haten, sech zesummenzeschléissen. Also, all Respekt!

Als eenzegen Deputéierten an niewent der Ministerin aus dem Clierfer Kanton - dat mécht mer eng grouss Eier - géif ech nach wëllen, datt nach verschidde Gemengen aus menger Noperschaft deeselwechte Courage hätten, fir sech zesummenzeschléissen.

Domat ginn ech och den Accord vun eiser ADR zu dësem Projet.

**»» Plusieurs voix.**- Très bien!

**»» M. le Président.**- Merci, Här Koepp. Dann huet zum Ofschluss vun der Debatt d'Regierung d'Wuert. Den Här Innenminister Jean-Marie Halsdorf.

**(Interruption)**

Ech denken, Här Goerens, dass dat lech net entgaange war.

**(Interruptions et hilarité)**

**»» M. Jean-Marie Halsdorf, Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech erënnere mech nach gutt un d'Biergerversammlung zu Clierf vum Referendum, wou d'Biergerinnen an d'Bierger vu Munzen, Clierf an Hengescht wierklech - wéi géif ech soen? - gespaant dosouzen a nogelauschert hunn, wéi d'Gemengepolitiker an och de Minister hinnen Erklärungen ginn hunn zu dëser Fusioun.

Mir haten eng kontrovers Diskussioun, an et huet ee wierklech gespuert, dass d'Leit am

Fong geholl Interessen hate fir dat, wat an hirer Gemeng geschitt. Si wollten - dovunner sinn ech och iwwerzeegt - informéiert ginn, an ech sinn iwwerzeegt, wann een d'Leit gutt informéiert, da stinn d'Leit zu enger Fusioun oder zu enger, op d'mannst an enger éischer Etapp, *Coopération renforcée*.

Et geet dorëm, fir de Mehrwäert duerzustellen, an dat ass an dësem Fall gutt geschitt, well et Sënn gemaach huet, well déi Politiker, déi Buergermeeschtere vun deenen dräi Gemenge mat hirem Schäffen a Gemengerot wierklech gutt Aarbecht gelescht hunn. Duerfir war et evident, dass dës Fusioun konnt stattfannen. Déi éischt Fusioun, déi deem Konzept entsprécht, wat an de leschte puer Joer diskutéiert ginn ass.

Et ass och keen Zoufall, soen ech ëmmer, dass am Fong geholl bei Émfroen eng grouss Majoritéit vun eise Bierger d'accord sinn, fir staark Gemengen ze kréien duerch Fusiounen. Ech mengen, dass dat eppes ass, wat d'Politiker sech sollte mierken: D'Leit hätte gäre staark Gemengen.

A staark Gemengen heescht am Fong geholl net nëmme staark am Sënn, dass se déi Aufgabestellungen, déi se hunn, kënnen léisen, mä staark heescht och, an dat wëll ech dem Här Gira soen, dass ee kann den Erausforderunge vun der Landesplanung, déi wierklech komplex sinn, déi integrativ sinn, dass een déi ka mathalen an dass een déi ka mat da begleeden.

Et muss ee wëssen, hei zu Lëtzebuerg hu mer just de Stat an d'Gemengen. Dat, wat de Stat net mécht, dat mussen d'Gemenge maachen. Dat ass eenzegaarteg, well all eis Nopeschlänner hu méi Niveauen, wou Décisioune geholl ginn, wou Responsabilitéite verdeelt sinn.

Duerfir ass et och wichtig, dass ee weess, dass d'Gemeng hei zu Lëtzebuerg en anere Stellewäert huet wéi an eisen Nopeschlänner.

Kloer ass, dass all Bierger d'Recht huet op déiselwecht Basisservicer, egal wou en am Land wunnt. Dat huet eise Statsminister da jo och beim viregten État de la nation heibanne gesot, an dat war och dat, wat eis dozou geféiert huet, am Fong geholl, dee Wee ze goen, dee mer an deene leschte Jore gaange sinn an deen zu där Fusioun, déi dann och hei mat deem Projet de loi besigelt gëtt haut, geféiert huet.

Ech ka mer erlaben, ze soen: Clierf, Munzen an Hengescht sinn am Fong geholl hirer Zäit viraus. Wéi ech Innenminister gi sinn 2004, hat ech am Regierungsprogramm stoen, mir sollten eist Land am Fong geholl, eis Gemengen, esou gestalten, dass se den Erausforderunge vum 21. Jorhonnert kéinte standhalen. Duerfir hat ech jo dee Concept intégratif fir eng territorial an administrativ Reform am Joer 2005 virgestallt, an ech muss soen, dass zesumme mat der Spezialkommissioun aus der Chamber mer do gutt Aarbecht gelescht hunn iwwer e puer Joer, an dass et duerfir méiglech war, eben déi Sortie ze kréien, déi mer elo haten, eng gemeinsam Démarche, de Minister zesumme mam Syvicol, duerch d'Land bei d'Gemengen, fir ebe se ze iwwerzeegen, fir sech ze reorganiséieren duerch eng *Coopération renforcée*, déi soll an eng Fusioun féieren.

An déi Kartographie an de Schema, dee mer do presentéiert hunn deenen eenzelne Gemengen, mengen ech, huet bei ville Politiker Uklang fonnt. Och d'Konzept, wat mer benotzt hunn, wat scho mäi Virgänger benotzt hat a wat ech weider benotzt hunn, mengen ech, dat huet seng Friichte gedroen.

D'Gemengen Tandel a Keespelt, dat ware keng komplett Fusiounen, well do ëmmer een ofgesprongen ass. Bei Baastenduerf wollten déi Veianer net matmaachen, a bei Keespelt déi Eschduerfer net. Hei hu mer am Fong geholl eng Fusioun kritt vu méi wéi 3.000 Leit am ländleche Raum, déi dann och ideal ass, fir eben an den nächste Jore gutt ze funktionéieren.

Eist Konzept huet gutt funktionéiert oder funktionéiert gutt, well et am Fong geholl en „tailor-made“-Konzept ass. Mir schaffen op d'Mooss. Et ass e bësse wéi e Kostüm, deen een oundeet. Wann ee méi grouss gëtt, wann ee méi déck gëtt, kann een de Kostüm e bësse méi grouss schneideren. Et ass dat, wat wichtig ass. A si si fräiwëlleg.

Ech mengen, dat ass dee grousse Ennerscheid zu deem, wat an de 70er Jore geschitt ass, wat de Jean-Pierre Klein ugeschwat huet als President vum Syvicol, wou de Minister Wohlfart och wollt eng global Strategie hu fir d'ganzt Land, déi leider awer du gescheitert ass, well se ze global war. An doraus hu mer geléiert.

Duerfir: D'Zil kann nëmme sinn, och an där nächster, ënnert der nächster Regierung,

méi grouss a méi staark a méi autonom Gemengen ze kréien, eben op Basis vun deenen 3.000 Awunner, fir dass se sech ebe kënnen an dem administrative Beräich, am Finanzberäich an am techneschen Déngscht besser organiséieren.

Duerfir de Prinzip vun deenen 2.500 Leit, an duerfir dann och déi - wéi géif ech soen? - Konventioun an och dat Gesetz, dat dann haut an hei gestëmmt gëtt.

All déi Joren hunn ech ëmmer versicht, sachlech virzegoen, net polemesch virzegoen, an ech fannen esou Aussoe wéi déi vum Här Etgen, de kleng Gemengen de Geldkrunn zouzedréinen, e bësse bëlleeg.

Ech fannen, et sollt een hei wierklech de Bierger an de Mëttelpunkt stellen, d'Aarbecht, déi d'Gemeng fir de Bierger ze maachen huet, an de Mëttelpunkt stellen. Dat ass dat, wat fir mech ganz wichtig ass, an net polemesch virgoen.

Duerfir wëll ech vun der Geleeënheet profitéieren, Här President, fir emol fir d'éischt dem Rapporteur Merci ze soe fir säi gudden mëndlechen a schréffleche Rapport, awer och Merci ze soen deene Politiker aus deene concernéierte Gemengen. Si sinn iwwer hire Schiet gesprongen, d'Kirchtuermpolitik hu se léns leie gelooss, géif ech bal soen, a si hunn hire Bierger an hire Biergerinnen e virbildlecht Behuele gewisen. Duerfir si mir haut dann hei, fir déi Fusioun do ze besigelen iwwer e Gesetzesprojet.

Et ass keen Zoufall, dass grad am ländleche Raum an am Norde vum Land esou virbildlech gehandelt gëtt, well déi Gesprièrecher, déi ugeklonge sinn haut schonn, an d'Diskussioune fanne justement am Norde vum Land statt. Do si ganz vill Gemengen, déi agesinn hunn, dass se mussen un engem Strang zéien, dass se am Fong geholl mussen versichen, sech ze positionéieren fir d'Zukunft am 21. Jorhonnert.

Ech soen et kloer an däitlech: Fir mech ass d'Fusioun den Instrument de choix. D'Coopération renforcée ass de Minimum, deen ee muss maachen. Ech kann net verstoen, ech soen dat ganz kloer, ech bedauern et souguer, dass verschidde Gemengepolitiker net iwwert de Rand vun hirer Gemeng kënnen kucken nom Motto: „Wat haut geet, dat geet och muer.“ Dat fannen ech keng gutt Approche.

Ech si gespaant, wann ech elo an den nächste Woche wäert de Rapport kënnen maachen, den allgemenge Bilan vun deem, wat elo an deenen eenzelne Gemengen, déi ugeschriwwe goufen am Kader vun der Tournée vun der Kartographie, fir do ze kucken, wéi dann déi eenzel Gemenge sech decidéiert hunn.

Eppes ass fir mech kloer: Mir sinn esou wäit, wéi mer nach ni waren, well mer hunn am Fong geholl eng Stëmmung hei am Land, déi eng Oprobuchstëmmung ass, fir an eng Richtung ze goe vu staarke Gemengen. Mä ech si gespaant, fir am Detail ze kucken, wat dann elo soll an där nächster Legislaturperiod geschéien.

Ech op d'mannst hunn et fäerdeg bruecht, esou wäit ze kommen, dass déi nächst Regierung kann Décisiounen huelen, muss Décisiounen huelen, wou fir mech Froe wéi de Proporzsystem, fir déi elo schon opzeverwerfen, oder iwwert de Congé politique, deen iwwerzebewäerten, d'Kontroll vun de Gemegefinanzen, dat wäert alles diskutéiert ginn, mä dat muss in globo diskutéiert ginn, wa mer kloer wëssen, wou et higeet.

Wou et higeet, dat weess kee genau heibannen. Ech weess, dass eng Kris plötzlech agetrueden ass, mat där mer haut alleguerten ze kämpfen hunn. Ech géif jiddweree bieten, d'Aen opzemaachen, och a senger Gemeng, an ze kucken, wat méiglech ass a wat net méiglech ass, wéi eng Moyenen een huet a wéi eng Moyenen een net huet.

Duerfir géif ech et nëmme normal fannen, wa géif op d'mannst all concernéiert Gemeng eng Stärkten- a Schwächtenanalys maachen, fir ze kucken: Wat ass d'Stärkt, wa mer eng Kéier zesummeschaffen? Wat sinn d'Schwächen? Dass se op d'mannst weess, wann et eng Kéier méi enk gëtt - an dann ass et net, well d'Regierung de Krunn zougedréint huet, mä well einfach d'Circonstancen déi sinn -, dass een da prett

ass. Well ech weess, wéi et dann nees geet. Da gëtt nees gejaut: „D'Regierung gëtt eis keng Suen.“ - An hei an do.

Ech wëll kloer an däitlech haut an hei soen: D'Gemenge sollten hir Responsabilitéit huelen a sech positionéieren, fir dee Wee ze goen, deen d'Regierung hinne virgewisen huet, op engem, géif ech soen, fräiwëllegen Niveau, an net, wéi ëmmer an de Raum gestallt gëtt, mat Pressionsméttelen.

Fir mech ass et kloer: Dës Fusioun, wou haut d'Gesetz gestëmmt gëtt, ass op d'mannst e wichtige Schrëtt an déi richteg Richtung.

Merci fir Är Opmierksamkeet.

**» Plusieurs voix.** - Très bien!

**» M. le Président.** - Merci, Här Minister. Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet vun der Fusioun.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmme fänkt un. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 5994 ass ugehall mat 57 Jo-Stëmmen, bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstention.

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castagnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Roland Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;*

*MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helming, Alexandre Krieps (par M. Fernand Etgen), Claude Meisch (par M. Eugène Berger) et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam (par Mme Viviane Loschetter), François Bausch, Camille Gira, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koeppe et Robert Mehlen (par M. Gast Gibéryen).*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Dann ass et esou décidéiert.

**(Applaudissements)**

Voilà, bei aller Zefriddenheet iwwert de Vote, dee jo augenscheinlech ass, müsse mer elo zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour kommen. Dat ass de Projet 5947 iwwert de Centre de rétention. Den honorabelen Här Angel ass de Rapporteur. Et si bis elo ageschriwwen: d'Madame Stein-Mergen, den Här Bëtzel, den Här Braz an den Här Henckes. D'Wuert huet elo de Rapporteur, den honorabelen Här Marc Angel.

**7. 5947 - Projet de loi portant création et organisation du Centre de rétention et modifiant**

**1. le Code de la sécurité sociale,**

**2. la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État,**

**3. la loi du 29 août 2008 sur la libre circulation des personnes et l'immigration**

**Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'immigration**

**» M. Marc Angel (LSAP), rapporteur.** - Här President, Här Minister, léif Kollegeinnen a Kollegen, e Centre de rétention fir Mënschen, déi sech illegal hei am Land ophalen, war e Punkt, dee sech am Joer 2004 d'CSV an d'LSAP an hire Koalitiounsaccord ageschriwwen hunn. Et war nämlech wichtig, endlech eng separat Struktur zum Prisong ze schafen.

Bis elo ginn déi Leit, déi a Réention sinn, zu Schraasseg am Prisong am Bloc P2 ënnerbruecht.

**(M. Jos Scheuer prend la Présidence)**

Mat dëser Décisioun gëtt de Kritike Rechnung gedroen, dass d'Retenuen am Prisong sinn. D'Gesetz vum 24. August 2007 gëtt dem Bau vun esou engem Centre de rétention déi legal Basis. D'Aarbechte vum Bau sinn och drop an drun, unzufänken.

Dës Regierung huet am Laf vun de leschte Joren zwee wichtige Gesetze ervaarbruecht, déi mir och hei gestëmmt hunn an och laang diskutéiert hunn. Dat éischt ass dat sougenanntent Asylgesetz vum 5. Mee 2006, an dat zweet ass d'Immigrationsgesetz vum 29. August 2008. Dës zwee Gesetze sinn och d'legal Basis fir d'Réention. Haut stëmme mer also e Gesetz iwwert d'Kreatioun an d'Organisatioun vum Centre de rétention.

Ech wollt perséinlech dem Minister Nicolas Schmit villmools Merci soen, dass hien d'Organisatioun vum Centre de rétention net nëmmen duerch e Règlement grand-ducal geregelt huet, mä dass hien eis e Projet de loi virgeluecht huet.

D'aussepolitisch Kommissioun, déi jo och fir d'Froe vun der Immigration zoustänneg ass, huet sech säit der Diskussioun iwwert d'Asylgesetz och scho mat der Fro vun engem Centre de rétention auserneegesat.

Mat der Ënnerstützung vun eisem President, dem Ben Fayot, a vum Minister Schmit hu mir als Kommissioun am Joer 2006 och zwou Visiten an der Schwäiz gemaach, fir eis do zwee Centres de rétention unzekucken.

Gutt un dëse Visité war, dass mir vu Vertrieder vun der Immigration, vum Leit vu Bâtiments publics, Architekten an och Vertrieder vun den ONGe begleet waren. Mir waren op Zürich an op Genève an hunn do zwee ganz verschide Konzepter gesinn.

De Centre vun Zürich huet eis allgemeng net zougesot, well eis souwuel d'architektonesch Konzept wéi d'Organisatioun oder - besser gesot - d'Ausrichtung oder d'Philosophie net gefall hunn. Et war wéi en Héichsicherheestrakt an engem Prisong, wat d'Architektur an d'Organisatioun ugeet.

Genève war vum Bau a vum Konzept total verschidden. Mir sinn zu Genève mat de Retenuen zesummekomm, well si sech do an hiren Unitéite fräi bewege kënnen. Et huet een hei eng gutt a roueg Ambiance virfont, grad de Contaire vum deem, wat mer zu Zürich gesinn hunn.

Eis Kommissioun ass och zweemol mat der Kommissioun vun den Travaux publics zesummekomm, a mir konnten do eis Impressiounen vun eisen Experienzen zu Genève deelen a beim Bauprojet matdiskutéieren.

Ech muss soen, dass kee behaapte kann, de Projet vum Centre de rétention wär iwwert de Knéi gebrach. Neen, et ass e Projet, wou d'Chamber vun Ufank u mat abezu war.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, laut Immigrationgesetz kann eng Person, déi sech illegal hei am Land ophält, a Réention kommen. An der Regel handelt et sech ëm Leit, déi ouni gültig Pabeieren oder ouni gültig Openthaltsgenehmung en hei am Land sinn. Dës Leit ginn a Réention placéiert, fir dann an Urgence Reesdokument, déi en Éloignement erlaben, ze erstellen.

D'Immigrationsgesetz gesäit eng Durée de rétention vun engem Mount vir. Dës Durée kann dräimol vum Minister verlängert ginn. Dat sinn also am schlëmme Fall véier Méint maximum.

Laut Asylgesetz kann en Demandeur de protection internationale a véier Fäll a Réention gesat ginn. Éischtens de Fall, wou den Demandeur de protection internationale seng Asyldeemande nëmme mat dem Zil gemaach huet, fir en Éloignement ze verhënneren, well hie sech hei illegal ophält. Zweetens, wann den Demandeur refuséiert, mat den Autoritéiten ze kooperéieren, wann et ëm d'Feststellung geet vu senger Identitéit

an och vu sengem Itinéraire de voyage. Drëttens, déi Fäll vun Demandeuren, déi ënner eng Procédure accélérée falen. A véiertens, wann de Placement an d'Réention noutwendig ginn, fir dass den Transfert vum Demandeur laut dem Dublin-2-Rélement net compromettéiert gëtt.

Et ass eng Tatsaach, dass déi Demandeurs d'asile, déi bis elo bei eis hei a Réention waren, quasi nëmmen därer waren, déi ënner dee sougenannten Dublin-Transfert gefall sinn.

Wat d'Durée de rétention ubelaangt, déi d'Asylgesetz virgesäit, sinn dat dräi Méint, déi a titre exceptionnel vum Minister all Kéier fir eng Durée maximale vun dräi Méint ka verlängert ginn. Et sinn also am Maximum zwielef Méint. Dat heite sinn d'Délaien, déi vum Gesetz festgeluecht goufen. An der Praxis ass et awer d'Zil, fir d'Réention esou kuerz wéi méiglech ze halen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer, hei awer ervirzepräichen, dass mam Ausland an och mat der Direktiv Retour verglach eis Délaie kuerz sinn, an dat ass och gutt esou. Mir leien hei menger Meinung no vill besser wéi aner europäesch Länner.

Zum Projet iwwert d'Kreatioun an d'Organisatioun vum Centre de rétention kann ee resuméieren a soen: „Un centre d'orientation humaniste“. Dëst ass och d'Iwwerschrëft vun engem Kapitel a mengem schrëftleche Rapport. Et ass wuel e Centre fermé, mä den Haaptfacteur vum humanistesche Konzept ass d'Haaptsaach, dass d'Retenuë keng Leit sinn, déi e Verbruech begangen hunn. Si si just illegal op eisem Territoire. Et ass duerfir enorm wichtig, d'Mënschewüerd an och déi fundamental Rechter a Fräiheete vun de Retenuen ze respektéieren. Et ass wichtig, d'Restriktionen vun den individuelle Fräiheeten op e strikte Minimum ze beschränken. An et ass och wichtig, d'Retenuen ze informéieren a si iwwer hir Rechter opzeklären.

Dëse Projet ënnerstreich och d'Wichtigkeet vun der psychosozialer Ënnerstützung vun de Retenuen, an derniewent och e gudd juristeschen a medezineschen Encadrement. Dëse Projet weist och nach op d'Wichtigkeet vun de Fräizäitméiglechkeeten hin, an och den Agencement vun de Raim no spezifische Besoiné fénnt an dësem Projet Nidderschlag.

Retenuë si Leit an enger schwéierer, schwiereger Liewenslag, duerfir ass déi psychesch a sozial Ënnerstützung jo och den Haaptpillier vun dësem Projet. Bei dësem Projet gëtt eng individualiséiert Prise en charge vun enger pluridisziplinärer a multikultureller Équipe an de Vierdergrond gestallt. Ech si frou, dass d'Auteure vum Projet sech um Modell vu Genève an och un Experienzen aus de skandinavesche Länner orientéiert hunn.

De Projet de loi ass a siwe Kapiteln opgedeelt an en zielt 32 Artikelen. Dat éischt Kapitel mam Titel „Dispositions générales“ beinhaltet zum groussen Deel dat, wat ech elo grad iwwert de Concept humaniste erkläre hunn.

Dat zweet Kapitel geet iwwert déi strukturell Organisatioun a seet, dass de Centre a verschidden Unitéite mat verschiddene Sécherheetsmoossen agedeelt ass. Persounen oder Familljen, déi vun engem Mineur begleet ginn, séjournéieren an enger extra dofir ausgeriichtener Unitéit an d'ërfolgen och net méi wéi 72 Stonnen a Réention gehale ginn.

Dat drëtt Kapitel handelt iwwert d'Organisation fonctionnelle, an do wollt ech iwwert den Artikel siwen aus deem Kapitel soen, dass mer dat als Kommissioun amendéiert hunn an e Punkt 2 bäigesat hunn iwwert déi sougenannten „Personnes vulnérables“. An ech zitieren dat, do steet dann: «Une attention particulière est accordée à la situation des personnes vulnérables, à savoir les mineurs, les mineurs non accompagnés, les personnes handicapées, les personnes âgées, les femmes enceintes, les parents isolés accompagnés d'enfants mineurs et les personnes qui ont été victimes de torture, de viol ou d'une autre forme grave de violence psychologique, psychique ou sexuelle.» Fin de citation. Mat dësem wichtege Amendement hu mer virun allem och der Haaptkritik vun der Mënscherechtskommissioun Rechnung gedroen.

Dat véiert Kapitel handelt iwwert de Cadre vum Personal. Ech hunn deen Aspekt scho kuerz ugeschwat a kommen herno kuerz drop zréck, Här President, wann ech lech eng Motioun iwwerreechen.

Duerno ass d'Kapitel fënnf iwwert d'Dispositions budgétaires et financières, d'Kapitel sechs iwwert d'Dispositions modificatives

an d'Kapitel siwe ganz kuerz iwwert den Intitulé abrégé. Dat kënnt Dir am schrëftleche Rapport noliesen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn niewent dem Statsrot nach dräi aner Avisë kritt. Ech wëll all deene Leit Merci soen, déi un deem Projet matgeschafft hunn, Merci soe fir hiren Interessi an Asaz. D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics huet Kritiken ausgeschwat, wat déi vill Kompetenzen ugeet, déi dëse Projet de loi dem Direkter vum Centre zougesteet. De Statsrot hat ähnlech Bedenken, an d'Kommissioun huet jo hei och munches amendéiert.

Interessant war awer och, mengen ech, den Avis vum Collectif réfugiés, dem Lëtzebuerger Flüchtlingsrot. Si hunn iwwerengs och vill positiv Aspekte vun dësem Projet ënnerstrach. Haaptkritik war awer vun hinnen, dass an dem Projet näischt iwwert d'Mineurs non accompagnés steet.

Mir hunn an der Kommissioun och dee Punkt e puermol ugeschwat, an déi Responsabel vum Ministère an och de Minister hunn eis gesot, dass et effektiv theoretesch d'Méiglechkeet gëtt, opgrond vun eise Gesetze also besteet, mä dass si dat als reng theoretesch ugesinn. Den Här Fari Khabirpour, deen als Direkter virgesinn ass, a säin Adjoint, den Här Vincent Sybertz, an och de Minister Nicolas Schmit hunn eis verséichert, dass si keng Mineurs non accompagnés a Réention setzen. Fir d'Mineur gëtt et aner Mesures de placement, zum Beispill an engem Foyer fir Jonker.

Och d'Mënscherechtskommissioun begreist an hirem Avis d'Orientatioun vum Projet de loi, mä och si inquietéiere sech ëm de Pouvoir vum Direkter. Hire Haaptkritikpunkt war d'Fro vun de sougenannten „Personnes vulnérables“, an ech hunn lech dat jo virdu schonn erkläre, dass mer dat mam Artikel 7 amendéiert hunn.

De Statsrot huet a sengem éischten Avis vum 31. März 2009 zwou Oppositions formelles ausgeschwat. Eng dovunner war zum Beispill, dass den Direkter d'ërf e Régime de détention spécifique fir verschidden Unitéite fixéieren. Domadder ware si net d'accord. Mir hunn deenen zwou Oppositions formelles mat eisen zéng Amendementen vun der Kommissioun selbstverständlech Rechnung gedroen.

Insgesamt huet d'Kommissioun, nieft den Amendementen, eng ganz Rei vun Textpropositionen vum Statsrot iwwerhol. Den 10. Abrëll hu mir an engem Courier un de Statsrot all dës Ännerunge matgedeelt, a mir hunn him och nach e koordinéierten Text derbäigeluecht. Mir krute ganz schnell eng positiv Antwort. De Statsrot huet säi positiven Avis complémentaire de 25. Abrëll 2009 ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn lech ufanks gesot, dass d'Bauaarbechten drop an dru sinn unzufänken. D'Capacitéit, déi ursprüngelech fir 120 Leit virgesi war, ass op 87 Plaze reduzéiert ginn. Aus verschiddene klengere Lokaler si grouss Raim entstanne fir d'Gemeinschaftsaktivitéiten an de Sport, déi jo an dësem Projet iwwert d'Organisatioun vum Centre eng grouss Roll spillen.

Erlaabt mer nach den Artikel 12 unzeschwätzen, dee seet, dass d'Retenuen net kënnen zu enger Obligation de travail forcéiert ginn. Si kënnen awer, an ech zitieren «dans les conditions à fixer par le directeur (...), effectuer des menus travaux d'entretien pour lesquels un montant à déterminer par règlement grand-ducal leur est mis en compte». Dëse Montant d'ërf awer och net fënnf Euro d'Stonn iwwerschréiden.

Zum Ofschluss, Här President, wëll ech lech dann och eng Motioun iwwerreechen, déi souwuel d'CSV, d'LSAP, d'DP, DÉI GRÉNG an d'ADR ënnerschriwwen hunn.

**» M. le Président.** - Merci.

**Motion 1**

*La Chambre des Députés,*

- *considérant que la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'immigration a été largement impliquée dans les discussions sur la création, le fonctionnement et l'organisation d'un Centre de rétention pour étrangers en situation irrégulière;*

- *considérant que la loi du 24 août 2007 autorise la construction du Centre de rétention et que les travaux y relatifs débiteront sous peu;*

- *considérant que le projet de loi N°5947 portant création et organisation du Centre de rétention prévoit dans son article 27 l'engagement, par dépassement des limites fixées dans la loi du 19 décembre 2008*

concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2009, de 29 agents pour les besoins du Centre de rétention;

- *considérant l'importance essentielle que revêt la qualité du personnel dans l'optique de l'orientation humaniste du Centre telle que définie dans le projet de loi portant création et organisation du Centre de rétention;*

- *soulignant la nécessité de disposer d'agents spécialement formés à l'encadrement des personnes placées en rétention administrative dans le Centre et compte tenu des délais nécessaires pour assurer la formation de ces agents;*

invite le Gouvernement

- *d'initier dans les meilleurs délais possibles la procédure de recrutement des agents du Centre de rétention aux fins de pouvoir procéder à la formation des agents concernés, pour que le Centre puisse être entièrement opérationnel dès l'achèvement de sa construction.*

(s) Marc Angel, Xavier Bettel, Norbert Haupert, Jacques-Yves Henckes, Henri Kox.

» **M. Marc Angel** (LSAP), rapporteur.- An där Motioun ginn ech nach an de Considéranter drop an, dass mer eis als Kommissioun laang mat deem Projet hei auserneegesat hunn. Ech rappeliéieren d'Base légale fir de Bau vum Projet an och d'Gesetz, déi d'Rétentioun erlaben. Ech ënnersträchen och besonnesch déi Importenz, wat d'Qualitéit vum Personal ubelaangt, dat mer brauchen, fir déi Optik, déi Conception humaniste duerchzeféieren. Duerfir soulignéieren ech och nach an de Considéranter vum der Motioun, dass déi Leit mussen speziell forméiert ginn, fir dat Encadrement, esou wéi mir et wëllen, kënnen ze maachen.

Mir invitéieren dann - all déi, déi d'Motioun ënnerschriwwen hunn - d'Regierung, dass se esou séier wéi méiglech kann ufänke mat der Prozedur fir de Rekrutement vun deenen Agenten, fir dass se kënnen och forméiert ginn, a fir dass, wann de Centre, d'Gebai fäerdeg ass, en och kann direkt operationell ginn.

Här President, ech war de leschte Méindeg de Bloc P2 vum Prisons besichtigten. Dat ass jo dee Bloc, wou am Moment d'Retenué sinn. Ech sinn do ganz gutt empfang gi vun der Direktioun an och vum Personal, an ech konnt feststellen,...

#### (Interruptions)

...dass ech do keng Situatioun virfonnt hunn, wéi mer se zu Zürich gesinn hunn, vun Aggressivitéit, vun Onrou, mä et ass roueg vir sech gaangen. Ech mengen, säit deem Feier, dat mer do hate virun zwee Joer, sinn do enorm Efforté gemaach ginn, souwuel vun der Direktioun, mä och vum Personal. An et ass och wichtig, dass déi Leit, déi den Immigrationsminister agestallt huet, fir sech ëm dësse Projet de loi ze këmmen an och fir sech ëm de Centre de rétention ze këmmen, a besonnesch den Här Vincent Sybertz, dass hie ganz vill präsent ass an deem Bloc P2 a vill mat deene Leit schwätzt, fir si deelweis och ze iwwerzeegen, op e Retour semi-volontaire zréckzegräifen.

Dat ass eng Praxis, déi ech begrëissen. Do ginn d'Leit, ouni zwee Polizisten, ouni dass déi müssen am Fliger matfléien. Ech mengen, si kréien och dofir bis zu 500 Euro. Dat gëtt de Stat méi bëlleg, wéi wann zwee Agente vun der Police matgeschéckt ginn. Ech fannen dat wierklech eng gutt Praxis, an den Avantage ass och, dass d'Retenuen an hirem Heemechtsland als fräi Mënschen ukommen.

Natierlech ass déi Zomm vu 500 Euro méi kleng wéi déi vun 1.190 Euro fir e Retour totalement volontaire. De Retour volontaire leeft iwwert de Ministère de la Famille, an d'Rétentioun iwwert den Immigrationsministerium. Ech wollt do eng perséinlech Remarque maachen an en Appel an déi Leit, déi nom 7. Juni un de Koalitionsverhandlungen deelhuelen, dës net logescher Aarbechtsopdeeling endlech en Enn ze setzen.

Ech wollt dann och nach eng Rei Mercië soen: Der Madame Isabelle Barra, d'Sekretärin vun eiser Kommissioun, déi mat hirer Fläissaarbecht eis Aarbecht erlichtert huet. Si huet eis formidabel Tableaue gemaach. E Merci geet och un de Marc Thiltgen vun eiser Fraktioun, an awer och un d'Leit vum Immigrationsministerium, den Här Fari Khabirpour an den Här Vincent Sybertz.

Ech erlaube mer awer nach, well dat hei meng lescht Ried ass op dës Tribün an dës Legislativperiod, eng kleng Remarque: Nodeems mer hei fénnef Joer,

ënner anere ganz ville Sujeten, vill iwwer Asyl, Immigratioun an elo haut de Centre de rétention geschwat hunn, wëll ech emol drun erënneren, wat fir eng Valeur eise Lëtzebuurger Pass huet.

Mir hei zu Lëtzebuerg an och all aner Europäer huelen de Pass aus dem Tirang, wa mer op d'Rees ginn. Mir vergiessen awer, dass dee Pass och heescht, dass et e Land gëtt, wou mer doheem sinn, dass et e Land gëtt, dat eis wëllt a wou mer kënnen sécher a gutt liewen. Net all Mënschen op dëser Welt hunn déi Chance wéi mir Europäer, op engem demokrateschen a räiche Kontinent ze liewen, wou Rechtsstaatlechkeet groussgeschriwwe gëtt a wou mer eis fräi iwwert d'Grenze bewege kënnen.

Dat alles gesot, soen ech lech all Merci fir d'Nolauschteren a ginn och den Accord vun der LSAP zu dësem Projet.

Merci.

» **Plusieurs voix**.- Très bien!

» **M. le Président**.- Merci, Här Angel. Dann ass als éischt Riednerin ageschriwwen d'Madame Stein-Mergen. Madame Stein-Mergen, Dir hutt d'Wuert.

#### Discussion générale

» **Mme Martine Stein-Mergen** (CSV).- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, deem ausféierleche schrëftlechen a mëndleche Rapport vum Kolleeg Marc Angel, fir dee mer him am Numm vun der CSV-Fraktioun wëlle Merci soen, kann ee just nach e puer Remarque bäiflécke fir déi wesentlech Aspekter, déi ons an dësem Gesetz interesséieren.

Et ass fir ons eminent wesentlech, dass an der Zukunft d'Mises à dispo oder d'Mesuren, wéi se zu Schraasseg genannt ginn, vun de Prévenuen an den Détenué getrennt ginn. An zwar ass dat nach méi wichteg, wéi d'Détenuen an d'Prévenuen ze trennen, obwuel all déi Leit, déi Kontakt mat deene Milieuen hunn, och mat Ongedold dorop waarden. Mä dee Projet ass op engem anere Ministère an och um gudder Wee.

Et gëtt vill am Rapport an an den Avisé vu mënschlecher Dignitéit geschwat. Et ass och wichtig, mä ech wëllt awer emol drop hiweisen als Acteur um Terrain, an ech géif drop wëllen insistéieren, dass och bis elo, an nach fir déi Zäit bis de Findel fäerdeg ass, och fir déi aner Kategorië vun Insassen zu Schraasseg all Efforté gemaach ginn, fir hir mënschlecher Dignitéit ze gewährleisten, ze respektéieren an ze schützen. Och zu Schraasseg an elo ginn déi kulturell, ethnesh, reliéis a philosophesch Spezifiséite vun deene Persoune respektéiert.

Déi wichtigst Ursach, dass de Projet soll virgoen, ass villméi, dass déi Persoune, déi ënner eng vun deenen am Gesetz genannte Mesurë falen, besser raimlech vun deenen anere Kategorië Persoune zu Schraasseg getrennt ginn, an awer och, dass se vun anere Professionellen en charge geholl ginn, wéi dat zu Schraasseg de Fall ass. Ech mengen domat net onbedéngt oder net nëmme eng aner Kategorie vu Professionellen, mä wierklech aner Persoune, well déi, déi dagdeeglech mat méi oder wéineger schwéiere Verbruecher ze dinn hunn, den Ennerscheid vläicht net ëmmer kënnen maachen. Net jiddwereen ass amstand, deen iwwer laang Joren, iwwer Méint an iwwer Joren ze maachen.

Ech wëll awer och hei soen, dass et der Direktioun vum Prisons gelongen ass, eng Équipe op de Bloc P2 ze setzen, déi deen Ennerscheid ganz gutt kennt an déi sech bewosst ass, mat wem se et ze dinn huet. D'Équipe vum Bloc P2 mat hirem Chef Jerry Fischer ass mat vill Engagement an an enker Zesummenaarbecht mat de Servicer vum Immigrationsministerium, mam Här Vincent Sybertz, scho säit enger ganzer Zäit amgaangen, dësen Ennerscheid ze festegen. Dofir droe mir wuel déi Motioun mat, déi Dir an der Kommissioun decidéiert hutt, mä ech géif awer wëlle soen, dass déi Saach scho souwisou um Lafe wier.

De Succès vun deenen an dësem Gesetz préconiséierte Moosname steet a fält nämlech mat deene Kontakten, déi tèschent de Mesuren an deem encadréierende Personal bestinn, mat deem géigesäitege Respekt, mat deem si matenaner ëmginn, mat deem Engagement an där Iwwerzeegung, déi si fir hir Aufgab matbréngen. Et ass natierlech och besser, d'Retenué raimlech vun deenen anere méi ze trennen, well si léieren och net ëmmer nëmme gutt Saachen zu Schraasseg.

Mir hunn hei zu Schraasseg och e Beispill vun positiver Diskriminatioun, nämlech déi vun de Fraen. Si kommen de Moment net dohinner, well et am Bloc F net méiglech ass, si raimlech ze trennen vun deenen

aneren. Leider wäert dës „Ongläichbehandlung“, tèschent Guillemeten, dann och en Enn hunn, wann de Findel bis fäerdeg ass. Deen Environment, deen um Findel wäert geschafte ginn, ass sécher méi géeegent derfir, déi Betreffen ze iwwerzeegen, de Wee an de Fliger unzetrieden. Dozou bäidroe wäert den Accueil, dee si do kréien, an deen éischte Moment ass oft dee wichtigsten, an och dee psychosozialen Encadrement, dee virgesinn ass.

Erauszesträichen ass sécher och d'Méiglechkeet, dass déi ONGen, déi sech scho méi laang op eng exemplaresch Aart a Weis ëm d'Retenué këmmen - d'Retenuen erënnert mech nach ëmmer u meng Schoulzäit, mä ech mengen natierlech déi Leit, déi an der Mise à disposition an zu Schraasseg sinn -, méi en einfachen Accès wäerten an de Centre hunn, well d'Sécherheetsmoosnamen, déi zu Schraasseg erfuerdert sinn, net am selwechte Moos um Findel néideg sinn an dofir och net virgesinn.

En anere wichtige Aspekt vun der Ennerbréngung um Findel ass dee vun der Beschäftigung. Et ass jo esou, dass een dann, wann een dagaug dagan op engem Prisonsblock ronderëm hänkt a sech net wierklech beschäftigt kritt, méi einfach op domm Gedanke kënn, wéi Matratzen a Brand stiechen oder Kläppereien organiséieren. Streidereien tèschent Persoune oder verschiddenen Ethnië sinn esou de Moment, wann zwar net alldeeglech, leider awer dach net ëmmer ze verhënnen. Hei wäert et also wichtig sinn, dass innerhalb vum neie Centre d'Sträitinn kënnen op deenen ennerschiddlechen Unitéite getrennt respektiv verdeelt ginn.

Aus ähnlechen Ursache gëtt et momentan eng Kategorie Retenuen am Prisons, also am CPL, déi net op de P2 kommen, nämlech déi, déi hir Strof ofgesiess hunn an déi vum Statut vum Détenü zréck an deen vun der Mesure de placement kommen. Dës Leit hunn nämlich oft eng Aarbecht, an dat geet de Moment um P2 net, an och eng Rei aner Facilitéiten, esou wéi all Dag Sport, wou se net gär wëllten drop verzichten. Op den Dag vu gëschte waren et der dräi, déi net um P2 waren, déi léiwer op deenen anere Bléck bei der Strafgefaangene bliwwe sinn, wat jo awer op eng Gesamtzuel vun acht Mesuren net näischt ass. Dofir wäert och um Findel Wäert geluecht ginn op d'Beschäftigung vun den Insassen. Et gëtt Projeten an Infrastrukturen, ënner anere op sportlech a kulturellem Plang.

D'CSV mécht sech natierlech och Suergen ëm d'Kärstéck vun deem Gesetz. Ons Suerg dréit ëm déi Sécherheet, déi mer um Findel brauchen, ouni a Konflikt ze komme mam Respekt vun der Fräiheet an de Rechter vun dëse Mënschen. Dat heescht, wéi wäit muss een d'Restriktioun vum der Fräiheet a Kaf huelen, ouni ze vill u Sécherheet opzeginn? Dat ass dee Spagat, deen et gëllt fäerdeg ze bréngen. Et wäert sécher net ganz ouni Restriktiounen goen, de Rapporteur huet et scho gesot, mä ech mengen, déi Formulatioun, wéi se an der virleender Versioun am Artikel 3 proposéiert ass, ass déi richtig.

De Findel brauch a sengem Fonctionnement eng Rei Regeln, un déi déi betraffe Persoune sech missten halen, an zwar esou wäit wéi si selwer mussen geschützt ginn, wéi d'Personal, dat si encadréiert, muss geschützt ginn, an dass se net d'äerfen d'Material, dat hinne zur Verfügung gestallt gëtt, détérioréieren, esou wéi alt emol heiansdo eng Zell am Prisons demoléiert gëtt, ouni dass kéinten Disziplinarmoosname geholl ginn.

De Conseil d'État huet a sengem Avis complémentaire vom 28. Abréll nach eemol kritiséiert, dass et schwammeg géif bliwen, wat fir Verhale sollen, müssen oder kënnen ze esou Moosname féieren. De Projet de règlement grand-ducal, dee mer gëschter vun de Servicer vum Ministère zougestallt kruten, fixéiert awer elo eng Rei vun deene Regeln, un déi d'Insasse sech ze halen hunn, an där hiert Netanhale kéint ze esou Disziplinarmoosname féieren.

D'CSV-Fraktioun ass och hei der Meenung, dass d'Uwendung vun dëse Moosname steet a fält mat der Kompositioun, der Qualität an dem Engagement vum Personal. Dofir sollt een där neier Équipe elo emol eng Chance ginn, fir sech mat dëse Regeln ausenanerzesetzen, a gegebenenfalls kann een esou e Reglement, dat, mengen ech, och nach net definitiv ass, erëm op de Leescht huelen, wann dat néideg ass.

Dat proposéiert Reglement regelt den deeglechen Oflaf vum Liewen am Centre de rétention, d'Detailer, vun Dag zu Dag, och wann et där Deeg net vill sinn, an et fanne sech hei eng Rei Avantage op déi aktuell Séjournen am Prisons: méi einfach Visiten,

méi einfachen Accès zur Kommunikatioun, eng méi korrekt Privatsphär, en Zesummebleiw vum de Familjen net ze vergiessen. Am Reglement sinn eng Rei Detailer, déi een nach vläicht mat den zukünftige Verantwortlechen an deene verschiddenen Domänen eemol misst diskutéieren. Souwäit ech weess, ass dat och virgesinn.

Eng lescht Remarque betrëfft de personelle Kader, dee virgesinn ass. En ass grousszügeg ugeluecht, an et wäert hei awer och wichtig sinn, d'Sécherheetspersonal an d'Gardiener net ze kuerz kommen ze loossen. Och dat ass eng Suerg vun de Betraffenen. Ech erkläre mech.

Ech hat virdrun erzielt, dass et eng Rei vun Détenué gëtt, déi iergendwann zu Mesuré ginn, wa se hir Strof ofgesiess hunn. Et gëtt leider op där anerer Säit awer och ëmmer erëm an Eenzelfäll Mesuren, déi entlooss ginn, an dann herno fir d'éischt als Prévenu, dann als Détenü erëmkommen, well si am Kontakt mat hiren neie Kolleegen Tricke geléiert hunn, fir méi schnell zu Geld ze kommen, wéi dat an der Legalitéit méiglech ass.

D'Populatioun ass duerch d'Bank, mä eben net ëmmer, harmlos. An da muss een deene Leit nogelauschert hunn, fir ze wëssen, wat Verschiddener vun hinne schon alles hu missen dréien, fir aus deene Länner, wou se hierkommen, aus Afrika, aus Brasilien, iwwerhaupt bis an Europa ze kommen.

Dat betrëfft déi, déi hire Pass iergendwou ënnerwee aus dem Zuch oder dem Schëff geschmass hunn, déi, déi vu sech haapten, si wäer Mineuren an dofir emol fir d'éischt müssen eng medezinesch Prozedur duerchlafen, fir hire Knachenalter festzustellen. Et betrëfft virun allem d'Dubliner, net déi Band, déi an Irland relativ bekannt ass, mä déi, déi, wéi de Marc Angel gesot huet, nom Dublin-2-Ofkommen, fir déi hei bei ons en anert Land an der Europäescher Communautéit zoustänneg ass an déi esou relativ séier och erëm kënnen an dat Land zréckbruecht ginn.

Si stelle souwisou d'Majoritéit vun de Mesuren a si sinn och déi, déi méi schwéier ze iwwerzeegen sinn, erëm dohin zréckzagoen, wéi déi Leit, déi erëm an hiert eegent Land rapatriéiert kënnen ginn.

Mir sinn also als CSV-Fraktioun der Meenung, dass, wann ee Land sech Moyenné gëtt, a si sinn net onbeträchtlech, eng Rei vu Leit a gewësse Situatiounen enger administrativer Rétentioun zouzeféieren, dass dann awer och déi Moyenné müssen opbruecht ginn, fir si do ze behalen, soss kann ee sech dat nämlech spueren.

Aus dësem Grond muss wuel fir dee psychosozialen Encadrement gesuergt ginn, mä awer och fir d'Iwwerwaachung vun der Anlag an de Schutz vun deenen aneren Insassen respektiv vun dem Personal, an zwar duerch genügend Gardiener an eng Ofsécherung vun, zum Beispill, Transporten duerch d'Police. All aner sozioprofessionell Kategorie, an ech géif elo déi medezinesch a paramedezinesch mat aberechnen, sinn net géeeagent, beruff oder befugt, esou eng Roll ze iwwerhuelen.

Et solle souwisou nëmme esou Leit an d'Rétentioun kommen, an dat ass och esou virgesinn, wou eng reell Chance besteet, dass si a kuerzen Délaie kënnen zréckgefouert ginn. Et handelt sech kloer net ëm eng Beugehaft; dat gëtt och elo esou gehandhaabt, an déi allermeescht Mesuré sinn och haut d'accord mat hirer Zréckféierung. Dat gëtt illustriert duerch eng Durée moyenne de séjour vun ongeféier engem Mount.

D'CSV-Fraktioun begréisst also am Résumé dëst Gesetz, wat dem Bauprojet Findel dat néidegt Liewe gëtt. Dofir ginn ech hei och den Accord vun onser Fraktioun. Mir wënschen zum Schluss där neier Équipe, déi dëse Projet wäert animéieren an encadréieren, an déi jo scho méi laang an de Vorbereedungsarbechten ass, eng gutt Händchen a vill Satisfaktioun bei hirer Aufgab.

Ech soen lech Merci.

» **Plusieurs voix**.- Très bien!

» **M. le Président**.- Merci, Madame Stein. D'Wuert huet elo den Här Bettel.

»» **M. Xavier Bettel** (DP).- Merci, Hår President. No dësen zwee Rapporte brauch ech jo net nach eng Kéier an den Detail ze goen. Ech wëll awer just hei verschidde Punkte soulevéieren.

Den éischten ass, ech si jo bekannt fir, wa mer eppes net passt, da soen ech et. Mä wann eppes Guddes gemaach gëtt, fannen ech, dass een et och soll soulevéieren.

Ech muss lech soen haut, dass mä Luef fir de Minister Schmit hei en éierleche Luef ass. Wann ee gesäit, wéi dëse Centre de rétention gebaut gëtt, da kann ee sech freeën. A wann een de Résumé gesäit, dee mir gemaach kritt hunn iwwert d'Retenuen, wou drasteet: «Le centre accueille deux populations distinctes: les étrangers qui lors d'un contrôle de police sont détectés comme étant en séjour irrégulier au pays ou qui sont connus pour être en séjour irrégulier au pays et» - déi Zweet - «les demandeurs d'asile qui soit sont placés afin de ne pas compromettre leur transfert dans un État membre de l'Union européenne responsable du traitement de la demande, soit sont déboutés de leur demande d'asile et refusent de quitter le Luxembourg.»

(Interruption)

Hår President, bis haut... Dat dote sinn déi zwee Kritäre vun deene Leit, déi do an dee Centre de rétention kommen.

Sinn dat Krimineller? Sinn dat Leit, déi verdéngt hunn, an e Prisong ze kommen? Sinn dat Leit, déi hanner Barreauden dee ganzen Dag mussen agespaart sinn? Sinn dat Leit, déi mat Handschelle mussen traitéiert ginn?

Esou ass bis haut d'Immigratiounspolitik an d'Politik vun den Débouteierten hei zu Lëtzebuerg gemaach ginn. An dat geet net.

Ech muss lech soen, dass et en anere Stil ass, deen den Här Schmit huet, wéi de Prédècesseur, de Minister Frieden. An ech ka mech nëmme driwwer freeën. Déi Leit hunn näischt aneschtens gemaach, wéi vläicht net déi richteg Pabeieren ze hunn, net dee richtige Statut, an engem Land ze sinn, wou se dann eben débouteiert gi sinn, mais ça n'en fait toujours pas des criminels.

An haut ass vun, ech kéint bal soen, „wishful thinking“ hei vum Rapporteur gesot ginn, dass elo gläich géif ugefaange gi mat bauen. Ech hunn dat schonn héiere viru Jore mat Dräibur, dat géif och elo gläich ugefaange gi mat bauen. Ech gesi just, dass Dräibur haut nach ëmmer net op ass an dass d'Mineuren nach ëmmer am Prisong sinn.

(Interruptions)

Ech soe just, dass d'Mineuren haut nach ëmmer am Prisong sinn, Madame Buergermeeschtesch. Déi sinn nach ëmmer am Prisong. An et ass net déi Plaz am Prisong. An ech gesinn, dass haut débouteiert Demandeurs d'asile och nach ëmmer am Prisong sinn. An dat ass net déi Plaz fir déi Leit.

Ech hu virdu gesot, ech géif Luef ginn, wann e méritéiert wier. Dowéinst hunn ech dat gemaach. Dofir eng kleng Klammer, well leider, Dir héiert et och nach u menger Stëmm, wor ech krank, a gëschter hätt ech och gären zum Stalkingsgesetz geschwat, fir och ze soen, ech hätt gären dozou eppes gesot an dem Claudia Dall'Agnol Merci gesot fir déi ganz Initiativen, déi et an deem dote Sujet geholl huet.

(Brouhaha)

»» **M. le Président.** - Hår Bettel, Åre Message ass ukomm. Kommt elo nees bei de Projet.

»» **M. Xavier Bettel** (DP).- Zum Projet hei, Hår President, muss ech lech soen, dass et wichteg ass, dass och d'Majoritéit awer en oppent Ouer huet fir d'Oppositoun.

Ech muss lech soen, dass an deem heiten Text de President Fayot an och de Minister Schmit bewisen hunn, dass Iddien, déi d'Oppositoun proposéiert huet, gutt waren an och déi ugeholl hunn. An dat huet den Här Goerens a mech selbstverständlech vill gefreet. Ob dat ass iwwert d'Traitement, wéi dat Ganzt sollt ginn, iwwert d'Droits vun der Défense an iwwert d'Prozedur, wéi déi Leit dohannen och traitéiert ginn.

Ech muss lech soen, et si verschidde Saachen. Hei geet et iwwert d'Organisation structurelle, iwwert d'Organisation fonctionnelle an d'Agente vum Centre.

Fir d'éischt iwwert d'Organisation structurelle: Hei ass et immens wichteg, dass d'Koppelen och kënnen als Koppel do sinn. Wann ee jo gesäit, am Prisong gëtt et dat jo och nach net. Do gëtt et och kee Raum, wou ee kann eng méi intim Relatioun hunn. Dat heescht, wann Der dräi Méint als Koppel agespaart gitt. Hei huet een awer d'Méiglechkeet, als Koppel och nach zesammenzeliewen. Am Prisong haut gëtt et dat selbstverständlech net. Mä et dierf een och net. Zum Beispill eng Relation sexuelle am Prisong ass haut net méiglech hei; et ass en Tabuthema. Ech weess, dass ganz vill Leit da wäerten hei sech opreegen, wann een esou Sujeten upeekt. Mä dat ass och wichteg, dass een, wann een als Koppel do ass, och dierf als Koppel weider liewen.

De Pacts ass unerkannt ginn. Mir wollten als Kommissioun am Ufank e bësse méi wäit goen, well d'Kritäre vum Pacts hei zu Lëtzebuerg jo zimlech restriktiv sinn, mä dat hu mer och net duerchkritt.

Iwwert d'Prozedur, wéi d'Leit erakommen a wéi d'Aktivitéite gemaach ginn, kann een och nëmme luwen, dass déi Leit fräiwëlleg kënnen eng Aarbecht huelen, fir dann och e puer Sou ze verdéngen. An et ass och virun allem e Respekt vis-à-vis vum Mënsch do, vis-à-vis vu sengen Traditiounen, vis-à-vis vu senger Relioun, vis-à-vis vu sengen Habituden. An dat ass och eppes, wat hautdësdsags op jidde Fall net garantéiert ka ginn.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

An da schlussendlech, Hår President, iwwert d'Agente vum Centre. Mir hunn och dës Motioun ënnerschiwwen. A mir wiere frou, wann de Minister och kéint d'budgetär Moyerë kréien, fir d'Personal anzustellen, fir dass, soubal wann dee Centre opgeet, och d'Personal déi richteg Formatoun huet a kann dann och ufänke mat schaffen.

Wéi gesot, Hår President, et ass net üblech, dass jo hei vun der Oppositoun Luef kënn. Wann e Luef kënn, da soll et och justifiéiert sinn. An ech mengen, dat heiten ass fir mech e Projet de loi, deen an déi richteg Richtung geet.

Ech hu just virdu gesot, dass nach näischt gebaut ass. Et soll ugefaange gi mat bauen, do si mer ganz averstanen. Mä dee richtigen Dag, wou mer eis kënnen freeën, dat ass, wann haut an deem räiche Lëtzebuerg kee Mineur méi an deem Prisong ass a keen Demandeur, deen débouteiert ginn ass vun enger Demande d'asile.

Ech soen lech Merci.

»» **Plusieurs voix.** - Très bien!

»» **M. Xavier Bettel** (DP).- Mir wäerten och dëse Projet stëmmen.

»» **M. le Président.** - Merci, Hår Bettel. Dann huet den honorabelen Här Félix Braz d'Wuert.

»» **M. Félix Braz** (DÉI GRÉNG).- Merci, Hår President. Déi Leit, em déi et bei dësem Projet de loi geet, si Leit, déi am Moment an zënter laange Joren - net individuell, mä déi dote Kategorie vu Leit - am Centre pénitentiaire zu Schraasseg sëtzen. Dat geschitt zënter 1972 opgrond vun der Loi Schaus vun der Mise à disposition du Gouvernement. Mä zënter '72 stoung och an deem Gesetz, dass se missten an engem Lieu approprié ënnerbruecht ginn. Mat „Lieu approprié“ konnt am Gesetz net de Prisong gemengt sinn, well dann hätt een dat e Prisong genannt. Deen Term kenne mer an anere Gesetzer, dofir konnt et net de Prisong gewiescht sinn, dee gemengt war deemools an der Loi Schaus.

Trotzdem ass dee Lieu approprié vun der Loi Schaus vun 1972 bis haut am Joer 2009 nach ëmmer näischt anescht hei zu Lëtzebuerg wéi de Prisong zu Schraasseg. Zënter 37 Joer ass e Lieu approprié fir eng Réention administrative zu Lëtzebuerg de Prisong. Do, wou Leit sëtzen, déi e Verbriche begaangen hunn.

Déi Leit hei, déi am Fong just ënner eng Kategorie vu Gesetzer falen, déi mat der Awanderung ze dinn hunn, déi Leit hu par ailleurs an aller Regel näischt verbrach, kengem eppes gedoen. Si gi just um Enn vun hire Prozeduren aus dem Land ausgewisen. An zënter 37 Joer späre mer déi dote Leit ënner Konditiounen zu Schraasseg an, déi näischt ze dinn hu mat deem, wat een deene Leit ka virwerfen.

De Centre de rétention hu mir als Gréng och dofir matgestëmmt. Mir haten eng Rei vu Bedenken, mä mir hunn trotzdem gesot, dass et wichteg wier, dass et eng Struktur

géif ginn, eng aner wéi de Prisong hei zu Lëtzebuerg, déi och en aneren Traitement vun deene Leit géif an Zukunft erlaben.

Mir hate bemängelt deemools an der Hauptsach zwou, dräi Saachen.

Déi éischt war, dass mer d'Gréisst bemängelt hunn, well mer gesot hunn: „An eiser Logik ass de Centre de rétention, laanscht dee mer net ganz kënnen kommen, well soss bleift eis just de Prisong; dat wollte mer och net méi hunn. Et muss awer kloer sinn, dass et d'Ultima ratio ass.“ Mir mussen eis un deenen inspiréieren, déi et fäerdeg bréngen an där doter Matière, fir d'Politik esou ze organiséieren, dass se mat engem strikte Minimum vu Réention eens ginn.

Mir waren eis mat der zoustänneger Kommissioun, de Minister hat eis do bei deene Reesen och begleet, zwee Beispiller an d'Schwäiz ukucken; eent op Genève an eent op Zürich. Dat Züricher war e gutt Beispill dofir, wéi een et net soll maachen. Dat Genève Beispill war e gutt Beispill dofir, wéi een et soll maachen.

Mir hunn och duerno, an dat huet de Minister och mat ënnerstëtzt, eis ugelehnt un dat, wat zu Genève gemaach gëtt. Mir hunn och mat deene Leit selwer Kontakt gehat, fir eis un hinne kënnen ze inspiréieren, well déi et effektiv fäerdeg bréngen, mat engem Minimum nëmme vu Réention an där doter Matière hir Politik an hir Gesetzer applizéiert ze gesinn.

Dofir war dee Projet eis ze grouss. Eis Suerg war: Bei där doter Gréisst vu Projet induzéiert dat och eng gewëssen Utilisatioun. Wann een déi Strukture bis huet an och déi Leit bis huet, jo gutt, dann, dans le doute, benotzt ee se vläicht och heiansdo do, wou ee se soss vläicht net benotzt hätt. Ouni iergendengem wëllen eppes ze ënnerstellen, kann een et awer net vun der Hand weisen, dass déi dote Gefor besteet.

Dofir si mer frou elo ze constatéieren, dass, wat d'Gréisst vum Centre betrëft, d'Regierung zënter dem Vote vum Projet e bëssen zrëckgeschrauft huet, d'Capacitéite reduzéiert huet. Dat läit an der Logik vun eiser Kritik beim Vote vum Projet. Dofir kenne mer dat nëmme begrëssen.

Gläichzäitig begrësse mer och, dass d'Zuel vu Leit, déi do soll schaffen, eropgesat gëtt, fir wierklech eng seriö Betreierung à tous les niveaux et sous tous les points de vue kënnen ze garantéieren.

Woubäi mer och do awer déiselwech Remarque wëlle soen: Och wa mer d'Gréisst reduzéiert hunn, an och wa mer elo genuch Personal hunn, fir dat anstänneg ze maachen, muss et dobäi bliewen, dass d'Aspären am Centre de rétention no aller Méiglechkeet muss évitéiert ginn. Et muss all aner Variant épuiséiert ginn, ier ee seet: „Do ass definitiv keng aner Léisung méiglech. Déi dote Leit ginn eben an de Centre de rétention.“

An da muss dat och nach fir esou eng kuerz Zäit wéi nëmme méiglech sinn, wann een d'Rentioun mécht, an dann och nach ënner Konditiounen, déi esou mënschewierdege wéi méiglech solle sinn.

Dat ass déi Approche, déi DÉI GRÉNG vertheidegt hunn. Dofir menge mer och, dass d'Entwécklung elo e bëssen an eis Richtung geet. Mä mir mussen duerno an der Praxis ofwaarden, wéi sech dee Projet do definitiv wäert entwéckelen.

Ee Punkt, dee fir eis wichteg war, dat war dat, wat mer elo mam Gesetz haut maachen, dass mer eng ganz Rei vun de Regele vum Centre net nëmme an e Règlement grand-ducal oder en Arrêté ministériel géifen aschreiwelen. Dat war eng breet gedeelte Meenung, dass ee sollt e Gesetz maachen iwwert d'Notzung vum Centre, net nëmme fir de Bau vum Centre, wéi mer et gemaach hunn, mä och iwwert d'Notzung selwer vum Centre. Dass also déi Regeln an aller Transparenz am Parlament sollte kënnen diskutéiert ginn an dass déi Regeln net nëmme um Niveau vun der Exécutive sollten etabliert ginn.

Där Iddi huet och de Minister sech verschriwwen an en huet och e Projet op de Wee bruecht, dee mer haut hei zur Ofstëmmung hunn. An dofir, mengen ech, och vun eiser Sait e Merci un de Minister Schmit, dass mer deen dote Wee gewielt hunn, an net de Wee nëmme vum Arrêté oder vum Règlement grand-ducal.

Ee weidere Punkt, deen eis wichteg ass, dee mam Gesetz net definitiv an endgültig beäntwert gëtt: Mir sinn der Meenung, dass Kanner, Mineuren näischt do verluer hunn, non accompagné oder accompagné. Dat hu mer an där Konsequenz net am Gesetz beschriwwen. Mir hoffen, dass d'Praxis et awer da wäert maachen, dass mer probéieren, wierklech vun deem Grondprinzip do net ofzeréckelen, dass Kanner net age-

spart gehéieren. Erwuessener och net. Et ass och bei hinnen d'Ultima ratio.

Mä besonnesch bei Mineure muss dat ganz einfach d'Politik sinn, zu där et keng Ausnahm sollt ginn. Mineure gehéieren net agespaart, och net an engem Centre de rétention, dee modern wier an dee géif no moderne Regele funktionéieren.

Mir halen et och fir wichteg, dass do am Alldag vun deem Centre no Méiglechkeet eng gewëssen Oppenheet an Toleranz muss gëllen. Wat eis guer net iwwerzeegt huet, dat war dee Modell vun Zürich, dee mer besiche waren, well deen drop gebaut huet, dass een alles misst vuneneen trennen, dass een de Leit all Initiativ praktesch misst ofhuelen an dass ee misst bestëmmte Gruppe vu Leit onbedéngt vuneneen ewech gehale kréien, Leit mat verschidde reliéisen Hannergrënn, ethnischen Hannergrënn an esou weider konsequent ze trennen.

Mir halen et éischer mat deem Modell, dee mer zu Genève gesinn hunn, déi de Contraire gesot hunn, déi gesot hunn: „Déi Leit, fir déi Zäit, déi se hei verbréngen, sinn en Deel vun enger Communautéit, der Communautéit vum Centre, an all déi Leit sollen Hiert dozou bäidroen, dass eng bestëmmten Atmosphär an Ambiente an deem Centre virherrscht.“

Dat heescht, zu Genève ginn déi Leit guer net cloisonnéiert an do ginn déi Leit och guer net déresponsabiliséiert. D'Leit mussen am Centre wéi Mënsche behandelt ginn a sech selwer och een deen anere wéi Mënsche behandeln, an dofir gi se och net vunenee getrennt, mä si ginn am Alldag matenaner konfrontéiert a si mussen am Alldag matenaner eens ginn.

Si däreifen och dofir selwer kachen. Do kréie se net dräimol den Dag en lesse geliwert, mä si mussen oder si dierfe sech selwer kachen, dat, wat si gären iessen, wëssend, dass dann do Messeren am Spill sinn, wa gekacht gëtt. Do sinn zu Genève déiselwech Angsichten diskutéiert gi virun. D'Gefor vun Iwwergréffer, vu Panikreaktiounen, vu Kuerzschlussreaktiounen.

D'Praxis vu Genève weist awer, dass et funktionéiert. Wann een d'Leit wéi Mënsche behandelt a wann ee se wéi Mënsche respektéiert, da behuele se sech och wéi Mënschen. Genève féiert dat vir. An dat ass dee Modell, dee mir och gären hätten. Eng Oppenheet an eng géigesäiteg Mënschlechkeet am Centre, déi einfach den Alldag soll sinn, an dofir ass e besonnescht Aemierk och op de Rekrutement ze gehien.

Mir hunn eng Motioun, déi duerno zur Ofstëmmung kënn, déi mir och ënnerstëtzen, fir méiglechst fir mat deem Rekrutement unzefänken, dass déi Leit och, ier se déi éischte Kéier do musse schaffen, Zäit haten, sech och mat där fir si neier Welt ofzeginn.

Mä et ass och wichteg, dass mer gutt oppassen, wie mer huelen. Net just wéi een Diplom dass se hunn, dat gehéiert dozou, mä wéi ee Parcours se och haten. Ech hunn nach genee am Ouer d'Wierder vum Direkter vu Genève, dee gesot huet: „Ech hunn no aller Méiglechkeet probéiert, d'Leit net ze rekrutéieren, déi aus dem Milieu carcélair komm sinn. Et ass e schwierige Milieu. Et ass en aneren Émgang hei verlaangt.“

An en huet virun allem och gesot: „Ech hu probéiert, Leit ze rekrutéieren, déi an hirer eegener Biographie och emol schonn eng Kéier e Broch haten. Ech hu probéiert, Leit ze évitieren, déi lineär duerch d'Liewe komm sinn, déi ni eng Schwierigkeet begéint hunn, deenen ni eppes schifgaang ass, déi ëmmer nëmme Succès haten, well déi kee Verständnis dévlopéiere fir Leit, déi selwer Bréch an hirer Biographie hunn, déi Leit, déi am Centre eventuell herno endegen.“

Dofir huet den Direkter gesot, dat ass e wichtege Punkt gewiescht, an e wär vu ville Säiten ënner Drock gesat ginn, fir awer anescht ze rekrutéieren. En hätt sech missen ëmmer nees do dergéint wieren, an en huet wierklech opgepasst, Leit ze rekrutéieren, déi selwer verstinn, wann engem Mënsch eppes net riicht geréit, dass en dofir Verständnes huet an net just Mépris oder Iwwerleeënheet dee Moment emfénnt, mä dass een déi Leit wierklech ka verstoen, wa se e Broch haten.

»» **Une voix.** - Très bien!

»» **M. Félix Braz** (DÉI GRÉNG).- An dat soll beim Rekrutement onbedéngt och hei zu Lëtzebuerg, och wann en da soll fréi ufänken, berücksichtegt ginn.

Mir sinn och der Meenung, dass am Centre d'Visiten, d'Kontakter esou breet wéi

Jeudi,  
7 mai 2009

nëmme méiglech sollen erlaabt sinn. Dat ass wichteg. Et ass och esou ugeduecht. Mä mir ënnersträchen dat ausdrécklech, dass mer eis dat esou virstellen.

Eng Kritik, déi vun enger Rei Leit formuléiert gi war, dat wa dee ville Pouvoir, deen den Direkter a sän Adjoint solle kréien. Mir wëssen, wien Direkter soll ginn. Et ass eng Persoun, ech mengen, déi an der Kommissioun op eng breet Zoustëmmung treëft, déi e Kredit huet u Vertraue bei de Membere vun der Kommissioun. Mä natierlech ass et besser, wann ee Reglementer huet, déi och onafhängeg vun der Persoun all Garantië bidden.

Mir hunn an der Kommissioun och dofir zumindest eng Voix de recours geschaf, contrairement zum initialen Text, virum Verwaltungsgericht, fir do och e besse méi e kontradiktorecht Element erazekréien. Mä deen dote Punkt ass mat Sêcherheet een, deen ee ganz enk muss suivéieren, a wou mer relativ fréi sollen als Chamber mat der Regierung zesummen e Bilan maachen a kucken, wéi grad deen dote Punkt sech entwéckelt, ob tatsächlech am Alldag dee ville Pouvoir iwwert déi Leit, deen d'Direktioun huet, sech bewährt oder net.

An nach eng Kéier: Domat wëll ech näischt gesot hunn iwwert déi Persoun, déi designéiert ass, fir Direkter ze ginn, déi och eist Vertrauen huet. Mä et stëmmt, dass se zimlech breetgestache Pouvoiren huet. An dat soll een enk am A behalen an och bilanzéieren.

Dat gesot, brénge mir als Gréng eis Zoustëmmung zu dësem Text opgrond vun deenen dote Grënn. Mir wënschen all deenen, déi am Centre ze schaffe kréien, eng glécklech an och eng mënschlech Hand, a mir brénge och schon eis Zoustëmmung zu der Motioun.

Ech soen lech Merci.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Hâr Braz. De leschte Riedner ass den honorabelen Hâr Henckes.

» **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Hâr President, Dir Dammen an Dir Hären, wann een décidéiert huet, e Centre de rétention ze bauen, ass et natierlech och ganz logesch, dass ee dann awer och muss d'Personal rekrutéieren an déi ganz Organisatioun vun esou engem Centre de rétention duerchzéien, wat jo och hei de Sënn an Zweck vum Gesetz ass. Ech wollt dem Rapporteur, dem Marc Angel, villmoools Merci soen. En huet ons hei eng ganz gutt Introductioun ginn.

Wourëmmer geet et hei? Ganz einfach, mir sinn an enger Situatioun, wou elo en Demandeur d'asile entweder am Prisong ka sätzen, oder e kann an enger privater Wunneng iergendwou sinn, mä e kann awer fräi zirkuléieren, oder e muss iergendwéi an en Heim oder soss erakommen, wou et em manifestement awer à tout moment méiglech ass fortzegoen, deen Ablack, wou en zum Beispill misst de force a sän Heemechtsland zréckbruecht ginn, wann eng Décision judiciaire an deem Sënn virläit.

Mir sätzen do also an enger Situatioun, déi net gutt ass, déi net kloer ass. Dofir ass et scho richtig, dass mer elo op de Wee vun engem Centre de rétention ginn, wou éischters déi Leit drakommen, déi hei irrégulär am Land liewen oder sinn, oder déi een als solch fënnt an deem Kontext. An et geet och ëm d'Demandeurs d'asile, déi entweder müssen op Basis vun Dublin nees erëm an dat Land zréckgefouert ginn, wou se fir d'éischt an der Europäescher Unioun erakomm sinn, respektiv déi, déi vun enger Demande d'asile déboutéiert gi sinn an déi müssen nees erëm zréckgefouert ginn an hiert Heemechtsland.

Wat déi Leit ueget, déi en séjour irrégulier sinn - wéi een dat nennt; dat heescht illegal Immigranten -, do wëll ech an deem Kontext awer nach e kleng Problem opwerfen, deen u mech ugedroe ginn ass a wou ech mengen, dass ee misst verhéieren, dass dat eng Ausweidung krit.

Ganz vill Leit aus Drëttlänner froen, fir hei op Lëtzebuerg schaffen ze kommen. An do dauert et da relativ laang, bis se eng Autorisation de séjour et de travail kréien. Dat huet anscheinend e besse mat dem Computer oder mat der Software ze dinn. Dofir wollt ech froen, ob do schon eng Méiglechkeet oder Fortschritt sinn, dass dat net ze laang dauert.

Woufir? Well souguer wa Renouvellementer musse kommen, dann ass et och evident, dass dat och eng Zäitchen dauert. An et kann net sinn, dass wann een déi Demande de renouvellement e bëssen ze spéit oder kuerzfristeg eraginn huet, en deen Ablack aus dem Fichier vun de Persounen, déi hei

zu Lëtzebuerg offiziell dierfe wunnen, automatesch erausflitt an dass en dann en séjour irrégulier ass. Ech mengen, dofir wier et noutwendeg, dass mer op jiddo Fall do esou Erreurs de parcours missten évitéieren, well dass wier verhängnisvoll fir allegeren déi Leit, déi betraff sinn, mä och jee nodeem wien et ka sinn.

Da stellt sech och nach an deem Kontext vun den Demandeurs d'asile eng Problematik, wou ech och gâr wëisst, wéi de Minister déi wëllt léisen. Mir hunn eng etlech Leit, déi aus Demandeurs d'asile woren, oder Leit, déi aus Drëttlänner kommen an déi hei zu Lëtzebuerg eng Peine criminelle ofgesiess hunn, an déi missten normalerweis an hiert Heemechtsland nees zréckgefouert ginn. Well déi awer net kënnen zréckgefouert ginn, well hiert Heemechtsland se net wëllt, sätze se elo pour le moment am Prisong nach an der Situatioun.

Ech huelen un, normalerweis wa se hir Strof ofgesiess hunn, gehéiere se net méi an de Prisong, a si missten am Prinzip deen Ablack an de Centre de rétention kommen. Et gëtt eng aner Méiglechkeet, déi am Ausland bei esou Fäll gebraucht gëtt. Dat ass déi, dass se e Bracelet électronique kréien.

Dofir wollt ech froen, wéi d'Regierung esou Problematik wëllt ugoen, ob et net méiglech ass, dass ee kéint versichen, fir au niveau européen Accorden ze fannen, fir Persounen, déi an esou Situatiounen sinn, iwwer europäesch Accorden de réadmission, déi et gëtt, nees erëm awer an hir Heemechtslänner zréckzeféieren. Well et kann awer net esou sinn, dass Leit, déi hei zu Lëtzebuerg condamnéiert gi sinn, déi eng Strof ofgesiess hunn, déi missten normalerweis expulséiert ginn, awer hei am Land bleiwen an dass mer deenen net méi lass kënnen ginn.

Da stellt sech am Kontext vum Centre de rétention awer och eng Problematik vun de Mineuren. Mir hunn zweeërlee Zorte Mineuren:

de, déi effektiv Mineur sinn, wou ee ganz visiblement gesäit, dass et Jonker sinn ënner 18 Joer. Do menge mer, dass déi awer missten an dem Centre de rétention bleiwen, wou se eleng sinn, ouni hir Elteren, bien entendu, fir wëinstens en Encadrement ze hunn. Wa se do keen Encadrement hunn, wou kënnen se dann hikommen? Dat ass eng Problematik, déi nach onkloer ass.

An da gëtt et déi falsch Mineuren. Dat heescht, déi Leit, déi eng 25, 30 Joer al sinn, an déi, ouni mat der Wilper ze zucken, behaapten, si wieren elo 15 oder 16 Joer al. Ech huelen un, dass Der déi éischer awer géift am Centre de rétention loosse.

Dat gesot, muss ee also begréissen, dass mer elo e Projet de loi hunn, deen dee Centre de rétention organiséiert. Den Direkter krit déi Pouvoiren, déi néideg sinn, fir dee Betrib do ze féieren; wat och néideg ass, well et wäert net onbedéngt einfach sinn.

Mir müssen elo séier virukommen. Ech hoffen, dass déi Motioun, déi mer elo stëmmen an déi d'ADR och matdréit, der Regierung d'Méiglechkeet gëtt, fir d'Personal ze rekrutéieren. Nach hoffen ech, Hâr Minister, dass Der net Personal rekrutéiert hutt an dass de Bau dann nach net fäerdeg ass. Dofir wier et gutt, dass mer do vläicht e puer Informatiounen kéinte kréien, ob do eng Concordance oder eng Visioun ass, wéini de Bau effektiv kann a Betrib geholl ginn en vue vun der Evolutioun vun den Dossieren.

Dat gesot, nach eng Kéier den Accord vun der ADR zu dësem Projet de loi.

» **M. le Président.** - Merci, Hâr Henckes. D'Regierung, den Hâr Nicolas Schmit, huet d'Wuert.

» **M. Nicolas Schmit, Ministère délégué aux Affaires étrangères et à l'Immigration.** - Hâr President, léif Kollegen a Kolleginnen, ech wëll emol fir d'éischt, wéi dat esou Usus ass, dem Rapporteur villmoools Merci soe fir deen exzellente Rapport. Ech wëll natierlech och all deenen aneren Orateuren, der Madame Stein, dem Hâr Bettel, dem Hâr Braz an och lech, Merci soe fir Ä Commentairen a besonnesch natierlech fir déi Ënnerstëtzung, déi vun alle Fraktiounen ausgeet.

Ech muss soen, dass dat mech besonnesch erfreet, esou wéi ech dat schon eemol konnt soe beim Gesetz iwwert d'Libre circulation an d'Immigratioun, wou hei Eestëmmegkeet fonnt ginn ass. Esou ass et och ganz positiv, dass zu deem heite Projet d'Chamber sech eestëmmeg dofir kann ausschützen.

Dat weist, dass et op engem essenziellen Dossier, deem vun der Immigratioun, trotz allem nach large Gemeinsamkeiten hei an dësem Haus, an ech hoffen dann och dobaussen am Lëtzebuerg Land gëtt.

D'Lëtzebuerg Land kéint sech och keng aner Optioun leeschten, muss ech soen, wéi déi, eng oppen, tolerant Attitüd géigeniwwer vun dem Sujet vun der Immigratioun ze hunn.

Et ass gesot ginn, firwat mer e Centre de rétention brauchen. Mir si jorelaang international kritiséiert, condamnéiert ginn, well mer Leit an e Prisong gesat hunn, déi u sech näischt an engem klassische Prisong verluer hunn. Ech muss awer derbäifügen - wat, wann ech mech gutt erënnere, d'Madame Stein scho gesot huet -: Dass heescht net, dass ee domat automatesch eng Kritik an deene Leit mécht, déi am Prisong am berühmte Block P2 hir Responsabilitäten iwwert déi lescht Joren exekutéiert hunn.

Déi hu sech vill Méi ginn, oft ënner schwierige Konditiounen. Mir haten eemol e dramatische Problem, wou och e Mënschleewer verluer gaangen ass. Mä fir déi Leit, déi bis ewell an och nach virum e puer Méint a vläicht duerno mat anere Funktiounen am Centre de rétention schaffen, muss ech och Merci soen a soen, dass si hir Aarbecht gutt gemaach hu bis ewell, an ech och dovun iwwerzeegt sinn, dass si déi Aarbecht wäerte weider gutt maachen.

Mir hunn 2007 décidéiert, fir dee Centre ze bauen. Deemools kourm d'Demande, dass mer déi Organisatioun vun deem Centre sollten iwwer e Gesetz maachen. Ech hunn och verstan, dass dëst dee richtige Wee wier. E Gesetz gëtt ons Rechtssêcherheet, gëtt ons méi Transparenz, erlaabt ons besser, d'Rechter an d'Flichte vun deenen, déi do trotz allem agespaart sinn, ze definéieren, mä och vun deenen, déi déi Fonctioun hu mat deene Leit ze schaffen. Also, ech mengen, dass mer dee richtige Choix geholl hunn, fir dat iwwer e Gesetz ze maachen, dass heescht mat der Approbatioun vun der Chamber.

Iwwert den Esprit vun deem Centre ass vill scho geschwat ginn; d'Inspiratiounen. A mir hate jo och sâit dem Ufank d'Chamber - mä net nëmmen d'Chamber, och eng Rei ONGen - un der Elaboratioun vun deem Projet associéiert. An ech mengen, et ass och vläicht dofir, dass mer kënnen haut dee Projet unanime verabschieden.

D'Inspiratioun ass déi, dass et do ëm Leit geet, déi näischt verbrach hunn. An ech wëll dann direkt dem Hâr Henckes soen: Een, dee seng Peine ofgesat huet, dat heescht, een, deen am Prisong war, well en iergendeng gestiicht hat, an domat seng Peine ofgesat huet, egal seng Originen, ob et en Illegalen ass oder net, hien huet seng Peine ofgesat an en huet dann natierlech och d'Recht am Prinzip, op fräie Fouss ze kommen.

Wann et sech natierlech ëm illegal Leit handelt, da muss probéiert ginn emol éischters, an dat maache mer mat vill Efforten, soulaang wéi en nach am normale Prisong ass, scho seng Pabeieren an d'Rei ze kréien, dass e kann heemgoen, ier eigentlech seng Peine ofgelaf ass.

Mir hunn och do e System mam Parquet, dee bedeit, dass d'Leit souguer eng gewisse Remise de peine kënte kréien, net fir all Délitien oder Crimen - besonnesch net Crimen -, fir eben éischer kënnen heemzagoen, wa se d'accord sinn, volontairement heemzagoen. Sécher ass, dass ee, deen illegal ass, nodeem en och eventuell am Prisong souz, maximal ka véier Méint an de Centre de rétention goen.

Mä den Esprit vun deem Centre de rétention ass emol éischters ee vun engem Accompagnement psychosocial; dass heescht ze probéieren deene Leit kloerzemaachen, wat net einfach oder ganz oft net einfach ass, dass se zwar näischt verbrach hunn, mä dass se net d'Méiglechkeet oder d'Recht hunn, hei zu Lëtzebuerg ze bleiwen oder iergendwou anescht am Prinzip an Europa. Dass eng schwéier Aufgab, fir all deene Persounen, déi ganz oft alles op d'Spill gesat hunn, fir grad an Europa ze kommen, dass nozebréngen.

Mä ech muss soen, dass an deene leschte Méint déi nei Équipe, déi mer hunn, déi also och un der Preparatioun vun deem Centre de rétention do e wesentlechen Undeel huet, et fäerdeg bréngt, Leit ze iwwerzeegen, volontairement, wat dat och ëmmer heescht, oder quasi volontairement heemzagoen.

Mir haten net méi spéit wéi d'lescht Woch Leit, déi an de Nigeria zréckgaangen sinn ouni Problem, déi akzeptéiert hunn, dass eben d'Méiglechkeet, hei zu Lëtzebuerg ze bleiwen, net gi wär. Si hunn akzeptéiert, roueg an och mat där Ënnerstëtzung, déi schonn hei mentionéiert ginn ass, heemzagoen.

Dat ass de Wee, dee mer probéieren. Dass heescht, net e Wee, fir d'Leit ënner Con-

trainte ze setzen, mä mat deene Leit ze schaffen an ze probéiere se ze iwwerzeegen; wat eng schwéier Iwwerzeegungsaarbecht ass, déi vun deenen, déi déi Aarbecht maachen, vill Investissement, vill Gedold och, géif ech soen, verlaangt. Mä mir hunn déi éischt Resultater, an déi ganz Équipe am P2 elo scho bréngt et fäerdeg, dass mat engem relative Succès ze realiséieren.

Ech géif hei deen Esprit esou qualifizéieren, wéi e franséische Philosoph, de Michel Foucault, emol eng Kéier gesot huet: D'Maturitéit vun enger Demokratie a vun enger Gesellschaft miesst sech ënner anerem och dorun, wéi eng Gesellschaft mat deenen ëmgeet, déi se aspéiert, deene se eigentlech d'Fräiheet hält. Dass treëft natierlech allgemeng fir e Prisong zou, mä dass treëft och besonnesch, géif ech gâr soen, fir déi hei Leit zou, deenen trotz allem d'Fräiheet geholl gëtt, och wa se zwëschen deene Maueren, wou se dann agespaart sinn, méi Fräiheeten hunn, wéi dat notament am Prisong de Fall ass; fir déi verstänneg Grënn, iwwert déi scho vill gesot ginn ass.

Ech ka just hei ee Saz zitëieren vum Flüchtlingsrot, deen ech vëlleg adoptéieren, deen an engem vu sengen Avisë seet: « (...) la rétention de personnes constitue un acte grave qu'il faut aborder avec soin et précaution. (...) On ne devrait recourir aux mesures de rétention qu'en cas de stricte nécessité. »

Et bien, et ass ganz sécher, dass net all... An ech sinn ëmmer iwwerrascht, wann een heiansdo esou kéint mengen, mir géifen elo all Demandeur d'asile an e Centre de rétention wëlle setzen. Keen Demandeur d'asile a priori, ausser déi Kategorie, déi an dem Asylgesetz virgesinn ass, gëtt an de Centre de rétention gesat; ausser aussergewéinlech Zoustänn.

Firwat? Mä soulaang een Demandeur d'asile ass, huet een d'Recht, um Lëtzebuerg Territoire ze sinn. Et ass dee Moment, wou een net méi Demandeur d'asile ass, wou een opgefouert ginn ass heemzagoen, dass ee eigentlech sâi Statut verluer huet an domat och da muss kollaboréieren, fir heemzagoen.

Ech brauch näischt iwwert d'Dignité humaine ze soen. Et ass alles gesot iwwert d'Mënscherechter. Et ass ee zentralt Uleies, d'Mënscherechter an deem Centre ze respektéieren. Dass ass, mengen ech, och een Element, wou mer als Lëtzebuerg, als Lëtzebuergesche Gesellschaft weisen, wéi eng Maturitéit mer hunn.

Ee Wuert iwwert d'Mineuren. Éischters seet dee Projet de loi hei ganz kloer, dass d'Mineurs effektiv accompagnés - dass heescht d'Familljen; a mir denken do u ganz spezifesch Fäll - net méi wéi 72 Stonnen kënnen an deem Centre de rétention zréckbehale ginn. Do geet et haaptäschlech ëm déi Retouren, wou Familljen zréck an hiert Land gefouert ginn, déi momentan um Findel am AIDA zréckbehale ginn, an da wäerten an der Zukunft an deem Centre de rétention mussen e puer Stonnen oder eventuell en Dag oder zwee waarden, bis dann de Retour organiséiert ass. Mä och do soen ech direkt: Ech hoffen, dass et der ëmmer manner gëtt, well ech jo grad drop bauen, dass et soll iwwer Retour volontaire goen an net iwwert déi do Formel vu Retouren.

Mä déi Mineurs non accompagnés kommen am Prinzip iwwerhaupt net an de Centre de rétention, well d'Gesetz iwwert d'Libre circulation an d'Immigratioun a sengem Artikel 103, Alinea 2, kloer seet, dass de Mineur soll op e Lieu approprié kommen. Mir fannen also déi berühmten Expressioun erëm. Mä et ass ganz kloer: Wa mer gemengt hätten, dass dee Lieu approprié de Centre de rétention wier, dann hätte mer drageschriwwen, „au centre de rétention“. Mir hu geschriwwen: „au lieu approprié“. Dass heescht, mir müssen elo kucken, fir déi relativ rar Fäll vu Mineurs non accompagnés mat Foyeren eng Konventioun ze maachen, fir dass déi Mineuren an esou Foyere kënnen opgeholl ginn.

Wat nun e Mineur ubelaangt, ech mengen, dass ee besse wéi mam Enceinte-Sinn. Entweder ass ee Mineur, oder et ass een et net. Also, et gëtt d'Méiglechkeet, fir ze kucken - d'Madame Stein huet dat jo gesot -, ob een nu Mineur ass. Do gëtt et Tester, medezinesch Tester, fir dat erausfannen.

Et ass also net jiddwengem erlaabt, och wann e schonn 28 Joer huet, och wann e vläch net esou grouss ass, ze soe ganz einfach, e wier Mineur. Ech mengen, dat ass eng Geschicht, déi ee relativ séier kann opdecken.

Nun iwwert den Direkter: Ech mengen net, dat den Direkter do ze vill Pouvoir huet. Den Direkter huet eng zentral Funktioun, fir datt dee Centre an deem Esprit funktionéiert, wéi et am Gesetz virgesinn ass. Hien ass en Animateur, mä en ass natierlech och do, fir fir Uerdnung ze suergen.

Et ass ganz kloer, datt de Problem vun der Sécuritét een ass, deen een net kann einfach vergiessen. Well wann d'Insécuritét oder iergendwellech aner Débordementer iwwerhand géifen huelen, da wier dat eigentlech d'Enn vun engem Centre de rétention, deen drop baut, datt et a fridd-lecher a kooperativer Manéier do vir sech geet. Duerfir ass natierlech de Pendant vun där offener Approche d'Sécuritétapproche. Duerfir muss och derfir gesuergt ginn, datt déi Sécuritét absolut assuréiert ass.

Voilà. Ech mengen, ech soen lech fir all dee Luef, deen ech net eleng, oder ech net vill, verdéngen, mä besonnesch all déi Leit, déi ganz Équipe, déi do un deem Projet geschafft huet, fir all déi Leit, déi elo schonn op deene Plaze schaffen, Merci.

Ech hoffen, datt deen Esprit, deen an deem Gesetz steet, net nëmmen Esprit bleift, mä och an d'Praxis kann iwwerdree ginn.

Villmoos Merci.

►►► **Plusieurs voix.**- Très bien!

►►► **M. le Président.**- Merci, Här Minister. Mir kommen zum Vote.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmme fänkt un.

►►► **Une voix.**- D'Motioun!

►►► **Une autre voix.**- D'Motioun ass okay.

►►► **M. le Président.**- Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 5947 ass eestëmmege uegell mat 58 Jo-Stëmmen.

**Résultat définitif après redressement: le projet de loi 5947 est adopté à l'unanimité des 59 votants.**

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrigh-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnar, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;*

*MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger, Alexandre Krieps (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam (par Mme Viviane Loschetter), François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henkes, Jean-Pierre Koepf et Robert Mehlen (par M. Gast Gibéryen).*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Dann ass et esou décidéiert.

**Motion 1**

D'Motioun, déi den honorabelen Här Angel déposéiert huet, ass vum Här Schmit uegell ginn. Ech denken, dass mer kënnen par main levée ofstëmmen.

**Vote**

Wien ass d'accord dermat?

Ech gesinn, dat ass d'Unanimité. Domat ass déi Motioun uegell.

Mir kommen zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour. Dat ass de Projet de loi iwwert de Brevet de technicien supérieur. Hei ass de Rapporteur den honorabelen Här Oberweis. Et sinn ageschriwwen bis elo: d'Madame Brasseur, den Här Fayot an den Här Mehlen. De Rapporteur, den Här Marcel Oberweis, huet elo d'Wuert.

**(Brouhaha général)**

Ech géif em Opmierksamkeet fir de Rapporteur bidden!

## 8. 5876 - Projet de loi portant organisation de l'enseignement supérieur,

- fixant les modalités du cycle d'études d'enseignement supérieur aboutissant à la délivrance du brevet de technicien supérieur;

- modifiant la loi modifiée du 4 septembre 1990 portant réforme de l'enseignement secondaire technique et de la formation professionnelle continue;

- fixant les modalités d'implantation de formations d'enseignement supérieur ou de création de filiales ou d'établissements privés ou publics sur le territoire du Grand-Duché de Luxembourg;

- abrogeant la loi du 14 août 1976 déterminant les conditions de création d'établissements privés d'enseignement supérieur

**Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Culture**

►►► **M. Marcel Oberweis (CSV), rapporteur.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, et ass op dëser Plaz schonn dacks gesot ginn, dass d'Wëssen e wichtegt Element fir den Opschwung an der aktueller Wirtschaftskris duerstellt. Et ass och gewosst, dass d'Lissabon-Strategie sech zum Zil gesat hat, d'Europäesch Uniooun zum dynameschste Wirtschaftspeiler an der Welt, an dat bis 2010, opzebauen. Och wann dat leider net de Fall wäert sinn, dann dierfe mir awer net dee But aus den Ae verléieren.

Wann den Opschwung kënn, an dee kënn sécherlech, da brauche mir déi Leit, déi iwwert dat néidegt Wësse verfügen, fir mat unzepakten. De virleiende Gesetzesprojekt stellt en Element vun dëser Wëssens- a Bildungsstrategie duer, well mat him de Brevet de technicien supérieur, de sougenannte BTS, en neit Element vun der Héichschoulausbildung gëtt.

**(M. Laurent Mosar prend la Présidence)**

Derniewent sollen och déi Modalitéte festgeluecht ginn, duerch déi nei Formatiounen am Héichschulberäich op privater a staatlecher Basis hei am Land uegebuede ginn.

De virleiende Gesetzesprojekt ass den 28. Abrëll 2008 hei an der Chamber vum Héichschulminister déposéiert ginn. Eng éischt Lecture vum Text ass schonn den 29. Abrëll 2008 an enger Jointe téschent de Kommissiounen Héichschoul an Travail duerchgefouert ginn.

Dass et e wichtege Gesetzesprojekt ass, beweisen déi verschidden Avisé vum de Chambres professionnelles, deenen hir berechtescht Iwwerleeungen a Propositiounen en aval an de Gesetzesprojekt agefloss sinn. De Statsrot huet säin Avis den 3. März dës Joer eragereecht. An enger weiderer Sitzung ass de Gesetzesprojekt mat allen Avisen diskutéiert ginn, an d'Kommissioun huet mech zum Rapporteur genannt. Den 21. Abrëll dës Joer ass den Avis complémentaire vum Statsrot erakomm, deen den 22. examinéiert gouf. Finalement ass de Projet de rapport den 29. Abrëll eestëmmege uegell ginn.

Dëse Gesetzesprojekt iwwert de BTS stellt, wéi ech schonn ugedeit hunn, en neit Element vun dem Héichschulwiesen duer, dat jo selwer duerch d'Kreatioun vun der

Universitéit vu Lëtzebuerg am Joer 2003 eng ganz nei Dimensioun kritt huet.

An de leschte Jore konnt ee feststellen, dass et opgrond vun der gudder, exzellenter wirtschaftlecher Entwécklung hei am Land zu engem héije Besoin u qualifizéierte Matarbechter komm ass. Niewent de sëllege Bachelor-Diplomer - dorënner versteet een Héichschulstudie vun dräi oder véier Joer - goufen och eng ganz Rei vu Master-Diplomer ausgeschafft. Dat sinn am Regelfall Héichschulstudien, déi sech op de Bachelor drop grefféieren a maximal zwee Joer daueren. An da kann de Student, wann e wëllt, och nach seng Dokteraarbecht maachen, déi normalerweis dräi Joer dauert.

Mir bewegen eis also deemno mam Héichschulwiesen an dem Prozess vu Bologna, an deen ass am Joer 1999, also virun zéng Joer, an d'Liewe geruff ginn. An der Bologna-Konferenz vu Bergen am Joer 2005 ass festgehalen ginn, dass et zur Kreatioun vun intermédiären Diplomer an de Bachelor-Carrière kéint kommen. De BTS stellt esou en Typ duer: en Héichschulstudium de type court, awer mat enger professioneller Ausriichtung a mat enger Dauer vu maximal zwee Joer.

Ech hu schonn dorop higewisen, dass eis Wëssensgesellschaft Mënsche brauch mat engem oppene Geescht, mat vill Motivatioun, mat Fantasie an net zulescht mat vill Bëss, fir esoppe ze bewegen. Op alle Fall muss mir eis haut agestoen, dass et net méi duergeet, ze soen: „Ech décrochéieren en Diplom, an da sinn ech roueg fir mä ganz Liewen.“ Au contraire. Mir müssen haut ëmmer méi dovunner ausgoen, dass deen Einzelnen duerch seng permanent Weiterbildung ëmmer weider wëllt eropkommen, well wien hei stoe bleift, dee fällt zréck.

Sou dierf ech hei mat e bëssen Houfert dorun erënneren, dass 15 Meeschteren, déi 2001 op dem deemolegen IST uegfaangen hunn, hiren Diplôme industriel ze maachen, no sechs Joer erauskomm sinn an den Diplom vum Ingénieur industriel décrochéiert hunn. Fir mech eng formidabel Leeschtung vu Mënschen, déi gewosst hunn a gewëllt waren, hiert Stéck op der Sozialleeder eropzeklammen.

Elo da vläch kuerz déi wichtegst Punkten aus dem Gesetzesprojekt.

Éischtens, et handelt sech ëm Héichschulstudie vun zwee Joer mat enger professioneller Finalitéit. Deemo sollen d'Diplomanden op dem Aarbechtsmaart vermëttelt ginn.

Zweetens, den Diplom vum BTS kann een duerch Études à plein temps am Lycée kréien, woubäi nach da Stagen an den Entreprisé mat enger Dauer vun 228 Stonnen derbäikommen. Domat sollen déi theoretesch Connaissancé vum der Schoul am Betrib verdéift ginn. Wichteg ass op alle Fall, dass en Tutorat agefouert gëtt. Dat heescht, de Student gëtt während deenen zwee Joer vu senge Professere begleet.

Drittens, obschonn et sech ëm Héichschulstudien handelt - et ass faszinéierend, wat ech elo soen -, kënnen déi Etüden och an dem Lycée classique an technique duerchgefouert ginn, an d'Studenten oder d'Studentinne kréie fir hir Coursen, déi se ofgeluecht hunn, europäesch Punkten, dat sinn déi ECTS-Punkten.

Et ass och festgehalen ginn, dass de BTS-Diplom mat maximal 120 Punkten an a bestëmmte Fäll mat 135 ECTS-Punkte belount ka ginn.

Véierte Punkt: Den Accès zu de BTS-Etüde gëtt kloer geregelt. D'Studenten, déi en Diplom vun enger Terminale aus dem Lycée technique oder aus dem Lycée classique virweisen, hunn en direkten Accès. Weider déi Studenten, déi en Techniciensdiplom hunn. Déijéineg, déi aus dem Ausland kommen an en ähnlechen Diplom virweisen, déi kënnen dat och maachen, mä do muss dann nach den Diplom valoriséiert ginn.

D'Etüde ginn nom Modèle en alternance uegebueden. Dat heescht, et ginn och Studenten zugelooss, déi am Betrib schaffen an awer da fir speziell Coursen an d'Schoul erëm zréckkommen - an de Lycée, an deem Fall. Hir Berufspraxis - ganz interessant! - kann och no Evaluatioun mat ECTS-Punkte belount ginn.

Vläch e Wermutstropfen, awer dat ass normal: Aachte Punkt, d'Aschreiffraisé fir d'Etüde vum BTS bedree ronn 72 Euro pro Semester bei Index 100.

Et muss awer dorop higewisen ginn, dass hei en Numerus clausus agefouert gëtt. Firwat? Well een dovun aus muss goen, dass vill jonk Leit dee Wee wëlle goen. Da sollen déi agerechten Dossiere vum Student valoriséiert an dann am Ufank déi Bescht geholl ginn.

**(Interruption)**

Et huet jo kee Sënn, engem jonke Mënsch esou eppes virzegaukeln, kënnen op de BTS ze goen an e misst Chrëschtdag erëm heemgoen. Dat wär jo da schued.

Well dës BTS-Etüde jo net als eng reng Weiterbeschäftegung an de Lycéeën ugesinn dierfe ginn, muss kloer definéiert ginn, an dat an enker Kooperatioun mat de Wirtschaftsparteneren a mam Héichschulministère, wat fir eng BTS niewent den aktuellen nach uegebuede kënne ginn.

An duerfir gëtt e Comité vun aacht Memberen agesat, dee sech mat der Ausaarbechtung vun de Programmen beschäftigt.

Déi unerkannte BTS-Etüden daueren awer nëmme fënnel Joer. Da muss et zu enger Iwwerpräwung kommen. Wann da festgestallt gëtt, dass dee BTS net méi an der Wirtschaft gebraucht gëtt, da muss en erëm ewechgeholl ginn. Bis elo leie schonn Demandé vir aus de Beräicher vun der Industrie, vum Commerce, der Landwirtschaft, dem Handwierk, de Gesondheits-servicer, der Konscht an dem Design.

Wéi schonn ugedeit, ginn am zweeten Deel vum virleiende Gesetzesprojekt déi Modalitéte festgeluecht, déi nei Formatiounen am Héichschulberäich op der privater oder staatlecher Basis hei am Land erlaben.

Et gëtt schonn eng Rei vun Etablissementen, entre autres d'Sacred Heart University oder d'Chambre des Employés privés an der Kooperatioun mat der Uni vun Nanzeg an dem Centre de recherches public Henri Tudor, déi esou Héichschouldiplomer ausschaffen, déi och gutt uegell gi vum Maart. Well et awer an der Vergaangenheet heiansdo Problemer gouf mat esou Diplomer, muss elo ganz kloer am Gesetzesprojekt dat léigeféiert ginn.

Dat ass den Titre III: Hei ginn d'Modalitéte beschriwwen, no deenen dës Héichschulformatiounen zugelooss kënne ginn. Duerfir gëtt eng Agence gegrënnt, déi vu fënnel Memberen besat gëtt, deenen hir Aufgab dora besteet, dass si dann déi Accreditatiounen an dës Formatiounen duerchkucken.

Dierf ech dorop hiweisen, dass dës Accreditatioun nëmme fënnel Joer dauert? Déi kann awer dann tacitement weidergefouert ginn, ëmmer erëm fënnel Joer.

De Statsrot hat drëm gebieden, dass den Titre III vun den Titres I an II vum Gesetzesprojekt getrennt soll ginn. Mä no Diskussiounen an der Chamberskommissioun hu mer awer gemengt, dat sollt net de Fall sinn.

Ech komme schonn zum Schluss. Zum Schluss vu mengem Ausféierung wëll ech dorop hiweisen, dass an dräi Lycéeën elo schonn dës Etüden uegebuede ginn an normalerweis zwee Joer daueren. Engersäits am Lycée Technique des Arts et Métiers an de Formatiounen Animateur de dessins animés an Opérateur prépresse. Dës Schouljoer sinn do 17 Studenten am éischte Joer ageschriwwen a 14 am zweete Joer. Anersäits ginn am Lycée Technique École de Commerce et de Gestion dräi Formatiounen uegebueden: de Marketing, d'Kontabilitéit an d'Sekretariat. Dës Joer si 76 Studenten am éischte Joer ageschriwwen a 67 schonn am zweete Joer. Dann am Lycée Technique pour Professions de Santé, déi hu fënnel Formatiounen, entre autres den Infirmier an der Pédiatrie an den Infirmier an der Psychiatrie. Dës Joer sinn 39 Studenten am éischte Joer ageschriwwen a 24 am zweete Joer.

Ech hu schonn dorop higewisen, dass d'Wirtschaftspartner enk agebonne mussen ginn, well dës BTSe jo, wéi gesot, op den Aarbechtsmaart preparéiere sollen. Eng rezent Etüd vun der FEDIL huet gewisen, dass si am BTS e wëllkommenen Diplom gesinn, a fir si dat e Stéck ass vun engem Héichschulniveau op dem Aarbechtsmaart. No hirer Etüd konnt ee liessen, dass an der Verwaltung, der Gestiooun an am Commerce ronn 18% vun de Salariéen e BTS-Diplom hunn, géigeniwwer 6,7% an technesch Beräicher an nëmme 4% an der industrieller Produktioun.

Dass de BTS eng Zukunft huet, beweisen d'Gespräicher, déi elo schonn téschent Professoreren aus de Lycéeën an der Wirtschaft lafen, fir nei BTSen an d'Liewen ze rufen, déi dann an der Rentrée 2010 opgestallt kënne ginn. Do sinn der - ech hunn nogefrot - am Baubereich, am Speziellen an der nohalteger Entwécklung an am Bau-management, weider an der Telekommunikatiounswelt, der Automatisierungstechnik an der Mechatronik.

Mä leschte Punkt soll op déi Chance hiweisen, déi de Student mat dem BTS och nach ka kréien - och, wann dat sécherlech d'Ausnahm wäert sinn. Och wann dës BTS eng professionell Ausriichtung fir den

Jeudi,  
7 mai 2009

Aarbechtsmaart huet, dierfe mer net verkennen, dass et sécherlech, ech hoffen, ëmmer e puer Studente gëtt, déi da mat deem BTS-Diplom den Oproch maache wäerten a sech mat hiren ECTS-Punkten de Wee fréi schéppe wäerten, fir op de Bachelorstudium vun der Universitéit hinzugeen. Eng formidable Chance u sech, fir engem jonke Mënsch ze soen, wann en an eng Septième eraklémt dést Joer, fir hien dann iwwert dee gesamte Lycée iwwert de BTS op d'Uni an de Bachelor ze schécken.

Ech denken, dat ass eng geliefte Chance, an déi soll een awer net aus den Ae verleieren, notamment durch déi permanent Weiterbildung, déi mer hautdésdags ëmmer méi froen. Ech denken, dass et eng Chance ass, op der sozialer Leeder eropzueklammen, déi jo menger Meinung no no uewen onbegrenzt oppen ass. Mat deem Gesetzesprojet proposéiere mir eng formidable Chance, notamment um Bac plus zwee Joer.

No dësen Ausféierungen, Här President, Dir Dämmen an Dir Hären, Här Minister, wëll ech dann den Accord vu menger Fraktioun erabringen. Ech soe Merci, an ech hoffen, dass dese Gesetzesprojet eng breet Zoustëmmung kritt, well et jo e Stéck ass vun der Wëssensgesellschaft an der Strategie vu Lissabon.

Merci villmools.

►►► **Plusieurs voix.** - Très bien!

►►► **M. le Président.** - Ech soen dem Här Rapporteur Marcel Oberweis Merci. Als éischte Riedner ass d'Madame Anne Brasseur agedroen. Madame Brasseur, Dir hutt d'Wuert.

**Discussion générale**

►►► **Mme Anne Brasseur (DP).** - Merci, Här President. No deem präzise Rapport vum Här Oberweis, dee jo als Ingenieur och vun der Formation hier gewinnt ass, ganz prezis ze sinn, brauch een net méi an den Detail vum Projet anzugeen.

Ech géif just e puer Bemierkunge wëlle maachen. Dese Projet huet zwee Ziler. Dat eent ass, de Brevet de technicien supérieur ze organisieren. An dat zweet Zil ass, fir verschidden Institut zuzeloossen, fir Formationen hei zu Lëtzebuerg kënnen ze organisieren. Dat kënne privat Organisme sinn oder öffentlech Organisme, dat kënne lëtzebuergesch oder auslännesch Organisme sinn.

Den Här Oberweis huet et ugeschnitten, dass de Conseil d'État gesot huet, dat hätt ee sollen an engem getrennte Projet de loi traitieren. D'DP ass och där Meinung, dass et besser gewiescht wier, mir hätten zwee getrennte Projets de loi gehat, well d'Organisation vum BTS jo awer net forcément eppes ze dinn huet mam Niederloossungsrecht vun Organisme, déi Formationen offrieren, well déi Formationen gi jo iwwert déi vum BTS eraus. Vun der Technique législative hier hätt mer léiwer gehat, et wieren zwee Projete gewiescht. D'Majoritéit huet sech anescht entschloss. Mä ech mengen, dat ass awer keen Empêchement, fir dass mer deem Projet kënnen zoustëmmen.

Dann no där Remarque zu der Form wollt ech eng Remarque zum Contenu maachen. Dee BTS reit sech an an déi nei Logik vun der Formation am Processus de Bologne, dass mer de Bachelor hunn, wat dräi Joer sinn, an da fënnef Joer de Master, mä da kann een och Études de cycle court maachen, an dat ass de BTS mat Bac + 2.

Mir gesinn, dass dat engem reelle Besoin entsprécht, engem Besoin, souwuel, wat d'Studente selwer ubelaangt, vum Intérêt hier, mä awer och engem Besoin vun der Wirtschaft. An dat ass besonnesch an

dësen Zäite jo awer enorm wichtig, dass mer Formationen ubidden, déi och an der Wirtschaft gefrot sinn. Et muss een dofir mat der Organisation vun deene BTSEN ëmmer ganz soupeel sinn, well nämlech eng ganz rapid Evolution ka kommen an de Besoinen, déi sech dobaussen erginn.

Ech huelen d'Beispill vum Mechatroniker. Viru Jore wusst keen, wat e Mechatroniker wier, an am Joer 2003, mengen ech, ass d'Formation vun engem CATP als Mechatroniker agefouert ginn. Mechatroniker, dat ass am Fong Mécanicien, déi maachen Informatik, déi maachen Elektronik, well een an de Steuerungsprozesser all déi Formationen muss hunn. Elo gëtt dat méi spezialiséiert, esou dass een och am Niveau driwwer, nämlech am BTS, e Mechatroniker brauch.

En anert Beispill ass dat vum Mediège-stalter. Déi Leit, déi Entrepreneuren haten an deem Domän gefrot, si hätten gär Leit, déi op deem Niveau ausgebildet sinn. Duerfir muss ëmmer eng Wiesselwirkung sinn téschent deenen, déi déi Formationen organisieren, an der Industrie, a mir mussen et fäerdeg bréngen, ganz séier ze reagieren.

Et ass awer schwierig a mengen Aen, Här President, well mer hei à cheval sinn téschent dem Secondaire an dem Supérieur. Et ass ganz kloer en Enseignement supérieur, well et kënnt nom Bac, an et ass och als solchen definéiert an ageschriwwen, mä et gëtt awer organiséiert an duerchgefouert an de Lycées, an et kënnt ënnert d'Autoritéit vun de Lycéedirekteren. Ech hoffe jo, dass et do net zu Kompetenzschwierigeete kënnt, well dat wier schued, do géif ganz vill Energie dropgoen, an dat wier net am Intérêt vun där Formation.

Ee Punkt, deen ech nach wollt uschneiden, Här President, ass dee vun där Formation, déi et bis elo scho ginn ass, mä déi mer elo awer nach méi kloer definieren a strukturieren, wéi dat sech duerno areit, wann d'Fonction publique op déi Leit zrëckgräift. Mir hunn hei d'Expéienz gemaach mat deene Leit, déi am IST waren, an Institut supérieur de technologie, deenen hir Etüden am Fong ni an der Fonction publique als solches unerkannt gi sinn. Hei schafe mer elo, oder restrukturieren mer wierklech eng nei Formation, déi vum BTS.

Mir wëssen, wann de Stat rekrutéiert, an e wäert an Zukunft awer och genee wéi d'Industrie kënnen op déi Leit hei zrëckgräifen, da muss een och do eng Léisung fannen, wéi een och eng Léisung muss fanne fir dee ganze Bologna-Prozess am Kader vun der Fonction publique. An duerfir muss déi nächst Regierung, wa se dann dee schwierigen Dossier ugeet, net nëmme de Problem vum Bachelor a vum Master regelen, mä och vun deem Bac + 2, nämlich dem Cycle court, dem BTS, well soss kréie mer direkt do en Ongläichgewicht. Et ass net dës Regierung, déi dat hei ka maachen, mä dat hei däerf awer an der Organisation vun der Fonction publique - an et ass jo gesot ginn, dass dat restrukturéiert gëtt, déi ganz Gehälterstruktur - net vergiess ginn.

No deene puer Remarquen, Här President, wollt ech dann den Accord vun der DP-Fraktioun zu deem Projet de loi bréngen.

►►► **Plusieurs voix.** - Très bien!

►►► **M. le Président.** - An ech soen der Madame Brasseur Merci fir hir Intervention. Deen nächsten agedroene Riedner ass den Här Ben Fayot. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

►►► **M. Ben Fayot (LSAP).** - Merci, Här President. Ech wollt dem Rapporteur och Merci soe fir seng Aarbecht un deem interessanten Projet, deen de Minister vum Enseignement supérieur virgeluecht huet. Dee BTS, deen hei organiséiert gëtt, ass

sécher eng Demande vun der Wirtschaft. Eng Formation courte vun zwee Joer nom Bac ass fir verschidde Secteuren interessant. Dat werft natierlech eng Partie Problemer op - d'Madame Brasseur huet schonn een dovunner opgeworf -, nämlich wéi och déi Formationen do, wann där Leit am öffentleche Secteur gebraucht ginn, aklasséiert ginn.

Mech interesséiert virun allem ee Problem, Här President, an dat ass: déi Décisionen, déi mer huelen, fir ëmmer nei BTSEN ze kréieren. Et gëtt jo do e Comité vun aacht Leit, déi solle sech doriwier beugen, grad esou gutt wéi deen anere Volet vun dem Projet, nämlich fir Privatinstututen ze erlaben, fir Formations supérieures ze dispensieren.

De Conseil d'État huet do eng interessant Remarque gemaach, déi ech eigentlech deelen, dat ass, dass een elo zu Lëtzebuerg e Paysage huet vun Héichschulen, also vun Enseignement supérieur, deen aus der Uni besteet, deen aus CRPe besteet. Elo kënnt dat hei derbäi, a mir mussen oppassen, dass dat net op eemol oniwier-sichtlich gëtt, besonnesch fir d'Utilisateuren. De Conseil d'État huet bemierkt, dass een hätt kënnen d'Uni mat erabringen, och ënner anerem fir ze kucken, wat fir BTSEN ee mécht, an och wat fir aner privat Formationen ee mécht. Bon, dat ass elo net zrëckbehalte ginn.

Deen Dispositif, deen hei ass, deen ass en eegenen Dispositif à part, mä an Zukunft wier et sécher gutt, wann déi Leit vum Ministère de l'Enseignement supérieur sech Gedanken géife maachen, wéi dat eent an dat anert gräift, och fir Passerellen. Well wann een zum Beispill e Cycle court gemaach huet an et ass engem duerno de Goût komm, fir méi laang Etüden ze maachen, wéi dat zum Beispill op der Uni da méiglech ass. Dat sinn also lwwerleungen, déi ee bei deem Projet ka maachen.

Selbstverständlech si mer mat deem d'accord, wat hei gemaach gëtt. Ech mengen, mir hunn hei en éischte Schrëtt gemaach. Mir mussen och an der nächster Legislatur, an och emol à un certain moment, dat evaluieren a kucken, wéi dat sech mat dem Rescht vun onsem Enseignement supérieur agenciéiert a wéi et sech am beschte kann déelopéieren.

Dat gesot, Här President, si mir selbstverständlech als LSAP-Fraktioun mat deem Projet hei komplett d'accord.

►►► **M. le Président.** - Ech soen dann och dem Här Fayot Merci. Dann hunn ech hei nach am Prinzip den Här Mehlen agedroen. Mä ech gesinn, den Här Mehlen ass nach ëmmer net agelaf. Duerno hunn ech keen agedroene Riedner méi, esou datt eigentlech elo d'Rei un der Regierung wier. Ech gesinn awer och den Héichschoulminister net, esou datt ech da géif proposieren, mir géife mam Ofstëmmen ufanken.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi**

De Vote fänkt un. Fin du vote.

De Projet de loi 5876 ass ugeholl gi mat 52 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval (par M. Lucien Clement), Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul, M. Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers (par M. Marco Schank), Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Fred Sunnen, Lucien Thiel et Raymond Weydert;*

*MM. Marc Angel (par M. John Castegnaro), Alex Bodry (par M. Ben Fayot), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Roger Negri), M. Fernand Diederich,*

*Mme Lydie Err (par M. Roland Schreiner), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider (par M. Jos Scheuer), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;*

*MM. Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Fernand Etgen), Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch (par M. Claude Meisch), MM. Paul Helminger (par M. Carlo Wagner), Alexandre Krieps (par M. Eugène Berger), Claude Meisch et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam (par Mme Viviane Loschetter), François Bausch (par M. Camille Gira), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. Félix Braz), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen (par M. Jean-Pierre Koepf) et Jean-Pierre Koepf.*

Mir géifen duerno och elo kee Vote méi maachen. Mir fueren elo viru mam Ordre du jour, esou wéi e virgesinn ass, an d'Vote ginn dann allegueren d'nächst Woch geholl.

Mir kommen elo zum Projet de loi 5921 iwwert d'Unerkennung vu professionelle Qualifikatiounen. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Spautz, d'Madame Brasseur, den Här Fayot, den Här Braz an den Här Mehlen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Fred Sunnen. Här Sunnen, Dir hutt d'Wuert.

**9. 5921 - Projet de loi**

**1) ayant pour objet la transposition de la directive 2005/36 pour ce qui est a. du régime général de reconnaissance des titres de formation et des qualifications professionnelles b. de la prestation temporaire de service**

**2) modifiant la loi du 17 juin 1963 ayant pour objet de protéger les titres de l'enseignement supérieur**

**3) abrogeant la loi du 13 juin 1992 portant a) transposition de la directive du Conseil (89/48/CEE) relative à un système général de reconnaissance des diplômes d'enseignement supérieur qui sanctionnent des formations professionnelles d'une durée minimale de trois ans; b) création d'un service de coordination pour la reconnaissance de diplômes à des fins professionnelles**

**Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Culture**

►►► **M. Fred Sunnen (CSV), rapporteur.** - Merci, Här President. Dir Dämmen an Dir Hären, mir sollen haut iwwert d'Ëmsetzung vun der europäescher Direktiv 2005/36 an d'nationalt Recht ofstëmmen. Hannert dëser Nummer steet d'Unerkennung vun de berufleche Qualifikatiounen innerhalb vun der Europäescher Unioun.

**(M. Jos Scheuer prend la Présidence)**

Am Groussen a Ganze geet et dorém, dass Persounen, déi hir Berufsausbildung an engem EU-Memberstat gemaach hunn, Zougank zu deemselwechte Beruff...

**(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)**

►►► **M. le Président.** - Ech géif lech bieden, dem Här Sunnen nozelaschteren!

►►► **M. Fred Sunnen (CSV), rapporteur.** - ...Zougank zu deemselwechte Beruff an all aner Memberstat kréien an deen och do ausüben kënnen. An deem Sënn huet den



Chambre  
des Députés  
L U X E M B O U R G

d'Chamber online op  
[www.chd.lu](http://www.chd.lu)

Héichschoulminister de virleienden Text den 19. September 2008 an der Chamber déposéiert. De Statsrot huet säin Avis...

» **M. le Président.** - Här Sunnen, géift Dir just ee Moment ënnerbriechen? Et ass vergiess gi fir d'Dispens vum zweete Vote ze froe beim leschte Projet.

## 10. 5876 - Projet de loi portant organisation de l'enseignement supérieur,

- fixant les modalités du cycle d'études d'enseignement supérieur aboutissant à la délivrance du brevet de technicien supérieur;

- modifiant la loi modifiée du 4 septembre 1990 portant réforme de l'enseignement secondaire technique et de la formation professionnelle continue;

- fixant les modalités d'implantation de formations d'enseignement supérieur ou de création de filiales ou d'établissements privés ou publics sur le territoire du Grand-Duché de Luxembourg;

- abrogeant la loi du 14 août 1976 déterminant les conditions de création d'établissements privés d'enseignement supérieur (suite)

### Dispense du second vote constitutionnel

Ech ginn dovun aus, datt Der se gitt?

#### (Assentiment)

Merci. Dat ass akteiert.

Här Sunnen, dann hutt Dir nees d'Wuert.

## 11. 5921 - Projet de loi

1) ayant pour objet la transposition de la directive 2005/36 pour ce qui est a. du régime général de reconnaissance des titres de formation et des qualifications professionnelles b. de la prestation temporaire de service

2) modifiant la loi du 17 juin 1963 ayant pour objet de protéger les titres de l'enseignement supérieur

3) abrogeant la loi du 13 juin 1992 portant a) transposition de la directive du Conseil (89/48/CEE) relative à un système général de reconnaissance des diplômes d'enseignement supérieur qui sanctionnent des formations professionnelles d'une durée minimale de trois ans; b) création d'un service de coordination pour la reconnaissance de diplômes à des fins professionnelles (suite)

» **M. Fred Sunnen (CSV), rapporteur.** - De Statsrot huet säin Avis zum Projet den 3. Mäerz 2008 ofginn. Vun de Beruffschamberen huet d'Chambre des Métiers sech de 16. Mäerz zu Wuert gemellt an en detailléierten a kritesche Rapport eragereecht. An der parlamentarescher Héichschoulkommissioun vum 25. Mäerz 2009 gouf ech zum Rapporteur vum Gesetzesprojet genannt. An darselwechter Réunioun hunn d'Membere vun der Héichschoul-

kommissioun de Gesetzesprojet an den Avis vum Statsrot analyséiert.

De Statsrot hat nämlech eng Rei Ännerungsvirschléi gemaach a beim Artikel 31 vum urspringlechen Text souguer mat enger Opposition formelle gedreet. Dat ass d'Ursaach, dass mir eis an der Sitzung vum 2. Abrëll beroden hunn a schlussendlech eng Partie Amendementer ugeholl hunn, déi den Awänn vum Conseil d'État an deene vun der Chambre des Métiers entgéintkomm sinn, an déi mer den 3. Abrëll un de Statsrot erageschéckt hunn. Ech kommen herno nach op dës Avisen zréck.

Den 22. Abrëll hu mer schliesslech den Avis complémentaire vum Statsrot ënnert d'Lupp geholl, deen déi héich Kierperschaft den 21. Abrëll un d'Chambre geriicht hat. De Conseil d'État huet sech an deem Avis mat den Amendementer averstane gewisen, an d'Héichschoulkommissioun huet doropshin dëse Rapport an der Sëtzung vum 29. Abrëll ugeholl.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, een Zil vun der Europäescher Vereenegung ass et, en eenheetleche Wirtschaftsraum ze schafen. An der Logik vun esou engem groussen, eenheetlechen europäesche Bannemaart ass dann och déi europawäit Unerkennung vun den Diplomer ze gesinn. Dobäi gouf sech op zwou Approché baséiert: eng sektoriell Unerkennung no Beruff, an eng horizontal géigesäiteg Unerkennung vun den Diplomer, déi fir den Zougank zu deenen eenzelne Beruffer verlaangt ginn.

Wat déi sektoriell Unerkennung ugeet, do ass et esou, dass et eng automatescher Unerkennung fir déi Beruffer gëtt, bei deenen d'Ausbildung duerch d'gemeinschaftlecht Recht harmoniséiert gouf. An deem Fall huet all Bierger vun der Europäescher Unioun, dee seng Berufsausbildung a seng Berufserfahrung an engem Memberstat gemaach huet, d'Recht fir säi Beruff an engem anere Memberland auszeüben, ouni dass datjéinegt Land déi Ausbildung an déi Erfahrung beuerteelen oder contestéieren dierf.

D'Direktiv festegt u sech d'Praxis, esou wéi se virun 2005 funktionéiert huet. Den Ënnerscheid ass deen, dass déi gültig Regeln elo allegueren an engem eenzegen Text zesummegefaasst sinn, mä dass si awer net - bis op e puer kleng Ännerungen - vum Inhalt hier änneren. D'Direktiv faasst insgesamt 15 Direktiven zesummen, déi dräi méi allgemeng zu de Beruffsdiplomer an déi zwielef spezifescht sektoriell Direktiven, déi fir d'Architekten, d'Dokteren, d'Apdikter, d'Déierendokteren, d'Zännokteren an d'Infirmierë gëllen.

D'Direktiv gëllt dann och fir all Bierger aus engem Memberstat, dee säi Beruff an engem anere Land wéi sengem Heemechtsland ausüben wëllt, sief et als Salaré oder och als Indépendant. Ausserdeem mécht d'Direktiv den Ënnerscheid tëschent fräier Dénngschtleeschung a fräier Nidderloosung. Dobäi baséiert si sech op folgend Kriterien, déi vum Europäesche Geriichtshaff festgehale goufen: d'Dauer, d'Heefegkeet, d'Regelméissegkeet an d'Kontinuitéit vun der Leeschtung.

Wat déi fräi Dénngschtleeschung ugeet, do gëtt vun der Direktiv festgehalen, dass u sech all Bierger vun der EU, dee legal an engem EU-Stat leeft, d'Recht huet an engem anere Memberstat fir eng bestëmmten Zäit seng Dénngschter ënner sengem urspringleche Beruffstitel unzzebiden, ouni dobäi eng Unerkennung vu senger Qualifikatioun unzefroen. Allerdéngs muss déjéineg Persoun iwwer zwee Joer Berufserfahrung verfügen, am Fall wou hire Beruff an deem anere Stat net geregelt ass.

E Memberstat ka vun enger Persoun, déi vu bausse kënn an an deem Land hir Dénngschter ubide wëllt, virun der alleréischter Prestatioun eng Deklaratioun verlaangen, déi all Joer erneiert muss ginn an déi Informatiounen iwwert dem Prestataire seng Assurancen, seng Nationalitéit, seng legal Nidderloosungsbescheinegung a seng berufflech Qualifikatiounen gëtt.

Fir Gesondheetsberuffer a Beruffer vun der öffentlecher Sécherheet, déi net vun enger automatescher Unerkennung profitéieren, kann en EU-Memberstat am Virfeld vun enger Dénngschtleeschung dem Prestataire seng berufflech Qualifikatiounen iwwerpräiwen, dat Ganzt awer am Respekt vum Prinzip vun der Proportionalitéit. Fir weider Detailler zum Prinzip vun der fräier Dénngschtleeschung verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport.

Wat elo déi sougenannte fräi Nidderloosung betrëfft, do ass et esou, dass déi zum Droe kënn, wann eng Persoun sech an engem aneren EU-Memberstat néierloosse wëllt, fir do eng stabil berufflech Aktivitéit

auszeüben. An deem Kontext gëtt u sech de Regime vun der allgemenger Qualifikatiounsuerkennung applizéiert. Dëse Regime betrëfft all déi Beruffer, déi net spezifeschen Unerkennungsregelen ënnerleien. Dobäi baséiert sech dee Regime op de Prinzip vun der géigesäiteger Unerkennung, dat heescht, dass eng Persoun e Beruff an engem aneren EU-Memberstat ausüben kann, wa se nowiest, dass si an hirem Heemechtsland dee Beruff och ausüben dierf.

Allerdéngs setzt den allgemenge géigesäitegen Unerkennungsregime net esou ouni Weideres eventuell Kompensatiounsmeasuren ausser Kraaft, déi zum Beispill da vun engem Land gefrot kënnen ginn, wann et tëschent der Beruffsausbildung, déi an deem Land verlaangt gëtt, an der Beruffsausbildung, déi eng Persoun huet, déi sech an deem Land néierloosse wëllt, substanzieell Ënnerscheeder gëtt. An deem Fall kann ee Land ënner anerem en Upassungsstage oder awer eng Épreuve d'aptitude verlaangen.

Wann an engem EU-Memberstat, wou eng Persoun sech néierloosse wëllt, den Zougank oder d'Ausübe vun engem Beruff geregelt ass, da kritt déi Persoun nëmmen dann en Zougank dozou, wa si iwwer eng Beruffsausbildung verfügt, déi op d'mannst gläichgestallt ass mat dem Niveau, deen direkt ënnert dem Ausbildungsniveau läit, deen d'Awunner vun deem EU-Land mussen hunn, fir deeselwechte Beruff auszeüben.

Wann elo awer an Heemechtsland vun der Persoun, déi sech gäre berufflech an engem aneren EU-Stat néierloosse wëllt, den Zougank an d'Ausübung vun engem Beruff net geregelt ass, da muss déjéineg Persoun, fir an deem aneren EU-Stat schaffen ze kënnen, niewent hirem Diplom iwwer op d'mannst zwee Joer Berufserfahrung verfügen, an dat innerhalb vun deene leschten zéng Joer.

D'Direktiv ënnerscheet tëschent fënnf verschiddene beruffleche Qualifikatiounsniveauen, an zwar éischtens d'Attestatioun vum Heemechtsland, dass eng Persoun op d'mannst eng allgemeng Primaire- oder Secondairesausbildung huet, oder awer, dass si eng Ausbildung gemaach huet, déi net mat engem Diplom ofgeschloss gëtt, oder och nach e spezifeschen Examen ouni préalable Ausbildung. Eng Berufserfahrung vun dräi Joer ass och valabel.

Zweetens, en Zertifikat, deen enger Ausbildung am Secondairesunterrecht entsprécht, entweder an enger technescher, berufflecher oder enger allgemenger Ausrichtung, ergänzt duerch e berufflechen Zyklus. Drëttens, en Diplom vun engem postsecondairen Unterrecht, deen op d'mannst ee Joer gedauert huet. Véiertens, en Héichschoul- oder en Universitätsdiplom tëschent dräi a véier Joer. Fënneftens, en Héichschoul- an Universitätsdiplom vun op d'mannst véier Joer.

En EU-Memberstat kann awer d'Unerkennung vun Diplomer vu bestëmmte Kompensatiounsmeasuren ofhängeg maachen, zum Beispill eng Épreuve d'aptitude oder en Upassungsstage. Dëst ass a folgenden dräi Situatiounen de Fall: Éischtens, wann d'Ausbildung op d'mannst ee Joer méi kuerz ass wéi an deem Land, wou e sech néierloosse wëllt; zweetens, wann d'Ausbildungen am Heemechtsland an am Land, an deem e sech néierloosse wëllt, substanzieell verschidde sinn; an drëttens, wann de Beruff, deen een an engem anere Land ausüben wëllt, bestëmmt berufflech Aktivitéiten huet, déi am Heemechtsland net zum Beruff gehéieren. Deen Ënnerscheid féiert dann derzou, dass eng zousätzlech Ausbildung gemaach muss ginn.

De virleiende Gesetzestext gesäit allerdéngs vir, dass déi national an europäesch Beruffvereenegunge sech a gemeinsame Plattformen zesummeschlësse kënnen, fir d'Ënnerscheeder ofzebauen, déi tëschent deenen eenzelne beruffleche Qualifikatiounen bestinn. Dës Plattformen sollen et erméiglechen, dass all déi Persounen, déi hire Beruff gären an engem aneren EU-Memberstat ausüben wëllen, dëst och erlaabt kréien, ouni dass si sech Kompensatiounsmeasuren ënnerwerfe mussen. Enn 2010 wäert d'Europäesch Kommissioun dem Europaparlament an dem Conseil e Rapport iwwer Direktiv mat de gemeinsame Plattformen virstellen.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, de virleiende Gesetzesprojet wäert all Artikel 31 vum Direktiv 2005/36 an d'nationaal Recht ëmsetzen, ausser deenen, déi fräier sektoriell Direktiven iwwer besonnesch Gesondheetsberuffer betreffen. Dës Direktive mussen net all nei ëmgesat ginn, well den aktuelle Regime jo net wierklech géinnert gëtt.

D'Ännerungen an d'Upassungen, déi ze maache sinn, ginn hei zu Lëtzebuerg vun zwee Gesetzer ëmgesat; eent, dat déi méi generell, an eent, dat déi méi sektoriell Ännerungen an Adaptatiounen betrëfft.

Wat déi berufflech Qualifikatiounen vun den Affekoten ugeet, sou sief drun ërënnert, dass d'Chamber den 18. Dezember 2008 en Eegegesetz dozou gestëmmt huet.

Zum Schluss wëll ech nach just e puer Wuert zu deenen zwee méi kriteschen Avisé soen, déi ech am Ufank schonn zitëiert hat. Dat ass dee vum Statsrot an anerersäits dee vun der Chambre des Métiers.

D'Chambre des Métiers hat e ganz detailléierten Avis eraginn, wou si virun allem kritiséiert huet, dass de Gesetzesprojet ze vill onprezis, onkohärent an onkomplett wier. An engem huet d'Chambre des Métiers awer och zouginn, dass den Text vun der Direktiv selwer net ganz einfach an op ville Plazen ongenee bliwwen ass.

De Statsrot fir säin Deel hat eng Rei punktuell Ännerunge virgeschloen a virun allem, wéi ech scho gesot hunn, beim Artikel 31 eng Opposition formelle ausgeschwat. Et geet ëm deen Artikel, deen de Montant vum Droit de timbre, deen ee bei enger Demande, fir seng berufflech Qualifikatioun uerkannt ze kréien, bezuele muss, vun engem groussherzogleche Reglement festleeë wëllt. Dat wier, der héijer Kierperschaft no, contraire zum Artikel 99 vun der Verfassung.

D'parlamentaresch Héichschoulkommissioun huet doropshin eng Rei Amendementer ugeholl, fir dem Statsrot an ënner anerem och der Chambre des Métiers hire Kritik Rechnung ze droen.

An engem Avis complémentaire huet de Statsrot sech dann och mat dem virleienden amendéierte Gesetzesprojet averstane gewisen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, esou vill vu menger Säit. Erlaab mir nach zum Schluss all deene Merci ze soen, déi um Ausschaffe vun dësem Gesetzesprojet bedeelegt waren.

Iech soen ech Merci fir d'Nolauschteren.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Sunnen. Den éischte Riedner ass den Här Spautz.

### Discussion générale

» **M. Marc Spautz (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Hären, léif Frënn, dat hei geet ëm d'Ëmsetzung vun enger Direktiv. Mäi Kolleg, de Fred Sunnen, huet a sengem exzellente Rapport op déi Problemer higewisen, déi et gi sinn, wou virun allem eng Beruffschamber Saache bestant huet, genaousou wéi de Statsrot. Och deene Punkten ass Rechnung gedroe ginn.

Et ass wichteg, grad an enger Zäit, wéi mer de Moment sinn, mat deene Problemer, déi mer um Marché de l'emploi kennen, dass et fäerdeg bruecht gëtt, dass mer Diplomer grenziwwerschreidend innerhalb der Europäescher Unioun an och innerhalb dem Europäesche Wirtschaftsraum uerkennen. An dofir ass et och selbstverständlech, dass ech am Numm vun der CSV-Fraktioun dem Fred Sunnen nach eng Kéier villmools Merci soen an d'Zoustëmmung ginn zu dësem Gesetz.

Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Déi nächst Riednerin ass d'Madame Brasseur.

» **Mme Anne Brasseur (DP).** - Här President, Dir Dammen, Dir Hären, ech wëll fir d'éischt am Numm vun der DP-Fraktioun an a mengem perséinlechen Numm dem Rapporteur, dem Här Sunnen, e ganz grouse Merci soe fir dee Rapport, deen en hei gemaach huet. Mä mäi Merci, dee beschränkt sech awer net op dëse Rapport. Ech géif dem Här Sunnen Merci soe fir all déi Aarbecht, déi e gemaach huet, elo a senger Carrière als Deputéierten, well wann ech richteg verstan hunn, ass dat hei déi lescht Ried, déi den Här Sunnen op dëser Tribün als Deputéierte gehalten huet.

Ech géif em Merci soe fir deen Engagement. E war President vun der Kulturkommissioun an, ech mengen, mir haten do eng ganz gutt Kollaboratioun iwwert déi Joren, quitte, dass mer Meenungsverstimmtheiten haten, mä en huet déi Kommissioun wierklech mat ganz vill Gedold a ganz vill Fingerspëtzegefäll geleet, an dofir e ganz grouse Merci.

D'Mérite vum Här Sunnen, dass e wierklech dee Projet Esch/Belval weidergedriwwen



huet an dass en elo zum Schluss vu senger politescher Carrière d'Konkretisatioun och nach konnt hei erliewen, wéi och um Terrain vu senger Gemeng, wou e laangjäreg Buergermeeschter ass, ass bestëmmt eng enorm Satisfaktioun. An ech muss lech soen, Här President, ech géif jiddwerengem vun ons heibanne wënschen, esou mat der politescher Carrière opzehalen, wéi den Här Sunnen dat mécht, op esou engem Succès.

Op jidde Fall a mengem Numm, am Numm vun der DP-Fraktioun, villmools Merci dem Fred Sunnen fir all déi Aarbecht a bonne chance a vill Freed an der wuelverdéngrter Pensioun!

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **Mme Anne Brasseur (DP).** - Da wollt ech, Här President, ee Wuert zu deem Projet de loi soen, deen d'Ëmsetzung vun der Direktiv vun 2005 ass iwwert d'Reconnaissance vun den Titren an den Diplomen.

Mir hunn den Dépôt vum Gesetz vun 2008 gehat; och do huet et also dräi Joer gedauert, bis de Projet de loi déposiert ginn ass. Mä et ass en technesch komplizéierte Projet. A wann ech kucken, dass een huet misse fäerdeg bréngen, an enger Direktiv all d'Memberlänner zesammenzebréngen, wou all Land seng Kultur, seng Geschicht hat vum Développement vu senger ganzer Ausbildung, vun all sengen Titren, vun all senger Formatiounen, fir dat op e gemeinsamen Nenner ze bréngen, esou ass dat net einfach, an esou komplizéiert sinn dann och d'Ausféierungsbestëmmungen duerno. An ech kéint mer virstellen, dass an der Applikatioun vun deem Gesetz duerno nach munch Hicken dra sinn, wann ee Cas particulier da kuckt.

Mä hei zu Lëtzebuerg komme mer vu wäit hier. Den Här Fayot ass elo leider net hei. Ech mengen, hien ass deen Eenzege heibannen, ech menge mam Här Helminger a mam Paul-Henri Meyers, déi d'Collation des grades nach gemaach hunn.

D'Collation des grades, déi '68 ofgeschaf ginn ass, d'Collation des grades, déi méi jénger Kollege wëssen net, wat dat bedeit huet. Do huet ee fir d'Médecine, fir Droitsstudien a fir Lettersstudien hei fir d'éischt de Cours supérieur gemaach, an dann ass een an d'Ausland op d'Uni gaang, mä d'Diplomen huet een all missen hei maachen, fir habilitéiert ze ginn, duerno de Beruff hei kënnen ze exercéieren.

An dat war, hunn ech mer vu Kollege soe gelooss, an déi, déi dat matgemaach hunn, wëssen dat, guer net esou einfach. Sengerzäit ass gesot ginn: „Si ginn e ganz Joer an d'Vakanz op Aix, an da komme se heihin a si maache just dann d'Examen hei.“ Mä dat war awer net esou einfach.

Aus där Iwwerleeung ewechzekommen, fir dann Diplomen unzeerkennen aus dem Ausland an hei dann an deene Beruffer ze exercéieren, bis elo zu der Direktiv, dat ass natierlech en enorm wäite Wee, an et sinn nach haut Leit, an ech weess dat, déi di sech schwéier. Da kann ech mer virstellen, dass an anere Länner, wou se och hir eege Prozeduren haten, mat hiren Instituten de formation, mat hiren Universiteiten, dass déi sech och schwéierdinn. Mä ech mengen, dat hei ass awer e positiven Aspekt vun Europa, wou mer konkret awer kënnen Europa praktizéieren.

Et muss een awer och betounen, dass d'Reconnaissance vun engem Diplom net gläichzesetzen ass mat engem Accès à l'emploi. Dat gétt oft verwiesselt. Wann een en Diplôme reconnu huet, dann ass een employabel an da kann ee sech mat deem Diplôme requis och op e Poste mellen, mä et muss een awer net onbedéngt dee Poste kréien, well dat gétt et néierens, net am Privatsecteur an och net an der Fonction publique. Mä ech mengen, do ass oft Konfusioun awer, déi virherrsch.

Et gétt och an der Praxis onwahrscheinlech Beispiller, déi zu Schwierigkeete kënnen féieren, an ech wéilt just ee Beispill zitieren: Dat ass e Marokkaner, dee seng Secondairesstudien am Maroc gemaach huet, huet dann e marokkanesche Bac, geet a Frankräich, gétt do zougelooss fir Medezinsstudien ze maachen, mécht do all seng Medezinsstudien, schléisst do of mat all deenen Diplomen, déi ee brauch, fir de Métier vum Dokter ze exercéieren a Frankräich. Dee wéllt dann op Lëtzebuerg schaffe kommen, da gétt gesot: „Dat geet awer net“, well de Premièresexamen, deen en huet, dat ass kee Premièresexamen, dee Lëtzebuerg unerkennt.

Well, ech mengen, dat ass de Processus oder den Accord de Lisbonne sengerzäit gewiescht, wou Länner adhéréiert hunn, wou d'Reconnaissance mutuelle vun de Premièresdiplome war. De Maroc huet deem net adhéréiert. Frankräich awer hat ëmmer en Accord bilatéral mat alle Maghrebstaten, fir de Bac unzeerkennen, esou dass en a Frankräich konnt exercéieren, wat awer en EU-Land ass, mä awer net zu Lëtzebuerg, well en do dee Lëtzeburger Bac net hätt.

Mengen Informatiounen no ass dat do awer och elo entre-temps geregelt, a Gott sei Dank geregelt ginn, mä et ass fir ze weisen, wéi komplizéiert déi Procéduren awer sinn.

Wann et ëm Leit geet, an ech mengen, mir kréien och nach heiansdo Cas de figures, wéi mer net wëssen, wéi mer se solle léisen; ech wéll lech nach ee Beispill ginn: Do handelt et sech och ëm een, deen net an der EU ass, mä ëm en Iraner. En Iraner, deen e Baccalauréat am Iran hat, kënnt op Lëtzebuerg. Dee Baccalauréat kann zu Lëtzebuerg unerkannt ginn, well en de Flüchtlingsstatut hat, an dat ass gemäss der Konventioun vu Genève vun 1951 dann unerkannt.

Deen huet awer seng Reconnaissance vu sengem Diplom ni gefrot, well en et net gebraucht huet. Du gétt deen Iraner Lëtzeburger, do huet en duerno d'Reconnaissance vum Bac gebraucht, an du freet en un, d'Reconnaissance ze kréien, do ass gesot ginn: „Ah neen, dee Bac kënnen mer net unerkennen, well mam Iran hu mer kee bilateraal Ofkommen an déi falen och net ënner d'international Bestëmmungen.“

Dat huet elo net direkt mat der Direktiv eppes ze dinn, mä fir ze soen, a wellech Cas de figures compliqués ee ka kommen, wat fir déi betraffe Leit awer, deen Einzelnen, eng ganz Existenz ka bedeuten. Dofir wäert an der Applikatioun vun där Direktiv, an der Applikatioun vun onser Gesetzgebung nach vläicht deen een oder deen anere Problem optauchen.

Do kann ech nëmmen der Regierung, oder der nächster Regierung, déi dat Gesetz dann hei ze applizéiere kritt, e Wunsch mat op de Wee ginn, wann ech dat däerf, an der Applikatioun wierklech soupel ze sinn, well et geet hei ëm déi eenzel Leit, déi jo Qualifikatiounen awer hunn. A wann do Cas de figures sech ginn, déi schwierig ze léise sinn, dass een dat awer en faveur vun deem Diploméierte soll maachen.

No deene Remarquen, Här President, wéll ech dann den Accord vun der Fraktioun vun der DP bréngen an zum Ofschluss nach eng Kéier dem Här Sunnen alles Guddes wënschen.

Merci villmools.

» **M. le Président.** - Merci, Madame Brasseur. Dann huet den Här Braz d'Wuert.

» **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).** - Merci, Här President. De Kolleg Claude Adam ass de Mëtteg leider verhënnert. En huet mech awer gebieden, a sengem Numm d'Zoustëmmung vun der grénger Fraktioun zu deem Projet ze bréngen. En huet mech

och gebieden, och e puer Wuert un den Här Sunnen ze riichten, fir Merci ze soen.

Ech mengen, d'Madame Brasseur huet dat op eng ganz flott a sympathesch Aart a Weis gemaach. Ech wollt just dofir am Här Adam sengem Numm an am Numm vun der grénger Fraktioun eis deene Wënsch do uschleissen. An och perséinlech wäert ech dem Här Sunnen säin Humor vermessen. Mä vläicht gesäit ee sech jo nach dobaussen a kann een nach déi eng oder aner Kéier vläicht mateneen e bësse laachen.

» **M. le Président.** - Den Här Sunnen freet d'Wuert.

(*Négation*)

Merci, Här Sunnen.

(*Hilarité*)

Dann huet d'Regierung d'Wuert.

» **M. François Biltgen, Ministre de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche.** - Merci, Här President. Ech wollt der Chamber Merci soen, dass mer de Mëtteg zwee wichteg Projete gestëmmt kréien, déi net nëmme wichteg si fir d'Héichschoul, well deen zweete Projet vun Här Sunnen geet iwwer Héichschoulproblematik eraus.

Déi zwee Projete sinn extrem wichteg. Deen een, deen den Här Oberweis, deem ech och wéll Merci soen, virgestallt huet, well mer elo e Kader kréie fir alles, wat zu Lëtzebuerg Héichschoul ass. Elo hu mer d'Héichschoullandschaft definitiv gesetzlech verankert.

Deen zweete Projet ass vill méi e komplizéierten, deen den Här Sunnen hei virgestallt huet, well et do eigentlech ëm de Corollaire zur sougenannter Bolkestein-Direktiv geet. Et geet drëm, fir Libre prestation de services an Europa ze maachen a fir ze kucken, wann ee sech hei etabléiert oder heihinner eppes ubidde kënnt, wat déi Qualifikatiounen sinn, déi ee muss hunn.

Déi zwee Projeten hunn eng Bedeitung, déi vill méi wäit erausgeet. Ech wéll an deem Sënn och der Madame Brasseur Merci soe fir déi Iwwerleeungen, déi se hei gemaach huet zu deenen zwee Projeten. Well d'Madame Brasseur ass op d'Problemer vu Gehälter beim Stat komm. Wa mer de Bologna-Prozess beim Stat wëllen uwenden, da geet et net eleng duer, fir ze soen: „Wou klasséiere mer de Bachelor oder de BTS?“ Da musse mer iwwert déi ganz Philosophie „lifelong learning“ schwätzen. Da musse mer och iwwer en Dokter schwätzen. An da kann een net méi einfach soen: „Mir hunn en Diplom, an da bass de an där Carrière, an da bleifs de éiweg an där Carrière.“

Bologna ëmsetze beim Stat ass eng ganz grouss Aufgab, an et ass net esou einfach. An et geet net eleng duer, fir Carriären nei iergendwéi anzestufen, well, an da si mer op deem zweete Projet hei, mer net méi an där Welt liewen, wou den Diplom gläichzäitig den Accès zu der Profession war. Dat ass an Zukunft getrennt. Mir liewen einfach an enger anerer Gesellschaft.

Eng Fro, déi d'Madame Brasseur opgeworf hat, déi mat dem Premièresdiplom, dat ass nach net definitiv fäerdeg, well den Avis vum Statsrot nach feelt. Mä mir hunn am Kader vun deem Projet och Reglementer op den Instanzewee ginn, mat dem Schoulministère, mat der Fonction publique a mat dem Héichschoulministère, fir eng ganz Partie Saachen ze harmoniséieren. Mir sinn effektiv der Meenung, dass, wann een en Dokteschdiplom huet a wann ee par ailleurs alles erfüllt, fir Dokter kënnen zu Lëtzebuerg ze sinn, een dann net soll soen: „Mä du hues keng Première, déi där Lëtzeburger gläichgestallt ass.“ An där Welt kënnen mer net méi liewen. Dat wäerte mer och dann esou maachen.

(*Mme Anne Brasseur prend la Présidence*)

Dir Damm, Dir Hären, ech hunn eigentlech soss näischt derbäizefügen, well souwuel de Marcel Oberweis virdrun an de Fred Sunnen elo et esou detailléiert gemaach hunn, dass näischt méi derbäizefügen ass. An Dir hutt nach vill Aarbecht den Owend.

Ech wéll och just nach eng Kéier jiddwerengem Merci soen, dee geschwat huet, dem Marcel Oberweis vu virdrun a virun allem natierlech dem Fred Sunnen. Net nëmmen, an ech schléisse mech do der Madame Brasseur un, wéinst dem Rapport vun elo, mä wéinst där ganzer Aarbecht, déi de Fred Sunnen während fënnef Joer als President vun där zoustänneger Kommissioun mat eis gemaach huet. Eise ganze Programm vun der Regierung, wat Héichschoul a wat Fuerschung ubelaangt, hu mer duerch. Mir hunn all déi Projete gestëmmt, déi mer wollten hunn.

Dat war net ëmmer einfach. Besonnesch déi lescht Wochen hu mer missen alleguer, och d'Membere vun der Kommissioun, sech alleguer e bëssen drécken an esou weider. Och dat ass awer ganz flott, muss ech soen, als Minister, wann ee kann zrëckkucken an et seet een: „Alles, wat mer eraginn hu vu Projeten, dat hu mer och vun der Chamber gestëmmt kritt.“ Dat deet engem gutt, perséinlech. Et ass eng gutt Saach fir d'Land.

Dofir och dem Fred Sunnen Merci fir alles, wat en, net nëmmen, mä virun allem an de leschte fënnef Joer hei an där Chamber geleescht huet. Mir wäerten en doudsécher nach op der Uni zu Esch erëmbegéinen a senger definitiver politescher Pensioun.

Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **Mme le Président.** - Domat wier d'Diskussioun vun deem Projet de loi ofgeschloss. Mir kéimen dann zu deem nächste Projet de loi, de Projet de loi 5884 iwwert den Institut national des langues. Do ass d'Riedezäit nom Modell 1 festgeluecht. De Rapporteur ass schonn op der Tribün. Ech géif deem dann elo direkt d'Wuert ginn.

## 12. 5884 - Projet de loi portant création

### a) d'un Institut national des langues

### b) de la fonction de professeur de langue luxembourgeoise et portant modification a) de la loi du 19 juillet 1991 portant création d'un Service de la formation des adultes et donnant un statut légal au Centre de langues Luxembourg; b) de la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État; c) de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État

*Rapport de la Commission de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle*



Chambre  
des Députés

L U X E M B O U R G

# Chamber TV

och an der Rediffusioun all Sëtzungsdag vun 19:00 Auer un

» **M. Jos Scheuer** (LSAP), *rapporteur*.- Merci, Madame Presidentin. De Centre de langues gëtt also elo den Institut des langues.

Fir d'éischt e puer Zuelen, déi dokumentéiere sollen, wéi de Centre de langues evaluéiert huet am Laf vun der Zäit. En ass 1991 gesetzlech gegrennt ginn. En huet säi Statut légal kritt. 1990 hate mer 700 Leit, déi a Coursé gaange sinn, déi sech ageschriwwen haten; 2007 waren et der 8.096. Et waren 120 Nationalitéiten, an de Betrib ass gelaf vun 8 Auer moies bis 9 Auer owes. Dat Schouljoer 2008/2009 sinn am éischte Semester 3.993 Studenten ageschriwwen. Dat heescht, och dést Joer wäert déiselwecht Zuel wéi 2007 erreecht ginn. An de Lëtzebuergesch-Coursé sinn der 673 ageschriwwen an d'Examen. A vläicht eng Kéier sollt bemierkt ginn, dass den Taux de réussite an deenen Examen net 100% ass, mä sech ëm 70% apendelt vun deenen, déi sech dem Exame gestallt hunn.

Zesummegefaasst: D'Geschicht vum Centre de langues ass eng Geschicht vum Erfolg. Hei soll een dann och onbedéngt Komplimenter maachen un d'Direktioun, déi am Laf vun der Zäit aus där Schoul dat gemaach huet, wat se fir de Moment ass. Komplimenter un d'Enseignanten, Komplimenter un d'Direktioun, déi och organisatoresch déi do Evolutioun méiglech gemaach huet, trotz alle Schwieeregkeeten, déi bestanen hunn an déi nach ëmmer Bestand hunn.

Et ass eng Erfolgsgeschicht. Firwat? Éischtens, well et eng noutwendeg Institutioun zu Lëtzebuerg ass. Si ass noutwendeg opgrond vun eiser Demographie. An zweetens ass se noutwendeg, well d'Demande do war an d'Demande do ass, a mer op déi Demande konnte mat enger entsprechender Offer reagieren.

Déi Demande muss ee gesinn um Hannergrond vun der gesellschaftlecher Entwécklung zu Lëtzebuerg, awer och um Hannergrond vun der wirtschaftlecher Entwécklung zu Lëtzebuerg. Awer mir sollten och déi Demande gesinn als Resultat vun eiser Gesetzgebung, als Resultat vun der Législatioun, déi am Laf vun der Zäit etabliert ginn ass, an opgrond vun der gesellschaftlecher Situatioun zu Lëtzebuerg.

Vläicht sollt een trotzdem emol eng Kéier d'Gesetz opzielen, déi awer hei am Spill sinn. Erënnert lech un d'Gesetz vun der Immigratioun, d'Gesetz vun der Integratioun, d'Gesetz iwwer d'Lëtzebuerg Nationalitéit an d'Gesetz och vum Congé linguistique. Alles dat huet Répercussiounen op d'Demande no Lëtzebuergesch-Coursen an no Coursen am Sproochberäich.

E puer Wuert zum Historique an zu den Aarbechten an der Chamber. Den Dépôt vum Gesetz ass gemaach ginn den 23. Mee 2008. Mir hunn de leschten Avis vum Conseil, vum Statsrot kritt den 21. Abrëll 2009. A mir hunn de Rapport ugeholl den 29. Abrëll 2009.

Zum Projet elo. Ech huelen net all Artikel Artikel pro Artikel ausereen. Ech stellen et net duer. Et sinn 22 Artikelen, déi opgedeelt sinn a siwe Kapiteln. Ech faasse gar d'Akzenter vun deem Gesetz zesummen.

Éischtens, de Centre de langues gëtt also elo den Institut national des langues. Zweetens, deen Institut kritt dann eng administrativ Struktur, eng zolidd Struktur, fir net nëmme ze existieren an ze reagieren, mä fir sech och kënnen weiderzuentwéckelen. Déi Struktur ass dann de Missioun vum Institut ugepasst.

Wéi gesäit se aus? Traditionell: éischtens, en Direkter; zweetens, d'Directeurs adjoints, déi kënnen genannt ginn, an dréitens kënnen dann och nach Attachés à la direction genannt ginn. Elo weess ech net, Madame Minister, wéi et ass, mä an deem Fall kann den Direkter souwuel d'Directeurs adjoints wéi och d'Attachés proposieren. Ass dat och esou an anere Gebaier? - Mä dat nëmme niewebäi.

Et gëtt dann e Comité consultatif geschaf. Dee Comité consultatif gëtt vum Minister genannt. Et schéngt mer wichteg ze sinn, fir ze weisen, wéi deen Institut awer och an d'Lëtzebuerg Landschaft erapasst gëtt. An deem Comité consultatif sinn als Memberen d'Vertreeder vum Conseil éco-

nomique et social, vun der Uni Lëtzebuerg, wéi iwwregens d'Uni Lëtzebuerg permanent a verschiddenen Artikelen a Kapitele mat eraspillt an de Fonctionnement oder besser an d'Evaluatioun, an d'Fortsetzung vun den Aarbechte vum Institut.

De Conseil national pour étrangers ass dran, an de Conseil permanent de la langue luxembourgeoise. An anere Wieder: Dee Comité schafft net en vase clos, mä en ass op, op d'Force vive vu Lëtzebuerg.

Wichtig ass och an deem Kontext, dass eng Evaluation externe vun der Qualitéit vum Enseignement virgesinn ass. Dee Betrib funktionéiert also och net ouni Evaluatioun. Dat, wat mer virgesinn hunn am Enseignement fondamental, muss par la force des choses awer dann och gëlle bis op den héchsten Niveau vum Enseignement, och fir dee fir d'Adulten.

Dat ass d'Basis also fir d'Organisatioun vum Institut.

E Wuert dann zum Personal; net zu den Enseignanten. Esou vill Leit a Funktiounen gi genannt, dass den Institut autonom funktionéiere kann:

Attachéen an der Carrière supérieure vun der Verwaltung; dann technesch Personal, well jo hei vill Technik gebraucht gëtt: Ingénieurs techniciens, Bibliothécaires-documentalistes. An der Carrière moyenne sinn déi.

An der Carrière inférieure dann dat Üblecht: Handwierker, Portieren a Garçons de salle, an dann natierlech och Fonctionnaire fir d'Verwaltungsarbecht. Dir fannt dat am Kapitel 3, Artikel 9, 10 an 11.

Déi organisatoresch Struktur ass also och de Missioun vum Institut ugepasst ginn. Deen Institut kann also och organisatoresch op genuch Personal zrëckgräifen.

Da ganz wichteg fir mech: Wat sinn d'Missiounen vun deem Institut? A firwat déi trotzdem opwändig Organisatiounsstrukturen?

Éischtens, den INL organiséiert Sproochcoursé fir Erwuessener. An déi Nofro ass grouss; ech hunn dat scho gesot. Dir wësst, zum Beispill, dass d'Lëtzebuergesch-Kennniser elo zur Pflicht ginn, wann ee wëllt d'Nationalitéit kréien.

Zweetens, ganz wichteg virun allem ass, dass d'Sprooch an d'Léiere vun enger Sprooch net eleng der Kenntnis vun der Sprooch déngt, mä dass en anert gesellschaftlecht Zil hannendru steet. Een, dee Lëtzebuergesch léiert, soll och Kenntnis vun Land kréien, soll och Kenntnis vun de Leit kréien. D'Sprooch ass a bleift e Vehikel vun der Kultur, e Vehikel vun der Zivilisatioun.

Am Artikel 2 gëtt den Institut chargéiert, fir am Intérêt vun der Cohésion sociale ze schaffen. Deen Term ass fir mech e Schlüsselbegrëff. D'Missioun vum Institut ass, fir en Échange culturel ze favorisieren. Den Institut huet also eng gesellschaftlecht Missioun an deem multikulturellen a polyglotte Lëtzebuerg. Dat ass och eng eminent politesch Missioun, déi deen Institut huet. Dofir verweisen ech nach eng Kéier och op dee Comité consultatif.

Déi dréit Missioun dann: Den Enseignement ass keen Enseignement à vue, e Pilotage à vue; e bësse Scoutismus, wéi mer dat ëmmer gemaach hunn am Enseignement pour adultes. Neen, en huet Programmer, en huet Methoden, an zwar funktionéieren déi no internationalen Normen, déi am Cadre européen commun de référence pour les langues festgehale sinn. Lëtzebuergesch soll och dodra figuréieren, wann et als Friemsprooch enseignéiert gëtt.

Véiertens. Eng véiert Missioun ergëtt sech logesch aus der dréiter. Den Institut ass den offiziellen Zentrum, fir de Succès an Exame fir Friemsproochen ze certifiéieren. Dës Certifiéierung ass e Mëttel, en Instrument, fir op internationalen Plang eng Sécherheet oder méi Sécherheet - ech wëll et net ze vill kategoresch ausdrécken - an der Bewäertung vu Sproochekenntnisser ze schafen, vu Kennniser an alle Sproochen, déi do geléiert ginn. Wichtig ass och, dass jiddweree sech déi Certifiéierung ufroe kann a sech dann och Teste stelle kann, ob en am Institut war oder net am Institut.

Fënneft Missioun dann: Den Institut baut dann zesumme mat der Uni Lëtzebuerg - hei hu mer nees d'Zesummegegräife vun deenen zwee Instituter - e Référentiel op fir de Friemsproochenunterricht bei Erwuessenen. E Référentiel, deen och da vun aneren Organisatiounen benotzt gi kann. An anere Wieder: Hei gëtt eng Dokumentatioun geschaf, hei gëtt e Wësse geschaf, op dat och aner Enseignanten zrëckgräife kënnen. Dat ass eng ganz, ganz wichteg Missioun vun deem Institut.

Déi sechst Missioun gëtt normalerweis ënnerschätzt: Alphabetiséierung a Cours en littérature. Ech hunn et iwwersat mat: Coursen, fir schreiwen a liesen ze léieren. Déi Coursen adresséiere sech un Erwuessener. Hei gëtt eng Grauzone couvriert, iwwert déi mer normalerweis net schwätzen.

Dir Dammen an Dir Hären, an deem Kader hëlt d'Lëtzebuerg Sprooch eng wichteg Plaz an, an ech wollt trotzdem e bësse drop agoen, just well eben ëmmer nees a besonnesch an där Wahlcampagne a Virwahlcampagne dat héichgespillt gëtt, a well all méiglech Gefiller domadder verbonne ginn. Ech wollt och doduerch, dass ech et maachen, weisen, dass mir an der Chamber an och déi politesch Instanzen net nëmme elo, mä scho laang virun awer d'Wichtigkeet vun dem Lëtzebuergesch als Deel vun der Lëtzebuerg Identitéit - soen ech - erkannt haten.

Ech hat an der Introduction schon drop higewisen, wéi d'Lëtzebuerg Sprooch sech affirméiert huet. Schon 1994 sinn iwwregens am Centre de langues Tester an Examen ofgehal ginn. An den CLL war an den Institut bleift Member vun der internationaler Organisatioun, déi d'Kritäre fir Sproochenunterricht, -niveauen an -examen ausschafft. Domadder ass also eng Garantie ginn, dass déi Coursen, an deem Fall och d'Lëtzebuergesch-Coursen, an de Schoulbicher natierlech internationale Standarden entsprechen.

Den Institut huet och elo als Charge, fir déi Tester ofzehale fir déi Leit, déi d'Nationalitéit wëlle kréien.

Ee Wuert zu de Kompetenzen, déi mussen erreecht ginn, well mer do ëmmer mat Buschtawen a mat Bezeechnungen operéieren, ënnert deenen d'Leit sech nãischt oder nëmme schwéier eppes virstelle kënnen. Et muss een hinnen erklären hei op der Tribün: Den Niveau B1 am mëndleche Sproochverständnis an den Niveau A2 am aktive Sproochgebrauch ginn ugestriift. An d'Diplomer, déi ausgestellt ginn um Institut, reeche vum Niveau A2 bis zu C1.

An dréitens, nach eng Remarque am Kontext Lëtzebuergesch: Den Institut offréiert dann didaktesch Coursen am Lëtzebuergesch fir Leit, déi Lëtzebuergesch wëllen enseignéieren, an déi Coursé ginn net nëmme fir Lëtzebuerg opgemaach, mä och fir Leit aus der Grande Région. Mir hu jo gesot kritt, dass och do eng Demande do wär.

Den Diplom „Lëtzebuerg Sprooch a Kultur“ heescht dann elo „Zertifikat Lëtzebuerg Sprooch a Kultur“. Den Institut mat der Uni bereet d'Leit op deesen Certificat vir an hält d'Examen of.

Wat gëtt geléiert? Éischtens, d'Elementer vun der Sprooch, Orthographie, Linguistik, etc., mä awer och - ech widderhuelen et - d'lëtzebuergesch Geschicht, d'lëtzebuergesch Kultur, d'Strukture bref vun Land. Et ass och e Cours de civilisation, deen do offréiert gëtt. A mat deem Certificat dierf een dann enseignéieren.

De fënneften Aspekt fënnt sech jo och schon am Titel erëm. Et gëtt mat deem Gesetz e Professorat an der Lëtzebuerg Sprooch geschaf. De Professor vum Lëtzebuergesch kritt e Statut wéi seng Kollegen, déi am Secondaire Schoul halen. De Professor am Lëtzebuergesch muss och déiselwecht Studië maachen; Studien en littérature. Déi Professere bereeden dann op den Certificat vir, vun deem mer geschwat hunn.

Wéi geet et? Wéi gëtt ee Professor am Lëtzebuergesch? Virbedéngung ass e Bachelor-Diplom a Sproochen a Literatur, an duerno e Master-Diplom an der Lëtzebuerg Sprooch a Literatur, gefollegt da vun engem Stage pédagogique, esou wéi dat fir déi aner Kollegen aus dem Enseignement secondaire gëllt.

De Statsrot hat e puer interessant Remarques zu deem Projet gemaach. Fir d'éischt hat e gesot, dass een e Lycée sollt schafen, a keen Institut. E wollt do eng parallell Struktur schafen. D'Kommissioun war anerer Meinung. Den Institut huet vill méi eng breet gefächert Missioun an och eng Struktur wéi d'Lycéeën.

Zweetens hat e widderhuelen op d'Rolleverdeelung vum Institut an der Uni Lëtzebuerg higewise bei der Ausbildung vun den Enseignanten. E wollt verhënneren an huet och verhënnert, dass den Institut en Héichschulstudium géif offréieren an Enseignanten ausbilden, déi vun der Uni sollen ausgebild ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, ech hat gesot, dass den Institut des langues eng Äntwert ass op eng Demande, déi existéiert. Eng

Demande, déi ëmmer weider zouhëlt; mat grousser Wahrscheinlechkeet zouhëlt. An et deet mer e bësse leed, dass dat äusserst wichteg Gesetz, wat och den Ofschloss ass vun enger laanger Aarbecht an der Schoulkommissioun, op déi Aart a Weis huet missen duergestallt ginn an och wahrscheinlech an der Presentatioun no baussen esou ënnergeet.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

» **Mme le Président**.- Ech soen dem Rapporteur Merci. Éischtens agedroene Riedner ass d'Madame Fabienne Gaul. Dir hutt d'Wuert.

#### Discussion générale

» **Mme Fabienne Gaul** (CSV).- Madame Presidentin, léif Kolleginnen a Kollegen, erlaabt mer fir d'éischt dem Här Rapporteur, dem honorabelen Här Jos Scheuer, villmools Merci ze soe fir säin ausféierleche schrëftleche souwuel wéi mëndleche Rapport. Ech wëll awer och vun deeser Geleeënheet profitieren, dem Jos Scheuer Merci ze soe fir déi Kompetenz an déi roueg Hand, mat där hien dees Educationskommissioun geleet huet, an där ech d'Chance hat, vum 10. Februar un derbäi ze sinn.

Dëse Projet de loi gouf, wéi scho gesot, den 23. Mee 2008 vun der Educationsministeresch Mady Delvaux-Stehres déposéiert a betrëfft den aktuelle Centre de langues, deen un de Limité vu sengem Wierken ukomm ass. Et ass net méi méiglech, d'Offer ze erweiden. An och e Plazmangel mécht et onméiglech, weider Interessenten unzehuelen. Et kéint een also op eng Manéier soen, dass de Centre de langues en Affer vu sengem eegene Succès ginn ass. An et geet elo drëm, d'Situatioun der aktueller Demande unzepassen.

Wann ee bedenkt, dass d'Zuel vun den Inscriptiounen vu 700 am Joer 1996 op 8.096 fir d'Joer 2007 eropgaang ass, da versteet ee ganz gutt, dass de Centre de langues um Enn vu sengen Capacitéiten ukomm ass. Déi meescht gefrote Sprooch am Centre de langues ass Franséisch, gefollegt vu Lëtzebuergesch, Englesch an Däitsch.

D'Lëtzebuergesch-Departement huet an deene leschte Joren awer eng ëmmer méi grouss Bedeutung kritt. Dës Situatioun ass eng logesch Suite vum Wandel vun eiser Gesellschaft. Ëmmer méi auslännesch Matbierger komme bei eis an d'Land wunnen a schaffen, a si wëllen oder mussen eis Sprooch fir hir Aarbechtsplaz léieren oder fir besser duerch den Alldag ze kommen.

D'lëtzebuergesch Sprooch ass elo zu engem wichtege Integrationsfacteur ginn. Et muss deemno Suerg gedroe ginn, dass d'lëtzebuergesch Sprooch mat deem néidege Professionalismus enseignéiert gëtt. Et sief dobäi bemierkt, dass d'Enseignanten am Lëtzebuergesch net op sougenannte Manuels de référence aus dem Ausland kënnen zrëckgräifen, mä si selwer sinn à l'origine vun deene Manuels.

Am Kontext vun Erlaange vun der Lëtzebuerg Nationalitéit kritt den Institut national des langues elo och eng weider essenziell Aufgab derbäi. An zwar ginn hei d'Examen ofgehal, déi et engem erlaben, déi lëtzebuergesch Nationalitéit ze kréien. Den Niveau, deen am Orale muss erreecht ginn, ass den Niveau B1, an am Verständnes muss een den Niveau A2 erreecht hunn. An deem Kontext gëtt och den Diplom Lëtzebuergesch als Friemsprooch geschaf.

Dëse Projet de loi schreift sech also an eng ganz Rei vu Beméiungen, déi der lëtzebuergescher Sprooch méi Bedeutung zoukomme loossen. D'Gesetz vum Congé linguistique war an deem Domän e ganz wichtege Schrëtt, deen et den auslännesche Matbierger méi einfach mécht, eis Sprooch ze léieren. Et weess jiddwereen, dass et sech besser zesummelieft, wa jiddwereen déiselwecht Sprooch schwätzt.

An do, wou et net méiglech ass, se schon als Kand duerch d'Schoul ze integréieren, do bitt de Centre de langues dees Méiglechkeet.

Eng grouss Neierung vun deem Projet de loi ass d'Schafe vun der Fonctioun vum Professeur de langue luxembourgeoise, natierlech a Kollaboration mat der Uni Lëtzebuerg. An deem Zesummenhang gëtt och de Certificat Lëtzebuerg Sprooch a Kultur agefouert. Ech ginn net méi op déi Qualifikatiounen an, déi ee brauch, fir Professeur de langue luxembourgeoise ze ginn, well den Här Rapporteur dat schon ausféierlech duergestallt hat.

Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, niewent der Wichtigkeet, déi d'Lëtzebuerg Sprooch erlangt, droen och d'Erweiterung vun der Europäescher

Unioun an déi domadder verbonnen aner Nationalitéiten, déi an eist Land kommen, dozou bäi, dass ëmmer méi Leit u Sproochcoursen interesséiert sinn, wat jo och der Lissabon-Strategie entsprécht. Esou wäerten an Zukunft och ëmmer nees nei Sproochen derbäikommen.

All dës nei Erausforderunge maachen dës Projéit de loi N°5884 héich noutwendeg. Hie gétt dem Centre de langues, dee vun elo un Institut national des langues heescht, déi néideg Autonomie, déi et méiglech mécht, méi flexibel a méi rational ze schaffen. D'Direktioun gétt der Gréisst an der Wichtigkeet vum Institut ugepasst. Och d'Personal muss dréngend opgestockt ginn. Sou kann endlech dee laang ersehntene Bibliothekär agestellt ginn, souwéi och Informatiker an Techniciens en informatique, déi dréngend gebraucht ginn.

Am Moment bréngen nämlech schonn een oder zwee méi laang Congés de maladie alles op d'Kopp, an et gétt schwierig, den alldiegleche Fonctionnement ze assuréieren. Eng Opstockung vu Personal ass also net vu Muttwéll, mä au contraire batter néideg. Op déi Manéier ass och vläicht eng Kéier dorun ze denken, nach aner Antennen hei am Land niewent Miersch opzebauen.

Madame Presidentin, léif Kolleeginnen a Kolleegen, eng aner Eenzegaartegkeet vum Centre de langues ass och d'Heterogenitéit vun den Apprenanten. Do begéint den Affekot dem Metzler an den Direkter der Caissière, an dat vun deene verschidde Nationalitéiten a Milieuen. Esou cōtoyéiere sech am Centre de langues regelméisseg 127 verschidde Nationalitéiten an an der Annex zu Miersch sinn et der 51. Et schlësse sech hei also och wäertvoll gesellschaftlech Kontakt, wat wäit iwwert d'Léiere vun enger Sprooch erausgeet.

Den Institut national des langues gétt awer och den offizielle Centre de certification, wat d'Sproochentester an d'Examen ubelaangt. Dofir mussen d'Examen den internationale Kritären ugepasst ginn, fir dass de Sproochenniveau, deen erreicht gétt, op internationaler Ebene deeselwechte Wäert huet. Et kann awer net alles aus dem Ausland iwwerholl ginn, mä ganz villes muss op Lëtzebuerg a seng speziell Situatioun ugepasst ginn. An dës Upassung verlaangen nach vill Aarbecht.

De virleiende Projéit de loi N°5884 mécht also net nëmme aus dem Centre de langues den Institut national des langues, mä gétt virun allem der lëtzebuergescher Sprooch e ganz neie Stellwäert.

Sou stoung an engem Artikel am „Jeudi“ den 19. Mäerz 2009, dass et sech bei dësem Projéit de loi ëm e wichtegt Changeement handelt, an zwar, ech zitieren: «Un changement qui revêt une importance de premier ordre, puisque l'INL devient incontournable en matière de langue luxembourgeoise.» Et handelt sech also hei ëm e sënnevolle Projéit, deen endlech dem INL d'Méiglechkeet gétt, seng Offer der aktueller Demande unzepassen.

Et bleift mir elo näischt anescht méi, wéi lech Merci ze soe fir d'Nolauschteren, an ech bréngen dann och den Accord vun der CSV-Fraktioun zu dësem Projéit mat.

Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **Mme le Président.** - Ech soen der Madame Gaul Merci. Den nächsten geschriwwene Riedner ass den Här Berger. Här Berger, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Eugène Berger (DP).** - Merci, Madame Presidentin. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wéilt och dem Jos Scheuer als Rapporteur Merci soe fir säi Bericht. Ech wéilt him och speziell Merci soe fir säi leschte Bericht als Member vun der Éducatiounskommissioun. Ech muss och soen, hien ass scho 25 Joer, wann ech dat richtig gerechent hunn, hei an der Chamber dobäi gewiescht. E war och e bëssen de groussen Oubli vun der Ried zu der Lag vun der Natioun vum Premier, an ech wéilt duerfir hei nach eng Kéier vun dëser Plaz aus och als Member vun där Commissioun an dem annerhallwe leschte Joer him mäi Merci ausschwätze fir déi Aarbecht, déi en do gemaach huet.

Mir waren eis do schonn net ëmmer eens an alle Froen, mä en huet awer eng ganz gutt an intensiv Aarbecht gemaach, an dat verdéngt och wierklech Unerkennung.

Ech wënschen him och dann all Erfolleg a senger nächster Statioun, déi jo hoffentlech dann zu Stroosbuerg wäert sinn.

» **M. Jos Scheuer (LSAP), rapporteur.** - Här Berger, vläicht hunn ech Talent, fir mech

während 25 Joer vergiessen ze loossen. Dozou gehéiert Talent.

» **M. Eugène Berger (DP).** - Madame Presidentin, an de leschte Joren ass eng Institutioun, déi 1991 ganz kleng ugefaangen huet, gewuess a gewuess a passt haut net méi an hir Kannerschong. Rieds geet hei vum Centre de langues. D'Zuelen an d'Statistiken ënnersträchen de Succès vun deem Centre. Ech ginn elo net méi op all déi Zuelen an. Et ass hei schonn zu spéider Stonn, mir hunn nach alleguerte Verpflichtungen. Ech mengen, och do hat de Rapporteur en détail dat hei explizéiert.

De Centre de langues war jo am Ufank en Unhängsel vun der Erwuessenenausbildung an huet also dann am Laf vun de Joren duerch säi Succès och en Eegeleiw entwéckelt, an eng Reform huet sech jo dann och regelrecht opgedrängt.

Fir déi verschidde Angeboter a Coursen an dat Personal, dat ëmmer méi zahlreich ginn ass, kënnen ze géréieren a besser ze organiséieren, war et kloer, datt de Centre méi Autonomie gebraucht huet an datt en dann och elo en eegestännege Statut kritt. Domadder kann een dann och d'Base leëen, fir datt den Institut sech an Zukunft och nach ka weider dévelloppéieren.

D'Missioun an d'Aufgabe vum Institut si villfälteg. Och hei hu meng Virriedner scho ganz vill dat explizéiert. Ech wäert also och net méi dorop agoen.

Ech mengen, eng vun den Haaptaufgaben ass och schonn ënnerstrach ginn. Ech wéilt et awer och nach eng Kéier maachen. Eng vun deene grouss Missiounen vum Institut ass op alle Fall déi, datt et soll e Referenzinstitut gi fir d'Lëtzebuerg Sprooch. Dat heescht, si hunn also Lëtzebuergesch Coursen, déi se ubidden. Si halen och d'Examen of fir Tester fir d'Lëtzebuergesch Sprooch fir déi Leit, déi dann d'Lëtzebuergesch Nationalitéit wëllen ufroen, an, wat jo och eng wichteg Missioun dann ass, ass, datt se all de sëllege Leit oder de ville Leit, déi an de Gemengen oder op anere Plaz Coursen halen, och dann deen Diplom offréieren, ubidden, fir déi Formatioun kënnen ze maachen: den Diplom Lëtzebuerg Sprooch a Kultur.

Als Lescht: Och hei am Projéit de loi nach eng Kéier kuerz pour mémoire ass eben dat neit Element, datt mer elo och dann hei zu Lëtzebuerg e Professor fir Lëtzebuergesch kréien. Do ass jo och schonn erkläert ginn, datt déi Formatioun awer dann och muss Bachelor plus Master absolvéieren.

Iwwert déi technesch - fir et emol eng Kéier esou ze soen - Considéatioun eras wéilt ech awer och eng méi allgemeng Remarque ebe maachen, an zwar besonnesch déi, datt mat der Kreatioun vum INL e weidere wichtege Baustein geluecht ginn ass am Kontext vun den Efforté fir eis national Sprooch an eben dann och fir d'Integratioun vun eisen auslännesche Matbierger hei zu Lëtzebuerg.

A villen Diskussiounen, a ville Froen, och an enger Rei Gesetzer geet jo Rieds, ass d'Fro vun der Nationalitéit, ob dat elo d'Gesetz vun der Nationalitéit ass, wou och d'Lëtzebuergesch Sprooch e wichtegt Element ass, ob dat d'Froen, d'Diskussiounen si bei der Sprooch an der Schoul, am Précoce, ob dat d'Fro si bei der Formatioun, an de Betriber, Congé linguistique an esou weider, ëmmer gétt ganz zu Recht op d'Wichtigkeet vun der Lëtzebuerg Sprooch higewisen, déi soll verbannen, integréieren an net dividéieren an ausschléissen.

Dat verflucht eis also och op där anerer Säit, fir all Efforten ze maachen, fir deene Leit, déi hei zu Lëtzebuerg wëlle liewen, schaffen a sech och iwwert d'Sprooch integréieren, déi beschtméiglech Offeren unzebidden, eis Sprooch eben da kënnen ze léieren.

Et muss een och soen, datt mer hei net bei null ufänken. Ech mengen, och de Rapporteur huet dat scho gesot, well jo dann heiansdo och Leit am Virwahlkampf dat Thema wëllen ausschluuechten, mä effektiv sinn an der Vergaangenheet hei schonn och zu Lëtzebuerg vill Efforté gemaach ginn an deem Beräich. Och déi lescht Zuelen aus der Etüd Baleine vum Fernand Fehlen weisen dat jo, datt Lëtzebuergesch awer ëmmer méi Succès huet, och bei den auslännesche Matbierger, datt et och méi geschriwwen gétt, och bei eise Kanner, sief datt dat nach zum Deel SMS oder E-Mail sinn, mä awer d'Lëtzebuerg Sprooch gétt och méi geschriwwen.

Och opgrond vun där Etüd, wou ech elo net d'Detailer wäert hei explizéieren, geet ervir, datt eben déi auslännesch Matbierger och ëmmer méi interesséiert sinn an och ëmmer méi d'Lëtzebuergesch brauchen. Mä dat ass eng positiv Tendenz, déi muss weider gefördert ginn.

An deem Sënn ass dann och en INL hei e ganz wichtege Pilier. Ech wéll och duerfir hei den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projéit erabrénge.

Ech soen lech Merci.

» **Une voix.** - Très bien!

» **Mme le Président.** - Merci, Här Berger. Den nächste Riedner ass den Här Félix Braz.

» **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).** - Merci, Madame Presidentin. Ech wéll am Numm vun verhénnerte Kollege Claude Adam d'Zoustëmmung vun der grénger Fraktioun zu dësem Projéit bréngen, net awer ouni virdrun och a sengem Numm dem Här Scheuer Merci gesot ze hu fir seng Aarbecht als President vun der zoustänneger Commissioun. Ech wënschen him dann och alles Guedes a sengen nächste politeschen Auseinandersetzungen an Ambitiounen.

De Centre de langues, wéi en de Moment nach heescht, soll jo ëmgewandelt ginn an den Institut national des langues. Sënn an Zweck dovunner ass am Fong, besser outilléiert ze sinn, fir an Zukunft als seng éischt Missioun d'Lëtzebuerg Sprooch méi Leit kënnen bäizebrénge.

Fir dass dat méiglech gétt, kritt den Institut national des langues eng renforcéiert Autonomie, fir dass e sech ka méi onofhängeg, méi séier, méi flexibel entwéckelen, an och gläichzäiteg besser ka reagéieren op Changeementer an eiser Demographie, fir seng Coursé méi rapid a méi zilorientéiert kënnen unzepassen.

Dëst Gesetz erlaabt, dat, wat mer als Acquis hu vum Centre de langues, kënnen ze konsolidéieren a gläichzäiteg och am Kader vun enger Professionalisierung kënnen ze entwéckelen. D'Haaptmissiounen vum Institut national des langues bleiwen als Alleréisch d'Fäegkeet, fir erwuessene Leit Lëtzebuergesch-Coursé kënnen ze dispenséieren. Et gétt och den offiziellen Zenter, fir Zertifikatiounen ze maache fir Tester an international Examen an auslänneschen a frieme Sproochen. Et soll awer och e Centre de ressources sinn, fir am didaktesche Beräich vum Sproochenseignement kënnen ze dengen, an e soll och Alphabetisierungscoursé kënnen ubidden. Dat si seng véier Haaptmissiounen.

Dat Ganzt fénnt statt op engem Hannergrond hei zu Lëtzebuerg, wou jo an der öffentlecher Auseinandersetzung d'Lëtzebuerg Sprooch méi eng grouss Bedeitung kritt huet an de leschte Joren. Mat Momenter kritt een d'Gefill, dass eenzel Protagoniste wëllen eng Duerstellung maachen, wéi wann déi Lëtzebuerg Sprooch de Moment um Réckzuch wier, wéi wa se fragiliséiert wier.

Dobäi ass jo awer näischt anescht de Fall wéi de Contraire do dervun. Der Lëtzebuerg Sprooch geet et eigentlech immens gutt. A glécklecherweis gétt et Leit wéi de Fernand Fehlen, déi sech an de leschte Wochen a Méint och öffentlech méi mat deem Thema beschäftegt hunn, fir verschidde Impressiounen, déi ee konnt kréien och duerch international Etüden, ze redresséieren, fir kloerzemaachen, dass d'Lëtzebuerg Sprooch am Fong nach ni esou lieweg war wéi grad elo, dass nach ni esou vill Leit en chiffres absolus Lëtzebuergesch geschwat hu wéi grad elo, an dass Lëtzebuergesch besonnesch am geschriwwene Beräich net nëmme fir SMSen, mä am geschriwwene Beräich och an de Publikatiounen fir Artikelen, fir Bicher, fir Publizitéit gebraucht ginn ass oder gebraucht gétt wéi grad an dësem Moment.

Der Lëtzebuerg Sprooch geet et also ganz gutt. Et ass eng lieweg Sprooch, et ass eng dynamesch Sprooch, déi en chiffres absolus no weltwäite Standarde gekuckt natierlech vu wéineg Leit geschwat gétt, mä d'Zuel geet erop, an d'Benutzung vun der Sprooch ass méi grouss wéi fréier.

Duerfir soll een och déi Émwandlungen, déi de Centre de langues elo matmécht, net gesinn als en Opriichte vu Waffen, fir e Rempart hierzestellen, fir eppes ze verteidegen, wat bedrot wier. Et ass just de Contraire. Et ass en Instrument, wat soll flexibiliséiert ginn, fir kënnen déi positiv Entwécklung, an där d'Sprooch sech befénnt, fir kënnen déi positiv Entwécklung, an där d'Land sech och befénnt, ze begleeden a Schritt ze hale mat där méi grousser Demande. Et ass en dynamesche Prozess, e positive Prozess, an duerfir soll een dat och esou an eisen Ae gesinn, an duerfir ënnerstëtze mer och dëst Gesetz.

Mir haten nach eenzel Kritiken um Zougank zum Statut vum Professor vun der Lëtzebuerg Sprooch. Déi Kritike wëlle mer net nach eng Kéier elo opwiermen, déi sinn an

der Commissioun durgeluecht ginn. D'Resultat hu mer am Text.

Mir fannen, dass dat, an engem Wuert awer résuméiert, relativ konservativ geregelt ginn ass. Mä soit. Mir kucken, wéi dat sech entwéckelt. Et ass eng Neierung. Kommt, mir ginn der Saach och eng Chance, an dann zéie mer Bilan do dervun, grad wéi mer och sollen an eisen Aen e Bilan zéien a relativ noer Zukunft vun deenen Examen an Tester, déi elo d'Kandidate mussen ofleeën am Kader vun der Abiergerungsprozedur.

Mir hate jo do als gréng Fraktioun relativ staark Retizenzen, wat de verlaangten Niveau betrëfft, well mer fäerten, dass dat wäert riskéieren, d'Nationalitéitgesetz an der Substanz ze ënnerhiechen, dass also wéineg Leit et wäerten de Moment packen. Och do solle mer dat also am A behalen an e Bilan dovunner zéien an eventuell le cas échéant dee Constat redresséieren.

Dat gesot, bréngen ech, wéi gesot, d'Zoustëmmung vun der grénger Fraktioun zu dësem Projéit de loi.

» **Mme le Président.** - Merci, Här Braz. Domat hätt d'Regierung d'Wuert. Madame Minister, wann ech gelift.

» **Mme Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.** - Merci, Madame Presidentin. Dir Dammen an Dir Härren, och ech wéll dem Rapporteur Merci soe fir de Rapport. Et ass dee leschten, deen e mécht a senger Qualitéit als President vun der Commissioun vun der Éducation nationale. Ech wollt him och Merci soe fir déi fënnel Joer Zesummenaarbecht, wou mer gutt geschafft hunn a méi wéi 20 Projéiten duerch d'Commissioun an d'Plénière bruecht hunn. Ech mengen, dass dat e Resultat ass, wat sech ka weisen.

Merci, Här Rapporteur, a bonne Chance fir Är weider Aktivitéiten.

(**Interruptions et hilarité**)

Dat Gesetz, wat elo der Chamber virläit, huet, wéi de Rapporteur gesot huet, siwe Kapitelen, mä eigentlech sinn et zwee verschidde Themen. Dat eent ass den Institut national des langues, an dat aner ass de Professeur de luxembourgeois. Den Institut national des langues gétt de Successeur vum Centre de langues, an den Akzent läit natierlech op Institut des langues. Den Institut des langues, fannen ech, ass eng formidable Institutioun, esou wéi de Centre de langues et war, well do vill Sproochen a Leit mat alle Sproochen zesumme Coursen hunn.

D'Missiounen vun deem neien Institut gi vergréissert. Si bleiwen eng Plaz, wou Sproochen enseignéiert ginn, wou dann also och en Échange zwëschen Sproochen a Kulture soll stattfannen. Si sollen, an dat ass nei, didaktesch Ressourcen entwéckele fir den Enseignement vu Sprooch fir Adulten. Eppes, wat ëmmer méi noutwendeg gétt. An dann hu se natierlech ëmmer d'Missioun vun der Alphabetisatioun, wou mer eigentlech gehofft haten eng Kéier, déi Missioun bräicht ee fir Adulten net méi ze erfüllen, a wou mer awer gesinn, dass et och haut ëmmer noutwendeg ass, Coursé vun Alphabetisatioun unzebidden.

Dann ass de Centre, den neien Institut national des langues, e Centre de certification fir Sproochen an och fir d'Lëtzebuergesch. Dat sinn eigentlech Missiounen, déi de Centre de langues elo schonn hat, déi mer awer elo vill méi institutionaliséieren.

Ech mengen, do ass et dann derwäert, e Wuert iwwert d'Plaz vun Lëtzebuergesch am Institut national des langues ze soen. All déi Diplomer, déi de Centre de langues an deene Joren elo verginn huet, ginn eigentlech elo nei kalibriert, wann ech dat därer esou soen. Dat heescht, si ginn esou organiséiert, wéi aner Sproochen hir Tester organiséieren. Alleguerte baséiere se op dem Cadre commun européen de référence vun de Sproochen.

Ech géif soen, dass d'Lëtzebuergesch doduerjer, dass déi Tester elo eigentlech europäesch unerkannte Standarden errechen, dass et eng Maturitéit vun der Sprooch ass, déi mer domadder dokumentéieren. Ech denken, dass dat e qualitative

Sprong ass an der Entwécklung vun der Geschicht vun der Lëtzebuurger Sprooch.

Derniewent stellt den Institut national des langues een Zertifikat aus, deen heescht Zertifikat Lëtzebuurger Sprooch a Kultur. Dat ass also net Lëtzebuergesch als Friemsprooch wéi déi aner Tester, mä dat ass wierklech fir Leit, déi wëlle Lëtzebuergesch enseignéieren. Net also Leit, déi an enger akademischer Carrière sinn, mä mir wëssen, dass eng immens Demande ass vu Gemengen, vun A.s.b.l.en zu Lëtzebuerg an iwwert d'Grenzen eraus, fir Lëtzebuergesch-Coursen ze offréieren. Mir hätten natierlech gär, dass mer do och eng Qualitéit kënnen ubidden. Duerfir soll den Institut national des langues zesumme mat der Uni Lëtzebuerg Coursen offréiere fir Leit, déi elo net e Master maachen am Lëtzebuergesch, mä déi gären e Label de qualité hätte vun hirer Qualifikatioun, dass déi an A.s.b.l.en, a Gemengen an iwwert d'Grenzen eraus kënnen Lëtzebuergesch-Coursen offréieren.

Dann ass profitéiert ginn, fir an dëst Gesetz eppes dranzesetzen, wat eigentlech näischt mam Institut national des langues ze dinn huet, an dat ass d'Kreatioun vun engem Professer vun Lëtzebuergesch. Mir hu Professeurs de langues Däitsch, Franséisch, Englesch, Italienesch an esou weider, mir haten ni e Professer fir d'Lëtzebuergesch. Dee gétt duerch dëst Gesetz geschaf. Et ass also logesch, dass en op deemselwechte Schema opgebaut ass wéi déi aner Professer. Et ass een, deen also iwwert de Concours rekrutéiert gétt an an eng Carrière E7 kënt.

Ech wëll just soen, dass et awer en Novum, eng Innovatioun ass an net konservativ par rapport zu deenen anere Professer, déi rekrutéiert ginn, well dat hei ass deen éischten, deen dann no Bologna-Designatioun rekrutéiert gétt, well an eisen aktuellen Texter hu mer nach ëmmer stoen, dass een, fir Professer ze ginn an der Carrière E7, e Cycle complet vu véier Joer Studië muss hunn. Do ass zwar e Projet déposiert, fir dass dat soll no Bologna ëmgeännert ginn. Vu dass de Professeur de luxembourgeois elo nei geschaf gétt, gétt dat direkt een neie Professer mat Master.

Dat sinn also déi zwee Volete vun deem wichtige Gesetz, wat effektiv fir de Centre de langues eng wichteg Etapp ass a senger Geschicht. Ech denken dat ass de Bewäis vum Succès vun all deene Leit, déi an all deene Joren do geschafft hunn, dass mer elo e Quantesprong maachen an em en neien Numm, méi eng grouss Autonomie an eng nei Struktur ginn. Duerfir wollt ech der jëtzege Responsabel, mä och all deenen, déi virdu waren an dat opgebaut hunn, villmools Merci soen an hinnen awer och wënschen, dass se déi héich Erwaardungen, déi a si gestallt ginn, dann och kënnen erfëllen.

Ech wollt nach ee Wuert soen, well esou vill iwwert d'Examen am Lëtzebuergesche geschwat ginn ass, déi elo gemaach ginn am Kader vum Nationalitéitgesetz. Bis elo waren dräi Séancë vun deenen Examen. An all Séance waren ongeféier 100 Leit, déi sech ageschriwwen hunn. Muer ass déi véiert Séance. An am Juli sinn direkt véier Deeg Examen, well eng ganz grouss Demande ass fir Leit, déi déi Exame wëlle maachen, fir d'Duebel- oder d'Nationalitéit ze kréien. Dat ass also och e Bewäis, dass de jëtzege Centre de langues an den zukünftigen Institut national des langues vill Aarbecht huet an e groussen Zoufluss.

Duerfir soen ech lech alleguerte Merci fir d'Unanimitéit, dass dat Gesetz hei, vläicht net haut, awer dann d'nächst Woch ka gestëmmt ginn.

Villmools Merci.

» Plusieus voix. - Très bien!

» Mme le Président. - Merci, Madame Delvaux. Domat ass d'Diskussioun vun deem Projet de loi iwwert d'Schafung vun engem Institut des langues ofgeschloss, a mir kommen dann zum nächste Punkt vum Ordre du jour. Do geet et ëm de Projet de loi 5895 iwwert d'Transpositioun vun engem Direktiv 2004/48 iwwert de Respekt vun den Droits de propriété intellectuelle. D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Jos Scheuer. Et sinn age-

droen als Riedner: den Här Spautz an den Här Kox. Ech weess net, wie sech soss nach wëllt androen. Här Scheuer, Dir hutt d'Wuert.

**13. 5895 - Projet de loi portant transposition de la directive 2004/48 CE du Parlement européen et du Conseil du 29 avril 2004 relative au respect des droits de propriété intellectuelle et portant désignation des tribunaux des dessins ou modèles communautaires, et ayant pour objet de modifier:**

**- la loi modifiée du 18 avril 2001 sur les droits d'auteur, les droits voisins et bases de données**

**- la loi modifiée du 20 juillet 1992 portant modification du régime des brevets d'invention**

**Rapport de la Commission de l'Économie, de l'Énergie, des Postes et des Sports**

» M. Jos Scheuer (LSAP), rapporteur. - Merci, Madame Presidentin. Et sinn nach e puer Leit hei, an ech hoffen, dass zum Schluss vum Rapport der net manner hei sinn. Dir Dammen an Dir Hären, et ginn esou Saachen, déi verfollegen een, ech wëll net grad vu Cauchemar schwätzen, mä et ass trotzdeem bal e Cauchemar. Am Joer 1992 hunn de jëtzege Wirtschaftsminister an ech e Gesetz gemaach, wat mer haut ëmänneren.

Déi Aarbecht, déi mer bis elo gemaach hunn, war autrement méi agréabel wéi déi, déi am Joer 1992 gemaach ginn ass. An ech soen dem Wirtschaftsminister duerfir Merci an ech soen dem Här Kaufhold och Merci fir déi Aarbecht, déi hien an deemem Kontext geleescht huet. Mir haten deemools en „Monsieur brevet“, et kann een net soen, „Monsieur licence“ an deem Fall, mä ech mengen, duerch dat hei Gesetz hätt hie sech deen Titel verdéngt. Merci och dem Chambersgreffe, dee vill heizou bäigedroen huet.

Firwat ass dat, firwat déi Mercien, a firwat dat Virspill? Wann ee sech mat Brevetent ofgëtt, mat Lizenzen, wann ee sech ofgëtt mam Schutz vun intellektuelle Gidder, dann ass dat ëmmer eng immens dréche Matière, et ass eng ganz spezialiséiert, technesch Matière. Et läit an der Natur vun der Saach, dass an deem Beräich näischt einfach ass, et ass alles komplex.

Wat gétt mam Projet 5895 bezweckt? Majo, mir setzen d'Direktiv 2004/48 ëm, déi zënter dem 29. Abrëll 2004 a Kraaft ass. D'Ëmsetzen hätt misse bis zum Februar 2006 geschéien. Mir hunn awer - ech wëll dat elo ewell soen, ech kommen nach drop zrëck - den Avis vum Statsrot den 28. Abrëll 2009 kritt. D'Haaptobjektiv vun dëser Gesetzgebung besteet doranner, fir an den einzelnen EU-Länner d'Législatioun ze harmoniséieren, fir se méi no beieneen ze féieren. D'Harmoniséierung also vun der Législatioun, déi sech op d'Propriété intellectuelle bezitt.

De Schutz vun der Propriété intellectuelle ass ouni Zweifel en Element och vum Succès vun der europäescher Zesummenaarbecht. D'Propriété intellectuelle ass en Instrument, fir d'Kreativitéit an d'Innovatioun

um europäesche Plang wierklech ze fördern. Et ass en absolut noutwendeg Instrument, fir d'Propriété intellectuelle ze schützen, dofir. Ech kann elo net am Detail op dee schrëftleche Rapport agoen an ech wëll en och net hei widderhuelen, mä ech maachen e puer punktuell Remarques dozou.

Fir d'éischt nach eng Kéier eng Remarque zur Ëmsetzung vun där Direktiv. Dat, well ee soe kann, a well dat ëmmer neess widderholl gétt, et wier d'Schold vun de Lëtzebuurger, wann eng Direktiv net esou séier ëmgesat ginn ass, wéi dat hätt misse sinn. Effektiv ass den Délai ofgelaf. Lëtzebuerg ass veruerteelt ginn den 21. Februar 2008. Ech hat lech gesot, wéini de Statsrot säin Avis ofginn huet. D'Mise en demeure leeft nach bis den 23. Mee 2009. Also huet dat hei Gesetz ënner engem enormen Zäitdruck missen op den Instanzeweie bruecht ginn an och duerch d'Chamber kommen.

Mir schaffen, zweetens, net nëmmen ënner dem Drock, dem Zäitdruck, dee mer duerch eis Prozeduren hunn, mä mir schaffen an deemem Domän och a Koordinatioun mat de Belsch a mat de Franzosen, déi allerdéngs scho méi fréi ëmgesat hunn. Dës Zesummenaarbecht féiert mech zu enger zweeter Remarque, déi ech maache wëll an déi och an der Kommissioun diskutéiert ginn ass. D'Kommissioun huet nämlech festgestallt, dass d'Terminologie an de Gesetzestexten an deemem Domän net uniform ass, ergo och net eendeitig ass.

Zweetens ass bemierkt ginn, dass d'Kompetenze vun de Geriichter am Kontext vum Schutz vun der Propriété intellectuelle och net kloer definéiert sinn. Dowéinst huet d'Kommissioun net decidéiert, mä do huet d'Kommissioun gefrot, dass d'Regierung den Droit de la propriété intellectuelle codifizéiere soll, fir méiglech Widerspréich ze eliminéieren an, ech zitieren: «de rendre le droit de la propriété intellectuelle à nouveau lisible pour le commun des mortels».

Mech stéiert just nëmmen eent doran: „lisible“ jo, mä „le commun des mortels“, zu deenen zielen ech mech och, awer ech mengen, ech wier iwwerfuerdert. Ech kënt mer awer virstellen, dass net jiddwereen heibannen déi Meenung deelt. Et ass op jidde Fall a mengen Aen eng gewoten Opfuerderung. Mäi Gott, da musse mer kucken, wéi lisibel dat gétt, wa mer codifizéieren.

Dat heite Gesetz modifizéiert elo zwee Gesetze, déi zu Lëtzebuerg existéieren. Fir d'éischt dat vum 18. Abrëll 2001, an dat Gesetz vum 20. Juli 1992, wat eng fuerchtbar schwéier Gebuert war. Net ëmgesat ginn d'Artikelen eent bis véier, a sechs bis 14 vun der Direktiv, dat brauche mer net. Interessant a wichteg ass awer och eng Deklaratioun vun der Europäescher Kommissioun, dat ass d'Deklaratioun 2005/295, an där déi Domänen opgezielt sinn, op déi sech de Begrëff „Propriété intellectuelle“ applizéiert. Déi kann een noliesen.

Et sinn der am Ganzen eelef. Mä déi Propriétéiten, déi Propriétés intellectuelles, déi opgezielt sinn, sinn net limitativ, dat heescht, do mierkt Der schon, dass dee Sektor am Floss ass an dass ëmmer Neies derbäikomme kann, an och bestëmmt Domänen wahrscheinlech nach méi differenziéiert musse gekuckt ginn, wéi dat fir de Moment de Fall ass. Ech denken un de Beräich vun der Informatik.

Schlüsselbegrëff fir d'Verständnis vun der Portée vun der Direktiv ass sécher de Begrëff „des contrefaçons à des fins commerciales“. An dat muss een... Et ass relativ schwéier ze iwwersetzen, fannen ech. Wann een zum Beispill elo vum Computer e Lidd eroffnet an dat da lauscheret, dann ass dat keng „contrefaçon à des fins commerciales“, fällt also net ënner de Verbuet, deen an deemem Gesetz aus-

geschwat gétt. Hei geet et ganz kloer ëm d'Bestrofe vu Geschäfte, déi mat geknäipte Produkter gemaach ginn; „contrefaire“ heescht jo „ouni Erlaabnis eppes no-maachen“.

Den Text dann am Résumé, ganz kuerz, just d'Kapitelen. Am éischte Kapitel ginn déi Domänen definéiert, op déi sech den Droit de propriété intellectuelle bezitt, an da gétt och definéiert, wat en Acte ass, ech zitieren „un acte perpétré à l'échelle commerciale“. Do steet eben dat dran, wat ech scho virdu gesot hunn, an do steet och e kleng Saz dran, dee wahrscheinlech awer och de Richter vill Spillraum léisst, wann da geklot gétt: Persounen ginn net bestrooft, déi „agissant de bonne foi“. Voilà.

D'Kapitel zwee bezitt sech op d'Artikelen zwee bis 14. Déi beinhalten dann d'Modifikatioun vum Gesetz vum 18. Abrëll 2001, an do hu mer virun allem diskutéiert iwwert d'Ofännerung vum Artikel 74 a vum Artikel 75 an iwwert d'Missiounen vun den zoustännegen Geriichter, déi d'Héicht vun de Strofe kënnen festleeën.

Vläicht generell nach eppes, wat mer net vum Statsrot iwwerholl hunn: De Statsrot hat proposéiert, fir den Term „Tribunal“ dranzesetzen. Mir hunn dat fale gelooss a gesot „Jurisdiction“. Mir hunn den Term „Jurisdiction“ geholl, fir den Term „Tribunal“ ze ersetzen, well am Fong den Term „Jurisdiction“ als Générique ugesi gétt vun allen Tribunaux, déi duerno méiglech sinn. Ass eng Cour och en Tribunal, etc.? Fir do erauszekommen, hu mer de Générique „Jurisdiction“ geholl.

D'drëtt Kapitel dann, Artikel 15 bis Artikel 21. Do gétt d'Gesetz vum 20. Juli 1992 ëmgeännert, an do gétt et eng wichteg Ajoute, déi do bäikomm ass. Et ass ganz schwéier, eng Iwwersetzung ze fannen dofir: Am Fall vun enger bewisener Fälschung muss op d'mannst déi Zomm bezuelt ginn, déi bei enger legaler Benetzung als Benefiss erauskomm wier. Dat ass e Minimum, deen erreecht gi muss. Also et gétt net eng illimitéiert Strof an de Raum gesat.

D'Kapitel véier bezitt sech op d'Artikelen 22 bis 30. Hei ginn d'Procédures judiciaires opgezielt an d'Rechter an d'Kompetenze vun de Geriichter. An deemem Fall kënt ee soen: d'Rechter an d'Flichte vun de Geriichter.

Am fënnefte Kapitel gétt prezis gesot, dass den Tribunal d'arrondissement vu Lëtzebuerg als éischt Instanz bei Recours géint eng Veruerteelung wéinst Verstéiss géint dat Gesetz, géint de Règlement Nummer sechs, zoustänneg ass, an d'Cour d'appel ass dann och d'Instance d'appel.

Voilà, dat zu deemem Gesetz. Dat war mäi politesche Schwanesang. Ech hätt mer en am Fong méi schéi virgestallt an der Chamber, an op eng méi einfach, méi volkstümlech, verständlech Aart a Weis. Mä des Aarbecht war wéi 1992 kee Cauchemar, a wann ee schon an der Chamber ass a wann ee Gesetze mécht, da muss een och déi Aarbechte maachen, déi ufalen. Dat ass esou. Op Latäin géif ee soen: Dura lex, sed lex.

Voilà, ech soen lech Merci fir d'Nolauscheren.

» Plusieus voix. - Très bien!

» Mme le Président. - Merci dem Rapporteur. Éischten agedroene Riedner ass den Här Spautz. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

**Discussion générale**

» M. Marc Spautz (CSV). - Madame President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Propriété intellectuelle an d'Brevetent, wou de Rapporteur, de Jos Scheuer, elo grad hei d'Gesetz virgestallt huet, dat ass d'Direktiv



Chambre  
des Députés

L U X E M B O U R G

d'Chamber online op  
**www.chd.lu**

vun 2004. En huet och drop higewisen, dass et d'Ëmännerung vum Gesetz ass vun 2001 respektiv vun 1992. Menges Wëssens, Här Minister, si mer elo déi Lescht an der Europäescher Unioun, déi déi Direktiv ëmsetzen. Mä et war awer och eng schwéier an eng komplizéiert Aarbecht, an de Kolleg Jos Scheuer huet jo och nach eng Kéier ënnerstrach, wéi schwéier et war bei där Matière, déi alles anescht wéi einfach ass.

Et ass eng héich technesch Matière, an duerfir dem Jos Scheuer Merci fir deen exzellente Rapport, wéi ech jo awer och wëll dovun profitéieren, fir Merci ze soe fir all déi Aarbecht, déi hie gemaach huet an der Wirtschaftskommissioun, an him dann „bonne chance“ wënschen an der Wirtschaftskommissioun zu Stroosbuerg.

Ech mengen awer och, dass se wichteg ass, d'Ëmsetzung vun där Direktiv, an dass dat fir d'Wirtschaft zu Lëtzebuerg eng grouss Bedeitung huet. Grad elo, an där Situatioun, wou mer eis elo befannen, ass et duerfir och wichteg, dass Lëtzebuerg déi Direktiv ëmsetzt, well eis dat och kann hëllefen, wa mer erëm eng Kéier d'Kris iwwerwonnen hunn, fir dass mer dann och do preparéiert sinn, fir och an deene Secteure kënnen mat derbäi ze sinn. Domadder ginn ech och den Accord vun der CSV-Fraktioun.

Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **Mme le Président.** - Merci dem Här Spautz. Den Här Kox huet elo d'Wuert.

» **M. Henri Kox (DÉI GRÉNG).** - Majo, ech wëll mech deene Wieder vum Här Spautz uschlëssen an dem Här Scheuer Merci soe fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport. En ass ausféierlech virdrun drop zréckkomm.

Ech wollt just op zwee Punkten agoen, déi eis wichteg schéngen. Dat Éischt ass déi Kodifizéierung, wou mer als Commissioun festgestallt hunn, dass mer awer ganz vill Gesetzter hunn, déi de Brevet an och d'Propriété intellectuelle schützen, an dass et wichteg ass, dass een dat e bëssen an eng Linn kritt, well vun dräi Juriste kritt een da véier Äntwerten, an et kënn een dann net richtig eraus.

Den zweete Volet ass en aneren, ganz wichtige aus grénger Siicht. Dat war, dass de Verstouss géint d'Propriété intellectuelle op perséinlech oder privatem Wee doheem net direkt ka stroferechtlech verfolge ginn. Dat war eis wichteg, dass dat och an deem Gesetz ausdrécklech nach eng Kéier ernimmt gëtt.

De Statsrot hat jo gemengt dat wëllen ze strächen. D'Kommissioun huet awer drop gehalen, dat dran ze loossen, well et och op de Verweis vun der Direktiv ass. Ech mengen, et ass de Considérant 14 vun der Direktiv, deen explizit dorobber ageet, an aus eiser Siicht war et ganz wichteg, dat an deem Gesetz festzhalen.

Duerfir nach eng Kéier dem Rapporteur Merci fir säin ausféierleche Bericht, an ech ginn domadder den Accord vun eiser Fraktioun.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **Mme le Président.** - Merci dem Här Kox. Dann huet den Här Castegnaro d'Wuert.

» **M. John Castegnaro (LSAP).** - Madame President, Kolleginnen a Kollegen, och ech wëll dem Rapporteur Merci soen. Hien huet et blendend fäerdeg bruecht, an där komplexer, komplizéierter Matière e flotte mëndleche Rapport hei ofzeginn, deen e bësse méi einfach a verständlech ass wéi dee schrëftlechen. Mä bëides ass noutwendeg, wann ee sech an där Matière e bësse wëllt erëmfannen. Hien huet och bis op 1992 ausgeholl, fir eis kloerzemaachen, wéi komplex d'Matière ass, a wéi laang et dann eben och gedauert huet, a wéi mer da schlussendlech ënner Drock geroode sinn, fir dann zwar als Lescht, mä ëmmerhin nach esou just dat doten ze ratifizéieren.

Et ass jo och dat, wat géllt, an et ass och gëtt, an dat hunn d'Virriedner jo gesot, dass een domat net nëmmen eng Direktiv ëmsetzt, mä dass een och eng legal Basis elo geschafen huet, déi all déi Problemer, déi sech aus där Matière erginn, eben elo behandelt respektiv d'Méiglechkeete schafft do virzegoen, wou muss virgaange ginn. Natierlech ginn ech den Accord och vun eiser Partei.

Mä ech wëll och profitéieren, fir dem Kolleg Jos Scheuer, dem honorabelen, Merci ze soe fir déi gutt Aarbecht an där an och an

anere Kommissiounen. Et ass haut och erëm eng Kéier vill iwwer Schoul geschwat ginn. Ech mengen, do si besonnesch an där Legislativ Meilesteng gesat ginn, an dorun ass hien och net onschëlleg. An esou gesinn, Jos, honorabelen, en décke Merci och vun denge Kolleginnen a Kollegen an „bonne chance“ an deem Match, deen elo virun Dir läit.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **Mme le Président.** - Merci, Här Castegnaro. An domat hätt d'Regierung d'Wuert. Den Här Wirtschaftsminister.

» **M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.** - Madame Presidentin, erlaabt mir, fir een, deen e laange Compagnon de route ass vum Jos Scheuer hei an där Chamber, och e bëssen Nostalgie ze hunn, dass hien elo geet. Besonnesch huet hie Referenz geholl op deen Episod vun 1992. Dat war eppes, wat ech duerno net méi erlieft hunn. Mir hu méintelaang dee Projet de loi ëmgeschriwwen, mä méintelaang, an all Komma!

Sengerzäit, déi Beamten oder dee Beamten, mat deem mer ze dinn haten, war wäit ewech vun de Kompetenze vun deem, wat mer haut hunn. Haut kënn Der lech op Leit stäipen, déi wierklech eng Kompetenz doranner hunn. Deemoos war dat net esou, a mir hunn et ëmgeschriwwen an haten och au départ keng Ahnung. Mä domat war een definitiv, mengen ech, qualifizéiert, fir duerno all Kéier d'Brevetsgesetz kënnen ëmzeänneren, dann, wann et noutwendeg war.

Also, Jos, dat hues de gutt gemeeschtert, an ech muss soen: „Och an deemem Projet hues de dat erëm gemaach.“ An der Chamber geet hei eppes verluer, si si sech es nach net bewosst, well si mussen elo ee sichen, deen d'Propriété intellectuelle weiderhin héichhält.

Neen, et ass eng Matière, wou mer heiansdo driwwer laachen, well se sou komplizéiert ass. Mä et ass eng ganz eescht Matière, well se baséiert jo awer trotzdeem op der Iddi, dass, wann ee muer wëllt méi Fuerschung, wann ee muer méi Innovatioun wëllt hunn, da muss een och d'Instrumenter ginn, fir dass een dat, wat een doranner stécht vu Suen, a wat do erauskënn, och ka schützen. Soss gëtt et kee Sënn.

Duerfir si mer och fiskalesch highaangen, hu fir d'Propriété intellectuelle eng ganz Rei Saache virgesinn, fir dat unzekerbelen. Wann ee seet: „Mir ginn a Richtung Fuerschung“, dann ass dat ee Saz, mä da muss een direkt hannendru soen: „Da wëlle mer awer och déi noutwendeg Moosnamen huelen, fir dat, wat mer do erausfannen, och gebührend ze schützen.“

Firwat ass et e Problem, fir esou eppes ëmzesetzen hei zu Lëtzebuerg? Mä wann Der dat an Däitschland fir 80 Milliounen Leit ëmsetzt, dann ass et genau déiselwech Aarbecht wéi hei an deemem Parlament. Et ass grad wéi mat de Steiergesetze, et ass grad déiselwech Aarbecht, egal zu wéi vill dass een ass. Mä just, dass een net d'Zuel vu Beamten huet, déi et an Däitschland oder a Frankräich op esou Dossiere gëtt. An duerfir komme mer heiansdo an de Retard.

Mä all déi, déi sech e bësse Suerge gemaach hunn, op wéi vill Retard; am Wirtschaftsministère ass déi Fuorderung..., déi fuerden ech op ze kucken, wéi vill Retard 2004 war, wéi ech dohinner komm sinn. Ech kann lech matdeelen, dass mer mat deem heite Gesetz elo kee Retard méi bei näischt hunn. Sou dass och déi lescht Konklusiounen, déi mer muer an der Regierung kucken, dass ech déi ka korrigéieren deementspriedend. Ech si frou, well et ass net ëmmer de Mérite vun engem Minister, wann ee fäerdeg bréngt, esou Direktiven ëmzesetzen. Ech hunn ebe gutt Leit dodrop an dat war meng Chance.

Fir de Rescht, Madame Presidentin, ass alles gesot. Ech géif soen, ech hunn eng kleng Erfahrung mat der Kodifizéierung elo gemaach, wat de Code de la consommation ubelaangt. Ech hat gehofft, dee géif nach duerchgoen. Dee war um Ordre du jour vum Conseil d'État de leschten Dënschdeg. En ass urplötzlech erofgeholl ginn an ass elo um Ordre du jour den 19. Ech wollt d'Chamber froen, ob se extra zesummekënn, selbstverständlech, fir de Code de la consommation ze kucken.

Mä ech wollt dem Här Kox soen, dass ech ganz sensibel sinn, fir dat ze maachen. Ech si mer es bewosst, mä mir mussen eis just eens ginn. Entweder maache mer eng Kodifizéierung, wou mer soen: „Mir maache se à droit constant. Mir kucke just d'Inkohärenzen erauszehuelen“, an dat ass wierklech dat, wat ech géif proposéieren. A mir fänken net un, de Code bei null frësch ze

schreiwen. Well wann een dat mécht, da soen ech lech: „Dat dauert 30 Joer.“ An do kennen ech nëmmen ee Minister, deen dat gutt packt, deen et 30 Joer packt.

(Hilarité)

Duerfir, dat packt awer soss keen.

Duerfir, kommt mir huelen eis eppes vir, wat een och décemment an enger Period ka maachen, déi déi fënnef Joer begräift. A beim Code de la consommation hunn ech gemierkt, dass, wann ee souguer mat villen externen Experte schafft, et nach knapps duergeet. Et ass elo op eng, zwou Wochen nach net duergaangen.

Ech hoffen, dass dat awer an der nächster Legislaturperiod hei déi Chamber ka versichen duerchzekeréieren. Duerfir, ech sinn dermat d'accord, dat ze maachen, mä kommt mir ginn eis eens, à droit constant, just d'Inkohärenzen an d'Inkonsequenzen opgrond vun der Zerstückelung erauszehuelen, mä net alles frësch schreiwen, well dann huele mer eis eppes vir, wou mer wahrscheinlech d'Lat esou héich leeën, dass mer alleguerten drënner erduerch ginn.

E lescht Wuert. Ech mengen, mir hu Rechnung gedroen dem Souci - an ech mengen, d'Chambre de Commerce an d'Chambre des Métiers sinn och net frou dodriwwer -, dass mer den Effet commercial extra ervirgestrach hunn, dass mer net ufänken, eng Juegd ze maachen, wéi dat elo e bëssen de Fall ass a Frankräich. Loosse mer net iwwerdreiwen.

Ech mengen, mir hunn hei eng Approche geholl, déi verstänneg ass, a wann eng kommerziell Notzung ass, da soll et och bestrooft ginn. Mä mir sollen net eppes offéieren, wann elo ee sengem Cousin eppes eriwergëtt, wat en erfolgeduen huet. A Lëtzebuerg hu mer ëmmer probéiert, verstänneg an esou Saachen ze sinn. An ech sinn och frou, dass mer an der Kommissioun dee Wee gaange sinn.

Nach eng Kéier, wéi gesot, Merci der Kommissioun, déi déi vill Aarbecht hei gemaach huet, an dem Lex Kaufhold a senge Leit. A fir de Rescht sinn ech frou, wa mer dat hei dann elo iwwert d'Bühn hunn, well dann hu mer dee leschte Projet, wou ech e bëssen hannendra sinn, wat d'Direktiven ubelaangt, hanneru mer.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **Mme le Président.** - Merci dem Här Minister. Domat wär d'Diskussioun vun deemem Projet de loi ofgeschloss. An da komme mer zu deem leschte Projet de loi haut um Ordre du jour. Dat ass deen iwwert d'Realisatioun vum Campus scolaire zu Miersch fir den Neie Lycée a fir de Lycée technique pour professions éducatives et sociales. Den Här Clement ass Rapporteur an ech ginn dem Här Clement d'Wuert.

## 14. 5991 - Projet de loi relatif à la réalisation du Campus scolaire de Mersch pour le Neie Lycée et pour le Lycée technique pour professions éducatives et sociales par le biais d'un partenariat public-privé

**Rapport de la Commission des Travaux publics**

» **M. Lucien Clement (CSV), rapporteur.** - Merci, Madame Presidentin. Dee Projet de loi iwwert de Bau vun deem Schoulcampus zu Miersch beim Agrocenter, iwwert dee mir haut ofstëmme sollen - mä mir wäerten dat awer net maachen, an dat aus deene bekannte Grënn -, ass u sech kee gewéinleche Bauprojet, wéi mer se bis elo ëmmer haten, mä deen éischten, deen ënnert der Prozedur vun engem PPP, engem sougenannten „private public partnership“ wäert realiséiert ginn.

Duerch dee PPP schlësst de Stat e Kontrakt mat engem private Promoteur respektiv Bauträger of, deen domadder souwuel fir d'Konzeptioun, d'Realisatioun, de Finanzement an d'Exploitatioun vum Campus Miersch responsabel gëtt.

An deemem Sënn huet de Baute-minister de virleienden Text den 12. Februar 2009 an der Chamber déposéiert. De Statsrot huet säin Avis de 5. Mee 2009 ofginn. An der parlamentaresche Bautekommissioun vum 26. März 2009 gouf ech zum Rapporteur vum Gesetzesprojet genannt. An der Sëtzung vum 5. Mee goufe souwuel dese Gesetzesprojet, den Avis vum Statsrot an de schrëftleche Rapport vum Rapporteur ugeholl.

Wat d'Prozedur ugeet, gongt alles, dat muss ech zouginn, e bësselche séier. Mä ech gesinn dese Projet, och wann e keng sechsdausender Nummer huet, dach awer als e Projet, dee sech ouni Problem an den Antikrisepak areie léisst. Dofir och d'Urgence an der Prozedur vun deemem Projet. Ech wollt dat awer soen, firwat dat alles esou séier gaang ass.

(M. Jos Scheuer prend la Présidence)

Elo ass et erëm „Här President“. Elo muss ech Uecht doen, net dass ech deen elo ver-nennen.

D'Iddi, fir den technesche Lycée fir d'Erzéiungs- a Sozialberuffer souwéi den Neie Lycée ënnert der Form vun engem PPP ze bauen, ass vum Premierminister a senger Ried zur Lag vun der Natioun den 2. Mee 2006 ugekönnegt ginn. Ufanks 2007 ass dann eng Étude de faisabilité an eng Étude économique ausgeschafft ginn, där hir Konklusioun mir den 19. respektiv de 26. Juni an der Finanz- a Bautekommissioun dann och presentéiert kruten. De 6. Juli huet de Regierungsrot dann décidéiert, de Bau vun dem Campus Miersch iwwert de Wee vun engem PPP auszuschreiwen.

D'Chamber huet hir Zoustëmmung zu deser neier Prozedur duerch eng Motioun ginn, déi den 12. Juli 2007 ofgestëmmt ginn ass, esou dass deen éischten Appel de candidature den 28. August 2007 och konnt lancéiert ginn.

Dräi Groupementer sinn an den zweeten Tour komm. An déi definitiv Offer gouf den 3. Oktober 2008 agereecht. Den Zouschlag kritt schlësslech dee Groupement, deen déi wirtschaftlechste Offer agereecht huet oder hat.

Den definitiven Zouschlag kann awer eréischt geschéien, nodeems d'Gesetz hei ofgestëmmt gouf an domat de Baute-minister dann och autoriséiert gëtt, fir den Zouschlag zu deemem Bauprojet ze ginn.

Well et deen éischte Projet vun deser Aart ass, wëll ech eng Kéier kuerz op d'Avantagë vun deem öffentlech-private Parteneriat agoen.

1. Als Éischt sief awer emol drun erënnert, dass eng vun de Missioun vum Stat ënner anere déi ass, d'Gebaier vun öffentlechem Interessi, esou wéi, zum Beispill, d'Schoulen oder d'Spideeler, dass en déi muss bauen. Dat huet de Stat an der Vergaangenheet ëmmer an Eegeregie gemaach. An Zukunft soll awer, wann d'Konklusiounen aus deemem Projet dann och positiv ausfallen, vläicht méi verstärkt oder méi dacks op privat Partner zueckgegraff ginn. Duerch e PPP léisst de Stat also öffentlech Gebaier vu privaten Entreprisé bauen a ka se duerno dann och benotzen.

D'Virdeeler vun esou enger Partnerschaft, denken ech, sinn emol déi heiten: 1. E PPP erméiglecht et, méi séier an, mir denken an hoffen och, méi bëlle ze bauen. Ausserdeem si privat Entreprisen oft méi dynamesch a vläicht méi kreativ wéi de Stat selwer, well eng privat Firma einfach mat dach aneren Décisionsweeër ze dinn huet. Décisionsweeër, déi an der Regel och méi kuerz a méi séier dierfte sinn.

2. Am Kader vun engem PPP gëtt de Pre-finanzement, d'Konzeptioun an de Bau vun engem Projet vun engem eenzege Groupement iwwerholl, deen dann och fir d'Exploitatioun an d'Gestioun vun der Infrastruktur fir déi nächst 25 Joer responsabel zeechne muss. Haut läit d'Responsabilitéit an d'Qualitéit vum Produit oder vun där geleschtere Aarbecht bei zwee respektiv zéng Joer.

3. Déi privat Firma, déi jo während 25 Joer zréckbezuel gëtt, huet all Interessi, fir eng gutt Qualitéit vum Bau a vun den techneschen Installatiounen ze suergen. An zwar op d'mannst esou laang, bis hire Kontrakt, dat heescht 25 Joer, ofleef. Ausserdeem erméiglechen am Kontrakt festgehale Strofen an e Bonus-Malus-System, dass de Stat als Benotzer e permanenten Entretien an en optimale Fonctionnement vu sengen Infrastrukture garantéiert kritt.

4. Well de Stat beim Bau vun engem PPP-Projekt keng finanziell Garantien hannerleet, ass de Finanzgroupement, dee mat der privater Entreprise zesummeschafft, ge-

zwongen, déi finanziell Ofmaachungen genee och ze iwwerpräiwen.

Am Groussen a Ganzen huet eng Virstudié erginn, dass de virleiende Projet e finanzielle Virdeel vu 6,5 bis 10% kann hu par rapport zu der traditioneller Realisatioun duerch de Stat selwer. Mä d'Analyse exacte kënne mir eréischt no der Fäerdegstellung vum Bau selwer, also Enn 2011 oder ufanks 2012 maachen.

Wat elo déi genee Bestëmmunge vum privat-öffentleche Kontrakt fir de Bau vum Campus Miersch ugeet, do sief just kuerz op folgend wichteg Punkten dann higewisen:

1. Den Terrain, deen de Stat zu Miersch kauft huet, bleift am Besëtz vum Stat selwer, gëtt der privater Entreprise awer gratis während der Dauer vum Kontrakt zur Verfügung gestallt.

2. De Kontrakt trëtt mam Datum vun der Ënnerschrëft a Kraaft an hält den 31. Dezember 2036 op.

3. Déi privat Entreprise, déi den Optrag kritt, huet oder kritt huet, muss d'Risiko vun der Belaaschtung an der Pollutioun vum Buedem zu Miersch bis zu engem Montant vun 2,5 Milliounen Euro selwer droen, wann eppes contaminéiert ass. Alles, wat iwwert dësse Chiffer ewechgeet, gëtt vum Stat iwwerhol.

4. Déi privat Entreprise verpflichtet sech, de Bau komplett ofzeschléissen.

5. Als Qualitätsstandard vum Bau vun deenen zwee Lycéeën ass de Réidener Lycée als Referenz geholl ginn.

6. Déi zwee Lycéeën mussen spéitstens 30 Méint nom Ofschluss vum Kontrakt fäerdeg sinn. Dee fréistmögliche Datum gouf dunn op de 15. Dezember 2011 festgeluecht. Gëtt de Bau vun deenen zwee Lycéeën méi spéit fäerdeg, da muss am Prinzip eng Strof bezuelt ginn. D'Lycéeën, wéi gesot, nëmmen e puer vun de Bestëmmungen, déi am Kontrakt selwer dann enthalen sinn.

Här President, souwuel den technesche Lycée fir Erzéiungs- a Sozialberuffer souwéi och den Neie Lycée brauchen nei Infrastrukturen, dat awer aus verschiddene Grënn. Deen éischten, well e fir de Moment op zwee verschidde Siten am Land opgespléckt ass an d'Schülerzuele permanent an d'Luucht ginn. Deen Neie Lycée, well

deen zu Hollerech einfach ze kleng gëtt an och provisoiresch agericht ass a well seng zukünfteg Ausrichtung virgesäit, e kompletten Zyklus bis Première unzebidde. Fir d'Detailer an dat pedagogesch Konzept vun deenen zwee Lycéeën verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport a selbstverständlech och op de Projet initial.

Ech wollt awer dat heite soen: Wann deen neie Schoulcampus zu Miersch bis fäerdeg ass, da wäerten an deem Campus, deen direkt niewent dem Agrozenter an direkt niewent der Mierscher Gare läit, eng 1.600 Schüler eng Plaz dra fannen. Op jiddwer Fall ass deen nei Site optimal un den öffentleche Stroossen- a Schinneréseau ugebonden.

Esou kënnen d'Schoulbussen iwwert den CR 138 bei d'Lycéeën kommen, während d'Zich dann op der Gare zu Miersch ukommen. Ausserdeem gouf den zukünftige Schoulcampus esou geplangt, dass en engem liewegen, oppene Komplex entsprécht, deen op engem an deemselwechte Site schoulesch, sportlech, kënschtlerech Aktivitéiten erméiglecht an och Wunnraum a Form vun engem Internat mat ubitt.

Déi architektonesche Konzeptioun vum Campus baséiert sech dann och op déi neiesten energetesch Konzepter an op de Respekt vun der Ëmwelt an der Topographie vum Terrain. Gläichzäiteg gouf opgepasst, deenen zwee Lycéeën eng spezifesch Identitéit ze ginn.

Innovativ um Projet ass, dass déi zwee Gebaier duerch eng gemeinsam Entrée matenee verbundene sinn. Déi Entrée besteet aus engem groussen glesenen Hall, deen d'Gebai horizontal a vertikal an zwee deelt. Dësse gemeinsamen Hall ass d'Kärstéck vum neie Campus, well op där enger Säit den Accès zu de gemeinsamen Infrastrukturen, déi et do gëtt vun deenen zwee Lycéeën, ass, an op där anerer Säit fir déi zwee Gebaier awer eng Trennung kloer sichtbar gemaach gëtt. Och gi Materialien aus verschiddene Faarwe benotzt, fir déi zwee Gebaier vuneneen dann och kënnen ze trennen.

Nach ee Wuert zum Finanzement: De ganze Projet, deen eng 215 Milliounen Euro wäert kaschten, gëtt jo vun deem Groupement, dat den Zouschlag kritt, virfinanzéiert an de Stat bezilt da während 25 Joer déi Suen zréck. Pi mol Daume kann ee soen, dass de Campus Miersch de Stat eng zwielf Milliounen Euro d'Joer kaschte wäert. Dës zwielf Milliounen setze sech zu engem Deel aus enger Indemnité de réalisation vun zwou Milliounen - ech loossen déi hannert dem Koma elo ewech - pro Trimester, ergo acht Milliounen pro Joer zesummen. Deen aneren Deel ass d'Indemnisation d'exploitation, déi bedréit op d'Joer héichgerechent

3,7 Milliounen Euro. Déi beinhalt all Käschte fir den Entretien, d'Renovatiounen- an d'Entretiensaarbechten, d'Botze vun de Gebaier, den Offall an och nach d'Ersetze vum informatesche Material.

De Stat allerdéngs bezilt integral d'Waasser, de Stroum an d'Heizkäschten. Am Projet de loi ass nëmmen eng Estimatioun vun deenen dräi Chargé gemaach ginn. Well een déi jo net kann am Virfeld maachen. Esou wäit si mer nach net.

Och ass nach ze erwähnen de Fait, dass de Stat d'TVA vum Bau iwwerhält an och rembourséiert. Dat ass an engem Paiement unique virgesi vu 17,1 Milliounen an dat fréistens zum 15. Dezember 2011, wann de Bau fäerdeg ass. Och behält de Stat d'Recht, fir e Remboursement partiel oder ganz e Remboursement anticipé kënne virzehuelen.

De Statsrot ass net géint dee virleiende Projet de loi, mä huet a sengem Avis eng ganz Herd vu Froen zum PPP opgeworf. Notamment zu den Avantagé vun deem PPP par rapport zu der traditioneller Virgehensweis vum Stat bei Bauprojeten.

Ech wëll dës Froen elo net alleguerten opwerfen, mä am Résumé kann ee soen, dass de Statsrot der Meinung ass, dass vill vun den ernimmten Avantagen éischter Hypothese sinn, déi an der Praxis nach mussen nogewise ginn. Dofir gesäit de Statsrot de Bau vum Campus Miersch als eng éischt Experienz an deem Beräich un, wou d'Zukunft muss weisen, ob ee bei spéidere Bauprojete méi intensiv dësse Wee kann aschloen.

Och wann de Statsrot dësse Projet approuvéiert, esou hätt en dach léiwer gesinn, dass net nëmmen einfach d'Avantagé vun deem PPP ogezielt gi wieren, mä et zu enger méi detaillierter Analys vun de Virdeeler an den eventuelle Schwachpunkte vun deem neie Finanzéierungsinstrument fir staatlech Infrastrukturen komm wier. Ausserdeem hätt e sech och eng Étude comparative tëschent dem PPP an dem traditionelle Finanzéierungssystem vu Bauprojete gewënscht. De Conseil d'État insistéiert dofir, dass déi zoustänneg staatlech Instanzen zu gegebener Zäit och Konklusiounen aus deem Projet zéie sollen.

Zu verschiddenen Artikelen vum Gesetzestext hat de Statsrot verschidde Remarqué gemaach an nei Textpropositiounen gemaach, déi mir an der Bautekommissioun alleguerten ugeholl hunn, bis op déi Remarque, dass mir bei deem Projet sollen eng Referenz op dat neit Marchés-publics-Gesetz maachen, wat mer elo dës Woch eréischt gestëmmt hunn. Dat geet awer net. Well mir hunn dat Gesetz wuel dës Woch

gestëmmt, mä et ass awer nach net am Mémorial publizéiert an deemno och nach net rechtskräfig, esou dass mer déi Remarque do net konnten unhuelen.

Och hu mir an der Kommissioun enger Opposition formelle vum Statsrot Rechnung gedroen, déi e beim Artikel 2 ausgesprach huet. De Rapport hu mir dann och gëschter Mëtteg unanime an der Chamberskommissioun ugeholl. An ech hoffen, dass de Projet och eng breet Zoustëmmung elei an der Chamber kréie wäert.

Zum Schluss wollt ech nach soen, dass de PPP fir d'CSV en interessant Instrument fir d'zukünftige Bauprojeten duerstelle kann. Virun allem, well mer an den nächste Jore quasiment vläicht gezwonge sinn, do ze spueren, wou et méiglech ass, an do, wou mer Méiglechkeeten hunn, an dofir méi genee mussen analyséieren, wou a wéi mer kënne vläicht Suen ausginn.

Ech kéint mer zum Beispill virstellen, dat wëll ech dann als Schluss soen, dass deen a leschter Zäit erëm e bësselche méi zitéierten Tram ënnert der Form vun engem PPP-Projet kéint gebaut ginn oder kéint realiséiert ginn, wat u sech vläicht vun Interesse wär fir jiddwereen, fir déi heitege Generatioun, well e jo dann disponibel ass fir déi an och fir déi zukünftige Generatioun. An déi zwou Generatiounen kéinten deemno hëllef den Tram bezuelen. Ech mengen, dat wär jo och sécherlech net esou falsch gekuckt.

An deem Sënn ginn ech dann och den Accord vu menger Fraktioun oder vun der CSV-Fraktioun an ech soen lech alleguerten nach Merci fir d'Nolauschteren.

» Plusieurs voix - Très bien!

» M. le Président - Merci, Här Clement. D'Madame Brasseur huet d'Wuert.

Discussion générale

» Mme Anne Brasseur (DP) - Merci, Här President. Dir Dammen, Dir Hären, haut kann ee sech freeë fir Miersch an déi ganz Region, well Miersch gëtt elo e Schoulzentrum, wat eng gutt Saach ass, well mer d'Schoullandschaft diversifiéieren. Ech erënnere un de Plan sectoriel «Lycées», deen awer net alles virgesinn huet. An do muss ee mat deene Plans sectoriels virsiichteg ëmgoen, well et kann een net alles esou plangen.

Well fir eng Schoul ze bauen, gehéiert méi derzou, wéi e Plang, deen theoretesch dévloppéiert ginn ass, wou een dann erausféint, wou d'Kanner hierkommen, wou se am beschte wieren, wéi et am beschten un den öffentlechen Transport ugebonden ass, mä et muss een och nach d'Terrainen

- L'actualité parlementaire sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu)
- Retrouvez vos députés, tous les textes législatifs et documents parlementaires, les émissions «Chamber aktuell» et les vidéos des séances publiques sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).
- La Chambre et les jeunes: si tu as entre 12 et 25 ans, consulte nos pages 'Junior' sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu), avec quiz, information et vidéo.



Chambre  
des Députés

L U X E M B O U R G

- L'actualité parlementaire vous intéresse? Consultez le site de la Chambre [www.chd.lu](http://www.chd.lu).
- Comment est créée la loi? Toutes les explications en texte et en images, sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).
- De la première assemblée parlementaire de 1841 à la Chambre des Députés d'aujourd'hui: retrouvez l'histoire parlementaire sur les pages «organisation et fonctionnement» de la Chambre des Députés.

[www.chd.lu](http://www.chd.lu)

# Chambre des Députés

## Compte rendu officiel

### Supplément commun aux quotidiens:

Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuenger Journal,  
Zeitung vum Lëtzebuenger Vollek

### Contenu rédactionnel:

Service du compte rendu de la Chambre des Députés  
Service des relations publiques de la Chambre des Députés  
Tél. 466 966-1

### Conception, saisie de texte et mise en page:

Polygraphic Communication SA, Differdange

### Concept et coordination générale:

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

hunn. An hei huet sech d'Opportunitéit Gott sei Dank erginn, dass Terrainen zur Verfügung stinn, fir zu Miersch déi zwee Lycéeën do ze bauen.

Mä nieft deenen zwee Lycéeën - den Neie Lycée an de Lycée technique pour professions éducatives et sociales - ass jo och nach eng Annex vum Lycée classique vum Dikrech zu Miersch, an et sinn och nach Coursé vum Centre des langues emol eng Zäitchen do ofgehale ginn. Sou dass Miersch wierklech net nëmme geographesch gutt geleeën ass tëschent der Stad an der Nordstad, mä dass et och doduerch elo en Zentrum gëtt, dee sech weider kann développéieren, well en déi Schoulaktivitéiten huet.

Ech muss soen, dass ech mech fir déi ganz Regioun do freeën, fir de Buergermeeschter Abbes Henkel an all déi Gemengen, déi ronderëm sinn. Mir hu jo och eng Nopeschgemeng, déi hei representéiert ass duerch hire Buergermeeschter, mä deen hei a senger Qualitéit als Deputéierte setzt.

Wann ee vu PPP schwätzt, da muss mer ons awer iwwer eent am Klore sinn: Et ass keen Allheilmittel. Do ass dann e Privaten, dee Sue virstreckt, an et muss een dat natierlech och rembourséieren. Dat heescht, et gëtt net fir näischt. De PPP ass net, dass mer elo fir näischt géife bauen. Sécherlech ass et net d'un coup, wou et de Budget belascht, mä et gëtt iwwer Joren e Loyer bezuelt.

An et ass och en anere Modus, well och Fonctionnementskäschte mat beinhalt sinn, wou ganz kloer opgeléicht ass, wat fir den Investisseur ass a wat anerersäits fir den Occupant ass; dat heescht, fir d'öffentlech Hand. Mä et muss ee sech awer bewosst sinn, dass dat och e Präis huet an dass dat onse jährleche Budget all Joer wäert belaschten. Et kann een dat Instrument och net onendlech strapazéieren. Ech mengen, däärs muss ee sech awer bewosst sinn. An ech mengen, dat ass sech jo och jiddwereen heibanne bewosst.

Wa mer iwwert dee Wee fueren - an d'DP ass mat deem Wee d'accord -, dann ass et, well mer duerch déi Prozeduren, déi mer hunn, déi laangwiereg a laangfristeg sinn, dass e privaten Investisseur sécherlech méi séier ka bauen, méi rapid ka bauen. Allerdéngs, de Cahier des charges ass guer net einfach opzestellen, besonnesch wann et eng éischte Kéier ass, wéi dee Wee, dee mer hei ginn, well ee muss op alles oppassen, a virun allem op eent: Dat ass op d'Qualitéit.

Et mécht ee beim PPP e Projet, deen eng gewëssen Durée huet, mä da muss een awer och als futur propriétaire sécher sinn, dass, nodeem déi Lafzäit dann ofgelaf ass, dann d'Qualitéit vun deem Gebai och nach stëmmt. Dofir ass d'Begleede vun esou engem Objet, ob dat eng Schoul ass oder en aneren Objet, och net esou einfach. Do ginn ech dervun aus, dass se am Ministère des Travaux publics sech Instrumenter ginn, fir dat do ze begleeden, well dat ass eng ganz nei Aufgab, déi an deem Kader op ons Administratioun duer wäert kommen.

Mir hunn am Moment nach keng Expertise dodran, keen Know-how dodran. Ech mengen, et soll een et probéieren. Dofir wäerte mir als DP dat do och stëmmen, mä awer genee oppassen.

Et gëtt ëmmer vun Evaluatioun geschwat. Ech weess net, wat een hei soll evaluéieren,

well mir kënnen jo net bis zum Oflaf vun der Lafzäit waarden, bis mer da Konklusiounen zéien oder ons Nofollegkonklusiounen zéien, ob et dann e richtige Schrëtt war oder net. Mä et muss ee kucke während elo der Bauphas, wéi dat leeft, wat do genee geschitt, dat genee am A halen, fir dann eventuell bei engem nächste PPP fir en nächsten Objet do den Tir ze rectificéieren an de Cahier des charges méi ze preziséieren.

Mat deene puer Remarquen, Här President, géif ech dann den Accord vun der DP-Fraktioun bréngen, dem Rapporteur Merci soen, deen och President ass vun der Travaux-publics-Kommissioun. Den Här Clement hält net op, mä ech wollt em awer Merci soe fir déi Présidence, déi en déi lescht fénnef Joer hei gemaach huet, well ech mengen, mir hunn och gutt an där Kommissioun zesummegeschafft.

Ech hoffen, dass dat, wat dann d'nächst Woch ofgestëmmt gëtt, wierklech eng nei Dynamik oder en neie Wee bréngt an déi Aart a Weis, wéi de Stat kann an Zukunft seng Infrastrukturen nach komplettéieren. Zum Ofschloss wëll ech nach eng Kéier soen, dass ech wierklech frou si fir Miersch an d'Regioun, dass dat elo e Campus scolaire gëtt.

Merci villmools.

►►► **M. le Président.** - Merci, Madame Brasseur. Da kritt den honorabelen Här Diederich d'Wuert.

►►► **M. Fernand Diederich (LSAP).** - Här President, Här Minister, léif Kolleegen, déi et nach ausgehalen hunn zu esou spéider Stonn, ech wollt éischters emol Merci soen dem Rapporteur. Dee mécht mer et einfach, datt ech ka ganz kuerz sinn. Awer och him Merci fir deen detailléierte Rapport, souwuel méndlech a besonnesch och schrëftlech, wou alles dran ass, wat de PPP ubelaangt, wat och d'Finanzen ubelaangt.

Ech wëll och Merci soen der Madame Brasseur, menger Virriednerin, fir datt se sech fret mat eis awer och aus der Stad eraus op Miersch, fir eben déi Entwécklungen, déi um Plang vun de Schoulen zu Miersch stattfannen. Ech ka mer awer elo net gutt verkäifen, fir net och e Wuert iwwert d'Géigend ze soen, déi ech awer och e bësse kennen.

Déi zwee Lycéeën vu ronn 1.600 Schüler, wéi scho gesot ginn ass, déi um Mierscher Campus implantéiert wäerte ginn, charakteriséiere sech doduerch, datt se eng eemoleg Offer och duerstellen an deem Sënn, datt se nëmme eemol an där Form am Land bestinn; wéi zum Beispill och de Lycée hôtelier zu Dikrech an och de Lycée agricole zu Ettelbréck.

Wann also d'Schüler aus deenen zwee Lycéeën aus alle Géigende vum Land kommen, ass déi zentral geographesch Lag vu grousser Wichtigkeet. De Campus Miersch läit effektiv an der Mëtt vum Land. Wann ee weess, datt viru kuerzem - an der Zeitung war et op alle Fall dokumentéiert - de genaue Mëttelpunkt op ronn zwee Kilometer am Pettener Bësch festgeluecht ginn ass.

No der Fäerdegstellung vun der Nordstrooss ass de Site um Stroossewee gutt ze errechen. Hie läit och direkt un der Eisebunnsliin Lëtzebuerg-Ettelbréck, no bei der Gare, no beim Zentrum, awer net direkt am Kontakt mam Wunnegebitt. De Schoultransport gëtt och mat Bussen

assuréiert; et ass jo drop higewise ginn. D'Gare routière läit no bei der Haaptentree vun deenen zwee Lycéeën an erméiglecht also och een einfachen a sécheren Accès.

Wichtig ass och drop hinzewiesen, datt dese Projet dem Gedanke vun der Dezentraliséierung Rechnung dréit, woumat mer eis meeschtens an der Praxis ganz schwéierdinn. No der Kreatioun vum Uelzechtlycée zu Dummeldeng, deen eng Rei Schüler nördlech vun der Hauptstad kann opfänken, a mat der Annex Miersch vum Lycée classique Dikrech, dee scho länger Zäit zu Miersch fonctionnéiert, wäert d'Implantatioun vun deenen zwee Lycéeën de Flux vum Trafic Richtung Hauptstad reduzéieren, wat besonnesch an de Spëtzestonne fir eng Erlichterung ka surgen.

Interessant ass am Projet och, datt Synergie méiglech sinn, souwuel an der Energieversuergung, awer och zum Beispill d'gemeinsam Notzung vun enger Rei vun Infrastrukturen, besonnesch wann ee weess, datt am Neie Lycée, deen als Ganzdaagsschoul fonctionnéiert, zousätzlech Aktivitéiten ugebuete ginn, déi och iwwert déi noutwendeg Raimlechkeeten a Plaz fir Aussenanlage muss kënnen verëugen. Dëst betrëfft zum Beispill d'gemeinsam Notzung vu Spezialsäll, vu Säll fir handwierklech Aktivitéiten, fir Musek, fir audiovisuelle Montage an Dréckerel, eng Kichen, eng Bibliothék, en Amphitheater, Schoulrestauranten, eng Sportsaal an een Internat.

Här President, Här Minister, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet vum Campus Miersch stellt eng interessant, innovativ Initiatiiv duer, déi eng Beräicherung vun der Schoullandschaft an domat och vum ganze soziale Liewen am Kantonalhaaptuert, och als Centre d'attractivité haut bekannt, tëschent der Hauptstad an der Nordstad ass. Ech hoffen, datt dese Projet züeg wäert viru goen an datt mer mat deem neie Modell, wéi virgesinn, d'Aarbechte kënnen an engem Zäitraum vun 30 Méint ofschléissen.

Um Schluss ginn ech dann den Accord och vun der LSAP-Fraktioun zu diesem Projet an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

►►► **Plusieurs voix.** - Très bien!

►►► **M. le Président.** - Merci, Här Diederich. Da kritt als leschten Diskussionsriedner den Här Kox d'Wuert.

►►► **M. Henri Kox (DÉI GRÉNG).** - Ech wëll mech fir d'éischt deene Virriedner all uschléissen, déi gesot hunn, dass et wichtig ass, dass de Kanton Miersch och dee Lycée dann elo kritt. Ech schwätzen net elo als - wéi soll ech soen? - Lokalpatriot, mä als Papp vun enger Duechter, déi am Neie Lycée ass. An ech si frou, dass déi Schoul endlech dann och hire Lycée kritt an et ass och wichtig, dee Lycée weider esou auszubauen.

Ech wollt awer op zwee Punkten zrëckkommen, well dat virdu an der Ried vun Rapporteur exzellent och duergestallt ginn ass. Dat ass awer déi Geschicht mam PPP. Effektiv däärf ee sech do net ze vill erwaarden an et muss ee sech ganz virsiichteg do eruntaaschten. Et ass och gutt, dass mer elo e Modell do probéieren, dass mer dat och probéieren ëmzesetzen.

Selwer hate mer jo am Kanton Réimech e bëssen diskutéiert, esou e Projet zum Beispill zu Mondorf ze maachen, fir eng regional Schwämm ze maachen. Ech muss awer soen, dass mer op Gemengenebene do relativ schlecht opgestallt sinn, fir esou eppes unzegoen, well et dach juristesche net esou evident ass, fir souwuel den Invest wéi och de Fonctionnement an enger Kéier alles ze iwwerkucken.

D'Madame Brasseur huet virdu munech Bedenke scho gesot - et ka mech deenen nëmme uschléissen -, wann e Privé derbäi ass. Et ass jo kloer, dass dee Privé dat net aus Frieden, Freude, Eierkuchen mécht, mä éischer och fir eng Rendite ze hunn, an dass déi Rendite natierlech och an engem gewëssene Mooss muss sinn. An ech mengen, dass et awer wichtig ass, dass d'Regierung dat eng Kéier probéiert.

Ech sinn och frou, dass den Här Clement virdu esou positiv nach awer zum Tram geschwat huet. Et waren op eemol Bedenken opkomm bei eis an der Fraktioun.

(**Interruption**)

Ech hoffen, dass d'CSV weiderhi prioritär zum Tram steet, a wann de Modell PPP e Modell soll ginn an och d'Méiglechkeet opléisst, fir an déi Richtung ze goen, hutt Der sécherlech eis Ennerstëtzung. Mä et muss effektiv gekuckt ginn, ob et net en fin de compte méi deier gëtt fir de Stat wéi et a sech bréngt. Sécherlech, de Bau gëtt beschleunegt, awer ob et finanziell och fir eis opgeet, dat muss een dann nach

gesinn. Mä mir brénge selbstverständlech dann d'Zoustëmmung zu diesem Projet.

►►► **M. le Président.** - Merci, Här Kox. Da kritt d'Regierung d'Wuert, den Här Baute-minister Claude Wiseler.

►►► **M. Claude Wiseler, Ministre des Travaux publics.** - Merci, Här President. Ech wëll a sech mech uschléissen an déi Remerciementer, déi den Här Rapporteur scho krut fir déi extrem schnell Aarbecht, déi e gemaach huet, an och selbstverständlech der Kommissioun. Et ass emol nach net virkomm, datt esou schnell hei geschafft ginn ass. Mä ech muss awer soen, datt et extrem wichtig ass, well mer einfach mat deem Projet hei musse virkommen.

En net an dieser Legislaturperiod stëmmen, hätt geheescht, datt mer an dem Bau véier, fénnef Méint bis en halleft Joer verluer hätten. Wann Der wësst, wéi noutwendeg mer awer all Infrastrukturen do brauchen, ass et schon eng gutt Saach, datt mer hei d'Méiglechkeet hunn, fir virun dem Ofschluss vun dieser Legislaturperiod deen heite Projet ze maachen.

Da wollt ech net iwwert den Inhalt vun deene Gebaier schwätzen; dat ass alles am Detail gesot ginn. Vläch awer e puer Wuert iwwert déi Remarquen, déi zum PPP hei gemaach sinn. Well et effektiv fir den Travaux-publics-Ministère respektiv fir de Finanzministère déi grouss Erausforderung war, mat enger Aart a Weis un e Bau erunzegoen, wéi mer se bis elo nach ni haten.

Déi éischt Remarque, déi ech wëll dozou maachen, dat ass, datt wahrscheinlech déi schwierest Phas elo hanner eis ass. An ech muss soen: Dat war eng schwierest Phas. Ech verstinn och d'Gemengen, wa se eng Kéier probéiert hunn, op dee Wee ze goen, well se awer - wann ech mech däärf esou ausdrécken - vläch net esou équipéiert si wéi de Stat. Et ass souwuel technesch wéi juristesche net einfach. Et war och fir de Stat net einfach, fir deen hei Wee esou ze kréien, datt mer e vun allen Obstaclen ewech krut hunn.

Mir hunn zesumme mat der Éducation nationale, mat de Finanzen, den Travaux publics eis beschte Leit dorobber gesat, a mir hunn och niewendrun nach e Cabinet d'audite geholl plus en Affekotébüro, fir eis ze conseilléieren, datt mer kee Feeler maachen. Well dat Wesentlechste, dat ass, datt mer an dieser Etapp e Kontrakt hunn, dee sécher ass, dee kloer ass an dee baukloer ass fir 25 Joer, well mer all déi Fäll muss virgesinn, déi kënnen an deenen nächste 25 Joer opkommen; fir also eng kloer an eng propper Relatioun mat enger Firma ze hunn, déi eis erlaabt, ouni Sträit dat dann och korrekt hinzekréien.

Ech mengen, mir hätten dat gepackt. Mä déi nächst 25 Joer wäerten eis dat weisen. Dat ass déi éischt Remarque.

Déi zweet Remarque, dat ass déi, datt jo net onbedéngt just de Choix vum PPP eng Fro vun der Finanzéierung war. Dat och, mä awer sécherlech sinn et aner Argumenter ginn, déi fir eis wesentlech waren.

Dat éischt Argument, wat fir mech wesentlech war, dat ass, datt dat hei a sech awer elo e Wee ass, deen eis och d'Administratioun, elo wou mer esou wäit sinn, wäert entlaaschten. Mir hunn eng Smissioun gemaach oder sinn eng Prozedur elo gaangen, wou mer ee Kontrakt maachen. Iwwert déi ganz Bauzäit brauche mer elo keng öffentlech Ausschreibung méi ze maachen, well déi tout inclus ass.

Dat heescht, datt d'Administratioun vill manner belascht ass. A wann Der wësst, wat fir ee risige Programm mat deem ganze Paquet socio-économique, deen nach derbäikomm ass, se souwisou schon hat, dann ass dat fir mech och e wesentlech Element, datt mer hei manner belascht sinn.

Dat zweet Argument, dat ass, datt mer méi schnell an och méi bëlleeg wollte schaffen. Ech kommen duerno nach kuerz dorop zrëck.

An dat drëtt, dat ass, datt mer och 25 Joer eis net méi brauchen an deem Mooss ëm den Entretien ze bekëmmern; vläch de Suivi dovunner maachen. Mä vu datt et tout

inclus ass, ass och déi Aarbecht fir d'Administratioun gespuert. An den Entretien vun esou Gebaier ze maachen, dat ass näischt Evidentes. Dat brauch och e groussen Engagement.

Deen hei Kontrakt, déi hei PPPs-Prozedur ass am Fong am ale Gesetz nach gemaach ginn. Gëschter hu mer en neit Gesetz gestëmmt. Dat heescht, datt mer hei no der Procédure négociée geschafft hunn an eis och op déi Artikele beruff hunn, déi am Soumissiounstext sech op déi négociéiert Prozedur baséieren.

Wa mer an deenen nächste Méint nach esou e Projet géifen ufänken... Am neien Text, deen Der gëschter gestëmmt hutt iwwert d'Marchés publics, hu mer eng nei Prozedur, déi Dialogue compétitif heescht, déi och méi kloer dorop higeschnidden ass, déi eis erlaabt, wahrscheinlech déi ganz Prozedur nach anescht, nach besser ze cernerieren, wéi et elo an där aler war. Dat ass déi éischt Remarque.

Déi zweet Remarque. Ech weess net, ob Der lech erënnere kënn. Virun enger Rei Méint, wéi mer heimat ugefaangen hunn, mengen ech, hunn eng Rei Deputéierten, Fraktioun Bréiwer kritt, och vun de Représentantë vun den Entreprises, fir ze soen: Mä passt op, esou e PPP, deen Der macht, dat ka jo geféierlech ginn, well do kënnen

net onbedéngt Lëtzebuurger Entreprises hei op der Sait gelooss ginn. Juristes ass dat richteg; wéi bei all Soumission publique ass dat par ailleurs richteg.

Mir stellen awer elo fest, datt am Nachhinein duerch dee ganze Marché, esou wéi en ofgelaf ass, dat net de Fall ass, datt déi Konsortiumen, déi hei matgemaach hunn, sech zu engem groussen Deel aus Lëtzebuurger Betriber zesummestellen. Mir hate par ailleurs och eng Klausel an der Soumissioun, déi am Fong déi Konsortiume begënschtegt huet bis zu engem gewësenen Deel - dat war och schéi propper an dem Soumissiounstext esou agepaakt -, wa se mat petites et moyennes entreprises geschafft hunn. Ech hunn dat am Prinzip och e richteg Wee fonnt.

Elo déi wichtegst Fro: Si mer méi schnell? Si mer méi bëlleg? D'Antwort ass schwéier. Esou wéi d'Rechnungen haut sinn, kann een dovunner ausgoen, datt mer zwësche 6,5% an 10% iwwert déi 25 Joer méi bëlleg sinn. Dat soen emol d'Experten. Mä ech soen awer och kloer: Mir hunn nach net gebaut; Punkt Nummer eent.

A Punkt Nummer zwee sinn och déi Rechnungen, wat et eis da kascht hätt, wa mer et anescht gebaut hätten. Natierlech ëmmer eppes, wat mat Virsiicht ze genéissen ass. Mir hunn eis hei op Expérienzwäerter baséiert. Ech kommen zu deem Resultat. Ech schwätzen et virsiichteg un, mä ech hunn awer keen anert, fir lech ze presentéieren. Op jidde Fall kann ee soen, datt et sécher net méi deier ass, a wahrscheinlech e wéineg méi bëlleg. Mä et spuert eis keng 30, keng 40, keng 50%. Dat muss een och

wëssen.

Ass et méi schnell? Och eng Fro, déi ee ka stellen. Et ass och schwéier, déi elo ze beäntwerten, well elo si mer emol um Gesetz. Mir hunn et jo nach net gebaut. Mä wann ee kuckt, wéi d'Prozedur waren, an et gesäit een, datt awer 2006 de Premierminister am État de la nation déi Iddi lancéiert huet, datt mer Enn 2006 e Consultant emol agestallt hunn, fir ze kucken, wéi en général kéint esou e PPP ausgesinn, an datt mer schlussendlech am Juli 2007 eng Décisioun fir en Appel d'offre geholl hunn, esou stelle mer awer fest, datt mer heimat bis zum Gesetz mat enger Prozedur vun zwee an engem hallwe Joer ze dinn hunn, déi awer normalerweis bei klassesche Prozedur mindestens en halleft Joer, wann net méi, méi laang ass.

Mir sinn elo scho weider wéi mer normalerweis wären, wou mer d'Gesetz stëmme, well mer elo schon déi ganz Soumissiounsprozedur fäerdeg hunn. Et ass ausgeschriwwen. Mir kënnen de Kontrakt evaluéieren, an de Bau noch elo scho lassgoen, wou mer normalerweis no engem Gesetz eréicht d'Dossier-de-soumissionen, d'Ausschreiwunge maachen an da lassfueren.

Wann ech da kucken, wéini de Kontrakt seet, datt de Bau soll fäerdeg sinn - Dezember 2011 -, esou komme mer do op eng Zomm vu fénnef Joer, wann dann alles esou klappt, wéi et virgesinn ass. Wat awer komparativ e relativ gutt Resultat ass, fir de Bau hei fäerdeg ze kréien. Mir hu vill geschafft, fir d'Délaien erfroze kréien an deene leschte Méint bei Bâtiments publics. Mir hu

se och erfroze, vun duerchschnëttlech wou d'Gebaier alt néng, zéng Joer gebraucht hunn - verschiddener méi - op sechs, siwe Joer alt. Hei si mer bei engem Resultat vu fénnef Joer, wou alles geet. Esou datt een do och net d'Zäit kann halbéieren, mä awer trotzdem eng gutt Zäit wahrscheinlech ka gewannen.

Et kann ee keen definitive Bilan zéien. Den intermédiaire Bilan - esou wéi an der Schoulpolitik; de Bilan intermédiaire -, dee mer haut kënnen zéien, ass awer, mengen ech, bis elo positiv. Dofir sinn ech frou, datt mer déi Expérienz hei gewot hunn an datt mer kënnen weiderfueren. Den definitive Bilan géif ech gär an dräi Joer zéien, oder en aneren a menger Plaz dann zéien.

Voilà! Dat waren déi puer Saachen, déi ech wollt dozou soen. Nach eng Kéier Merci all deene Leit, déi gehollef hunn, datt mer esou schnell op deen heite Wee konnte goen, an all de Fraktiounen, déi de Projet ënnersëtzen.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister.

Da si mer um Schluss vun der Sëtzung ukomm. Ech soen den eelef Kolleegen och villmools Merci, déi eisern um Stull sëtze bliwwe sinn. Déi nächst Sëtzung si virgesi fir den 12. an den 13. vun dësem Mount. Den Ordre du jour gëtt lech schrëftlech matgedeelt.

D'Sëtzung ass opgehewen.

**(Fin de la séance publique à 20.32 heures)**

## Sommaire des séances publiques N<sup>os</sup> 50 et 51

Dépôt d'une proposition de loi page 599

5981 - Projet de loi portant approbation de la Convention sur les armes à sous-munitions, ouverte à la signature à Oslo, le 3 décembre 2008 pages 599-603

5273 - Projet de loi ayant pour objet de modifier:

1) la loi modifiée du 31 janvier 1948 relative à la réglementation de la navigation aérienne;

2) la loi modifiée du 19 mai 1999 ayant pour objet a) de réglementer l'accès au marché de l'assistance en escale à l'aéroport de Luxembourg, b) de créer un cadre réglementaire dans le domaine de la sûreté de l'aviation civile, et c) d'instituer une Direction de l'Aviation Civile;

3) la loi du 26 juillet 2002 sur la police et sur l'exploitation de l'aéroport de Luxembourg ainsi que sur la construction d'une nouvelle aérogare (suite) page 603

5905 - Projet de loi relatif à la qualification initiale et à la formation continue des conducteurs de certains véhicules routiers affectés aux transports de marchandises ou de voyageurs et modifiant la loi modifiée du 27 juillet 1993 ayant pour objet

1. le développement et la diversification économiques, et  
2. l'amélioration de la structure générale et de l'équilibre régional de l'économie (suite) page 603

5906 - Projet de loi modifiant

- la loi modifiée du 14 février 1955 concernant la réglementation de la circulation sur toutes les voies publiques,

- l'article 179 du Code d'instruction criminelle et

- l'article 40 de la loi du 22 décembre 2006 promouvant le maintien dans l'emploi et définissant des mesures spéciales en matière de sécurité sociale et de politique de l'environnement (suite) page 603

5968 - Projet de loi autorisant la reconstruction du passage supérieur situé au point kilométrique 0,858 de la ligne de Luxembourg à Kleinbettingen et amendant la loi modifiée du 10 mai 1995 relative à la gestion de l'infrastructure ferroviaire (suite) pages 603-604

5934 - Projet de loi portant

a) création de l'administration de la Nature et des Forêts

b) modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État

c) abrogation de la loi modifiée du 4 juillet 1973 portant réorganisation de l'administration des Eaux et Forêts (suite) page 604

5970 - Projet de loi portant approbation

- du Traité portant révision du Traité instituant l'Union économique Benelux, signé le 3 février 1958

- du Protocole relatif aux privilèges et immunités de l'Union Benelux

- de la Déclaration signés à La Haye, le 17 juin 2008 pages 604-607

5830 - Projet de loi organisant l'aide sociale pages 607-614  
pages 617-618

5937 - Projet de loi autorisant la participation de l'État à la construction du centre intégré pour personnes âgées à Belval-Ouest à Belvaux pages 616-617

5864 - Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés relative aux propositions de loi page 618

5979 - Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés relative à la coopération entre la Chambre des Députés et le Gouvernement en matière de politique européenne pages 618-619

5953 - Projet de loi autorisant le Gouvernement à participer au financement des

travaux nécessaires à l'évacuation et à l'épuration des eaux usées générées par les communes de la Moselle supérieure pages 619-620

5994 - Projet de loi portant fusion des communes de Clervaux, de Heinerscheid et de Munshausen pages 620-624

5947 - Projet de loi portant création et organisation du Centre de rétention et modifiant

1. le Code de la sécurité sociale,

2. la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État,

3. la loi du 29 août 2008 sur la libre circulation des personnes et l'immigration pages 624-628

5876 - Projet de loi portant organisation de l'enseignement supérieur,

- fixant les modalités du cycle d'études d'enseignement supérieur aboutissant à la délivrance du brevet de technicien supérieur;

- modifiant la loi modifiée du 4 septembre 1990 portant réforme de l'enseignement secondaire technique et de la formation professionnelle continue;

- fixant les modalités d'implantation de formations d'enseignement supérieur ou de création de filiales ou d'établissements privés ou publics sur le territoire du Grand-Duché de Luxembourg;

- abrogeant la loi du 14 août 1976 déterminant les conditions de création d'établissements privés d'enseignement supérieur pages 628-629  
page 630

5921 - Projet de loi

1) ayant pour objet la transposition de la directive 2005/36 pour ce qui est a. du régime général de reconnaissance des titres de formation et des qualifications professionnelles b. de la prestation temporaire de service

2) modifiant la loi du 17 juin 1963 ayant pour objet de protéger les titres de l'enseignement supérieur

3) abrogeant la loi du 13 juin 1992 portant a) transposition de la directive du Conseil (89/48/CEE) relative à un système général de reconnaissance des diplômes d'enseignement supérieur qui sanctionnent des formations professionnelles d'une durée minimale de trois ans; b) création d'un service de coordination pour la reconnaissance de diplômes à des fins professionnelles pages 629-631

5884 - Projet de loi portant création

a) d'un Institut national des langues

b) de la fonction de professeur de langue luxembourgeoise et portant modification a) de la loi du 19 juillet 1991 portant création d'un Service de la formation des adultes et donnant un statut légal au Centre de langues Luxembourg; b) de la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État; c) de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État pages 631-634

5895 - Projet de loi portant transposition de la directive 2004/48 CE du Parlement européen et du Conseil du 29 avril 2004 relative au respect des droits de propriété intellectuelle et portant désignation des tribunaux des dessins ou modèles communautaires, et ayant pour objet de modifier:

- la loi modifiée du 18 avril 2001 sur les droits d'auteur, les droits voisins et bases de données

- la loi modifiée du 20 juillet 1992 portant modification du régime des brevets d'invention pages 634-635

5991 - Projet de loi relatif à la réalisation du Campus scolaire de Mersch pour le Neie Lycée et pour le Lycée technique pour professions éducatives et sociales par le biais d'un partenariat public-privé pages 635-638